André Hausmann

# Aus aler Zäit

Erënnerungen aus de Virkrichsjoeren an dem II. Weltkrich



Service de Formation Socio-Familiale R.B.S.

BIBLIOTHEQUE NATIONALE · LUXEMBOURG ·

Herausgeber:

Service de Formation Socio-Familiale
RBS
20, rue de Contern
L-5955 Itzig

Fonds Luxembg.
LB
41886

2. verbesserte Auflage

Alle Rechte zur Verbreitung und Wiedergabe jeder Art sind vorbehalten.

Druck: Imprimerie Centrale

"Aus aler Zäit":

Mat dësem autobiographesche Roman an zwee Deler beschreift den Här André Hausmann séng Entwécklong vum klenge Minettsdapp "Menn" zum Duerfjong voller Iddien a Spiichten, a spéider och säi beruffleche Werdegang zum Schoulmeeschter, an enger Zäit voller Problemer, Suergen a Gefoëren.

Mir gi gewuer, wéi de Menn scho fréi eng kritesch Meenung vis à vis vun de Nazi-Okkupanten entwéckelt huet an alles drusetzt, fir sech op kee Fall an ee Krich zwéngen ze loossen, deen e fir ongerecht a verbriecheresch hält. Der Zwangsrekrutéierung kënnen hien a säi Koséng sech nëmmen duerch Ennerdauchen entzéien. An enger Stopp waarden si op d'Enn vum Krich, "dee jo net méi sou laang dauere kann", eng geféierlech Entreprise - fir déi Zwee an och fir all Bedelegt.

Wéi koum et zu dësem Buch?

Fir et direkt ze soën: Den Här Hausmann, Präsident vum Service de Formation Socio-Familiale R.B.S., hat fir d'éischt guer nët de Plang fir ee ganzt Buch ze schreiwen, mä als Mataarbechter vun der Seniorenzäitschrëft "De Schaukelstull" huet hien iwwer Joeren all dräi Méint e puer kleng Geschichten ofgeliwwert, déi besënnlech an humoristesch vu fréieren Zäiten um Duerf verzielt hun, vum Liewen op engem Bauerenhaff zu Ouljen, erfëllt vu schwéirer Aarbecht awer och mat Gemittlechkeet a Feieren.

Dunn op eemol gouf de fréiere Schoulmeeschter awer vun enger onbezwénglecher "Schreifwut" gepaakt, an huet an engem Zock eng ganz Rëtsch Kapitele beienee verfaasst, déi ëmmer mei spannend awer och ëmmer méi laang goufen. Si hu bal net méi an de Kader vun eiser klénger Seniorenzäitschrëft gepasst, an duerfir hu mir dem Här Hausmann virgeschloën, si als Buch erauszebréngen. Mir si nët wéineg stolz, fir Iech elo de reusséierten R.B.S-Projet "Aus aler Zäit" virstellen ze kënnen.

Mir bedanken eis beim Här Hausmann fir séng Gedold a séng onermiddlech Energie, a soën och dem Här Fränz Gelhausen e grousse Merci fir séng flott Zeechnungen.

Dem Lieser wënsche mir agreabel a besënnlech Stonnen!

Ilse Hardt
Service R.B.S.

Inhalt:

## Eischten Deel: Kanner- a Jugendzäit


1. De klenge Minettsdapp ........ 9
2. Am Syrdall ........ 12
3. Dem Menn séng nei Hemecht ........ 15
4. D'Beien an hiren Hunneg ........ 18
5. D'Duerfschoul, wéi se fréier war ........ 23
6. Dem Menn séng Massendéngeschcarrière ........ 29
7. De Menn an d'Autoën ........ 37
8. D'Motoriséierung setzt sech duerch ........ 41
9. D'Geliichts am Heentzenhaus ........ 48
10. D'Elektresch kënnt ........ 52
11. De Menn a säi Wello ........ 57
12. Den Onglécksvull ........ 63
13. Energieversuergung ........ 71
14. Fräizäitgestaltung am Duerf ........ 78
15. "Kromm" Fräizäitbeschäftegungen ........ 82
16. De Koséng "Schläifsteen" ........ 85
17. De Menn gët Student ........ 92
18. D'Bullettsliewen ........ 96
19. Um Wee fir Schoulmeeschter ........ 102

Inhalt:

## Zweeten Deel: Krichsjoeren


1. Den II. Weltkrich ............ 109
2. D'Normalschoul am Embroch ............ 115
3. Krich an Alldag ............ 120
4. De Krich geet weider ............ 124
5. D'Preise schloën zou! ............ 128
6. Liewe mat de Besatzer ............ 133
7. De Menn gouf nët vergiess ............ 139
8. "Kennst du Brahnau, das verlassene Nest ?" ............ 144
9. Schwéier Decisiounen ............ 151
10. Lieweg begruewen ............ 156
11. D'Liewen am Ennergrond ............ 161
12. De Menn muss plënneren ............ 167
13. Waarden op d'Amerikaner ............ 174
14. Zréck an de Beruff ............ 182
15. Krichsfinale 1944/45 ............ 187
16. E neit Liewe geet un: Houchzäitsvirberedungen ............ 198
17. E Bestiednës no alem Brauch ............ 205

Eischten Deel:

# Kanner- a Jugendzäit

Spéiderhin eréischt as de Menn gewuer gin, datt déi komesch Apparatur eng Häckselmaschin war, an datt hien deemols domm genuch war, säi Kapp tëschent déi blénkeg Schaiwe vun der Maschin ze stiechen.

Déi Geschicht mat der Häckselmaschin op der Näerdener Millen huet dem Menn séng Mamm derzou bruecht, hire Fissi nees zréck bei sech ze huelen, fir hien esou besser am An ze behalen.

Mä och zu Esch hat déi geplote Fra net elauter Freed mat hirem wibbelege Nowues. Well si nët ëmmer Zäit hat, sech ëmt hire klenge "Wibbeler" ze këmmeren, as deem d'Zäit dacks laang gin. An duerfir koum e vun Zäit zu Zäit op ganz topech Iddiën.

Sou sin d'Leit eemol virum Eckhaus op der Norbert Metz Plaz stoë bliwwen an hun entsaat an d'Luucht gekuckt. Do soutz jo nët um zwete Stack op der Fënster e klenge Bouf, an huet ganz fidel séng Bee laanscht Fassad erofbaumele gelooss. Dem Menn séng Mamm as vu Schreck bal an d'Gette gaangen, wéi op eemol ganz opgereegt eng Fra d'Trap erop gestiirmt koum, fir si op déi flott Positioun vun hirem Wibbel de Wapp opmierksam ze maachen.

Eng aner Kéier huet de Menn sech am Escher Park, wéi séng Mamm sech no séngem Ermiessen, ze laang mat Bekannten ënnerhalen huet, heemlech verzun an am Gesträichs verstoppt. An hien as eréischt aus sénger Stopp erauskomm, wéi séng Mamm an hir Bekannte verzweifelt no him gesicht an hie geruff hun.

Zu gudder Lescht huet de Menn, deen an der Tëschenzäit an d'Spillschoul goung, séng Mamm a Panik versat, wéi enges Dags zwéi Männer hien heembruecht hun, nodem si en op der Strooss opgehuewen haten. E verspelléchte Wëllosfuerer hat dee klenge Schüler mattsen op der Strooss iwwerrannt, leie gelooss a sech aus dem Stëbs gemaach.


A grousser Opregung huet dem Menn séng Mamm den Dokter Schaeftgen geruff, deen an Esch als joviale Mënschefrënd bekannt war. Besonnesch gutt huet en et mat de mannerbemëttelte Familjen an de geplote Wittfraë mat Kanner geméngt. Hien as eenzock komm an huet de Menn vun uewe bis ënnen ofgetaascht a gelauschtert, de Bols gefillt an d'Féiwer gemooss. Zu gudder Lescht huet e geschmunzt a gesot: "Et as nawwel éng Kéier gutt gaangen, dem Menn feelt weider näischt. Hien huet zwar e puer Téitschen a Bëlsen; mä hier war nëmme fatzeg erféiert a steet nach ënner Schock. Ech verschreiwen him elo Berouegongsdrëpsen; gitt déi an d'Apdikt sichen an da git Der em déi, wéi et um Rezept steet. Dir wärt gesin, mar as dee klenge Patient erëm gesond, wéi e Fësch am Waasser!"

Dem Menn séng Mamm war berouegt a wollt dem Dokter séng Visit bezuelen. Mä deen huet ofgewénkt a sot: “Äre Fissi huet Iech scho genuch erféiert, ech brauch dat nët och nach ze maachen.”

An tatsächlech, no e puer Deg war de Menn erëm sou monter, wéi viru séngem Accident. Leider sollt dat iewer nët vu laanger Dauer sin. De Menn gouf wiirklech krank an et goung him vun Dag zu Dag méi schlecht. Séng Mamm krut et op eemol mat der Angscht ze din, wéi dem Menn séng Knéien ëmmer méi wackeleg a säi Gesiicht ëmmer méi spatz goufen. Meeschtens hat e keen Honger, mä d’Flemm fir an d’Spillschoul ze goën.

Den Dokter Schaeftgen gouf erëm geruff an nodeem en de Menn grëndlech ënnersicht hat, huet e séng Stir geronschelt a sot: ”Fir de Menn as et nët gutt, dass en esou no bei der Schmelz wunnt. Et wir besser, Dir géingt mat him op d’Land zéien. Garantéiert gët de Menn dann erëm gesond!”

Dem Dokter säi gudde Rot huet tatsächlech den Ausstreech gin, fir dass dem Menn a sénger Mamm hirt Liewe sech komplett verännert hun. D’Mamm huet sech fir d'zweet bestued mat engem Wittmann, dee schon zwee Medercher aus séngem fréiere Bestiednes hat. Sou koum et, dass de Menn a séng Mamm op Oulje geplënnert sin, en typescht Bauerenduerf am idyllische Syrdall. Aus dem Stater Jéngelche gouf nees e regelrechte Bauerejong.



# 2. Am Syrdall

## D'Heentzenhaus

De Menn hat zu Ouljen, wou alles esou ganz aneschtes war, wéi zu Esch, e grousst "Betätigungsfeld", fir säi Virwëtz ze stëppelen. E Bouf vu fënnef Joër, kënnt sech an esou engem onbekannte Liewesraum natiirlech wéi e grousssen Entdecker vir. An den éischten Deg huet hien d'Scheier, de Kéistall, de Schwäistall, de Keller an de Schapp erfuerscht. Hien hat gutt Zäit, well en nët an d'Schoul huet brauchen ze goën. Zu Oulje gouf et deemols nach keng Spillschoul. Hie konnt esou an aller Härgottsrou déi geheimst Wénkele vun der Heentzeproprietéit ënnersichen. Séng Mamm war dermat beschäftegt hiren Néiëschatelier anzeriichten a séng zwou Stéifschwesteren hun an d'Schoul misse goën, well si e puer Joër méi al ware wéi de Menn.

Komescht Geschir an droleg Ariichtunge sin him bei sénger "Inspektioun" opgefall. An dobäi huet hie sech de Kapp zerbrach, zu wat een déi Saache kënnt gebrauchen: e Wann, eng al handgedriwwen Dreschmaschin, e Kelter, eng Flaus, e Fléiwel, en "Hans", eng Huwwelbänk asw. Am beschten huet him iewer de Weenche gefall, well den "Entdecker" sech virstelle konnt, dass ee mat esou engem Gefir flott de Bierg kënnt erofrullen.

Mat Respekt huet hien am Stall déi zwou riseg Kéi bekuckt an sech dobäi iwwerluegt, wou een d'Mëllech kënnt ofzapen. Och déi zwee déck Schwäin hun him gutt gefall, wa si och alt gejaut hun, wéi wa se e Messer an der Strass steechen hätten. Do waren d'Hénger an d'Inten him dach nach méi sympathësch. Virun allem dee stolzen Hunn mat sénger décker, rouder Kräit um Kapp, a séngem laange Fiederschwanz, deen op an of gewippt as, wa säi Besëtzer majestätesch mattsen ënnert séngem Héngervollek getrëppelt as.

Mam struppege "Waldi" stoung de Menn och geschwënn op guddem Fouss, well hien deem hongrege Wiechter beim Haus alt heemlech e gudde Maufel aus der Kichen hannert d'Haus gedroën huet, ouni dass een et anuecht geholl hätt. Well soss wir hie Schëmmel a Bless vernannt gin.

Wann d'Mëttegiesse fäerdeg war, huet säi Stéifpapp hie geruff. An dann huet de Menn direkt gefollecht, well dem Heentzepapp - sou gouf säi Stéifpapp an der Géigend genannt - konnt nawell ganz rabiat gin, wann et néideg war. De Menn huet also elo am Heentzenhaus gewunnt. Et hat säin Numm vun engem fréiere Proprietaire, dee viru gutt 200 Joër an deem Haus gewunnt hat, Jean Heintz, alias Hoffmann geheescht an aus dem "Huemes Haus" vun Oulje gestaamt huet. (cf. Genealogische Hauschronik von Olingen, nach einem Manuskript von Pierre Ketter und verarbeitet und ergänzt von Emile Erpelding.)

## De Bannpréiter

Den "Heentz" war schon e stännege Mann a bal 20 Joër méi al wéi dem Menn séng Mamm. Hie war niewent sénger Beschäftegung als "Kräizerbauer" nach vun der Gemeng Betzder als Gemengebuet a Bannpréiter ugestallt, nieweberuflech zwar, mä ëmmerhin; hie war eng Respektspersoun an huet iwwert eng gewësse Muecht an der Gemeng verfügt.

Séng wichtegst Berufsutensilie waren e stabile Reesbengel, eng Trillerpäif an eng Spektiv. Déi huet de Bannpréiter gebraucht, wann en e Kontrolltur iwwer d'Gewan gemaach huet. Wann en dann Bouwen erwëscht huet, déi nët op hirt Véi opgepasst hun, dann huet e gepaff, dass et engem duerch Muerch a Schank goung. Da sin d'Bouwen, wéi vun enger Harespel gepickt, séier gerannt, fir hir Béischten aus dem "Schued" erauszedreiwen. Mä scho koum den Heentz erbäigerannt a wann en ee vun deene noléissege Kadetten ze pake krouch - wat iewer sele virkoum - huet en deem mat séngem Reesbengel de Boxegueder stramm gezun.

Duerno huet e Kreesch gedoë wéi e Markollef an deene verdadderte Bouwe gedret, si kréichen alleguer e Protekoll, wann dat nach eng Kéier virkéim. Dat as zwar nët dacks geschitt, well e Protekoll opsetzen, war eng komplizéiert Affär. Duerfir huet de Préiter säi Protekoll léiwer op der Plaz mat séngem Bengel ausgefëllt, anstatt doheem mat der Fieder. A komescher Weis war déizäit jideree mat deër direkter Method zefridden, d'Bouwen esou gutt wéi hir Elteren.

Den "Heentz" huet och nach de Bann vu Betzder a Bierg misse mathidden. Duerfir huet e séng Tournee och vun Zäit zu Zäit bis op déi zwee Dierfer ausgedehnt, natiirlech alles zu Fouss. Dat war nët ëmmer sou einfach, well de Préiter jannermann

kannt huet an duerfir alt emol bei engem zolitte Gespréich an engem kille Pättchen an engem vun de Betzder Wiirtshaiser, sief et beim "Hieschen", sief et beim "Steffes", hänke blouf. An esou as et virkomm, datt dee kontaktfreedege Bannhidder, en etlech "Iwwerstonnen" um Bokkel an eppes schifgelueden, spéit an der Nuecht aus dem "Déngscht" heemkoum, wou dem Menn séng Mamm hien nët grad mat Blummen iwwerheeft huet.

Enges gudden Dags hat en ale Frënd den Hentz a séngem Auto mat op Betzder geholl, fir dass en éischter an den Asaz kéim. Déi zwéin hu sech ënnerwee iewer esou gutt ënnerhalen, dass de Préiter nët anuecht geholl hat, dass se schon a Betzder era wiren.

Wéi en du iewer op eemol gesouch, dass se scho laanscht déi éischt Wiirtschaft waren, rifft en: "He, hal stall, ech si scho laanscht mäin Déngscht!"

De Frënd huet gelaacht, hält stall a seet: "Méng iewer nët, dass ech géing zréckfueren; déi honnert Meter bis bei den "Hiesche" packs de ganz sécher zu Fouss!"



# 3. Dem Menn séng nei Hemecht

## Beim Kräizerbauer

Fir de Menn, dee gewinnt war zu Esch an enger Etagewunnéng ze liewen, huet d'Heentzenhaus zu Ouljen eng ganz nei Welt bedeit. Obschon et am Haus guer keng Kammouditéiten an och kee Confort gouf - als eenzeg modern Ariichtung, déi d'Wunngewunneschte vum spéide Mëttelalter ennerscheed hun, war e Waasserleitungskrunn an der Kichen - war et fir de Menn dach eng spannend Expeditioun, fir d'Heentzenhaus vun uewe bis ënnen a ronderëm an allen Detailler ze erfuerschen.

Virum Haus war en Häffchen, an deem an der Mëtt, vun der Stross aus mat enger décker Permangsmauer enigermoosse verstoppt, e gewaltege Mëschtekoup louch, deen allerdéngs och nach lénks a riets diskret vun zwou niddrege Maierche agebäert war. Nëmme no vir, zum Kéistall zou, louch d'Mëschtekaul offen, fir et méi liicht ze maachen, d'Mëscht direkt aus dem Kéistall dohinner ze kieren, an och fir engem Bauer ze erlaben, no un de Koup erunzekommen, wann en de Wanter d'Mëscht sollt mat engem Greef oplueden, fir se mat séngem Päerdsteimer op d'Gewan ze bréngen.

Eng gutt Parti vun der Mëscht gouf iewer den Hierscht mat enger Schubkar hannert d'Haus an dee grousse Gaart gefouert, wou se d'Fréijoër sollt agegruewe gin. De Gaart louch an engem zimlech géien Hank, duerch deen an der Mëtt e Pad gefouert huet, deen zu béide Säite mat enger niddreger, schéi geschniddener Pällemhéck, gesämt war. Dëse Mëschttransport huet de Menn schon a jonke Jore gehollef duerchféieren. Wann d'Schubkar schlubbervoll Mëscht louch, huet dem Menn säi Stéifpapp d'Gefier un den zwéin Handgrëffer ugepaakt a gedréckt esou fest e konnt. De Menn iewer huet e Seel, dat vir un der Schubkar festgemaach war, ugepaakt, an de biergop gezun, dass d'Schwaart em gekraacht huet.

Sou hun déi zwéin et da geschafft, déi immens Laascht bis uewen an de Gaart ze bréngen. Wéi de Menn méi grouss gouf, hat hie meeschtens d'Eier, d'Mëscht eleng an de Gaart ze féieren, well de Stéifpapp schon an den Alter koum a séng Kräfte nogelooss hun, iwwerdeems dem Menn séng um wuesse waren.

Den Häffche virum Haus war, wéi scho gesot, mat enger décker Mauer vun der Strooss getrennt, an op der Mauer war en Eisegelänner ubruecht, un deem a regelméissegen Ofstänn vun ongeféier 15 cm eng Eisestaang, déi uewe spatz war, wéi en Dollech, senkrecht an d'Luucht stong. Dat war natiirlech eng geféierlech Ariichtung, an et war kengem unzeroden iwwer dat Gelänner ze klammen. Gott sei Dank ass ni en eeschtlecht Ongléck duurch dat ongemällecht Gelänner geschitt. Spéiderhin, wéi de Menn méi grouss a staark gouf, huet hie sech dru gin, fir enger Eisestaang no der anerer mat enger Eisefeil uewen d'Spëtzt ofzereiwen, well dat Gelänner him ëmmer virkoum, wéi e Foltergerät aus enger mëttelalterlecher Buurg.

Fir bei d'fiischt Dir vum Haus ze kommen, war riicht virdrun an der Mauer eng Eisepäärtchen, vu wou aus e paweete Passage bei d'Haustrap gefouert huet. A virun der Scheier war eng breet Eisepaart an der Mauer agebaut, déi nëmme ganz opgemaach gouf, wann am Heemount d'Hee, am Karschnatz d'Fruucht, an ugangs Hierscht de Groum an d'Scheier gefouert, oder am Wanter d'Mëschtekaul eidel gemaach gouf.

Niewen der Scheierpaart stung en héige Spaléierbam - e Birebam - deem séng Äscht ganz symetresch laanscht d'Mauer vum Schwäistall geleet gi waren, an deen ze soën all Joër déi bescht Bire vun der Welt gedroën huet. Ech mengen de Menn hat deër aparter Biren all Joër op séngem Neklosteller leien, well si goufen am Heentzenhaus versuergt wéi Gold.

Op der anerer Säit vum Häffche war e Virgaart ugeluecht, dee mat Drot agemaach war, fir dass d'Hénger nët dra kéimen. Ronderëm laanscht den Drot war eng "Plate-bande", déi voll Blumme stong an och en etlech héichstämmeg Rousestäck opgewisen huet. Dat waren am Fong wëll Spackelter, déi de Menn a säi Stéifpapp an den Hecken op der Gewan fond a mat de Wuerzelen ausgegruewen haten, fir se am Virgärtchen unzeplanzen. Wa se gutt ugewues waren, goufe se mat enger Gamm vun engem geziichte Rousestack gepraff. A wann déi Operatioun gutt gelonge war, koumen am nächste Joër wonnerschéi Rousen un de Stack. An doriwwer waren de Menn an de Stéifpapp nët wéineg houfreg.

D'Fréijoër an de Summer, wann d'Blummen a voller Bléi stungen, an d'Rousen an de schéinste Faarwe geliicht hun, war de Gäärtche virum Heentzenhaus eng gällech Pracht an dem Menn sénger Mamm hire gréisste Stolz. Op deene véier méi héige Säitepilieren niewent de Paarten hat si Betongskiwwelen opbaue gelooss, aus deenen de Summer, bis wäit an den Hierscht eran, rout oder rosa Geranien erofgehaangen, an dem Heentzenhaus natiirlech e besonnësche Cachet gin hun. Sou hat d'Heentzemamm elo e Stéck Natur gläich virun der Fënster vun hirem

Néieschatelier, dee se och gläich no dem Plënneren op Ouljen an der gewéinlecher Stuff ageriicht hat. Dat Stéck Natur huet hir iwwer Munches ëwechgehollef, well méi wéi eemol huet si dach dem Liewen an der Stad nogetrauert, un dat si sech zu Esch gewinnt hat.

Niewent der Plate-bande am Virgäärtche war e Pad ugeluecht, deen an enger minutiéiser Gedoldsaarbecht mat Fläschen, déi eng niewent déi aner an de Buedem agesat gi waren, ofgegrenzt war. Am Gaart selwer, an deem de beschte Buedem war, deen ee sech denke kann, as extra gutt Zalot, sin déi décksten Ennen an déi herrlechst Muerte vun der Welt gewues.

Hannert dem Virgäärtche war den Holzschapp, agequëtscht tëschent de Giëwele vum Heentzenhaus selwer an dem Nopeschhaus a Gréiwe genannt.No vir stung de Schapp op a jiddereen hat fräien Zoutrëtt. Mat Dunne war de Schapp no uewen ofgedeelt. D'Zwëscheraim vun enger Dunn zur anerer goufe mat Kouertestécker beluecht a scho war den éischte Stack ageriicht, fir all Fréijoër kënne Fäschen drop ze tässelen, an duërop en décke Koup frësch gerassent Holz ze werfen.

Ennen am Schapp huet de Menn allerhand Saachen entdeckt, déi hie besonnesch interesséiert hun. Do stung de ganze Fouerpark vum Betrib, dee praktesch den integrale Wuerentransport vum Heentzenhaus garantéiert huet. Et waren en Handweenchen, eng Stousskar, e Jabel an e Schubteimer. Laanscht d'Mauer hung eng immens Leeder, déi aus zwee laange Stämm bestung, déi mat zolitte Sprëss matenee verbonne waren. Mat deër Leder konnt een bis op den Hausdaach klammen; mee et war nët liicht, fir esou e gewaltegt Ongetüm opzeriichten.

Matten am Schapp stung nach eng kleng Leeder, déi engem et erlabt huet, op de Schapp eropzeklammen, wann een Holz gebraucht huet, fir an der Stuff ze hëtzen an an der Kichen d'Kachmaschin a Betrib ze halen.

Desweidere konnt een eng elementar Schräinerariichtung gesin: eng al Huwwelbänk mat e puer Huwwelen, Seën, eng Setzwo a Schläissmesseren, mat deenen een d'Schuel vun Dännestämm konnt erofschappen. Fir datt e Stamm iewer dobäi nët konnt rëtschen, huet een en op eng bosseg Apparatur geluecht,un deër en décken Holzhiewel war. Dee konnt ee mam Fouss erop- an erofloossen. Wann en erof war, huet e fest op den Dännestamm gedreckt an e festgehalen, sou dass e sech nët méi beweegt huet, wann e geschlass gouf.

# 4. D'Beien an hiren Hunneg

Ganz uewen am Gaart, hannert dem Heentzenhaus, stung d'Beienhaischen, dat vu wäitem bal ausgesouch, wéi de "Siwen Zwergen hirt Haus", mat elauter klenge, faarwege Fënsteren an der Fassad. Déi kleng Fënstere waren am Fong nëmme Schlëff, ëm déi grellfaarweg Hallefkreesser op d'Fassademauer opgedroë waren, fir dass d'Beien hire Stack besser erëmfanne sollten. Sou wéinegstens huet demm Menn säi Stéifpapp him dat erklärt.

Virun all Schloff war e schmuelt, hëlzent Briet, déi sougenannte Landepist montéiert, op deër d'Beie fortgeflun an och geland sin, wann se Nektar a Pollen erbäibruecht hun. Vun do aus konnten se och an hire Stack erakrauchen, deen hannert der Fassademauer stung. Doran hungen d'Waben, ëm déi et ëmmer gesummt a ramouert huet. Well do hun d'Beien hire Ros mat de sechseckege Lächer gebaut. Dueran hun se den Hunneg gedoën an ee Lach nom anere mat Wues zougedeckelt, wa se voll deër séisser Wuer waren. D'Beie wollten nämlech deen Hunneg fir de Wanter versuergen, fir dann och nach eppes ze suckelen ze hun, wa se dobausse kee Nektar méi géife fannen.

Den Heentzepapp, de Beiemann, huet rechteckeg Kadere mat dënnen Holzlate gemaach, un déi e vun uewe no ënnen e puer reng Dréit festgemaach huet. Ee waarme Summerdag huet en dann séng "Imkerausrüstung" ugedoën: e Stréihutt mat engem engmaschege Filet, dee ronderëm de Kapp bis op d'Schëlleren erofhung a Liederhänschen, déi bis un den Ielebou gereecht hun. Vir am Filet war e ronnt Lach, duerch dat hien d'Äerdepäif an de Mond konnt steechen. Déi gouf gestoppt an dann ugefaangen, fir dass den Tubaaksdamp d'Beien zréckhale sollt. Well dee Quallem huet si irgendwéi berouegt a betäubt.

Sou ausgerüst, wéi e mëttelalterlëche Ritter, as den Heentzepapp da mat séngen eidelen Hunnegkaderen an d'Beienhaischen eragaangen. Do huet en e Säitendeckel vun enger Beiekëscht opgemaach an e puermol gutt an dat fläissegt Beievollek eragedämpt, fir dass eng Parti Beie sech sollt verzéien. Dann huet et zwar ganz bedenklech dobanne gedosch an eng ganz Häerd deër äerdecher Déiere sin trotz dem Gedämps ëmhie geflun an hu sech u säi Filet, säin Hutt a säi Gezei

gesat. Mä, well de Beiepapp esou gutt geschützt war, konnt keng hie picken, obschon si anuecht geholl hun, datt hien hinnen d'Waben, voll Hunneg, ewechgeholl an déi eidel Kaderen an d'Plaz gehaangen huet.

De Menn huet d'Beien nët eeschtlech gefaart, an hie goung zimlech no bäi, fir näischt ze verpassen. Hie wousst nët, datt si esou en Dag, wou se hiren Hunneg "gestuel" kruten, apaart ugrëffeg wiren. Mä, op eemol sin e puer deër opbruechter Béischten him ganz bedrolech em d'Nues geflun an hun en eegenartegen hellen Toun vu sech gin. Eng ganz king huet sech him eenzock an d'Hoër gesat an huet versicht u säi Kapp ze kommen.

Du gouf et dem Menn dach ze domm an hien huet no séngen Ugräifer gefacht a geschloën, besonnësch no deër frecher "Zatz", déi a séngem Hoër dorëmmer gekrabbelt as. Gläichzäiteg iewer as hien ewéi de Blëtz de Gaardepad erofgerannt a séier zur hënneschter Dir an d'Wäschkichen eran, fir sech virun deene rosenen Déieren ze retten. Dobäi huet e Kreesch gedoën, wéi wann e geschluecht géif, well trotz, oder grad wéinst séngem Gefuchtels hat eng rose Bei hien an de Bak gestach. An déi ugrëffeg Louder, déi sech a séngem Hoër verwéckelt hat, huet nach ëmmer fiirchterlech gesummt.

Op dem Menn séng Kreesch hin, koum séng Mamm aus dem Atelier gerannt, fir ze gesin, wat mat hirem Fissi lass wir. Si hat déi quoklech Situation, an deër de Menn war, am Nu erfaasst an huet him gehollëf, déi verréckte Bei aus séngem Hoër ze verjoën. Duerno huet si him de Stachel aus dem Bak gezun, wuer dee freche Béischt hie gepickt hat. Déi geschwolle Plaz um Bak gouf mat Péiterséileg ageriwwen. An tatsächlech, d'Geschwill huet sech verzun a geschwënn goung et deem onerfuerene Beiemann nees besser.

An der Zwëschenzäit hat dem Menn säi Stéifpapp de Beien hir gutt gefëllte Waben ewechgeholl an se an eng Wäschbiitche geluegt. Mat deër koum en elo de Gaardepad erof an eng ganz Hällewull deër Hunnegliwweranten hannendrun. De Menn huet sech dun natiirlech séier an d'Kiche verzun.

Glécklëcherweis hat de Beiepapp e Sprayapparat mat Waasser prett do stoën. Domat huet en an der Wäschkichen dorëmmer gesprëtzt. D'Fiichtegkeet huet sech de rosenen Déiercher op d'Flileke geluegt an am Amen a Jo ware se zur hënneschter Dir eraus, an d'Wäschekiche war erëm sécher. Déi Gelackmeiert an dem ongläichen Hunnegkrich ware schlussendlech dach d'Beien. De Beiepapp huet kalbliddeg de leschten Akt an deem onfaire Kampf ofgeschloss: Et gouf geschleidert!

D'Hunnegschleider, déi um ieweschte Späicher ofgestallt war, war eppes wéi eng grouss no uewen oppen Trommel op dräi Been. Ennen an der Trommel war e Lach, dat ee mat engem blechenen Deckel ofdichte konnt. An der Schleider selwer war eng Aart Karussel mat dräi vertikale Scheiwen, déi duurchlächert waren. Uewendriwwer war eng Ariichtung montéiert, déi duerch en Zännrad mat dem Karussel verbonne war. Duurch Handundriff konnt d'Schleider rondëm gedréit gin.

Eier et mam Schleideren ugoung, huet de Beiepapp mat enger Aart breeder Forschett de Wues vun de Waben erofgeschappt. Dann huet en dräi Stéck bannen an d'Schleider eragesat an zwar op all Scheif vum Karussel eng Wab. De Menn, deen an der Zwëschenzäit séng Angscht virun de Beien deelweis iwwerwonnen hat, huet sech op eng Bänkelche gestallt, fir uewen un d'Kierb vun der Schleider ze reechen. Dann huet e gedréit, esou fest e konnt. An ëmmer méi séier huet de Karussel an der Schleider sech gedréit, an duerch d'Zentrifugalkraaft as den Hunneg aus de Wabelächer erausgeflunn, well e bei deem waarme Summerwieder ganz mëll war.

Déi pechëg Flëssegkeet huet sech ënnen an der Trommel gesammelt, a wann den Deckel opgemaach gouf, as déi wertvoll Mass déckflësseg an e Kofferemer erofgelaf. Aus dem Emer gouf den Hunneg dann a Glieser gefëllt, an déi genée e Pond gepasst huet. Den Hunneg war elo fäerdeg, fir verkaft ze gin. Je gréisser d'Zuel vun de gefëllten Hunnegglieser gouf, desto houfreger war de Beiepapp. De Wues, deen hie vun de Waben, erofgeschëppt hat, war nach ganz pechëg, well nach vill Hunneg dra war. Dee gouf op e grousse Plateau geluegt an den Heentzepapp huet e virun d'Beienhaische gedroën. Den nächsten Dag haten déi fläisseg Beien den Hunneg esou renglech aus dem Wues erausgesuckelt, dass e bal drëche war wéi Gapp.

Wann de Beiemann e gudde Koup Wues agesammelt hat, huet en en un e Käerzegéisser verkaaft an esou huet de Benefiss vum Hunneggeschäft sech nach e bëssche no uewen opgerënnt. De Beiepapp huet jhust nach misse suergen, dass séng Beien de nächste Wanter nët sollten erhéngeren. Well déi ugeschmierten Aarbechtsbeie konnten trotz hirem sprëchwiertleche Fläiss, bis de nächste Wanter nët méi genuch Nektar asammelen, fir de Beievölker hirt Iwwerliewen ze garantéieren. Duerfir huet de Beiemann hinnen Zockerwaasser missen an hire Stack setzen.

Den Zocker hun d'Imker esouguer duerch d'Vermëttelung vum Imkerverband zu engem verbëllegte Präis kritt. All Imker huet iewer missen e ganze Sak beienee kafen an den Zocker war mat enger Substanz gefierft, fir de Verbrauch dervun am Haushalt ze verhënneren.

Déi waarm Summerdeg iwwer war ëmmer e geschäftegt Dreiwen em d'Beienhaischen. Emmer an ëmmer si Beie fortgeflun an anerer si schwéier beluede mat Nektar a Pollen heemkomm. Eng Parti deër äerdecher Déierchen iewer hu missen doheem bleiwen. Si hate besonnesch Missiounen ze erfëllen.

Déi eng hun opgepasst, dass keng friem Raiber an de Beiestack erakéimen, fir hiren Hunneg ze klauen. An tatsächlech hun ëmmer erëm, besonnesch onverschimmt Harespelen, anstatt sech selwer an der Natur ze versuergen, versicht, un de Beien hir séiss Reserven ze kommen. Mä, deene meeschte vun hinnen ergung et guer nët gutt. "D'Beiepolizisten" sin ënnert Asatz vun hirem egene Liewen, iwwer déi raiberech Gesellen hirgefall an hun se zerpickt, bis se dout leie bloufen. Dann hun déi op Propretéit beduechte Beien "d'Kadaweren" aus dem Stack erausgeschleeft a virun hirem Fluglach op de Buedem eroffale geloss.

Duerfir gesouch de Menn virum Beienhaischen ëmmer souvill doudeg Harespele leien. Mä och eng Onmass doudeg Beie louch do. Wa beim Picken nämlech hire Stachel steeche blouf, oder eng Harespel si mat hirem Gëftstachel geroden hat, hun si dat meeschtens nët iwwerlieft. An esou sin ebe vill daper "Polizisten" bei hirer Aarbecht drop gaangen. Och ganz vill deër drolecher Beien, déi am Fong deenen anere guer nët geglach gun, vill méi déck waren an den Androck vu liddrege Fréisser gin hun, louchen och dout do. Aus Virwëtz huet de Menn säi Stéifpapp gefrot, op dat och wiirklech Beie wiren a wat si da gestiicht hätten, fir dass déi aner si dout gepickt hätten.

De Menn krut dun erklärt, dass et wiirklech Beie wiren an zwar Beie-männercher, déi een "Drohnen" géif nennen. Wa si hir "Pappeflichten" erfëllt hätten, géifen déi weiblech Aarbechtsbeie si entweder dout picken oder se op d'mannst aus dem Beiestack erausgeheien, well se zu näischt méi ze gebrauche wiren. An da géifen déi schwéierfälleg Drohnen vum selwe futti goën, well se nët amstand wiren, sech Fudder ze sichen. Déi ganz Drohnegeschicht koum dem Menn dach e bëssche komesch vir an huet him munnech Bedenken iwwer d'Nëtzlechkeet an de Wert vum männleche Geschlecht opkomme gelooss.

Eng Parti aner Beien hun d'Kinnigin misse fidderen, well déi keng Zäit hat, sech selwer eppes sichen ze goën. Si war nämlech ëmmer amgang, Äer an déi eidel Wabelächer ze leén. Doraus sin da jonk Beien enstanen. Erem aner Beien hu sech ganz eeschtlech ëm déi jonk Brut, a spéiderhin ëm déi jonk Beie gekëmmert. Ennert hinne war dann och gewéinlech eng jonk Kinnigin, em déi sech déi jonk Beie gesammelt hun. Elo war kee Bleiwes méi am Beiestack fir déi al Kinnigin; si huet missen eraus, soss wir et zum Krich tëschent deër jonker an deër aler Kinnigin an de jeweilegen Unhänger komm.

Déi al Kinnigin huet et also virgezun erauszefléien a mat hir eng ganz "Schwadrull" aner Beien. Dat gouf dann e fiirchterlecht Fléien a Summe virum Beienhaischen an den Heentzepapp sot: "D'Beie schwärmen! Mir mussen oppassen, datt se nët ze wäit rennen, soss gin se verluer a mir fanne se ni méi erëm!" Dann huet en séng Spray-Apparatur geholl a Waasser ënner déi äerdeg Beie gesprëtzt. Wann en da Chance hat, huet d'Kinnigin sech un den éischt beschten Aascht vun engem Bam gesat an all déi aner Beien hu sech emt si gehaangen, bis op eemol eng deck Kludder, eng gällech Drauf Beien, um Bam hung.

Da war de Beiepapp erléist. Hien as eng Beienheip aus Stréi, déi hien déi laang Wanterowender geflecht hat, siche gaangen, huet séng "Imkerausrüstung" ugedoën an da goung en ënnert de Bam, un deem de Schwaarm hung. Hien huet déi oppen Heip ënnert d'Beiekludder gehalen an e puermol géint den Aascht geklappt. An, o Wonner, op eemol as dee ganze Schwaarm an d'Beienheip gefall. Wann d'Beien an der Heip bliwwe sin, war den Heentzepapp sécher, datt d'Kinigin och derbäi war. Hien huet dann, stolz wéi e Kinnek, séng Beienheip mam Schwaarm an d'Beiekëscht ausgerëselt.

Well dee neie Schwarm nach guer kee Virrot un Hunneg hat, huet de Beiepapp hinne gläich Zockerwaasser dohinner gestallt, fir dass se nët sollten erhéngeren. An trotzdem, hien huet sech fatzeg gemengt, well hien elo ee Beievollek weider hat, dat am nächste Joër hëllefe kënnt, fir d'Hunnegproduktioun eropzesetzen.

## 5. D'Duerfschoul, wéi se fréier war

Mat sechs Joër huet de Menn missen an d'Schoul goën. Déi Ouljer Schoul, déi nët wäit vum Heentzenhaus ewech louch, war schon en aalt Gebai, mat engem eenzege Sall, dem Schoulsall. Derniewent - e Stack méi héich - stong d'Schoulmeeschteschwunnéng. De Schoulmeeschter hat et also kammoud fir an d'Schoul ze goën ; an trotzdem war den "Här Lärer" - wéi d'Kanner soten - "à l'étiquette" ugedoën. Héchstens huet en eng gro Schipp iwwergezun, fir säi Gezei ze schounen, oder en huet stoffen Ärem iwwer séng Paltongsärem gestrëppt, fir säi Kostüm nët ze séier op en Ielebéi ofzenotzen. De Schoulmeeschter war déi Zäit fir séng Schüler eng Respektspersoun, déi hinnen op alle Gebitter e gutt Beispill gin huet, besonnesch wat d'Spuersamkeet ugoung.


An der Schoul selwer goung och alles nom Spuerprinzip; vu Luxus keng Spuer. En aalt, hëlzent Pult stong héich iwwer de Schoulbänken, op engem Podium, fir domat dem Schoulmeeschter séng autoritär Stellung ze ënnersträichen. D'Schüler soutzen zu zwee an zwee an hëlze Bänken, iwwer déi schon e puer Generatioune Kanner gerëtscht waren. Allerhand Sprëch ware zum Deel an d'Holz agerëtzt oder mat Tënt op d'Bänke gekrozelt. Och ganz vill Ufanksbuchstawe vu fréiere Schüler hire Nimm waren do veréiwegt.

Un de Mauere gouf et nët vill Dekor. Jhust en hëlzent Kruzifix hung an enger gewëssener Héicht hannert dem Schoulmeeschter séngem Pult. Lénks a riets dervun waren zwou schwaarz-wäiss Photoën vun de Lëtzebuerger Herrscher ze gesin: d'Groussherzogin Charlotte an de Prënz Felix. Hannen am Sall hung eng Landkaart vum Lëtzebuerger Land an eng vun Europa. Un enger Säitewand huet nach jhust ee Bild engem an d'Ae gestach, an zwar an enger Wiesselrumm.

Dat Bild as all puer Wochen auschangéiert gin an huet gewëssermoossen de "Centre d'intérêt" ugewisen, ëm deen den "Enseignement" sech gedréit huet. Et ware meeschtens Biller iwwer d'Joëreszäiten an d'Duerfliewen, iwwer d'Hausdéieren oder d'Blummen an d'Planzen a Gaart a Gewan. An domat hat et sech! Wat d'Kanner soss an hire Schoulsäck stiechen an ënnert hire Schoulbänke

leien haten, waren elauter Saachen, déi hir Elteren hinne kaaft a bezuelt haten: Schoulbicher, Hefter, Schiefertafel, Fiederschachtel, Zeecheblock a Faarwen. Dat eenzegt, wat d'Schüler déi Zäit vun der öffentlëcher Hand gestallt kruten, war d'Tënt, déi a Liteschfläschen hannen am Schoulsall an engem héige Schaf stungen, an e puermol d'Joër vun de grousse Schoulmedercher an d'Tëntefässer, déi vir an de Schoulbänke stouchen, nogefëllt gouf.

Geschriwwe gouf an den ënneschte Schouljoëren op eng Schiefertafel mam Griffel, deen d'Kanner am Schoulhaff iwwert e Sandstee geriwwen hun, fir en ze spëtzen. An d'Hefter - ganz sécher aus Spuersamkeetsgrënn - as nëmme mat Tënt a Stolfieder geschriwwe gin, an zwar "Haarstrich, Grundstrich!" "Gare", dem Schüler dee kee proppert Schéischreifheft virweise konnt. Deen hat keng gemittlech Stonn méi an der Schoul. Sou koum et, dass ganz vill Kanner sech, wéi ee seet, eng "Engelsschrëft" zougeluegt hun. De Schoulmeeschter war iwwerzeecht, dass dat, wat schéi geschriwwe wir, och meeschtens keng Feeler géng opweisen.



Well an der Ouljer Schoul all schoulflichteg Kanner vum éischte bis an d'siwent Schoujoër an dem selwechte Sall soutzen - wat komëscher Weis als eeklasseg Schoul betitelt gouf - war d'Aarbecht ganz stramm organiséiert. Jidderee wousst genee wat en ze maachen hätt. Wann eng Klass opgesot huet, dat heescht direkten Unterricht hat, hun déi aner eng "Stillbeschäftigung" kritt. An déijéineg - et ware bal ëmmer déiselwecht - déi mat hirer Beschäftegung fäerdeg waren, woussten och ganz gutt, wat se elo maache sollten.

Déi eng sin Holz op de Späicher siche gaangen an hun eng ganz Rëtsch Äärbel voll an e Schloff niewent de Schoulsall bruecht, vu wou et ëmmer sou séier wéi et gebraucht gouf, ewechgeholl gouf, fir de Kolonnenuewen am Sall dermat ze fidderen. Fir dass d'Kanner de Wanter all e bësche vum Uewe sénger Hëtzt matkréichen, stung ë mattsen am Schoulsall, an eng ganz laang Uewepäif as iwwer dem Schoulmeeschter säi Pult ewech gaangen an an der Mauer hannendru verschwonnen.

Well den Uewe bei schlechtem a "schwéierem Wieder" nët ëmmer gutt gezun huet, koum et vir, dass schwaarze, flëssege Rouscht laanscht d'Mauer gelaf as, wou en dann séng onappetitlech Spuren hannerlooss huet. Et as och alt virkomm, dass de Rouscht bei de Päifejointen erofgedrëpst as, dem Schoulmeeschter jhust virun d'Nues oder mattsen an de Schoulsall an e Pull schwaarze Schmorri erofgeplätscht as. Fir dat ze ënnerbannen huet de Schoulmeeschter e puer blechen Dëppercher mat Fäschendrot un d'Uewepäif gestréckt, fir domat déi ekeleg Drëpsen opzefänken. Dat huet dem Sall natiirlech e besonnesch aparte Cachet gin, e Bild, dat een ni vergësst.

Verschidden aner Kanner, soubal se hir Stillbeschäftigung fäerdeg haten, hun alt d'Blummestäck op de Fënstere genat, d'Tafele propper ofgewëscht, d'Schéischreifhefter ausgedeelt oder deene Kléngen hir Stillbeschäftigung nogekuckt. Hei an do, wann de Schoulmeeschter mam 3. a 4. Schouljoër beschäftegt war, hun déi Grouss aus dem 6. a 7. Schouljoër mat deene Kléngen aus dem 1. an 2. Schouljoër geléiert, d. h. hir Lektioun opgefrot, mat hinne geschriwwen a gemolt. Sou gouf et am Schoulsall ëmmer eng Atmosphär vu Geschäftegkeet an Zesummestoën.

Ofwiesselung gouf et an deër Zäit nët vill an der Schoul. Et war ëmmer dat selwecht: opsoë, schreiwen, rechnen. Héchstens gouf emol eng Kéier gesongen

oder gemoolt. Geturnt gouf praktesch d'ganz Joër nët, well keng Zäit duerfier iwwreg blouf, oder well et nët fir wichteg genuch empfond gouf. Souwuel de Schoulmeeschter, wéi och d'Duerfleit waren der Menung, dass d'Kanner anerwärts genuch Geleënheet hätten, sech ze bewegen, wa se doheem géingen hëllefe schaffen. An dat hun se och gemaach. Vill Kanner hu scho moies an aller Hergottsfréi misse mat de Kéi ausfueren. Wa se dann ze spéit an d'Schoul koumen, war dat nët schlëmm. De Schoulmeeschter hat vollt Verständnes fir déi Situatioun. Oulje war eben e Bauerenduerf.

Am Vergläich zu de Bouwen, waren d'Medercher dacks fatzeg benodelegt. Sou zum Beispill donnëschtes. Deen Dag haten d'Medercher "Bitzschoul" bei der Joffer Lucie, wou si hu misse léiere bitzen, strécken, häkelen, asw., well si deemols jo haptsächlech virbereet goufen, fir kënne spéiderhin hiren "Trousseau" selwer ze maachen a gutt Hausfraën ze gin. D'Bouwen iewer konnte meeschtens schon um halwer zéng heemgoën a koumen esou an de Genoss vu bal engem ganzen Dag schoulfräi, well jo bekanntlech donnëschtes nomëttes keng Schoul war, den eenzege fräie Nomëtteg an der Woch. Duerfir as déi Zäit vun engem gesot gin, deen intellektuell nët grad op der Héicht war: "Deen do as och nëmmen donnëschtes nomëttes an d'Schoul gaangen!"

Elo war et esou, dass d'Medercher wuel d'Jonge fir hir Chance beneid hun, mä ëmgekéiert d'Bouwen hir Schoulkomerodinnen iwwerhapt nët bedauert hun, datt si et méi schlecht hate wéi si. "Dat as eech Klucke gutt op der Nues!" hun se d'Medercher gepéngegt. Mä heemlech huet dach all Bouf wéinegstens eent vun deene "Fraleit" gäer gesin. Zougin huet een et natiirlëch nët, well ee soss vu sénge Kollege gehänselt gi wier, an doheem d'Leviten ordentlëch gelies kritt hätt, well dat sech dach nët geschéckt huet. Sou war et dann dacks de Fall, dass ee Bouf an der Öffentlechkeet den Haarden vis-à-vis vu sénger Flämmchen erausgekéiert huet, heemlech huet een et awer verstanen, sénger Auserwielten duerch irgend een Zeechen, e Bléck oder eng Déngschterweisung säi richtegt Gesiicht ze weisen.

Am opfällegste war et de Wanter, wa frësche Schnéi gefall war an d'Bouwe bänzeg ware fir d'Medercher am Schoulhaff "anzeseefen". Dat viséiert Meedchen as natiirlech fortgelaf, mä et war vu virera sécher - zemol wann dee "Richtegen" hannendru war - dass et nët laang géing daueren, bis d'Meedche sech géif ergin, an de Bouf et richteg mat Schnéi an och alt ouni Schnéi areiwe konnt. D'Saach

goung meeschtens mat Tréinen aus. Mä wann dat geträltert Wiesen sech dann ewéi e gezapptent Hong ausgerëselt huet a wa séng Bake gegloust a séng Ae geliicht hun, huet et nët onbedéngt ausgesin, wéi wann et béis iwwer déi ganz Operatioun wir.

Fir op den Donnëschteg virmëtteg zeréckzekommen, war et fir d'Bouwen och schéin, wann et dem Schoulmeeschter emol eng Kéier gebrode war, bei ganz schéinem Wieder, mat hinnen an de Bësch ze goën, fir do Spiller ze maachen oder Staffellaf ze üben, oder och einfach Champignonen oder Hambier ze sichen. Wa si dann a Rei a Glidd heemgoungen, hun si nach gesongen, datt et iwwer Bierg an Dall geschaalt huet: "Das Wandern ist des Müllers Lust"; "Wat d'Heemecht as, dat froën s'oft"; "Alle Vögel sind schon da" ... asw.

Sou sin d'Schouldeg, ee nom aneren, am Joëresoflaf an enger gewësse Monotonie eriwwergaangen.


Interessant a spanned gouf et an der Schoul eréischt, wann dem Schoulmeeschter séng Erwaardunge vu sénge Schüler enttäuscht goufen. Hie war zum Beispill iwwerzeegt, dass d'Schüler hir Hausaufgaben ëmmer gewëssenhaft géife maachen, och wann hien hir Aarbecht mëmmen heiando kënnt nokucken, well hien dach nët genuch Zäit zur Verfügung hat.

De Menn war och ee vun deenen, déi alt emol vun deër Situatioun profitéiert hun, fir kéng Hausaufgab ze schreiwen, well si sech soten: “Si get jo dach nët nogekuckt!” Mä enges Dags, dem Menn séng Klass hat schon e puer Deg en Aufsatz doheem ze maachen, koum moies nom Gebiet, wéi aus heiterem Himmel dem Schoulmeeschter séng Opfuerderong: “Menn, lies mer däin Aufsatz emol vir!” Dem Menn gouf et weech em d'Häerz, well hien hat nach ëmmer nët den Aufsatz iwwer d'Nëtzlechkeet vum Waasser am Liewe vum Mënsch virbereet. Mä hien huet sech nët aus der Fassung brénge gelooss, hëlt säin Aufsatzheft ausséngem Schoulsak eraus, schléit et op a fängt un ze liesen, obschon en nëmmen e wäisst Blad viru sech leien hat. Déi éischt Sätz koume wéi geschmiert. Mä op eemol fängt de Menn un, sech ze widderhuelen, séng Stëmm klengt onsécher an hie fängt un ze tuddelen, wat de Schoulmeeschter vum Menn nët gewinnt war. Hie kënnt bei séng Bänk a verlaangt an engem barschen Toun: “Menn, weis mer emol däin Heft!”

Wat sollt de Menn maachen. Hien duecht: “O mei, wat soll dat do gin!” De Schoulmeeschter werft e Bléck an d’Heft an as paff. Mä ganz séier schléit séng Verwonnerung an eng ausgesprache Roserei iwwer dem Menn säi Külo em; an du as en Donnerwieder iwwer de Menn eragebrach, dass him d’Dronkenellen ausgoungen. Hie krut eng exemplaresch Strof fir séng onverschimmte Frechheet, eng Strof, déi nëmmen all Joër e puermol exekutéiert gouf.

Hien huet sech hannen an de Schoulsall misse stellen, an all Grapp e schwéiert Stéck Holz huelen a séng Äärm säitwärts ausstrécken. Dat huet en esou laang gemaach, bis en et bal nët méi ausgehalen huet an d’Tréinen him d’Baken erofgelaf sin. Du endlech huet de Schoulmeeschter sech erweeche gelooss an de Menn erëm op séng Plaz geschéckt. Mä fir deen aneren Dag huet de Menn dee verdammten Aufsatz onbedéngt misse schreiwen a krut als “Dessert” och nach “d’Einmaleins” zu Blat ze bréngen.

De Menn iewer huet aus deem Intermezzo eng Léier gezunn an sech beflass, séng Hausaufgaben ëmmer ze maachen, och wann et him schwéier gefall as.



# 6. Dem Menn séng Massendéngeschcarrière

Fréier hat all klengt Duerf nach e Paschtouer. Zu Ouljen huet de strengen Här Schiltz d'Pargeschécker gelet. E puermol d'Woch koum hie selwer an d'Schoul, fir Kannerléier ze halen. Hien huet verlaangt, dass all Bouf, wa méiglech vum éischte Schouljoër un, Massendénger sollt gin. D'Medercher goufen dobäi nët berücksichtegt, well et ondenkbar war, dass e weiblecht Geschöpf am Chouerrack ëm den Altoër kënnt goën. Den Déngscht an der Kiirch war nämlech eng reng Männersaach. Selbstverständlech hun d'Medercher och d'Kardeg nët dierfe mat klibbere goën, sou dass d'Jonge sech eleng de Klibberloun dele konnten.

Den Här huet d'Schoulkanner ferm an d'Gitt geholl. All Dag, dee Gott erschafen hat, gouf an der Parkirch eng Mass gehalen. Moiës - schon e Véierel op siwen - hun d'Kanner an der Mass misse sin, a sonndës an der Fréi- oder an der Houmass, nomëttes an der Vesper an owes an der Andacht. Als Massendénger haten d'Bouwe nach ganz apart Flichten. Am 1. an am 2. Schouljoër ware se eréischt Nodénger an hu nët nëmmen dem Paschtouer missen op d'Wuert follechen, mä och ganz genee dat maachen, wat se vun den elere Virdénger ugestallt goufen. Si waren esou laang nëmmen 2. Garnitur, wéi se d'laténgesch Gebieder nët auswendëg opsoe konnten. Déi hun se am 3. Schouljoër, virun der 1. Kommioun misse léieren. Dat war eng vun de Viraussetzungen, fir sécher ze sin, d'Kommioun dierfe matzemaachen. An esou hun d'Bouwen am 3. Schouljoër gebéckst, fir den "Introitus", de "Confiteor", de Pater noster an aner laténgesch Texter kënnen opzesoën.

Déi bescht Massendénger si vum Paschtouer fir besonnesch Déngschter erugezu gin. Duerfir hun se iewer och dem Här séng Virschrëften op de leschten Dibbelche missen erfëllen: ëmmer zur Zäit an der Kiirch sin, d.h. wann d'Klack fir d'zweet gelaut huet, a sech anstänneg kleeden, d.h. laang Strëmp undin. Plakeg Knéie ware vum Béisen an och fir d'Bouwe streng verbueden, vun de Medercher nët emol ze schwätzen. Dat 6. Gebot as hinnen esou agetriichtert gin, dass bal kee méi esou kéng war, sech am Spigel ze kucken, wann e nët ugedoe war. Duerfir war et och nët ubruecht, sech virun engem Spigel aus- an unzedin, deër "Däiwelsariichtung"!

De Menn war beim Här Schiltz nët extra gutt ugesin. An dat, well séng Mamm nët konnt verstoën - si koum jo aus enger Stad - dass hire Bouf de Summer keng kuerz Huese sollt undoën. An duerfir huet si hirem Fissi Chaussetten dohigeluegt, fir moiës unzedin. Wat sollt de Menn maachen?

Hien huet der Mamm gefollecht, wann en och scho wousst, dass e beim Här nët ze laache kréich. Sou war et virprogramméiert, dass et tëschend deenen zwéin zu eeschte Reiwereie kéim. An et war natiirlech nët drun ze denken, dass de Menn an d'Kategorie vun der Massendéngeschelite agestuft géif. Dat goung esoulaang - jo, bis ... dem Menn séng Mamm agesouch, datt et kee Wäert hätt, dem Paschtouer séng Virschrëften ze ignoréieren. Si huet dem Menn laang Huese strécke gelooss, a prompt gouf deen dun an d'Equipe vun de beschte Massendénger agereit.

## An der Oktav

Sou duerft e bei der nächster Duerfprëssioun d'Kräiz droën an als Massendénger mat an d'Muttergottesoktav an d'Stad fueren. Wat eng grouss Eier war dat fir hien, fir als Massendénger un der Spëtzt vun der Prëssioun duerch d'Strosse vun der Stad bis bei d'Kathedral ze schrécken!

Do huet séng Mamm op hie gewaart an zesumme sin si an de Mariendoum eragaangen. Do war, wéinst de ville Pilger, e fiirchterlecht Gedrécks. De Menn hat nëmmen An fir deen herrleche Muttergottesaltoër mat der festlech gekleeter Gottesmamm. A rondëm si hun honnerte vu Gasflämmercher - wéi Stären um Himmel - geliicht, geflackert a geflimmert, e Bild, dat sech déif an d'Gediechtnës vun de Kanner ageprägt huet. A vun deem gewaltege Brause vun der Uergel, dat d'ganz Kathedral gefëllt huet - de Menn hat esou eppes nach ni héieren - gouf et him ganz duseleg am Kapp an et war him, wéi wann en nët méi mat zwee Féiss um Buedem sténg.

Op eemol zitt séng Mamm hien um Arem. D'Oktavmass, déi fir den Dekanat Betzdër gelies gi war, war eriwwer. De Menn a séng Mamm hu sech duerch d'Leit gedréckt, bis se virun der Kathedral waren. Du gounge se an den Hotel Schintgen. Do war en Ouljer Meedchen abestuet, an duerfir gouf een an dem Haus absëns gutt empfaangen. Deemols as nach kee forcéiert gin, d'Eessen am Restaurant ze bestellen, well bei Schintges war esouguer nach eng grouss Stuff aménagéiert mat Bänken, déi laanscht d'Mauere stungen, an e puer Dëscher an der Mëtt, wou ee

roueg d'Schmieren, déi d'Mamm an engem Handsak matbruecht hat, konnt iessen. D'Geschäftsleit hu jhust erwaart, datt een d'Gedrénks: eng Taass Kaffi, en Humpen, e Glieschen Elbling oder eng Fläsch Limonad bei hinne géing bestellen. Mä si hun och nach keen erausgehäit, wann een de Kaffi aus sénger eegener Thermosfläsch erausgeschott huet.

Nom Iessen as nach en Tuer iwwer de Mäertche gemaach gin, an d'Kanner konnte sech alles ukucken. Kaaft gouf praktesch näischt, hëchstens krut de Menn eng Tiitche mat gebrannten Afenëss", déi hien esou gäer hat, an dann huet hie gemengt, en hätt den Herrgott mat der décker Zéif.

Zum Ofschloss vun der Pilgerfaart huet d'Mamm drop gehalen, nach eng Kéier an d'Kathedral ze goën, fir un der Oktavandacht deelzehuelen an ze lauschteren, wat den Oktavpriedeger alles géing soën. Duerno huet si nach de Missiounsbasar, vis-à-vis vun der Kathedral besicht an do e schéine Rousekranz kaaft, als Undenken un d'Lëtzebuerger Muttergottesoktav. Géint der Owend huet d'ganz Par sech erëm op der Stater Gare afond, fir mam Pilgerzuch heemzefueren. Fir d'Kanner fum Duerf war d'Rees mam Zuch an d'Stad en Erliefnës, dat se soubal nët vergiess hun.

## Konfrontatioun mam Doud

Enges Daags gouf de Menn vum Paschtouer ausgewielt, hien ze begleeden, fir am Duerf ee Kranken ze versinn. Op deem Gank war de Menn a vollem Massendéngeschornat an huet eng Lanter, an deër eng Käerz gebrannt huet, an der Hand gedroën, fir ze weisen, dass den Herrgott selwer ënnerwee wir, fir en Doudkranken ze besichen. De Menn dee ganz vu sénger héijer an eeschter Missioun erfëllt war, gouf a sénger Opfaassung nach bestäerkt, wann e gesouch wéi d'Duerfleit, déi grad laanscht goungen, reagéiert hun: D'Fraen an d'Kanner hu fromm niddergeknéit an d'Kräiz gemaach", d'Männer hun hir Kap gezun a sech respektvoll vernäipt virum Allerhellegsten, dat de Paschtouer ënnert enger Nappe gedroën huet.

Am Krankenzëmmer louch op engem Dësch e schnéiwäisst Duch. Dorop stong e Kruzifix tëschent zwou Käerzen, déi e gespenstegt Liicht an d'Hallefdonkel vum Krankenzëmmer geworf hun. De Paschtouer huet séng Gebieder gesot an deër Kranker den Trouscht vun der Kiirch gespend.

An deër Zäit stong de Menn do, wéi op Dëstelen an op Där, bis déi doudeescht Momenter eriwwer sollte sin, déi deem blutjonke Mënsch d'Vergänglechkeet vum mënschleche Liewe ganz ongeschminkt virun A gefouert hun, wouvun en iewer nach näischt wësse wollt. Säi Lieweswëllen huet sech instinktiv géint déi ganz Zeremonie gestrieft.

E puer Deg no deem memorable Versigank", as de Menn gewuer gin, dass d'Fra, bei déi hien de Paschtouer begleet hat, gestuerwe wir. Well dat him esou no gaangen as an d'Stierfhaus an derselwechter Strooss louch wéi dem Menn säin Heemechtshaus, huet hien drop gehalen, fir owes mat sénger Mamm ze goën, fir hiirt Bäileed auszedrécken a mat der Noperschaft e puer Rousekränz ze bieden.

Dem Menn as et ganz mulmeg gin, wéi si an d'Haus eragoungen. Do war alles esou onheemlech däischter. Et huet jhust eng Käerz hannen am Hausgank geflackert an d'Dir vun der beschter Stuff", an deër déi Verstuerwen opgeboert war, war mat schwaarzen Dicher verhaangen. Dem Menn war et nët grad geheier, wéi séng Mamm d'Stuffendir opgedréckt huet, an d'Quiitsche vun der Dir him duerch Muerch a Schank goung. Séng Mamm as an d'Doudenzëmmer eragaangen a si huet d'Doudelued, an deër déi Verstuerwe louch, mat Wäiwaasser geseent an nach e matfillende Bléck op déi Verstuerwe geworf, fir hir domat e leschten Äddi mat op hir wäit Rees an d'Eiwegkeet ze soën.

Och de Menn huet d'Wäiwaasseschbiischt geholl a se déif an de Wäiwaasseschkessel gezappt an dun iwwer d'Doudelued gesprëtzt, dass d'Drëpsen iwwert de gliesenen Deckel gelaf sin. Jo, deemols gouf nach en Deckel aus Glas op d'Doudelued geluegt, fir deër nootster Famill an de Bekannten ze erlaben, d'Verstuerwen nach eng Kéier ze gesin. Definitiv gouf de Sarg eréischt mat engem hëlzenen Deckel zougemaach kuurz virum Begriefnës. Schliesslech huet de Menn säi Courage an zwou Hänn geholl an e Bléck op déi Verstuerwe geworf. Mä, wat war dat?! as et dem Menn duerch de Kapp gejot. Hien as deërmoossen erféiert, dass e vun Angscht bal vergaangen as, well hien hat däitlech gesin, dass déi opgeboerte Fra mat den A geflackert an hire Mond bewegt huet. A voller Panik huet en op eemol séng Mamm um Arem gerappt a si zur Dir erausgezun. Keng zéng Päerd hätten hie méi am Doudenzëmmer zréckgehalen. Séng Mamm gesouch, dass de Menn ausser Rand a Band wir, an amplaz hëllefen de Rousekranz ze bieden, huet si misse mat him heemgoën. Ennerwee huet si hirt Meescht an hirt Bescht gedoën, fir hire Fissi ze berouegen. Si huet och versicht him ze erklären,

dass hie ganz sécher d'Affer vun enger optëscher Täuschung gi wir, ervirgeruff duerch deen onrouege Käerzeschäin an duerch d'Wäiwasseschdrëpsen, déi ziddereg iwwer de gliesenen Deckel gerëtscht sin.Nëmme lues a lues huet de Menn sech zësse gelooss a sech vu séngem Schreck erholl. Hien huet sech iewer geschwuer, ni méi bei eng Doudelued mat gliesenem Deckel kucken ze goën.

## D'Relatioun mam Här um Préifstand

Nët laang no séngen aussergewéinlechen Erliefnësser mam Doud, gouf et fir de Menn nees en etlech delikat Ausernanersetzunge mam Här. Do krut dee jo nët eng Kéier an der Kannerléier déi komesch Iddi d'Bouwen ze froën - d'Medercher ware souwéisou vu virera klasséiert, speiderhi beim Kachdëppen ze stoën - wat se wëllte gin, wa se grouss wiren. Wéi d'Rei un de Menn koum, wousst dee sénger Hänn kee Rot. Hien hat iwwer dee Problem nach weider nët nogeduecht, jhust datt hie spéiderhi Papp wollt gin. Mä dat wollt hien dem Här nët soën. A well en nët mat der Sprooch wollt erausrécken, as de Paschtouer ongedëlleg gin a sot: "Dajee, geet et bal!" An du blouf dem Menn näischt Aneschtes iwwreg, wéi Faarf ze bekennen an ze soe wat e geduecht huet: "Wann ech grouss sin, da gin ech Paschtouer oder Chauffeur!" "Majo sécher", äntwert den Här, "ech hänken dir de Chauffeur un!"

D'Schoulkanner hun de Menn schuedefrou vun der Säit bekuckt a sech heemlech an d'Fäischtche gelaacht. De Menn war ganz genéiert an huet sech gefrot, wat fir eng grouss Dommheet hien nees gesot sollt hun.

Nach e puermol huet de Menn dem Här an de Frack gegraff. Eng Kéier huet hie mat dem Kolleg Jhos um Altoër gedéngt, deërbaans de Pol an de Fons an der Chouerbänk soutzen. Et war ee vun de Kardeg an déi zwéin hun den Zeremonien nogekuckt a ware prett fir anzegräifen, wa se gebraucht géife gin. Mä well esou en Déngscht keen Enn kritt huet a fir d'Massendénger langweileg war, as op eemol den Efalt mat hinnen duerchgaangen a si konnte sech nët enthalen eng ze stiichten.

Mir näischt, dir näischt gräift de Fons op eemol no der Fläschelche Wäin, déi do op engem Dësch no niewent him stong an huet se racksdeg ugesat - oder huet e nëmmen esou gemaach - a sech opfälleg derbäi de Bäichelche geriwwen, fir domat ze demonstréieren, dass et him gutt géing schmaachen. Wéi séng Kollegen dat gelungent Bild viru sech gesouchen, hu se haart misse laachen.

Den Här iewer, dee sech um Altoer ëmgedréit huet, fir ze kucken, wat lass wir, huet nëmme véier brav Massendénger gesin. Mä, wéi de Gottesdéngscht eriwwer war, wollt de Paschtouer natiirlech wësse firwat déi véier esou an der Kiirch gelaacht haten. Wéi iewer keen him Ausstreech konnt oder wollt gin, krut jiddereen eng ferm an d'Akaul, an den Här, dee rose war wéi eng Spann, huet gedrät, mat hiren Elteren iwwer déi ganz Saach ze schwätzen.

Nach eppes haten d'Massdénger sech ugewinnt, dat se hei an do praktizéiert hun, fir ze weisen, wéi dichteg se wiren. An der Schoul hate se eng Kéier iwwert d'Zentrifugalkraaft geschwat, an dat wollte si an der Kiirch praktesch ausprobéieren an zwar mam Rauchfaass.

Déizäit stungen an de feierleche Massen ëmmer zwee Massendénger am Chouer: deen een hat d'Rauchfaass an deen aneren d'Schëffelche mat dem Wäirauch. Eng feierlech Mass konnt ee sech nëmme virstellen, wann et am Chouer gutt gedämpt an an der ganzer Kiirch esou streng a würzeg no Wäirauch geroch huet. Fir dat ze erreechen, sin déi zwee Massendénger e puermol an der Massenzäit bei de Paschtouer gaangen, an deen huet e puer Läffelcher Wäirauchkären op déi rout Kuelen am Rauchfaass geluegt.

Fir dass d'Kuelen iewer viruglouse sollten, huet de Massendénger d'Rauchfaass missen hin- an hirschwänken, fir dass de Loftzoch déi Aarbecht sollt erledegen. Wann d'Massendénger dann erëm eng Kéier mam Dabo geplot waren, huet de Rauchfaasspendler säi Rauchfaass een oder zwéimol an der Luucht rondëm gedréit, ouni dass e Kuel erausgefall wir.

Och de Menn wollt eng Kéier d'Zentrifugalkraaft mam Rauchfaass an der Kiirch ënner Bewäis stellen. Hie setzt un fir d'Faass rondëm jhauwen ze loossen. Leider hat hien d'Kette vum Rauchfaass ze laang erofhänke gelooss, a... bumm... de Stack vum Rauchfaass as ënnen um Buedem opgeschloën an d'Kuele sin duerch de ganze Chouer geflun. Glécklecherweis hu se näischt Brennbares op hirem Wee ugetraff, an esou as näischt geschitt.

Mä an der Kiirch war all Mënsch erféiert - de Menn selbstverständlech och - an den Här huet no der Mass de Menn mam Ouer gezun a gesot: "Haut war et fir d'lescht, dass du d'Rauchfaass hëls!"

## Vum Priedeger zum Missiounspater

E puer Woche méi spéit, huet de Menn trotz allem erëm eng komme gelooss, déi nët vun Hee a Stréi war. D'Schoulkanner soutzen all an der Kiirch ëm de Beichtstull, an den Här huet se op d'Beicht virbereet. Op eemol goung d'Kiirchendir op, an eragestiirmt koum e jonke Bauer an huet ganz opgereegt mam Paschtouer gepëspert. Du sot deen zu de Kanner: "Ech si bei e Kranke geruff gin, a bis ech erëmkommen, kënnt dir alt e Rousekranz bieden."

D'Kanner hu gefollecht an eenzock ugefaangen de glorreiche Rousekranz ze bieden: "Der von den Toten auferstanden ist." Si hu geduecht, wann dee Kranken éiere sollt stierwen, géife si him alles dat wënschen, wat an de Gesetzer vun dem glorreiche Rousekranz ausgedréckt get. D'Bouwen hu virgebied an d'Medercher ofgeholl. Beim zweete Gesetz: "Der in den Himmel aufgefahren ist", hun d'Medercher virgebied an d'Jongen ofgeholl. Alles goung ganz automatesch bis bei dat lescht Gesetz: "Der dich o Jungfrau im Himmel gekrönt hat."

Op eemol as de Menn - an hie weess haut nach nët, wat fir eng Flou e gepickt hat - opgestanen a feierlech déi géi Trap vum Priedegtstull eropgaangen. A wéi en uewen op der Kanzel stung, dréit e sech zu deem wibbelege Vollek ënnen an der Kiirch a fängt un ganz pathetesch ze schwätzen, an dobäi huet e bewosst dem Bëschof Nommesch séng sproochlech Partikularitéit nogemaach, déi him bei der leschter Firmung opgefall war:

*"Ihr lieben-en Christen-en! Laßt euch sagen-en, so kann es nicht weitergehen-en, sonst wird noch ein schlimmes Donnerwetter über euch hereinbrechen-enen..."*

D'Schoulkanner hu fir d'éischt ganz verwonnert op de Priedegtstull erop gekuckt, a wéi se dem Menn séng Priedegt héieren hun, hu se op eemol e Laachkrämpche kritt an hu gejhaut, dass et nëmmen esou geschaalt huet.

A jhust an deem Moment fiirt d'Kiirchendir op, an de Paschtouer steet hannen un de Kanner éier se sech emsin haten. De Menn huet natiirlech séng Priedegt op der Dot gestoppt, an an der Kiirch gouf et esou roueg, et hätt een eng Maischen héiere lafen. Am léifsten och wir de Menn an e Mauslach gekroch, mä et war keent do. En huet sech geschummt wéi e Bettschësser a schëlles a verdaddert as e lues déi laang Trap vum Priedegtstull erofgekraxelt.

An do huet de Paschtouer sech virun hien opgeplanzt wéi d'lescht Geriicht. De Menn war bal nët esou kéng opzekucken, sou huet hie sech blaméiert gefillt, dass dat him nees geschitt war. Mä, wéi e sech endlech de Courage geholl huet, de

Kapp ze hiewen a mat den An ze blinzelen, huet e gemengt, den Här selwer géing mat sech kämpfen, fir nët brauchen ze laachen.

Et schéngt ewéi wann de Paschtouer d'Saach mam Menn sénger Priedegt - de Bëschof as ni ernimmt gin - séier vergeess hat, well en hien eng Zäit duerno fir würdeg genuch gehalen huet, um Missiounssonndeg matzewierken. Den Här Schiltz huet staark drop gehalen, dass séng Parkanner de Missionaren an de frieme Länner kräfteg ënnert d'Äärm sollte gräifen. Sou huet en all Joër de Missiounssonndeg feierlech begaangen. E Schoulmeedchen as als Missiounsschwëster an e Massendénger als Missiounspater agekleed gin, an dat war an dësem Fall de Menn.

D'Missiounsschwëster an de -pater sollten d'Leit nach zousätzlech motivéiere fir mëtschgieweg ze sin, wann déi kleng Missionare mam offenen Afferkuerf duerch d'Reien an der Kiirch goungen. An dat as hinnen och gelongen. Sou huet dem Menn séng Massendéngeschcarrière e ganz besonnesch markanten Héichpunkt kannt, an hie war nët wéineg stolz doriwwer.



# 7. De Menn an d'Autoën

Zënter dass de Menn beim Plënnere vun Esch op Ouljen an deem grousse Miwwelwon matgeholl gi war, huet hie sech terribel fir d'Autoën intresséiert.

Geschwënn huet hien d'Mark vun deene meeschte Ween kannt, déi zu Oulje passéiert sin. Et waren der och wiirklech nët vill; et konnt ee se op de Fangeren ofzielen, déi an engem Dag laanscht gefuer sin.

A wann d'Bouwe beienee stongen an et as esou e Gefier an enger Stëbswollek gejhauwt koum, hu se sech all drugin, fir als éischten ze jäizen: "Dat do as mäin!" Well jidderee vun hinnen hat sech a sénger Fantasie eng Dramwelt ëm den Auto opgebaut. Dat huet sech schon op de Bouwen hiren Zeechnungen erëmgespigelt. Emmer an ëmmer ërem goufen Autoë gemolt, sief et den deemolege klassesche Camion, un deem een onbedéngt d'Transmissiounsketten un d'hënnescht Rad an d'Dëppche mam Woschmier huet misse gesin, sief et dee stereotyp këschtenaartegen Opbau vun enger Limousine mam véiereckegen oder schife Capot. Mä hei an do goufe schon Autoën um Blat entworf mat Linnen a Kurven, wéi se spéiderhin bäino a Wiirklechkeet entstane sin.

De Menn hat a sénge Virstellungen en Auto entwéckelt, dee vir an hanne laang gezun a bal bis op de Buedem gereecht huet. Déi Maschine sollten et erlaben, een iwwer deen anere kënnen ewechzefueren - déi séier iwwer déi méi lues - ouni brauchen déi geféierlech Iwwerhuelmanöweren ze maachen. Mä leider hat de Menn vergiess säi Patent unzemellen an déi narresécher Autoë goufe ni gebaut.

## D'Autoën am Duerfbild

Komme mer nees op d'Autoën zréck, déi deemols duerch Oulje gerannt sin. Do war eemol dee Renault", mat deem en héige Beamten all Dag vu Roudemer op Rued gefuer as, fir vun do aus mam Zuch an d'Stad op séng Aarbecht ze kommen. Wann en owes op séngem Heemwee beim Heentzenhaus un d'Kéier erukoum, huet en eng Geräischapparatur a Bewegung gesat, déi ee bal verreckt gemaach huet. Et war e bläregen Toun, wéi wann eng Peffermille sech mat zegdausenden Touren an der Sekund géng dréien.

An no deem fiirchterleche Getuuts muss dee gudde Mann an der Renault iwwerzeegt gewiescht sin, dass elo d'Strooss fräi misst sin. Well mat vollem Karacho goung et ëm d'Kéier, dass d'Steng ewechgefuer sin an den Auto op der lénker Stroossesäit nach jhust laanscht d'Heck vum Engelbauer sénger Pierch koum. Jo, deemols muss et nach e Genoss gewiescht sin, mam Auto duerch d'Dierfer ze flitzen!

Do war och de Postauto vun der Firma Gehlhausen vu Gréiwemaacher, deen déizäit d'Navette tëschent Rued/Syr a Jonglënster gemaach huet an all Dag e puermol duerch Oulje koum a virum Onkel sénger Wirtschaft, bal vis-à-vis vum Schoulhaff, gehalen huet. De Postauto huet nët nëmmen d'Leit deplacéiert, mä en huet och de Courrier an d'Päck vun der Post an all Wueren, déi d'Leit a Geschäfter bestallt haten, mat virugeholl. Och späreg a schwéier Saache goufen uewen op den Daach geschleeft a matgeholl. Duerfir as de Chauffeur eng Eiseleder, déi hannen um Postauto festgemaach war, eropgeklommen an huet séng Ladung um Postautosdaach festgebonnen.

Dat mat dem Postauto sénger Leder war esou eng Saach. D'Bouwen hate natiirlech séier eraus, dass dat e flotten Amusement kënnt sin. Een nom aneren hu se den "Exploit" probéiert, fir sech heemlech hannen op d'Leder ze setzen, wann de Postauto ugefuer as. Geschwënn hun déi Kadette matenee rivaliséiert, wien am wäitsten, vum Onkel aus gerechent, op der Leder sëtze bléif, éier hie géng erofsprangen. Well d'Bouwen ëmmer nei Rekorden opgestallt hun, hu se lues a lues anuecht geholl, datt se d'Leder nët gläich mat den Hänn hun dierfe lassloossen, wa se d'Féiss op de Buedem gestallt hun. Sou hu se eng extra Technik entwëckelt, a si hate Chance dermat, well kengem vun hinnen as eppes Eeschtleches passéiert bei hiren Akrobatestécker.

Enges gudden Daags wollt de Fernand, dem Menn säi Koséng vun Näerden, deen zu Ouljen an der Vakanz war, déi Saach mat der "Gratisrees" hannen um Postauto och probéieren. Alles gong gutt, bis dee Moment, wou de blanne Passagéier sollt vun der Leder erofklammen. Well en nach guer keng Erfarung an deër Technik hat, setzt hien d'Féiss op de Buedem an hëlt gläichzäiteg d'Hänn vun der Leder ewech. Pardang,... de Fernand schléit d'Rad a bleift op der Strooss leien. De Menn a séng Kollege si séier bei deen Ongléckleche gelaf an hun em op d'Bee gehollef. O mei, wat war mat séngem rechtsen Arem lass? Et huet ee keen Dokter brauchen ze sin, fir festzestellen, dass e gebrach wir.



Dem Fernand säi Papp koum nach deeselwechten Dag, an enger Roserei, säi Fissi sichen an as eenzock mat him op Simmer bei de Schënner gefuer, fir dass de gebrachenen Arem sollt behandelt gin. An e puer Wochen duerno war de Koséng nees an der Rei. Mä d'Rekordversucher op der Leder hannen um Postauto waren ee fir allemol eriwwer.

## Déi onerfueren Autostechniker

De Spaass un den Autoë war fir de Menn a séng Kollegen nach laang nët zu Enn. Wann emol esou eng Maschin anzwousch houl, gouf alles drun ënnersicht, wat nëmme méiglech war. Dem Menn säi Monni vun Näerden, e Metzler, hat scho ganz fréi en Auto fir op de Schwéngshandel ze fueren. Hei an do koum en op Besuch; an den Auto, eng gréng Camionnette, mat enger Aart klenge Schwéngsställchen hannen drop, war virun "Ditzen" hirer Kapell geparkt.

Wann déi Grouss beim schwaarze Kaffi soutzen a matenee gepotert hun, haten de Menn a säi Koséng Fernand fräie Laf. Da sin si heemlech vir an d'Chauffeurskabin vun der grénger Camionnette geklommen an hun un all Hiewel an all Knäppche gekniwwelt a gedréit.

Ennen um Buedem vun der Kabin hu se op eemol eng Aart décke Stopp entdeckt an hu mam Fouss drop gedréckt. Grrr... goung et am Motor an zu gläicher Zäit huet den Auto e Saz no vir gemaach. Nondikass.. dat do war d'Affär fir déi zwéin Techniker. Emmer an ëmmer erëm hu se op de Stopp dedréckt a lues a lues as d'Camionnette avancéiert, bis se op eemol de géien Hank erof op d'Baach zougerullt as. Du sin déi zwee Rennfahrer iewer fatzeg erféiert.

Wéi frou se waren, wéi den Auto endlech an der Mëtt vun der Furt", duerch déi och d'Baueren ëmmer mat hire Päerdsgespänner gefuer sin, stoë blouf, as kéngem Mënsch ze soën. Bleech an ziddreg sin déi zwéin aus der Kabin erausgeklommen a sin duerch dat niddregt Waasser zréck op d'Strooss geträppelt. Mä do stunge se schon all, de Monni an d'Tata an dem Menn säi Stéifpapp an hu Kreesch gedoën, wéi wann d'Welt géng ënnergoën. De Monni, deen am Fong d'Kanner gutt gebrauche konnt, konnt iewer grad esou rabiat sin. Hien huet déi zwéin an d'Akaul gefacht, datt se bal d'Rad geschloën hun. An dobäi huet e gejaut: "Dir domm Honn déi der sid, ech léieren iech an en Auto klammen, d'Handbrems lassmaachen an op den 'Démarreur' drécken!"



BIBLIOTHÈQUE NATIONALE LUXEMBOURG

## De Menn als Chauffeur

Dem Menn säin Dram iewer, eng Kéier op engem Auto kënnen ze fueren, goung trotz allem méi séier an Erfëllung, wéi hie sech dat geduecht hat. Säi Monni, séng Tata a säi Koséng vun Arel koumen och all Summer eng Kéier op Besuch. Si hate fir déi Zäit schon eng schéi Luxmaschin", en amerikanesche Ford, e wonnerbart Stéck.

De Monni, deen e richtege Kannergeck war, as ëmmer mat de Kanner en Tiirtchen - wéi se sech zu Arel ausdrécken - iwwer d'Landstrooss bis op d'Musel maache gefuer. Dobäi sot en zum Menn: "Komm mäi Jong, probéier eng Kéier fir ze renken!" En hëlt de Menn op säi Schouss, fir dass dee sollt un de Volant reechen. An du demarréiert en de Motor. D'Häerz huet dem Menn bis an den Hals geklappt, wéi den Auto op der Strooss virugerullt as. Hien huet gerenkt wéi en Alen, bal de Volant no lénks, bal no riets gedréit an opgepasst wéi e Luchs, dass dat schwéiert Gefier sollt op der Strooss bleiwen. De Menn war stolz wéi e Kinnek, datt den Auto him esou gutt gefollecht an op déi klengst Bewegung vun him reagéiert huet. Hie koum sech vir, wéi den Hans Stuck um Nürburgring.

Mä, wat war dat do? Eng Harespel, déi sécher duerch d'oppe Fënster erakomm war, as op eemol dem Menn ëm d'Nues gesummt! Hien as erféiert a schléit mat der rietser Hand no deem freche Béischt, huet iwer zu gläicher Zäit, ouni et ze wëllen, de Volant no riets gezun. Den Auto steiert op de Summerwee lass op en décke Bam zou, deen do laanscht d'Strooss stung!

Ee Gléck, de Monni hat opgepasst! Hien huet eenzock selwer de Volant mat enger Hand erëmgerass a mam Fouss op d'Brems gedréckt. A gläich houl dat schwéiert Gefier jhust virum Bam, ouni widder ze kommen. Et war näischt geschitt. Mä jiddereen am Auto war uerg erféiert, zemol de Menn.

Dat Schlëmmst iewer war, dass séng Fred un den Autoën en décke Knacks kritt hat. De Monni huet de Menn erëm hannen an den Auto gedämpt a sot: Kräisch nët méi, et as jo nach eng Kéier gutt gaangen! Mä, fir Chauffeur ze spillen, bas de nach e bëssche kleng!"



# 8. D'Motoriséirung setzt sech duerch

## Transportmëttel an aler Zäit

Wéi de Menn am Ufank zu Oulje gewunnt huet - et war an der Mëtt vun den zwanzeger Joëren - stung op all Bauerenhaff, deen eppes op sech gehalen huet, eng Päerdskutsch am Schapp parat, fir wann de Bauer irgendwou huet missen hifueren oder e Familjemêmber huet misse gefouert gin. Da gouf dee schnellste Biddi ugespaant an da konnt et lassgoën.

Besonnesch zeremoniell goung et hir, wann d'Bauerefamill zesummen op eng Familjefeier sollt fueren, sief et op eng Kiirmes, eng Kommioun oder eng Houchzäit. De Kniecht gouf ugestallt, den Dag virdrun d'Kutsch ze botzen an ze wäschen an d'Päerdsgeschir ze wichsen, an esou alles op Héichglanz ze bréngen. An dann as d'Bauerefamill stolz iwwer Land gefuer.

De Wuerentransport gouf och mat Päerdsgefirer an Teimere gemaach. Sou gouf d'Hee an d'Fruucht mam Heelederwon eragefouert an d'Holz aus dem Bësch bruecht. D'Mëscht gouf op en Teimer gelueden an an d'Stécker gefouert. Da gouf all 10-20 m stallgehalen a mat engem Kuescht gouf e Koup Mëscht erofgezunn, bis d'Gefier iwwer d'ganz Stéck gespreet war, da gouf se ageplout.

Och déi öffentlech Transporter goufen deemols mat Päerdsgespänner vun de Bauerebetrieber duerchgefouert. Sou huet d'Stroossebauverwaltung, wann eng Strooss nei gewalzt huet misse gin, oder e neie Feldwee ugeluecht gouf, den Transport vun de Steng öffentlech ausschreiwe gelooss. De Bauer, deem den Transport zougeschloë gouf, huet misse suergen, datt alles geklappt huet.

Hei an do huet e missen aner Bauere mat hire Päerdsgespanner ëm Hëllef froë, fir de ganzen Transport zur Zäit duerchgefouert ze kréien.

Wann déi sëlleche Steng da laanscht de Wee louchen, sin d'Steekläpper an Aktioun getrueden. Mat engem Hummer, deen un engem laange Still soutz, huet de Kläpper ee Steen nom aneren duerchgeschloën, eng laangwireg a beschwéiert Schënnerei. Fir ze wëssen, wéivill Steng en duerchgeschloën hätt an duerfir säi

wuelverdéngte Loun, deen op de Meter Kipp berechent gouf, kënnen ze kréien, hat de Kläpper eng no uewen ofgeschnidde, pyramideförmeg Këscht, déi op de Buedem gestallt gouf an uewe wéi och ënnen offe war. Wann déi Këscht voll war, hat de Mann e Meter Kipp Steng geklappt. Dann huet e séng Këscht ewechgezun an op eng aner Plaz gestallt, wou d'Aarbecht erëm vu vir ugoung.

## Och zu Oulje kënnt den Auto op

Lues a lues iewer goufen d'öffentlech Transporter vu motoriséierte Gefierer erledegt. Sou koumen och op Ouljen déi éischt Benzinskutschen", besonnesch Camionen a Camionnetten. Als éischte krut de Millerjhoss eng offe Camionnette fir d'Gemiels bei d'Baueren ze féieren an hire Wees mat op d'Millen ze huelen, fir Miel, Oots a Krësch ze maachen.

Ganz fréi hat och de Bertesse Jeng e schéine Camion, mat deem en de Leit d'Holz erbäibruecht huet, Steng, Sand, Kräsi a Schlakefir d'Stroossebauverwaltung gefouert an och alt emol Persounentransport gemaach huet, wann en z.B. d'Ouljer Fanfare enzwousch huet missen hiféieren. Fir dee Fall gouf en Unhänger un de Camion gehaangen a Bänken drop gestallt, op déi d'Musikante sech sëtze konnten. A mat Trari an Trara goung et dann zum Duerf eraus. Deemols waren d'Assurance-Gesellschaften nach nët esou kamëss wéi haut an hate näischt géint esou en Transport anzewenden, obschon esou eng Rees meeschtens spéit an der Nuecht mat Jubel an Trubel zu Enn goung.

Geschwënn hun och d'Baumaterialhändler, wéi de Schmit vu Rued an de Clement vu Jonglënster de Leit d'Wuere mat engem décke Camion bei d'Dir bruecht. Och aner Geschäftsleit hun ugefaange mat Camionnetten iwwer Land ze fueren a bei all Dir stallzehalen, fir de Leit et méi kammoud ze maachen, hire Sue lass ze gin. Sou koum de Pio vu Maacher vun Zäit zu Zäit fir Lompen an al Eisen ze sammelen, de Mehlen vun Ettelbréck an de Korziliussen Tun vun Dikkerech fir de Leit déi schéinste Parzeläinssaachen an Haushaltsartikelen unzebidden.

Um Enn vun der Woch koum de Metzler vu Menster an d'Duerf an zu bestëmmte Wochendeg huet de Bäcker vu Rued säin Tur bei d'Haiser gemaach. De Bäcker wor e klenge, mä äerdege Männchen, deen ëmmer e Sproch parat hat, fir d'Leit laachen ze doën. Eemol wéi de Menn eleng doheem war, sollt hien d'Brout

beim Auto ewechhuelen a bezuelen. D'Mamm hat dem Menn d'Geld schéin ofgezielt dohigeluegt fir e Fënnefpënner ze kafen. Si hat iewer nët dru geduecht, dass an der Zwëschenzäit de Broutpräis eropgaange war. Wéi de Sally - sou huet de Bäcker geheescht - dem Menn séng Suen nogezielt hat, sot en: "Ja, mäi Jong, et geet nët grad duer!" De Menn stong ganz verdaddert do an äntwert: "Dat hei as alles, wat méng Mamm mer gin huet."Do laacht de Sally a léisst ee vun sénge faméise Spréch vum Stapel: "Ja, mäi Jong, es kann vorkommen, dass die Nachkommen mit dem Einkommen nicht mehr auskommen!"

Vun Zäit zu Zäit koum wéi d'wëll Juegd duerch Ouljen eng ganz Kolonn Autoë gejhauft. D'Bouwe waren ewech, wa se déi Edelkarosse gesin hun, eng méi schéin wéi déi aner, mat deenen d'Arbedshären - un der Spëtzt den Här Barbanson - op d'Betzder Schlass gefuer sin. Et war den Dag vun enger grousser Klappjuegd, déi de Betzder Schlasshär, den Här Muller, an deene gewaltege Bëscher organiséiert hat. Vill Jongen a Männer vun Ouljen an Emgéigend sin als Kläpper mat op d'Juegd gaangen. Si hu Kreesch gedoën a mat Klëppele widder d'Beem an op d'Gesträisch geschloën. Domat hu se d'Wëld aus hire Stoppen opgeschäicht, de Jeër, déi hannerwands op der Lauer stungen, genee virun hir Flënten. An da war et nëmme méi e Kannerspill, fir déi gejoten a verängstegt Déieren ofzeknallen.

Well deemols d'Bëscher nach vu Wëld gewimmelt hun, war d'Resultat vun esou enger Schéisserei vum Standpunkt vun de Jeër aus, eng excellent Operatioun, iwwerdeems et vum Wëld aus gesin eng fiirchterlech Murkserei war, well meeschtens 40-50 Huesen, eng gutt hallef Dose Réi an eng Onmass Feldhénger, Fasanen asw. hu missen dru glewen.

## Strossenaccidenter

D'Motoriséirung, déi déck an de Gank koum an nët méi opzehale war, hat nët nëmmen hir gutt Säiten. Well och deemols scho si schro Accidenter geschitt, déi ze soën déiselwecht Ursaachen hate wéi haut: iwwerdriwwe Vitesse, e Patt iwwer den Duuscht geholl a Mëssuechtung vun de Verkéiersreglementer. Do war den Emil Kréier, deen zu Oulje bei sénger Famill an Zierde gewunnt huet an all Dag mat séngem Wëllo no Dummeldéng op d'Aarbecht gefuer as. Domat huet en zwou Mécke mat engem Schlag getraff: hien huet vill Geld gespuert, well en nët mam Zuch huet bräichte schaffen ze fueren an an engems war dat fir hien e gudden Training, well e sonndes

mat op d'Wëllos-Course gefuer as. Als Coureur as hien natiirlech ni lues gefuer an huet och meeschtens d'Kéiere geschnidden, well dat sech fir e gudde Coureur esou gepasst huet.

Mä beim Hentzenhaus, op deër schaarfer Kéier, huet hien enges Dags, säin Här font, an zwar a Gestalt vun enger Luxuskaross, déi vir um Capot eng deemols esou beléift metalle Kühlerfigur hat, a Form vun engem am Laf gestreckte Léiw oder war et e Wandhond. De Menn kann sech deërs nët méi genee entsannen. Op jidde Fall, den ongléckllechen Emil as nët laanscht den Auto komm, an him riicht vir an de Kühler geknuppt an as vun do op de Capot katapultéiert gin. Dat schlëmmst iewer war, dass déi eefälleg, deemols nach nët verbuede Kühlerfigur, dem Emil säi Biceps regelrecht aus dem Arem gerass huet. Et war fir de Menn, dee grad am Häffche virum Haus gespillt huet, e grujhelegt Bild, dat e ni vergiess huet, wéi deen Ongléckleche vu Péng gejaut a säi bludegen Arem ugehalen huet. Gott sei Dank as den Emil séier an d'Spidol komm, wou d'Doktoren et fäerdeg bruecht hun, him den Arem ze retten. An den Onglécksvull konnt duerno nach méi wéi eng Wëllos-Course matfueren a gewannen.

Méi gelënd goung et eng Kéier virum Engelbauer erof, wéi de Menn a säi Kolleg de Neuens Jempi - esou huet de Menn säi Numm an Erënnerung - no der Schoul nach Fänkes gespillt hun. De Menn huet misse fänken an as dem Jempi nogerannt. Dee jhauft zu enger Paart an den Engelshaff eran an zu deër anerer erëm eraus op d'Strooss, ouni no lénks an no riets ze kucken. An do koum grad en Auto ugetöfft, woumat een déi Zäit einfach nët gerechent huet. De Jempi hat esou eng Vitesse drop, dass en einfach nët méi gebremst krut, wéi en op eemol dat Gefier gesäit. A bums ... de Jempi rennt mam Kapp dem Auto an d'Säit a fiert nees zréck, wéi e Ball, dee widdert eng Mauer flitt. De Jempi hat Gléck! Hie koum nët ënnert d'Rieder vum Auto, deen ze soën op der Plaz konnt stallhalen. Et war weider näischt geschitt; de Jempi hat jhust eng déck Bëlz op der Stir an e Lach a sénger laanger Hues, wéi en op deen haarde Pawee opgeschloe war. Mä ouni Gedeessems huet de Jempi säi stëbsegt Gezei ofgeklappt; de Chauffeur, dee gesouch, datt dem Jempi nët vill geschitt wier, huet deen nach gutt vernannt, dass en esou domm aus engem Haff op d'Strooss géing lafen an as du virugefuer, ouni mat den Oueren ze wackelen. An domat war déi Affär gelaf. De Jempi war emol nët esou kéng, doheem vum Tëschefall ze piipsen. Hien huet sénger Mamm opgehaangen, hie wier am Schoulhaff beim Spille widder d'Mauer gelaf.

E ganz spektakulären Accident as e waarme Summerdag geschitt, wéi de Menn grad virum Haus bei der Roudemer Baach gespillt huet. Déi géi Strooss vu Rued erof koum op eemol mat Karacho eng Camionnette, déi en immense Koup Këschte mat Fläsche Béier a Limonad gelueden hat. Well den Dépositaire schon e puer Clienten besicht a bei deem dompege Wieder en etlech Fläsche Béier d'Strass erofgeschott hat, gesouch hien op eemol d'Liewe vun deër roseger Säit an huet gemengt, hie séitz hannert dem Volant vun enger Rennmaschin. Hien huet nët iwwerluecht, datt séng Camionnette, mat deene schmuele Rieder an deem héigen Opbau eng ganz wackeleg Ariichtung war.

Wéi e bei Päifesch op déi schaarf Kéier koum, leet säin héicht a rabbelecht Gefier sech op d'Säit, an éier deen erféierte Rennfahrer wousst, wat lass wier, knuppt den hënneschten Deel vu sénger Camionnette géint den Eck vun Huemes hirer Kelebunn. Et huet gekraacht, wéi wann eng Bomm gefall wir, an d'Fatzen, d.h. d'Schiirbele vun honnerte vu Fläsche sin duerch d'Luucht geflun. An op eemol dauscht et, wéi wann eng nei Baach laanscht Päifesch an Ditzen hir Giewelen de Bierg erofgedosch kéim.

De Menn huet A gemaach wéi e Meekällefchen, wéi en déi komesch Baach gesouch, déi geschaimt a gegëscht huet wéi kachent Seefewaasser. Et war de Béier an de Limonad, déi sech hire Wee an d'Roudemer Baach gesicht hun. Den Nuvolari op sénger wackleger Rennmaschin hat méi Chance wéi Recht. Wa séng ganz Charge Gedrénks an d'Camionnette och bei der Däiwel waren, sou war hien iewer glécklecher Weis mat e puer Bëlzen a Schréipen dervu komm, well en et de leschte Moment fäerdeg bruecht hat, de viischten Deel vu séngem Bolid laanscht den Eck vun der Keelebunn ze renken.


## Eng aussergewéinlech Course mat engem däitschen Auto

Eemol sonndes nomëttes goung de Menn mat séngem Kolleg, dem Fiels Jhoss op d'Landstrooss a Banzelt erop, fir sech déi schéin Autoën unzekucken, déi laanscht génge fueren. De Jhoss hat nämlech eng ganz formidabel Iddi. Si zwéin sollte probéieren, den Autoë Steng nozegeheien, fir festzestelle wéi séier déi génge fueren. Dobäi hun si sech wonnerbar amuséiert a si hu gelaacht ewéi d'Gecken, wann d'Steng hannen un deene schnelle Gefierer gehoppst a gespronge sin, ouni si erëm ze kréien.

Du koum dem Menn dat richtegt Rezept an de Kapp: "Du muss däi Steen e bëssche méi fréi schéissen! An da wir et dach gelaacht, wann dee Steen esou en dommen Auto nët erëm kréich!" Geduecht, gemaach! Wéi deen nächsten Auto et war deër renomméierter "Horch" eng, déi de Führer sou déif a säin Häerz geschloss hat, a vollem Tempo erbäigeschoss koum, zitt de Menn säin Arem schon, wéi de Luxusbolzer jhust niewent him war.

De Steen as gestart, huet en héige Bou duerch d'Luucht gezun, an as genee... op dem Horch séngem viischte lénke Schutzblech geland. Dem Jhoss an dem Menn stungen d'Hoër zu Bierg, wéi si d'Bremse vun deem gewaltege Gefier gehéiert hu quietschen. Elo war et fir ze handelen!

De Jhoss as wéi verstengert stoë bliwwen, mä de Menn as wéi en opgeschäichten Hues den Hiwwel eropgeturnt an op den Dännebësch zougestiirmt, dee laanscht d'Strooss vu Banzelt no Oulje louch.



An deër Zäit hat den däitschen Auto stallgehalen an en zimlech korpulenten Här huet sech zur hënneschter Autosdir erausgequëtscht an as op de Jhoss lassgeschoss, dee ganz verschotert do stung. Deen huet natiirlech geschwuer, datt hien onschëlleg wir. Dat huet dem roosenen Horchpassagéier och gläich ageliicht, wéi en de Menn gesouch, op de Bësch lassteieren. An ouni ze zécken, kraucht dee gudde Mann den Hiwwel erop a sprint hannert dem Menn op den Dännebësch zou.

Mä géint deen héichmotivéierte Menn hat e näischt ze bestellen. Deen as duerch de Bësch gerast wéi en ugeschossent Réi. D'Äscht vun de Beem sin him an d'Gesiicht geschloën, mä dovun huet hie keng Notiz geholl an as wéi entfesselt virugestiirmt, ouni iewer d'Denke ganz auszeschalten.

Niewent dem Dännebësch, deen nët ganz grouss war, louch e Geeschtfeld an d'Geescht hat ongeféier Maansgréisst. De Menn nët faul as wéi de Blëtz op dat Stéck lassgerannt, huet sech op de Buedem gehäit an as e puer Meter wäit an d'Geescht eragekroch, wou e roueg leie blouf. Du huet e gelauschtert, wat säi Verfolger géng maachen. Deen huet am Dännebësch gewuddert a sech geiergert, hat iewer nët anuecht geholl, datt de Menn aus dem Bësch erausgelaf wir. Wéi deen no laangen 10 Minutte näischt méi am Bësch héieren huet, as e ganz gemällech duerch d'Geeschtfeld gekroch, bis en um Enn op enger Wiss erauskomm. A well e kee Mensch méi dorëmmer gesin huet, as e genëschelt op d'Duerf zougaangen, wou e sech ganz onschëlleg engem Trapp Duerfjongen ugeschloss huet, déi do op der Ieselsbréck beienee stongen.

Eng gutt hallef Stonn méi spéit koum de Fiels Jhoss ugeschlappt an d'Angscht stung him nach am Gesiicht geschriwwen. Hien huet dem Menn gewénkt, fir dass kee säi Bericht sollt héieren, well déi zwéi wollten hir ganz Aktioun geheim halen. Si woussten nët, dass de Banzelter René hire ganze Streech vun séngem Haus aus verfollecht hat. "Mäi léiwe Jong," sot de Jhoss, "wat hun d'Preise sech an d'Broscht gehäit! Wa se déch kritt hätten, hätte se déch mat an Däitschland geholl, hu se gesot! Si hun nach wéi laang de ganzen Dännebësch ofgesicht. Wat has du Chance!"

Dat huet de Menn och geduecht an ni méi iwwert d'Steeschéissen op der Landstrooss gepiipst. Nach méintlaang huet hie gefaart, fir a Banzelt erop ze goën. A wann emol eng Kéier en Auto duerch Oulje gefuer as a staark gebremst huet, huet de Menn sech geschuddert, well e geduecht huet et kënnt den däitschen Auto sin, deen d'Vitesse-Course géint säi Stee verluer hat.

## 9. D'Geliichts am Heentzenhaus

Wéi de Menn mat sénger Mamm 1925 op Oulje koum, gouf et am Heentzenhaus zwou Zorte vu Geliichts: Petrolsluuchten a Käerzen. An der Kiche war eng Petrolsluucht, de Känki, deen duerch eng Metallfassung gehalen, hanne mam platte Réck laanscht d'Mauer un engem Nol hung. Owes, virun der Nuecht, gouf de Känki ugefaangen, mä d'Flämmche gouf ganz kleng gestallt, well deemols d'Leit gewinnt waren, ze spueren. A fir am Laf vum Owend hei an do dem Feier an der Kachmaschin nozeléen, war et hell genuch.

Wann d'Mamm dann d'Nuechtiesse maache wollt, huet si de Känki méi opgedréit, fir besser ze gesin. Si huet un engem Riedche gedréit, dat un engem längelzeche Still festsoutz. Dee Moment gouf d'Wick, déi ënnen an enger duerchsiichtiger Glasbull am Petrol geschwommen as, duerch eng Führung lues no uewe gedréckt. Et koum méi Petrol no, d'Flämmche gouf méi grouss an et gouf eng Onz méi hell an der Kichen. Nom Nuechtiessen hun d'Kanner missen an d'Bett. Duerfir hu se eng Käerz, déi an engem Käerzestänner stouch, ugefaangen a sin domat trapop an hir Schlofkummer gaangen. Do as de Käerzestack op den Nuetsdësch gesat gin, bis een ausgedoe war, an an d'Bett gekroch as. Wann d'Mamm schlofe goung, huet se nach d'Rond duerch d'Schlofkummere gemaach, fir ze kucken, ob jidderee séng Käerz ausgeblosen hätt.

Fir a Scheier a Ställ ze goën, hat den Heentzepapp eng Petrolslanter, déi een un engem Graff konnt droën an ophänken an ëm déi en déckbauchegt Glas war, dat ee konnt eropzéien, wann een d'Lanter wollt ufänken, an erofloossen, wann d'Lanter geliicht huet. Dat Glas huet nët nëmmen d'Flämmche virum Loftzoch geschëtzt, mä och nach verhënnert, datt si a Scheier a Stall d'Stréi oder d'Hee a Brand konnt stiechen.

Och an der Mëtt vun der Stuff hung um Plaffang eng Petrolsluucht, e schéint Stéck, mat gliese Pärelen a Fränjhelen drun. Déi huet sech esouguer bis bal op den Dësch erofzéie gelooss, wann ee gär gelies hätt oder eppes Kniwweleges huet misse schaffen. De Petrol fir an d'Stuffeluucht, fir an de Känki oder an d'Stallanter konnt een an enger Duerfepicerie kafen. Déizäit goufen et nach dräi deër Geschäfter

zu Ouljen, a Knuppen, a Belschen an a Molléngs. De Menn gouf meeschtens mat der Petrolskan, an déi op d'mannst 3 Liter goungen, a Molléngs geschéckt, fir déi wichteg Flëssegkeet heemzebréngen. An engem Eck vun der Epicerie stong e blechent Faass, an deem de Petrol war. D'Molléngsmamm huet dem Menn séng Kan op d'Faass gestallt, den Deckel erofgeschraut an un engem Hiewel gepompelt. Duerch e Rouer as de Petrol sträppweis an d'Kan gelaf. Wa se voll war, huet de Menn déi puer Su bezuelt an as mat deër schwéirer Kan heemgeschréckt.

Well dem Menn séng Mamm an der Stuff hiren Néieschatelier ageriicht hat, an ëmmer méi Fraen a Jofferen bei hir schaffe gelooss hun, koum et dass si friem Personal huet missen astellen an dacks bis spéit an d'Nuecht geschafft huet, fir der Aarbecht nozekommen. An dobäi huet si ëmmer geklot, dass si bei deem schappege Petrolsgeliichts nët genuch geséich. Duerfir huet si sech entschloss, eng Karbidsluucht unzeschafen. Déi sollt vill méi hell liichten, hat si sech soe gelooss.

An esou koum et, dass déi schéi Petrolsluucht an der Stuff vun engem hondsgewéinleche Karbidskänki ersat gouf. An tatsächlech, an der Stuff gouf et bal esou hell wéi am Dag, mä et war e schrecklech grellt Liicht, dat engem wéi an den A gedoën huet. An déi urgemittlech Stëmmung, déi ëmmer vun deër treier Petrolsluucht ausgaangen as, war wéi ewechgeblosen an huet enger Atmosphär vu Geschäftegkeet an Hektik, Plaz gemaach. De Menn war natiirlech virwëtzeg, fir gewuer ze gin, wéi esou eng Karbidsluucht géng funktionéieren an dat emsou méi, well séng Mamm him sot, hie misst d'Fangere vun der Karbidsluucht ewechhalen, well dat vill ze geféierlech wir, et kënnt esouguer eng Explosioun gin.

## Geféierlech Spillercher

Dat mat der Explosioun huet dem Menn vun deem Dag u keng Rou méi gelooss. Hien duecht: "Wann dat esou as, da misst een déi ganz Saach emol méi genee ënnersichen." Duerfir huet en enges gudden Daags vun der Geleënheet profitéiert, wéi hien eleng am Haus war, fir d'Karbidsluucht ënnert d'Lupp ze huelen. Hien huet se vum Krop, un deem se hung, erofgeholl an un engem klenge Krun gedréit. Ei, wéi huet et do bannendra gegluckert! Dat war d'Waasser wat uewen am Gäppche war an duerch e Réierchen no ënnen op de Karbid gedrëpst as. Do huet et gezischt. "Aha", duecht de Menn, "wa Waasser un de Karbid kënnt,

dann entsteet Gas. Dee kënnt ganz sécher hei uewen zu deem klenge Schaaschtech eraus." De Menn war ganz houfreg, datt hien dat erausfond hat. "Mat engem Fixspoun", huet hie virun iwwerluecht, "kann een dann de Gas ufänken an et huet een en hellt Geliichts." A scho war de Menn ënnerwee, fir an d'Kichen eng Lued Fixspéin sichen ze goën. Geschwënn hat hie fond, wat e gesicht huet an hie goung bei d'Karbidsluucht zréck. Hien hëlt se an zwou Hänn a rëselt se emol gutt. Et huet bedenklech an der Karbidsluucht gedosch. "Elo get et esou lues Zäit fir d'Luucht unzefänken!" huet de Menn räsonnéiert. Du reift en e Fixspoun un a fiert dermat bei de Brenner vun der Luucht. Mä.. du gouf et e Knuppert, an eng hell Flam as dem Menn ëm d'Oure geschloën. Dee klengen Techniker as esou erféiert, dass e mat der Karbidsluucht ënnert den Dësch gerullt as. Wéi de Blëtz goung et him duerch de Kapp: "Et wärt dach nët mäi Lescht sin!" Ee Gléck, d'Flam as duerch de Coup vum Falen ausgaangen a konnt keen Onheel méi uriichten. Ganz verdaddert as de Menn du ënnert dëm Dësch erausgekrabbelt an huet sech gläich an deem laangen Ateliersspigel gekuckt. O, nondi d'jupp, wéi gesouch de Menn aus! Säi Gesiicht hat schwaarz Sträifen an iwwert den Aen hat hien z'wéin däischter Strécher. O mei, séng Aperhoër ware gesengt. De Menn duecht: "Et as nach eng Kéier gutt gaangen, ech liewe nach." Mä wéi séng Mamm heemkoum, huet si direkt anuecht geholl, wat lass wier, an de Menn huet sech eng zimlech laang Priedegt missen unhéieren. Woche-laang huet en dei blöd Karbids-luucht nët méi bekuckt.



Eng Zäit no deem veron-gléckten Experiment huet et hien iewer erëm gejuckt, fir nei Saachen ze ënnersichen. Hie wousst, dass an der schwaarzer Trommel am hën-neschte Schapp Karbid wier, wou-mat d'Karbidsluucht gefiddert gouf.

De Menn krut eng Iddi. E mécht dën Deckel vun der Trommel op an hëlt sech e puer Gräpp deër heller Steng eraus, déi esou staark geroch hun, a leet se an eng al blechen Dous. Domat goung en du laanscht d'Roudemer Baach, wou en dem Fiels Jhoss an dem PäifeschNéckel begéint. De Menn weist hinne gläich, wat fir e Schaz hien a sénger Dous hätt. Déi zwéin hun iwwert d'ganz Gesiicht gegrinst. "Domat kënne mer schéi spillen!" sot de Jhoss. Hien hat grad eng eidel Fläsch bei sech an am Kapp eng flott Iddi: "Komm, mir stoppe Karbid an dës Fläsch, schëdde Waasser drop a maachen de Stopp zou." De Plang gouf gläich ausgefouert. Mä de Menn, dee no séngem Experiment mat der Karbidsluucht der Saach nët richteg getraut huet, sot: "Hal d'Fläsch nët am Grapp, lee se duer vir an de Gruef!" An der Fläsch huet et geramouert an op eemol goung et: "Päng!" De Stopp vun der Fläsch war ewechgefuer. "Mir mussen eng Béierfläsch mat engem Drotverschloss huelen", sot den Néckel, "déi hält méi fest zou!"

Hien as séier heemgelaf a koum mat enger Béierfläsch erëm. D'Experiment gouf widderholl an d'Fläsch an den Dëmpel gehäit. Op eemol héieren déi dräi e Poufert am Waasser a gläich drop maache se grouss Aen. E puer doudeg Ellercher sin um Réck um Waasser gedriwwen. O mei, déi si vum Drock erstéckt!" sot de Jhoss. An de Néckel huet gemengt, dat wier eng einfach Method fir fëschen ze goën. Mä am Fong huet et deenen dräi dach leed gedoën, fir déi aarme Fësch a si hu beschloss, näischt méi sou ze maachen.

Den Néckel goung nach eng zweet Béierfläsch heem sichen, an si hun och déi mat Karbid a Waasser gefëllt. Si hun iewer d'Fläsch einfach an d'Heck geluegt.Nët laang huet et gedauert, du gouf et e rabbelegt Geräisch vu gebrachenem Glas an d'Schierbele sin dorëmmer geflun. Gott sei Dank gouf kee vun hinnen dräi geroden. Mä elo hate s'et iewer allen dräi verstanen, datt si sech mat geféierleche Spillercher agelooss haten.

Duerfir gounge se un de Bor vun der Baach an hun duer an de Bulli och emol e Karbidstee geluegt. Gläich drop gesouche se dass et am Bulli geblubbert huet. Et war, wéi wa Loft ënnen aus der Baach eropkéim. Hei elei", sot de Menn, dat do gët eng Karbidsluucht. E gräift a séng Täsch, hëlt d'Fixfeier a fänkt e Spoun un. Deen hält e bei dee spruddelege Bulli. An, o Wonner, e schéint, hellt Liichtche flamt op. Du hëlt de Menn séng lescht Steng Karbid a verdeelt se. A jiddere vun den dräi Spezialisten buddelt sech du e puer Luuchte vir an d'Baach. A well et an der Zwëschenzäit schon e bësschen däischter gi war, hun de Bouwen hir Liichtercher sech vu wäitem ugesin, wéi flackreg Irrlichter am Mouer. Déi dräi ware begeeschtert an ëm eng interessant Erfahrung méi räich.

# 10. D'Elektrescht kënnt

Am Fréijor 1930 sin d'Ouljer Schoulkanner een Dag am Schoulhaff zesummegelaf, wéi op eemol e schwéire Camion mat engem laangen Unhänger vu Rued erof an d'Duerf eragefuer koum. Op deem schaarfen Eck beim Veräinsbau huet de Chauffeur misse kierpe fir d'Kéier ze kréien, sou laang war säi Gefier.

D'Bouwen hun An an Ouren opgerass, wéi dat Ongetüm beim Onkel", bal vis-à-vis vum Schoulhaff, stallgehalen huet. An Amen a Jo hunge se un der Schoulmauer, fir nëmmen näischt ze verpassen.

E puer Männer sin aus dem Camion geklommen a si bei den Unhänger gaangen, wou se säitlech e puer stabil, véierkanteg Holzdunne festgemaach an esou eng schif Bunn vum Gefier bis erof op de Buedem opgebaut hun.

Du sin zwee staark Männer op den Unhänger eropgeklommen an hu mat zolitten Zueden e puer laang Bëtongspottoën, déi se gelueden haten, iwwer déi amenagéiert Rutschbahn erofgedréckt. Mat vill Geschéck a Kënnen hun s'et fäerdeg bruecht, déi schwéier Laascht ganz séier op de Buedem ze kréien. A scho sin d'Männer erëm an hir Kabin geklommen an dat gewaltegt Gefier as iwwer d'Ieselsbréck ewech verschwonnen.

Déi Deg duerno koum de Camion nach méi dacks an d'Duerf an iwwerall laanscht Stroossen a Weër sin deër laanger Pottoën ofgeluede gin. Mat groussem Interessi hun d'Bouwen déi Stäiler ënnersicht an hu festgestallt, dass a gewëssen Ofstänn schéi ronn Lächer dra waren an datt se bannen dran huel misste sin. Desweideren hun së och anuecht geholl, dass de Bëtong mat Eisestaange bannendra verstärkt war. "Esou Pottoën", duechte së, mussen eng ganz Eiwegkeet duerhalen, a sin einfach nët futti ze kréien."Mä d'Zukunft huet gewisen, datt deem nët esou war, well déi "stabil Pottoë" si vill ze séier verwittert.

## D'Zéigiedel

Iwwerdeems huet all Mënsch dervu geschwat, dass eng Gesellschaft am Land géif bestoën "Cegedel" genannt, déi elo an nächster Zukunft derfir géng suergen, dass och Ouljen, an d'ganz Géigend, den elektresche Stroum kréich. D'Bouwe

ware natiirlech huerteg bei Hand, fir de Spunnes ze maachen a si hun deene klenge Krapperten op der Strooss opgehangen, eng Zauberfee géif et elo geschwënn hell an den Haiser maachen ouni Käerzen, ouni Petrol an ouni Karbid, an déi Zauberin géif "Zéigiedel" heeschen. Dat hun déi Kleng geschléckt an d'Zéigiedel gouf déi Perséinlechket, iwwer déi an nächster Zäit am meeschten ënnert de Kanner geschwat gin as.

E puer Wochen, nodeem déi sëlleche Stäiler am Duerf verdeelt gi waren, goung zu Ouljen e Betrib lass, wéi nach kee Mënsch et erlieft hat, et sief e puer eler Leit, déi nach ëmmer vum éischte Weltkrich geschwat an deene Jonken erzielt hun, wat dat deemols en Trawolt am Duerf war, wann d'Aquartéirung an d'Haiser koum.

En etlech Aarbechter, mat grouss auserneegefaalte Plangen, si mat Faarfdëppercher a Pinselen duerch d'Duerf geträppelt an hun hei an do Zeechen op d'Strooss, u Maueren an Hausgiewele gemolt. Eng ganz Equipe aner Aarbechter sin duerch d'Stroosse gezun an hun op den ugezeechente Plazelächer an de Buedem gebuert a gebuddelt. An déi Lächer goufen da schliisslech mat groussem Opwand déi schwéier Stäiler eragesat an opgeriicht an um Enn mat Mortjën kuléiert a befestegt. Op deene Plazen, wou wéinst den enke Gaasse kee Potto niewent dem Wee konnt opgeriicht gin, goufe mat Eisestaangen Ophänkerten un d'Giewele vun den Haiser, de Ställ oder Scheiere festgemaach. Well duerfir iewer déif Lächer an d'Mauere vun de Gebailechkete geschloën hu misse gin, war et néideg, dass déi Responsabel vun der Cegedel an d'Haiser gaange sin, fir mat de Proprietären d'Erlabnës auszehandelen, déi Ophänkerten un hir Giewelen dierfen unzemaachen.

Nom Opriichte vun de Stäiler gouf nach laang keng Rou am Duerf. Am Géigendeel. Ee fréie Moie koum en décke Camion, deen iwwerdimensional Bobinne gelueden hat, op deene Kofferdrot opgewéckelt war. All puer honnert Meter huet de Camion stallgehalen an et gouf eng vun deenen décke Rullen ofgelueden. Gläich drop sin zwou Kolonnen Aarbechter an Aktioun getrueden. Déi eng hun deër schwéirer Rullen eng opgebockt an den Drot erofgezun. Bei der Kiirch as op Eisenträger eppes wéi e grousse, véiereckege Käfeg montéiert gin.

D'Bouwe waren natiirlech virwëtzeg, fir gewuer ze gin, wat dat wier. Ee vun den Aarbechter, dee laange Muchel, wéi e genannt gouf, konnt d'Kanner gutt leiden an hien huet hinnen erzielt, wéi dat alles géng funktionnéieren. "Den elektresche Stroum", sot en, "gët op de Schmelzen an der Minettsgéigend produzéiert vun

Dynamoën, déi natiirlech vill méi grouss, wéi déi un de Wëlloën sin a vum iwwerflëssege Gas aus den Héichiewe gedriwwe gin. De Stroum gët dann duerch gewalteg Hochspannungsleitungen iwwer Land geleet an duerch en Transformator, wéi dee véiereckege Käfeg bei der Kiirch heescht, gët d'Spannung erofgesat, éier d'Duerfnetz um Enn mat dem reduzéierte Stroum vun 220 Volt gespeist gët. Aus dem Duerfnetz kënnt en zum Schluss iwwer d'Privatleitungen an déi eenzel Haiser. An all Haus gët e Compteur agebaut, deen de Verbrauch vum elektresche Stroum a Kilowatt moosst. E puermol am Joër kënnt dann den elektresche Männchen a schreift op, wivill Stroum all Haushalt verbraucht huet. Dann zitt en d'Geld an, eng flott Affär fir d'Zéigiedel". An de Muchel huet iwwer d'ganz Gesiicht gegrinst.

De Bouwe stongen d'Hoër bal zu Bierg vun all deene geléierten Erklärungen, mä si hu wéi Spezialiste mam Kapp gewénkt a gemaach, wéi wa se alles verstanen hätten, fir de Muchel nëmme nët ze verdräissen.

An de meeschten Haiser vum Duerf waren och scho fläisseg Elektriker am gaang, d'Hausleitunge fir dat neit Geliichts ze leën. An den Haiser gouf geklappt a gebuert, dass et eng Gällecht war. D'Leitunge sin zwar meeschtens iwwer Botz geluecht gin, mä an der Hausfassad huet missen e Lach geschloe gin, fir d'Leitung an d'Haus eranzehuelen. An och vun engem Zëmmer an dat anert hu misse Lächer gebuert gin, fir d'Elektrescht an all Raum ze kréien.

An da sin d'Luuchten ausgewielt gin. An déi bescht Stuff koum e Lüster, dee bal huet missen ausgesin, wéi déi al Petrolsluucht mat Fränjhelen a Glaspäerelen drun. Virun d'Hausdir, an de Gank an an d'Trapenhaus koume gewéinlech ronn Bullen, an a Scheier a Ställ längelzech Glasluuchten, déi mat enger Aart Drotgitter ofgeschiirmt waren, an dat aus Sécherheetsgrënn. Mä an de Schlofkummeren huet et missen e wäisse Schiirm sin, mat engem "Abat-jour" aus seidegem Stoff.

## De Stroum as do

Mat Ongedold hun du d'Leit op de Stroum gewaart. An ee gudden Dag war et dann esou wäit. Wat war dat eng Freed, wéi op eemol an all Zëmmer vun den Haiser an och virun den Hausdiren alles hell beliicht war. D'Kanner sin dorëm gerannt a woussten nët, wou se fir d'éischt sollte kucken. An esouguer déi Grouss, déi dach ëmmer esou spuersam waren, haten näischt dergéint, dass d'Kanner sämtlech Luuchten am Haus opliichte gelooss hun. Iewer dat hat säi gudde Grond. De Stroum huet déi zwee éischt Deg nach näischt kascht, bis d'Kontrollere vun der Cegedel all Compteuren aus dem Duerf gepréift an agestallt haten. Mä soubal

d'Compteuren ugefaangen hun ze dréien, goung dee gewinnte Spuersystem erëm lass, well déi Al ware skeptesch an hu geduecht si missten, fir déi nei Kammouditéit, d'An aus dem Kapp bezuelen.

A Kichen a Stuff war och alt emol, niewent dem Schalter fir d'Luucht unzefänken e Stecker montéiert gin, fir de Fall, wou ee sech spéiderhin en elektreschen Apparat géing uschafen. Den éischten Apparat, deen an d'Heentzenhaus koum, war en elektrescht Streckeisen, wat e grousse Fortschrëtt am Néieschatelier bedeit huet. Bis dohin hat dem Menn séng Mamm nëmme Plätteisen", déi op der Kachmaschin oder um Uewe virgewiermt gi sin. Fir iewer e ganzt Kleed ze bigelen, war e Kueleneise néideg. An dat hat en etlech Nodeeler: Wann ee laang dermat gestreckt huet, krut een de Kapp wéi, well d'Holzkuelen, wa se lues dohigesickert sin, e gëftege Gas entwéckelt hun. Et koum och alt vir, dass e Fonken aus dem Eisen erausgeflun as, an e Lach an ë fonkelneit Kleed gebrannt huet, wat natiirlech eng gellech Katastrof fir d'Néiesch war.

## Di éischt Radioën

Et huet nët laang gedauert, du sin déi éischt Radioën am Duerf opgedaucht. De Menn kann sech nach gutt erënneren, dass beim Theisbauer de Radio dacks op der Fënster stung. An d'ganz Gaass konnt nolauschteren, wann déi schmasseg Musek erklongen as. D'Schoulkanner, déi da grad aus der Schoul koumen, si stoë bliwwen an hu sech ëm déi Wonnerkëscht versammelt an hun andächteg nogelauschtert, wann den Tino Rossi "J'attendrai" oder "Marinella" mat séngem onverkennbare Schmelz an der Stëmm gesongen huet, datt et jidderengem weech ëm d'Häerz gouf an en etlech Medercher bal schwaach gefall sin.

Well de Menn, a besonnesch séng zwou Stéifschwesteren Anni a Flore, keng Rou gelooss an ëmmer an ëmmer erëm gesouert hun: "Wéini kréie mir dann e Radio?" koum och endlech, no e puer Joër, den éischte Radio an d'Heentzenhaus. De Monni Lipp vu Näerden huet e bruecht an zwar deen Dag, wou 1935 zu Paräis d'Weltmeeschterschaft am Cyclo-Cross gefuer gouf.

De Monni, deen an der Zäit selwer Course matgefuer as an e ferventen Unhänger vun de Gebridder Arsène a Josy Miersch vu Käerch war, huet de Radio montéiert an ageschalt. An - o Wonner, e Reportage a franséischer Sprooch gouf jhust vu Paräis iwwerdroën. De Monni huet d'Ouer bei d'Radioskëscht gehalen, fir jo nëmme kee Wuert ze verpassen.

An op eemol as de Monni, wéi geckeg dorëmmer gesprongen. De Menn huet hie ganz matledeg bekuckt, well e nët wousst, wat a säi Monni gefuer wir. Emmer an ëmmer huet dee gebirelt: "De Jhoss huet gewonnen! De Jhoss huet gewonnen!" Mat Ach a Krach huet de Menn zu gudder Lescht hannert dem Monni erauskritt, datt de Josy Miersch vu Käerch Weltmeeschter am Cyclo-Cross gi wär, an all déi aner grouss Assen aus Frankräich, der Belsch, der Schwäiz asw. gewichst hätt.

Dat war e Start no Mooss vum Radio am Heentzenhaus. Vun deem Dag un huet de Menn sech vill méi fir de Wëllossport intresséiert. Säi Monni vun Näerden hat hien ugestach. Sou as et liicht ze verstoën, dass de Menn an en etlech sénger Klassekollege bal aus dem Haische gerode sin, wéi déi Zäit éng Häerd vu Lëtzebuerger Coureure fantastesch Leeschtungen op all Stroosse vun Europa bruecht hun. Et waren haptsächlech d'Gebridder Mett a Pir Clemens vun Hënchereng, d'Gebridder Arsène a Josy Miersch vu Käerch, de Jeng Majerus vun Esch and de Josy Kraus vu Gréiwemacher, déi 1936 eng Equipe am Tour de France gebild hun. No der Ära François Faber a Nic. Frantz huet eng nei Ära am Lëtzebuerger Wëllossport ugefaangen. De Menn huet haaptsächlech fir de Josy Kraus geschwärmt, deen deemols fir de Wëllosclub "La Paloma" vu Rued/Syr gefuer as an dobäi eng ganz Rei Kiirmescoursen an der Géigend gewonnen huet.

An hirer Begeeschterung hun de Menn a säi Kolleg Jhoss decidéiert mam Wëllo op Metz ze fueren, wéi den Tour de France 1936 do ukoum. An déi zwéin hun hir Rees ni bereit, well deen Dag zwee Lëtzebuerger Coureuren zu Eire koumen. De Mett Clemens huet d'Etapp gewonnen an den Arsène Miersch krut de "Maillot jaune" iwwergestreppt. Dat waren nach Zäite fir de Lëtzebuerger Cyclissem.

Lues, iewer sécher goufen iwwerdeems och an de Bauerenhaiser elektresch Maschinen an Apparaten ugeschaaft, fir dat beschwéiert Liewen um Bauerenhaff alt e bëssche méi agreabel ze maachen. Och déi schrecklech Däischtert, déi a villen Hierscht- a Wanternuechten iwwer dem Duerf long, sou dass d'Kanner gefaart hun, owes virun d'Dir ze goën, gouf deelweis iwwerwonnen. Op all Stroossekräizung a schaarf Kéier gouf eng elektresch Luucht un engem Potto festgemaach. Dat gouf fir d'ganz Duerf nach nëmmen eng gutt hallef Dosen. Ma ëmmerhin; den Ufank war gemaach. Ouljen as fir zerguttst aus séngem honnertjähregen Dornréischeschlof erwächt an as lues iewer sécher an d'Zäitalter vum technesche Fortschrëtt erageschliddert.

## 11. De Menn a säi Wëllo

De Menn war ni verwinnt gin an huet och nët bei all Geleënheet en décke Cadeau kritt. Mä, wéi en séng éischt Kommioun sollt maachen, gouf am Heentzenhaus e grousst Familjefest organiséiert, an dem Menn séng Mamm huet d'ganz Famill invitéiert. Jiddereen huet dem Eischtkommunikant e schéine Cadeau matbruecht, wéi dat sech esou gepasst huet, an de Menn war frou wéi e Geck.

Mä, wéi de Monni vun Arel mat séngem Geschenk erausgeréckt as, hätt de Menn am léifsten de Kopplabunz vu Freed geschloën. De Monni huet aus der geraimeger Mall vu séngem Auto e Kannerwëllo erausgehuewen. De Menn hätt sech ni a nimmer dreeme gelooss, dass hien esou e wonnerbare Cadeau kënnt kréien. Hie war ganz duercherneen, an huet sech musse fatzeg konzentréiren, fir duerno an der Kiirch dem Häer Schiltz séng gutt astudéiert Kommiounszeremonie nët op d'Kopp ze geheien.

Et as dem Menn natiirlech schweéiergefal fir sénger Mamm ze follechen, mä wat sollt e maachen? Et war jo säin Eischtkommiounsdag!

### De Menn léiert Wëllo fueren

Déi Wochen no de Kommioun huet de Menn selbstverständlech drop gebrannt, fir op séngem neie Wëllo léieren ze fueren.

Wéi hie bis d'Erlabnës krut, fir de Wëllo mat op d'Strooss ze huelen, war et fir de Menn keng grouss Schwieregkeet méi, fir dat ze léieren. Hien huet de Wëllo op e klenge Bierg gedréckt, huet sech drop gesat an en dann de Bierg erofrulle gelooss. Esou huet hien d'Riicht behalen, well säi Gefier zimlech vill Vitesse drop hat.

De Menn huet zwar meeschtens vergiess ze bremse; mä wann hie wollt stallhalen, huet hien e Fouss iwwer de Buedem schläife gelooss an esou koum hien dann un d'Halen an och séier vum Wëllo erof. Vun Dag zu Dag huet de Menn Fortschrëtter gemaach an as ëmmer méi king gin.

Enges gudden Daags huet hien du versicht, anstatt riicht der Strooss nozefueren, ëm d'Kéier ze jhauwen, well e geduecht huet, hie kënnt scho gutt

renken. Mä, well de Menn nees vergeess hat ze bremsen, krut hien d'Kéier nët, esou gutt en och um Giddo gekierbt huet. Mat knapper Nout koum hie laanscht eng Mauer an e rennt mat voller Wucht an en décke Mëschtkoup, dee grad déi giedlech Héicht hat, dass säi viischt Rad dra steeche blouf. De Menn selwer iewer as mam Kapp vir, uewen op dem Koup geland, wou en zum Gléck guer nët haart opkoum.

Dem Menn war - wann ee vum begladderte Gezei, dem parfüméierte Gesiicht an den bedrecksten Hänn ofgesäit - näischt weider geschitt. Mä, séng Kollege stungen do an hu sech eng Hatt voll gelaacht.

Wat blouf dem Menn aneschtes iwwreg, wéi sech heem ze schläichen an ze versichen, sech propper ze maachen? Leider Gottes koum séng Mamm iwwert deër Operatioun derbäi an de Menn krut den Dokes gefeet. Mä eppes Wichteges hat de Menn dach geléiert. Hien huet vun do un ni méi vergiess, fir de biergof op séngem Wëllo ze bremsen.

## Eng Wëlloscourse

E puer Méint méi spéit schon konnt de Menn esou gutt fueren, dass en an d'Championnat agräife konnt, dat vun Zäit zu Zäit an den Duerfstroosse vun Ouljen duerchgefouert gouf. A sénger Alterskategorie koum de Menn géint de Pol an d'Finale. Zwéin Tir ëm d'Duerf sollten d'Saach entscheeden. Den éischten Tur blouwen déi zwéi schéi beieneen, esou wéi d'Profiën op der Sprintwelt-meeschterschaft. Och den zweten Tur hun déi zwéi Konkurrente sech bekuckt wéi bësseg Honn a kee wollt de Sprint unzéien.

Déi lescht Kéier virun der Arrivée louch grad virun hinnen, wéi de Pol racks-deg urappt. De Menn war e bësschen iwwerrompelt gin, as dun iewer och gläich an d'Pedalle gesprongen an huet gedréckt wéi ë Wëllen. A mat Schwonk gung et an d'Kéier. De Pol, deen eng Wëllosländt vir war, konnt de klengen Tur halen; de Menn huet versicht, hien am grousse Bou ze iwwerhuelen. "Wie ka fir en Ongléck, d'Welt as voll!" duecht de Menn nach, wéi en op eemol matten an der Kéier en décke Kéiflapp viru sech gesin huet leien. Mam beschte Wëlle vun der Welt koum de Menn nët méi derlaanscht. A jupp, fort war hien! De Wëllo as ënnert him ewechgeglëtscht, wéi eng glat Frell, an de Menn rëtscht mam Hënneschten iwwert d'Strooss, op d'mannst 20 m wäit.


De Pol, deen dem Menn säi Malheur anuecht geholl hat, huet guer nët méi dru geduecht, fir bis op d'Arrivée ze rennen a Champion ze gin. Hien as ëmgedréit a koum zréck, fir ze kucken, op dem Menn eppes Eeschtleches geschitt wir. Deen as du grad ënnert séngem Wëllo erausgekrabbelt an huet nët extra frou dragekuckt, well séng hënnescht Fassad huet gebrannt wéi Feier. Natiirlech war och erëm e grousst Lach an der Box, an de Menn as nees eng Kéier mat gemëschte Gefiller heemgehumpelt.

## Gléck am Ongléck

Nach zwou méi andrénglech Warnungen huet de Menn gebraucht, fir ze léieren, déi richteg Vitesse ofzeschätzen, mat deër e kënnt mam Wëllo ouni Gefoer an eng Kéier erafueren. Sou war en op een Hoër ënnert en décke Camion gerannt, deër déi Zäit och alt schon e puer den Dag duerch d'Stroosse gerattert sin. De Menn koum esou séier geschoss, dass en d'Kéier nët kritt huet; a wann de Camionschauffeur nët op der Plaz stallgehalen hätt, wir dem Menn säi Liewe kee Su méi wäert gewiescht.

Déi zweete Kéier kënnt de Menn a voller Vitesse ënnert der Eisebunnsbréck vu Betzder erduerch, hannert deër d'Strooss schaarf no lénks gedréit huet. A wéi e Fluch, do koum jhust matten an der Strooss en Ouljer Bauer mat sénger Kutsch, wéi wann hien eleng ënnerwee wir. De Menn huet missen a leschter Sekund auswäichen, fir nët ënnert d'Päerd ze rennen. Dobäi krut en de Summerwee ze paken, gët duerch d'Gléisen aus sénger Richtung gehäit a flitzt nach jhust hannen un der Kutsch erduerch iwwert d'Strooss op déi lénks Säit. Do gouf de Wëllo wéi eng Rakéit en Hiwwel eropkatapultéiert, wou e virun der Eisebunn un d'Hale koum, op deër grad en Zuch erugedosch koum.

Dat war nun dem Menn dach eng Léier a vun deër Zäit un as e vill méi gedam op séngem Wëllo gefuer.



## Déi verongléckte Sprëtzfaart op d'Musel

E schéine, waarmen Nosummerdag, e Sonndeg, et war grad en Zirkus am Duerf, bei deem de Menn a séng Kollege scho vill beim Opriichte gehollef an duerfir e Fräibilje kritt hate fir an d'Sonndesowesvirstellung ze goën, huet de Néckel proposéiert en Tur mat de Wëlloën op d'Musel ze maachen. De Pol, de Jhoss, de Menn an de Fons waren eenzock d'accord a scho si se lassgefuer.


Déi Fënnef sin natiirlech, nët ewéi haut hannerenee gefuer, mä niewenteneen an engem Peloton wéi déi richteg Coureuren. Ganz flott goung et den Trënténgerdall dorower. Op eemol, der Däiwel weess, wéi et gaangen as, krut de Menn mat séngem viischte Rad dem Néckel séng Pedall ze paken, a boufdech trëllt en de laange Wee op d'Strooss.

D'viischt Rad huet enger 8 geglach an dem Menn séng schéi Pumphos hat e fatzegt Lach um Knéi. Elo war gudde Rot deier! Dem Menn säi Rad huet sech natiirlech nët méi ronderëm gedréit. Hie konnt also op kee Fall méi mat virufueren. Mä séng Kollegen hun hien nët am Stach gelooss an si hun an engem Duerf am Trëntengerdall Hëllef fond. Do war e Mann deen angeriicht war, fir e Rad ze zentréieren an hie war och d'accord, fir d'Reparatur um Menn séngem Wëllo, trotz dëm Sonndeg, fir 5 F duerchzeféieren. D'Kollegen hun hir puer Frang zesummegeluegt an de finanzielle Problem war geléist. Dee gudde Mann huet dem Menn och nach eng Versécherungsspéngel gin. Domat konnt hien d'Lach a sénger Box esou gutt zouspéngelen, dasst bal kee méi eppes anuecht geholl huet.

Sou konnt dann du endlech, no enger Stonn Openthalt, d'Rees op d'Musel virugoën. Zu Ohn hunn déi Fënnef nach e Frënd besicht, deen all Joër an hirt Heemechtsduerf bei de Schmatts Charel an d'Vakanz koum. Géint fënnef Auer hu se sech dun op den Heemwee gemaach. Mä elo koume se nët méi sou séier vun der Plaz, well d'Strooss de ganzen Zäit biergop goung. Déi fënnef Coureuren hu geschweesst wéi Steekläpper. An iwwert hirer schwéirer Aarbecht hun sie guer nët anuecht geholl, dass schwaarz Wolleke sech um Himmel zesummegezun haten. An op eemol huet et geblëtzt a gedonnert, dass et nëmmen esou gekraacht huet. An éier si richteg woussten, wat lass wir, huet et ugefaangen ze reene wéi mat Emere. Déi fënnef Ongléckvulle sin dunn drop lassgerannt, fir nach séier dat nächst Duerf ze erreechen an do en Ennerdach ze fannen. Mä den Himmel hat

keen Erbaarmen, an d'Waasser as den "Touristes-Routiers" an de Schong zesummegelaf, dass et nëmmen esou geknätscht huet.

Endlech louch d'Duerf - Flueswëller - virun hinnen. D'Strooss goung elle biergof an déi Fënnef koume geschoss, wéi d'Kugel aus der Flënt. A fir hire Pech vollzemaachen, hate se op der nächster Kéier op eemol en Trapp Kéi viru séch. Véier vun den Assen hun et fäerdeg bruecht, fir laanscht ze kommen. Mä de Fënneften - den Néckel - as enger Kou an d'Panz gerannt, éier en un d'Hale koum, well vun deem ville Reen séng Bremse nët méi richteg gegraff hun. Gottseidank iewer konnt de Néckel erëm virufueren, an déi Fënnef hu sech no deem Intermezzo op heem zou gemaach.



De Menn iewer krut et op eemol mat der Angscht ze din, wéi en dru geduecht huet, wéi hien doheem empfaange géif, mat sénger zerrassener Box, séngem geschannte Knéi a séngem plätschnaasse Gezei. Du koum him e rettende Gedanken. Zu Flueswëller hat séng Mamm gutt Bekannten, de Schoulmeeschter Kirsch a séng Fra, déi de Menn ëmmer mat Monni an Tata ugeried huet. An hien huet sech decidéiert, fir do säi Gezei dréchnen ze loossen, éier en heem géng fueren.

## Déi verongléckte Sprëtzfaart op d'Musel

E schéine, waarmen Nosummerdag, e Sonndeg, et war grad en Zirkus am Duerf, bei deem de Menn a séng Kollege scho vill beim Opriichte gehollef an duerfir e Fräibilje kritt hate fir an d'Sonndesowesvirstellung ze goën, huet de Néckel proposéiert en Tur mat de Wëlloën op d'Musel ze maachen. De Pol, de Jhoss, de Menn an de Fons waren eenzock d'accord a scho si se lassgefuer.


Déi Fënnef sin natiirlech, nët ewéi haut hannerenee gefuer, mä niewenteneen an engem Peloton wéi déi richteg Coureuren. Ganz flott goung et den Trënténgerdall dorower. Op eemol, der Däiwel weess, wéi et gaangen as, krut de Menn mat séngem viischte Rad dem Néckel séng Pedall ze paken, a boufdech trëllt en de laange Wee op d'Strooss.

D'viischt Rad huet enger 8 geglach an dem Menn séng schéi Pumphos hat e fatzegt Lach um Knéi. Elo war gudde Rot deier! Dem Menn säi Rad huet sech natiirlech nët méi ronderëm gedréit. Hie konnt also op kee Fall méi mat virufueren. Mä séng Kollegen hun hien nët am Stach gelooss an si hun an engem Duerf am Trëntengerdall Hëllef fond. Do war e Mann deen angeriicht war, fir e Rad ze zentréieren an hie war och d'accord, fir d'Reparatur um Menn séngem Wëllo, trotz dëm Sonndeg, fir 5 F duerchzeféieren. D'Kollegen hun hir puer Frang zesummegeluegt an de finanzielle Problem war geléist. Dee gudde Mann huet dem Menn och nach eng Versécherungsspéngel gin. Domat konnt hien d'Lach a sénger Box esou gutt zouspéngelen, dasst bal kee méi eppes anuecht geholl huet.

Sou konnt dann du endlech, no enger Stonn Openthalt, d'Rees op d'Musel virugoën. Zu Ohn hunn déi Fënnef nach e Frënd besicht, deen all Joër an hirt Heemechtsduerf bei de Schmatts Charel an d'Vakanz koum. Géint fënnef Auer hu se sech dun op den Heemwee gemaach. Mä elo koume se nët méi sou séier vun der Plaz, well d'Strooss de ganzen Zäit biergop goung. Déi fënnef Coureuren hu geschweesst wéi Steekläpper. An iwwert hirer schwéirer Aarbecht hun sie guer nët anuecht geholl, dass schwaarz Wolleke sech um Himmel zesummegezun haten. An op eemol huet et geblëtzt a gedonnert, dass et nëmmen esou gekraacht huet. An éier si richteg woussten, wat lass wir, huet et ugefaangen ze reene wéi mat Emere. Déi fënnef Onglécksvulle sin dunn drop lassgerannt, fir nach séier dat nächst Duerf ze erreechen an do en Ennerdach ze fannen. Mä den Himmel hat

keen Erbaarmen, an d'Waasser as den "Touristes-Routiers" an de Schong zesummegelaf, dass et nëmmen esou geknätscht huet.

Endlech louch d'Duerf - Flueswëller - virun hinnen. D'Strooss goung elle biergof an déi Fënnef koume geschoss, wéi d'Kugel aus der Flënt. A fir hire Pech vollzemaachen, hate se op der nächster Kéier op eemol en Trapp Kéi viru séch. Véier vun den Assen hun et fäerdeg bruecht, fir laanscht ze kommen. Mä de Fënneften - den Néckel - as enger Kou an d'Panz gerannt, éier en un d'Hale koum, well vun deem ville Reen séng Bremse nët méi richteg gegraff hun. Gottseidank iewer konnt de Néckel erëm virufueren, an déi Fënnef hu sech no deem Intermezzo op heem zou gemaach.



De Menn iewer krut et op eemol mat der Angscht ze din, wéi en dru geduecht huet, wéi hien doheem empfaange géif, mat sénger zerrassener Box, séngem geschannte Knéi a séngem plätschnaasse Gezei. Du koum him e rettende Gedanken. Zu Flueswëller hat séng Mamm gutt Bekannten, de Schoulmeeschter Kirsch a séng Fra, déi de Menn ëmmer mat Monni an Tata ugeried huet. An hien huet sech decidéiert, fir do säi Gezei dréchnen ze loossen, éier en heem géng fueren.

Geduecht, gemaach! De Monni an d'Tata ware vum Menn sénger Visite nët grad erbaut, mä si waren iewer d'accord, säi Gezei iwwert d'Kachmaschin ze hänken an ze dréchnen. Duerfir huet de Monni dem Menn sénges Gezei geléint, bis dat naasst Gelëmps dréche wir. An deër Zäit huet de Menn deenen zwee missen erzielen, wat hien de ganzen Dag schon alles erlieft hat.

Op eemol as hinnen esou e gelungene, schaarfe Geroch an d'Nues geklommen. A wéi d'Tata an d'Kiche goung, wou de Gestank hierkoum, du louchen dem Menn séng Strëmp op der gliddeger Kachmaschin a ware verkuelt.

Wat as anescht iwwregbliwwen: de Menn huet missen dem Här Kirsch séng Strëmp, an deenen hie geschwommen as, unhale fir heemzefueren. A wéi de Menn endlech zu Ouljen ukoum, war et scho laang däischter a séng Mamm ausser Rand a Band. Hir éischt Paroul huet geheescht: "Vif an d'Bett, an näischt ze Zirkussen", du has haut Zirkus genuch!"

Am Bett huet de Menn nach d'Musek vum Zirkus héieren an nach laang as en nët ukomm mat Schlofen.

No all dene Wëllosgeschichten sot dem Menn séng Mamm den aneren Dag: "Elo léiss de deen domme Wëllo emol mat Rou, éiers de nach Hals a Bee gebrach hues."

De Menn war forcéiert ze follechen, well säi Wëllo war an de Keller agespaart gin, an de Menn wousst nët, woe d'Mamm de Schlëssel verstoppt hat.

# 12. Den Onglécksvull

## Beim Schënner

De Menn war eppes wéi d'Ierts an der Wal; en hat keng Rou a keng Rascht am Leif a war duerfir ëmmer um Spronk, fir eppes ze ënnerhuelen. Meeschtens iewer koum näischt Guddes bei séngen Entreprisen eraus.

Wéi hien am éischte Schouljoër war, huet séng Mamm hien Allerhellege mat op Näerde geholl, fir op séngem Papp säi Graf ze goën. Eng Stonn éier d'Griewer geseent sollte gin, goung de Menn mat sénger Mamm op de Kiirfecht, fir nach Chrysanthemen op d'Graf ze setzen. Dem Menn séng Cousine vun der Mille goung och mat. An deër Zäit, wou d'Mamm um Graf geschafft huet, sin déi zwee Kanner iwwert d'Kiirfechtsmauer gelaf, well dat hinne vill Spaass gemaach huet.

Dat goung esou laang, bis de Menn op deër fiichter Mauer ausgerëtscht an erofgebunzelt as. De Menn huet e Kreesch gedoën an a séngem lénken Arem eng rose Péng gespuert. Hien huet säin Arem ugehalen a bekuckt. Et war esou e bossege Knécks dran, an de Menn krut säin Arem nët méi an d'Luucht. O Donnerwieder", duecht en, "déi Louder do as gebrach!"

An esou war et och; well wéi de Monni Mëller sech d'Saach ugekuckt huet, sot en: "Mat deem Arem do musse mer bei de Schënner!" De Menn as an d'Kutsch geluede gin, de Monni huet d'Päerd ugespaant a lass goung et op Simmer bei de Schënner. Wéi deen den Arem gesin hat, sot en zum Monni: "As dee Kärel nët ze vill kriddeleg? Haalt mër en op jidde Fall gutt un, well dat wärt néideg sin!"

De Monni huet säi Nëwi mat sénge graffe Schaffhänn ugepaakt an dee soutz fest wéi an engem Schrauestack. De Schënner huet séng Hiemsärem eropgestréppt a séngem Patient séng lénks Hand geholl a mat aller Force dru gezun. Dem Menn goungen d'Dronkenelle bal aus an de Schweess huet him op der Stir gepärelt. Hien huet geziddert wéi Espelaf: Mä wat konnt et déngen; hien huet misse stallhalen, well de Monni huet nët labber gelooss. Op eemol huet et am gebrachenen

Arem gegraatscht a gekrächst an e war nees riicht; dee bossege Knécks war verschwonnen.

"Dat hätte mer!" sot de Schënner an huet sech de Schweess ofgedréchent. Dunn huet e mam Monni éng Drëpp geschnauft. Duerops huet en dem Menn säin Arem mat engem bronge Schmier ageriwwen.

Zum Schluss hëlt en décke Kartong a giedlech Bengelen, fir dem Menn säin Arem dermat ze schinnen. Dorëmmer huet en e laange Verband gewéckelt. Um Enn hëlt en e grousst wäisst Duch, leet et zu engem Dräieck zesummen an huet dem Menn et als Schléng ëm den Hals geluegt. Dueran koum dee wéiën Arem leien. Dem Menn koum et vir, wéi wann en eng grouss, wäiss Popp ze versuergen hätt. Mä soss war alles an der Rei.



## An der Scheier

Am Heemount gouf d'Hée an der Scheier vum Heentzenhaus fir d'éischt iwwer de Kéistall an iwwer de Schwäistall getässelt. Wann déi zwou Plaze voll waren, as de Rescht ganz uewen op d'Gänn geluegt gin. Do war e véiereckegt Lach am Holzbuedem, dat geduecht war, fir d'Hee an de Scheierdenn erofzegeheien. Mä meeschtens gouf dat Lach mat zougetässelt an et huet een nët méi gesin, wou et virdru war. An dat gouf dem Menn enges gudden Daags zum Verhängnes."

Hien as ganz monter op d'Scheier eropgeklommen, fir no Héngernäschter ze sichen, well séng Mamm him gesot hat, et wiren e puer Hénger, déi hir Äer am Hee uewen op der Gänn verstoppe géifen. Op der Gänn louch nët méi ganz vill Hee, well dat ëmmer fir d'éischt verfiddert gouf. De Menn as ganz äerdeg op der Gänn hin- an hiergetrëppelt, fir ze sichen, huet iewer och glat nët méi un d'Lach am Holzbuedem geduecht. Hien trëppelt op déi fatal Plaz - an eenzock huet déi dënn Heeschicht, déi d'Lach verstoppt huet, nogin, an de Menn plumpst wéi e Mielsak, mam Réck vir no ënnen a schléit am Scheierdenn op, datt e gequaakst huet....

De Menn wousst den éischte Moment nët, wou en dru wir. Huet e nach gelieft oder war en dout? Dat konnt hie nët soën. Mä du héiert en e puer Hénger käcksen, ën Zeechen, dass en nach do wir. Du probéiert en, fir sech um Buedem ze dréien. Säi Réck huet gepëffert an hie krut bal keng Loft méi. Duerfir blouf ë roueg leien, ganz bestëmmt e puer Minutte laang. Lues a ganz bedächteg huet en sech du gehuewen. Mat Ach a Krach koum en op séng Been, mä, säi Réck... dee krut en nët méi riicht. Gebéckt, wéi en ale Pätter huet de Menn sech dunn an d'Haus geschleeft, wou séng Mamm bal e Schlag krouch, wéi së hire Fissi gesouch.

Si huet de Menn gläich an d'Bett gestach an ëm eng waarm Bull bei de Réck geluegt. Duerno gounge së all aus dem Haus an d'Scheier fir sech dem Menn séng Flugroute unzekucken. A jidderee sot: "Wat hat nammel eng gutt Nonn fir de Menn gebiet! Dee Putsch Hee vun der Gänn huet de Schlag ënnen an der Scheier amortiséiert an dem Menn d'Liewe gerett! An ee Gléck, dass e jhust laanscht de Weenche gefall as, wou och nach d'Séissel mat der Spëtzt no uewe gekuckt huet! Et as nët auszedénke wat geschitt wir, wann en am Weenche geland wir!"

Eng Woch méi spéit huet de Menn sech erëm esou gutt gespiert wéi e Fësch am Waasser a fit genuch, fir neien Erausfuerderungen d'Stir ze bidden.

# De Weenchen am Mëttelpunkt

Am Heentzenhaus gouf et, wéi bei alle klenge Leit e Weenche, fir déi alldeglech Transporter ze maachen. Ee schéine Nosummerdag as de Menn mat séngem Stéifpapp de Roudemer Wee dorober gefuer, fir de Kéi frëscht Gras erbäizebréngen, well déi sech an der Pierch nët méi sat friesse konnten, wéinst deër grousser Dréchent, déi scho wochelaang ugehalen hat.

An der Wiss huet den Heentzepapp d'Séissel geholl an e puer Äärbel voll Gras geméit. Dat gouf an de Weenche getässelt an d'Séissel uewendrop geluegt. Et blouf Plaz genuch vir am Weenchen, fir dass de Menn sech duer konnt sëtzen. Hien huet d'Bee vir zum Weenchen erausgestreckt an d'Féiss lénks a riets vum Täissel gehalen, fir esou säi Gefier kënnen ze renken. Den Heentzepapp huet hannendru gedréckt, bis et biergof goung. Dunn huet e sech séier uewen op d'Gras gesat an de Weenchen as vu selwen de Roudemer Bierg erofgerullt.

Wéi se ënnen an der Kéier bei d'Heentzenhaus koumen, gesouch de Menn, dass d'Paart vum Häffchen opstong. Duerfir wollt hien direkt mat grousser Eleganz an den Haff erafueren an huet racksdeg no lénks gerenkt. De Weenchen huet eenzock reagéiert. Mä well si e bësschen zevill Vitesse drop haten, koum, wat huet misse kommen!



Dem Weenche séng zwee lénker Rieder hu sech gehuewen an dat wackelegt Gefier as poufdeg no riets ëmgekippt. Dem Menn, dee sech vir am Weenchen un der Quierlat ugeklamert hat, as näischt geschitt. Mä den Heentzepapp hat méi Pech! Beim Emkippen as hie mam Arem an d'Séissel komm an et gouf en déiwe Schnatt. Hien huet geblutt wéi e Rand!

Gott sei Dank war dem Menn séng Mamm gläich bei Hand, fir d'Wonn ze behandelen, well si dat gutt konnt. Sou huet den Heentzepapp nët emol bräichte bei den Dokter ze goën. Déi verdrësslech Saach as alt erëm eng Kéier gutt ausgaangen. Jhust, dass dee Verongléckten eng Zäit laang nët vill schaffe konnt an de Menn sech als Chauffeur nët grad mat Lorbeeren bedeckt hat.

Eng zweete Kéier huet de Weenche sech als en onséchert Verkéiersmëttel erwisen. Nët laang no deem Mëssgeschéck mam Heentzepapp, freet de Schoulmeeschter an der Schoul, wien e Weenchen doheem hätt, fir an der Schoulzäit op Rued ze fueren an e Sak Zement a fënnefanzwanzeg Zillen beim Materialhändler Schmit ewechzehuelen. De Menn hat natiirlech gläich de Fanger an der Luucht an eenzock krut hien den Zouschlag. De Jhoss, de Pol an de Fons sollte matfueren, fir op der Réckfahrt ze hëllefen dat geluedent Gefier dee géie Bierg vun der Gare laanscht de Bina eropzedrécken.

De Menn a séng dräi Schoulkomeroden hu sech eenzock op de Wee gemaach a ware frou, dass si elo eng déck Stonn laang nët bräichten an deër stéckseger Schoul ze hucken. Wéi së uewen um Riederbierg ukomm waren, huet de Menn sech als Chauffeur vir an de Weenche gesat. An der Mëtt vum Weenchen hun de Pol an de Fons Plaz geholl. De Jhoss blouf hannen um Weenche fir unzedrécken. Dat huet hien och mat vill Geschéck gemaach. Jhust de leschte Moment, wéi d'Vitesse him ze grouss gouf, as e mat leschter Kraaft hannen op de Weenche gesprongen an huet sech fest un der Quierlat ugepaakt. Well keng Plaz méi am Weenche war, blouf hien - gebéckt zwar- hannen om Gefier stoën.

Dat wir och guer nët schlëmm gewiescht, wann hie roueg stoë bliwwe wir. Mä irgendwéi huet den Dabo e geplot an hien huet hannen um Weenche gerappt a gezuet, eng Kéier no lénks an eng Kéier no riets. De Weenchen, deen ëmmer méi séier de Bierg an de Soud dorower gejhauwt as, huet ugefaangen hin- an hirzeschwänken. De Menn huet vir um Täissel gerenkt wéi en Ongléckleehen, bal no lénks, bal no riets. Mä ëmmer méi grouss Béi huet dee wackelege Bolid op der Strooss geschloën. D'Katastrof war nët méi ze evitéieren. Mat engem fiirchterleche

Kraachert as de Weenchen ëmgekippt an - e gutt Stéck iwwer d'Strooss gerëtscht, dass d'Feier ewechgefuer as. Am Gefier selwer gesouch et aus, wéi wann de Blëtz drageschloën hätt. De Menn eleng louch nach am verongléckte Gefier; hie war nët erausgefuer, well e sech mat zwou Hänn un der Quierlat festgehalen hat. Et war ëm och weider näischt geschitt, wann ee vun e puer Kraatzerten u sénger lénker Hand ofgesäit.

Mä wou waren déi aner? - De Pol war vum Schock bis an de Summerwee geflun, wou en zimlech mëll opkomm war. Mat vill Chance war en nët widdert ë Bam geknuppt, well e soss ganz sécher nët mat enger klenger Bëlz op der Stir lassgewiescht wir.

An de Jhoss? Hie war, wéi e gesouch, dass et zum Däiwel géng, hanne vum Weenchen erofgesprongen. An elo stoung en op der Säit an huet sech de Bauch vu Laachen ugehalen, sou gutt huet him dat gelungent Bild viru sech gefall. Wann hien och mat sénger Sturaksegkeet dee ganze Misär verschëllt hat, hu guer keng Gewëssensbëss sech bei him gerouert. Dat huet sech iewer radikal geännert, wéi en de Fons mattsen an der Strooss gesouch leien.

Deen huet gesouert, sech gediebelt a gebéit wéi en zertrëppelte Wuerm an huet säi rietse Knéi, dee bluddeg war wéi e réie Biffdeck, mat zwou Hänn ugehalen. Wéi dem ongléckleche Fons séng dräi Kollege sech bewosst goufen, dass hire Frënd sech eng Elle gin hat, stonge se do ze zidderen an ze zabbelen an et war alles, datt se sech nët séier aus dem Stëbs gemaach hun.

Ee Gléck, dass de Menn sech als éischten zesummegerappt huet an de Pol an de Jhoss esou wäit krouch, fir de Weenchen erëm op séng véier Rieder ze setzen an de blesséierte Fons vun der Stroos opzehiewen. Mat groussem Opwand hun së hire Komerod an de Weenche gesat, well op säi Bee stoë konnt deen nët méi. An aller Vitesse sin se dunn op Ouljen zréckgerannt an hun de Fons doheem bei sénger Mamm ofgeliwwert. Déi huet op der Dot den Dokter geruff, deen dem Ongléckswull eng Sprëtz gemaach, e käimfräie Verband ugeluegt a Pëlle géint d'Péng verschriwwen huet. An du gouf de Fons an d'Bett gestach, a sechs Woche laang huet keen hie méi zu Gesiicht kritt.

Och de Schoulmeeschter as fatzeg erféiert, wéi déi dräi reskapéiert Rennfahrer him de Rapport iwwert hir Eskapade gemaach hun. Ganz sécher huet e sech geschwuer, ni méi esou eng Equipe deër Boddien an der Schoulzäit irgendwou hinzeschécken, fir eng Kommissioun ze maachen.

## D'Geschicht mam Godrong

Dee nächste Summer goung de Menn eng Kéier mat dem Jhoss an dem Pol a Banzelt erop. Do war ëmmer Betrib op der Landstrooss an d'Zäit gouf hinnen nët laang. Op eemol gesouche si e Koup schwaarz Blechfässer, laanscht d'Strooss leien. Et ware Godrongsfässer, déi drop gewaart hun, dass d'Stroossenaarbechter an nächster Zäit d'Lächer op der Landstrooss mat Godrong a Splitter ausflécke sollten. Déi Fässer waren zu deër Zäit mat gewéinleche Stëpp zou. Op eemol koum dem Pol déi flott Iddi", de Stopp vun engem Faass anzedrécken, fir dass de Godrong erauskéim. Mä weder de Pol nach de Jhoss hun dat fäerdeg bruecht. Well de Menn ëmmer hëllefsbereet war, sot hien: "Gitt emol op d'Säit, dat do as dach sécher nët esou schwéier!" An hien hëlt e klenge, stabile Poul, dee grad do louch an dréckt mat sénger ganzer Kraaft op de Stopp. A ratsch... de Stopp gët no, a pechschwaarz as de Godrong, deen duerch d'Hëtzt ganz leefeg war, erausgestrutzt, dem Menn an d'Gesiicht an iwwert säi Pullover a séng Box. De Menn war zu Doud erféiert a séng zwee Kollegen och. Si wousste nët, sollte së laachen oder kräischen, dass aus hirem Frënd Menn esou séier e Neger gi war.

De Menn stoung do wéi e gezapptent Hong an huet geschluchzt: "Sou kann ech méch nët vun de Leit erbléckse loossen!" Drop huet de Pol proposéiert: "Komm hei hannen as e Bur, mir versichen de Godrong mat Waasser ofzewäschen!"



Déi dräi sin dohi gelaf a si hu geriwwen a geschrubbt. Mä, wat si méi geschafft hun, wat de Godrong méi haart gouf a méi fest am Gesiicht an och um Gezei geklieft huet. D'Leit, déi an den Autoë laanscht gefuer sin, hu sech d'Häls bal verrenkt, wa së de Menn erbléckst hun.

De Menn huet sech geschummt an sech op den Heemwee gemaach, mä nët iwwert d'Strooss. Neen, hien huet e groussen Emwee duerch d'Bëscher an iwwer d'Gewan gemaach, fir dass keen ë sollt gesin. Sou koum en dann endlech hannert hirt Haus an heemlech huet en all Helleg am Himmel ugeruff, fir déi nächst hallef Stonn ze iwwerliewen.

Wéi séng Mamm en erbléckst huet, as si, wéi vun enger Tarantel gestach, dorëmmer gesprongen. Wéi si sech e bëssche gefaasst hat, huet de Menn emol fir d'éischt den Deckel gefeet kritt. An dunn as déi grouss Säuberungsaktioun ugelaf. D'Gezei war gutt fir ewechzegeheien, mä dem Menn säi Gesiicht? Dat as geriwwen a geschrubbt gin, an zwar mat engem Bimssteen, bis lues a lues déi schwaarz Farf, engem tomatrouden Toun gewach as.

Wéi de Menn deen aneren Dag an der Schoul d'Geschicht mam Godrong erzielt huet, koum och de Schoulmeeschter erbäi an huet nogelauschtert. Hien huet dem Menn zwar keng Strof gin, mä heemlech geschmunzt a gesot:

"Majo Menn, et as nët gutt, wann ee séng Nues an alles wëllt steechen!"

# 13. Energieversuergung

## Eng Holzstee

Wann d'Holzhäër um Enn vum Wanter "d'Coupe" am Bësch fäerdeg haten, gouf eng Holzstee ofgehalen. Dat war all Joër eng héich offiziell Zeremonie, déi dacks stonnelaang gedauert huet. Duerfir huet den "Humpefranz" och keng Stee verpasst. Hie war deen Dag mat sénger "Lietsch" am Bësch wéi d'Mëtsch am Buttek. D'Lietsch war e provisoresche Café op Rieder, dee gewéinlech op engem Heelederwon ageriicht war.

Dorop stungen e puer Fässer Béier, eng Këscht mat en etlech Fläsche Branntewäin an e puer Këschte mat Glieser, klenger fir d'Dréppen a grousser fir de Béier. War et dréche kal, dann as de Schnorri gezun wéi Zitz! Huet d'Sonn geschéngt an et war eng agreabel Temperatur, dann as de Béier gelaf wéi Quellewaasser. Op jidde Fall, den Humpefranz war sécher, e gutt Geschäftchen ze maachen.

Huet de Schwaarm Holzamateure sech verzun, well si dem Ausriffer vu Kouert zu Kouert nogaange sin, da war de Wiirt mat sénger Lietsch séier hannendrun, an d'Krunnemécke sin nët gewach, wa së d'Nues bis dra gestreckt haten. A si haten dann duebele Courage fir ze steën; op e puer Frang goung et en dann nët un.

Den Ausriffer huet eng Kouert no deër anerer ugebueden, an d'Leit hun drop gesteet zu Fräcks", well d'Holz war fréier immens wichteg fir all Stot. D'Kouert gouf um Enn deem zougeschloën, deen am meeschte gebueden huet, also dat lescht Wuert behalen hat. Am flottste gezun as d'Bichenholz, et war dat bescht Brennholz an duerfir och am deiertsten.

Mä och Eechenholz gouf feelgebueden. Dat gouf gewéinlech vu Bauere gesteet, déi an hirem Betrib nach eng Brennerei haten. Well kniedegt Eechenholz war apparti gutt, fir de Brennereisuewen op der richtiger Temperatur ze halen.

Niewent de Kouerten Holz sin nach déi sougenannte Kéip versteet gi, gewéinlech fir bëlleg Geld, well et nach vill Aarbecht war, éier een esou e Koup doheem um Holzschapp leien hat. Op esou engem Koup louchen déi iewescht Äscht vun de Beem mat de Reiser drun. Dem Menn säi Stéifpapp huet och dacks esou e Koup gesteet, well e mat de Reiser Fäsche konnt maachen. Déi si gebraucht gi, fir all Dag an der Kichen d'Feier unzefänken.

Zu spottbëllege Präiser sin um Enn d'Holzstäck versteet gin. E Stack war den ënneschten Deel vun engem ofgeseete Bamstamm, deen nach mat de Wuerzelen am Buedem stouch. Et war natiirlech eng Hädenaarbecht, fir esou e Stack aus dem Buedem erausgekréien. Meeschtens hun d'Bëschleit e Lach ënnert de Stack gebuddelt an eng Ladung Polver dragestëppelt. Et gouf eng Wick ugefaangen, an eng Flämmchen as hir nogaange bis bei d'Polver. Mat engem Kraachert as de Stack dann aus dem Buedem gerass gin.

Mä dann huet nach vill Aarbecht op de Bëschaarbechter gewaart. Mat Eiseweck an enger Schlo gouf de Stack verschafft, bis en a giedleche Stécker do louch. Duerfir hun d'Holzhäer gesot, un esou engem Stack kënnte si sech zweemol wiermen: eng Kéier, wa si e kleng géife maachen an eng zweete Kéier, wa si en am Uewe géife verbrennen. Well dat fest Holz vun de Stäck huet tatsächlech besonnesch vill Hëtzt entwéckelt.



## D’Seemaschin

Wann den Heentzepapp mat vill Chance séng zwou Kouerte fir en acceptable Präis gesteet hat, as den Zierdebauer d'Holz an de Bësch siche gefuer an huet et am Häffche virum Schwäistall laanscht d'Mauer getässelt.

E puer Deg drop koum och schon de Schoutesch Fooss mat sénger Seemaschin ugetëfft. Dat war en Ongeheier op véier Rieder, dat ee bal gefaart huet. Wann d'Maschin da gaangen as, huet d'Seeblat, dat sech mat engem jäizege Geräisch gedréit huet, déi déck Kouertestécker geschnidden, wéi wann et Botter wir. Hei an do gouf et iewer Schwieregkeete mam Feesche séngem "Bijou". Op eemol huet de Motor ouni ersiichtleche Grond e puermol gehouscht a méi lues gedréit. Dann as de Feeschen ouni sech opzeregen, bei säi komplizéierte Motor gaangen an huet un engem Hiewel geschafft, fir d'Maschin nees op séng richteg Turen ze kréien.

Mä et koum och vir, dass de Motor ugefaangen huet ze poufen, an op eemol stoë blouf. Dann hätt der de Feesche missen héiere fluchen. En huet Kreesch gedoe wéi e Markollef a sech nët gin, bis e séng Seemaschin erëm a Betrib hat.

Méi schlëmm war et allerdéngs wann d'Seeblat an éngem décke, kniedege Rondi steeche blouf an d'ganz Maschinerie blockéiert huet. Am allerschlëmmsten a geféierlech derbäi war et wann d'Seeblat a Fatze gefuer as, well de Feeschen um Kouertestéck gebruet hat, fir et duerch d'Seeblat ze drécken. Obschon hien dobäi eeschtlech erféiert as, huet e geroost a Gott an der Däiwel fir säi Malheur verantwortlech gemaach.

Wann de Feeschen iewer um Enn agesin huet, dass all säi Gerooss näischt kënnt déngen, as e méi zam gin an huet eng Paus ageluegt. "Elo kann déi Louder vu Maschin sech erhuelen," sot en. Duerno huet e sech gesat an eng Päif ugemaach. Dann huet en et esouguer fäerdeg bruecht, fir mat de Bouwen, déi ëmmer dorëmmer waren, wann Holz geseet gouf, ze spaassen an ze gecksen an hinnen de Wuerm ze zéie", well de Fooss am Fong d'Kanner gutt leide konnt.


Sou huet en och hannert dem Menn gefuerscht, fir ze héieren, wat hie wëllt gin, wann e grouss wir. De Menn huet sech nët laang beduecht a séng Äntwert koum wéi d'Kugel aus der Flënt: "Wann ech grouss si, gin ech e Papp!" Baufdech;

de Feeschen huet sech de Bauch ugehale vu Laachen a sot: "Esou as et richteg mäi Jong, du muss mat Zäit drun denken, well et as eng wichteg Saach, dass d'Mënschheet virugeet an dass de Nowues eppes entdaacht; du schéngs mer dach en ordentleche Papp ze gin."

Wat de Feesche mat all deenen Iwwerleeungе gemengt huet, as dem Menn nët esou richteg an de Kapp gaangen. Et war him och eendun; d'Haaptsaach, de Feeschen huet séng Seemaschin erëm an d'Rei kritt an an enger halwer Stonn hat hien de Rescht Holz geseet. Dann huet e séng Maschin an en Automobil verwandelt.

Duerfir huet en den Transmissiounsrimm vun der Seeariichtung op d'Pulli vun der Riederax verstallt a scho war d'Wonner geschitt. Deeselwechte Motor huet elo déi rabbeleg Seemachin virugedriwwen a ganz fidel soutz de Fooss hannert deem grousse Steierrad an as bei dat nächst Haus gefuer, fir och do e puer Kouerten Holz ze schneiden.

Wann de Feesche fort war, hun de Menn a säi Stéifpapp de Seemill a Säck geschëppt an an de Schapp gedroën. De Seemill war dat bescht Material, wat ee konnt an der Kachmaschin verbrennen, fir d'Fleesch ze reezen, wann et no der Solper an d'Haascht gehaange gouf.



Duerno huet den Heentzepapp d'Holz gerass an de Menn huet derbäi gehollef esou gutt e konnt. Mat séngem Beilen huet hien déi schéi glat Stécker kleng gemaach, iwwerdeems säi Stéifpapp mat deër grousser Aaxt déi déck, kniedeg, Rondiën gerass huet.

Nom Holzräisse krut de Menn d'Missioun d'Holz an de Schapp ze bréngen. Duerfir huet en den Handweenche geholl an déi gerassen Holzstécker schéi Rei fir Rei an d'Gefier getässelt. Dann as e bei de Schapp gefuer an huet d'Holz, Grapp fir Grapp, op de Schapp erop gehäit.

## D'Wichtegkeet vum Holz am Heentzenhaus

D'Holzreserve sin am Heentzenhaus geschmolt wéi Schnéi an der Sonn, well all Dag vum Joër gouf es an der Kiche gebraucht fir ze kachen a fir ze hëtzen. Et huet jo misse waarm genuch an der Kiche si, fir do z'iessen. Meeschtens gouf nëmme sonndes an der gewéinlecher Stuff giess. Da war den Néieschatelier opgeraumt, well keng Clienten umoosse koumen a well dem Menn séng Mamm och gär en Dag an der Woch hat, wou se näischt vum Bitzen héieren huet.

Am Néieschatelier gouf och mat Holz gehëtzt. Do stung nämlech e Kolonnenuewen, deen an der Weilerbaach gegoss gi war. An esou engem Uewe konnt een e gemittlecht Feierchen ënnerhalen. Hien huet esou eng giedlech Hëtzt vu sech gin, datt et wiirklech e Genoss war am Wanter owes an der Stuff ze sëtzen, wou jiddereee séng Beschäftegung hat, och ouni Radio an Televisioun.

Wann d'Hëtzt dann op eemol nogelooss huet, huet den Heentzepapp de Feierkrop geholl an d'Uewendiirchen opgemaach. Mat dem Krop huet en d'Äschen no hannen an de Fong gedréckt, an déi rout Kuelen, déi nach ënner den Äsche gegloust hun, no vir gezun. Duerop huet en e puer Stécker Holz, déi ënner dem Uewe getässelt waren, geluegt an d'Diirchen nees zougemaach. Fir dass d'Feier sollt séier unzéien, huet en déi kleng eisen Zong an der Diirchen opstoë gelooss. Et huet keng Minutt gedauert, bis d'Feier am Kolonnenuewe geduddert huet, datt et eng Gellecht war, an den Heentzepapp dat rechteckegt Lach an der Diirchen nees huet missen zouklappen.

Hei an do huet de Menn e puer Äppel op den Uewe geluegt, fir së ze broden. Wa s da vun Hëtzt opgebascht sin, as den Doft vun de gebrodenen Äppel an d'Nues geklommen an huet engem d'Gloscht agedriwwen. Et huet och kee sech fléiwe gelooss, fir déi Delikatesse", souguer ouni Zocker a Ram, zou sech ze huelen.

Wa no der Uucht de Menn dann den holzene Bierg ausgong, fir an d'Bett ze goën, as nach en appparten Doft duerch d'Haus geschwieft, deen him esou richteg d'Atmosphär vun Neklos- a Chrëschtdag vermëttelt huet.

Wa Besuch am Heentzenhaus erwaart gouf, wat e puermol d'Joër virkoum, as och an der beschter Stuff Feier ugefaange gin. Do stung, fir dem Menn séng deemoleg Begrëffer e modernen Uewen. Et war en Allesbrenner, d. h. et konnt een Holz, Kuelen a Briketten dra brennen. De Misär war nëmmen, dass et da meeschtens an deër gudder Stuff gedämpt a gestonk huet, well de Kamäin ze kal war. Wann d'Feier dann iewer bis gutt geflaamt hat, wat mam Verbrenne vu Pabeier a Reiser erreecht gouf, as de Kamäin dréchen a waarm gin, an huet gutt gezun. Fënster an Dir vun der Stuff goufen eng Zäit opgelooss an den Damp an de Gestank hu sech lues a lues verzun. Dann eréischt war de Menn zefridden, well hien hat nët gär, wann de Monni an d'Tata vun Arel, déi vun Näerden oder déi vu Bouneweg d'Nues geréngelt hun, wa se un den Dësch sollte goën.



Et gouf eng drëtt Plaz am Heentzenhaus, wou Feier gemaach gouf an zwar an der Wäschkichen. Do stong den Däiwelchen an deem een och Holz a Brikette brenne konnt. Op dee ronnen, niddregen Uewe gouf de Wäschkessel mat der Wäsch gesat, an och de Schwéngskessel an deem de Schwäin hirt Fudder zesoën all zweeten Dag gekacht gouf.

Sou war et nët verwonnerlech, dass den Holzkoup am Schapp ganz séier méi kleng gouf. Well d'Heentzemamm iewer staark drop gehalen huet, dass all Joër nëmmen zwou Kouerten Holz gesteet goufe - well d'Holz war deemols terribel deier - huet den Heentzepapp misse suergen, dass nach eng Parti Holz niewelaanscht bei d'Haus kéim. Hien huet dann eng Expeditioun an de Kiem organiséiert, e gewalteg grousse Bësch, dee bis un d'Dierfer Ouljen, Rued/Syr, Roudemer, Gonnereng an Iernster erukoum.

De Menn as natiirlech mat an de Kiem gefuer. Hien huet um Täissel vum Handweenche gerenkt an och fest gezun. Hannendru goung den Heentzepapp an huet och alt gedréckt wann et biergop goung. Am Weenche louch dat néidegt Geschir: eng Aaxt, eng gewéinlech See, eng Drummsee, e puer Seeler an en Eisekrop, deen un enger laanger Staang ugemaach war, an déi vir an hannen aus dem Weenchen erausgestanen huet.

Am Bësch goung et da lass. De Menn a säi Stéifpapp hun dir Äscht - si hun natiirlech nët dierfe vermuuscht si - gesicht, op eng giedlech Mooss ofgeseet an op de Weenche getässelt. Wann déi zwéin dir Äscht un de Beem entdeckt hun, hu se dee laange Krop opgeriicht, um diren Aascht agehaakt a gezun bis déi schwéier Laanscht mat Karacho erofgefall as. Och dënn, dir Beemercher goufen einfach ëmgedréckt. Hei an do iewer waren déi zwee Bëschmänner esou kéng, fir och en décken, dire Bam mat der Drummsee ëmzeleën.

Dann hate se natiirlech hire Weenche séier voll. Mat de Seeler hu se d'Holz un d'Gefier ugestréckt a sin dann houfreg mat hirer immenser Charge heemgefuer. Do goufen d'Holzstécker eent no deem aneren op den Holzbock geluegt a mat der See op déi richteg Mooss geschnidden.


Wann de Menn a säi Stéifpapp en etlech deër Karéchten heembruecht haten, war Holz genuch do fir d'ganz Joër an et huet keen an der Heentzefamill bräichte Keelt ze leiden.

# 14. Fräizäitgestaltung um Duerf

## Op der Kelebunn

De Menn a séng Schoulkomeroden hun an hirer Kannerzäit nët vill Ofwiesselung gebuede kritt. Et gouf keng öffentlech Spillplazen op den Dierfer, keng Kulturzentren", keng Sportshalen, keng Piscinen", keng Jugend- an zemol keng Sportsveräiner. Doheem gouf et keng Televisioun, an de Radio stouch nach an de Kannerschong. An nach laang nët all Haus hat esou en Apparat opzeweisen.

Déi grouss Leit - mä virun allem d'Kanner- waren drop ugewisen, sech selwer ëm d'Organisatioun vun hirer Fräizäitbeschäftegung ze këmmeren. Déi erwuesse Jugendlech an d'Männer hun de Kontakt mat hiresgläichen an de Wiirtshaiser gesicht, oder op de Kelebunnen, déi deemols en Vogue waren. Et goufe Sandbunnen, Betongsbunnen oder och schon déi ëng oder aner "Parquetsbunn", déi déizäit scho gebaut goufen an als grousse Fortschrëtt an der Fräizäitbeschäftegung gegollen hun.



De Schoulbouwen, déi fir hirt Liewe gär och scho Kele gespillt hätten, war et verbueden d'Kelebunn ze betrieden, duerfir huet de Paschtouer scho gesuergt. Hien huet gefaart, do géiwen déi Kadetten nët grad déi allerfeinst Emgangsforme geléiert gin. Well dee Jargon mat sénge Kraaftausdréck an zweedaitege Witzen, deen op de Kelebunne geflegt gouf, war nët grad klassesch Musek fir de Bouwen hir onschëlleg Oueren.

Erlaabt war et ëmmer nëmme fir een eenzege Bouf, sech op der Kelebunn opzehalen, an zwar als Kelejong fir d'Kelen opzeriichten. A fir dee Poste gouf sech dacks gestridden, well de Kelejong vun all Parti eppes verdéngt huet. Wann déi Grouss mat Kelespillen opgehalen hun, an d'Keleraiber hir Stongen ausbezuelt kritt haten, huet d'Wiirtsfra dem Kelejong säi Loun a borem Drot gin. Stolz wéi Oskar, mat e puer Frang an der Täsch - wat fir déi Zäit immens war - as hien dann heemgeschréckt. Elo hat hie fir eng gutt Zäitchen Täschegeld, well vun doheem aus war et nët Usus deërs ënner d'Kanner ze verdeelen.

## D'Chorale an d'Fanfare

Eng grouss Chance, d'Fräizäit op eng interessant a sënnvoll Aart a Weis ze verbréngen, bestung zu Ouljen doranner, dass schon zwee Veräiner bestanen hun. Dat war eemol de Kiirchechouer, an deem selbstverständlech nëmme männlech Aktiver duerfte sin, an deem säi Bütt et war, d'Gottesdéngschter an der Kiirch ze verschéineren.

Doniewent gouf et d'Duerfmusek - déi 1904 gegrënnte Fanfare - déi sech erstaunlech gutt gehalen huet, obschon et schwéier war, op engem klengen Duerf dee néidege Nowues ze rekrutéieren. Well och an der Musek war et ondenkbar, dass Medercher d'Reie kënnten opfëllen. An trotz allem, esouguer den zweete Weltkrich huet et nët fäerdeg bruecht, der Ouljer Musek den Doudesstouss ze versetzen.

Duerfir hun en etlech Grënnungsmêmberen, déi du nach gelieft hun, beschtens gesuergt. Si hu sech mat Läif a mat Séil fir hir Musek agesat, hu sech drugi fir nei Mêmberen ze fannen an hun dacks laanscht d'Boxebee gegraff, fir hire Veräin finanziell iwwer Waasser ze halen. Sou war d'Viraussetzung zu engem gesellege Liewen um Duerf gi, well jo all Woch op d'mannst eng Prouf néideg war, fir de Veräin op engem gewësse Niveau ze halen. Niewent de Prouwen hun och alt emol déi fläissegst Musikanten owes doheem op hirem Instrument geübt an déi schéinsten Téin sin nach spéit duerch d'Gaasse gezun an hu verroden, dass do e ganz

Eiergäizegen um Wierk war, fir et an déer schéiner Konscht zu eppes ze bréngen. D'Musikante wollten natiirlech alleguer Eier alleë, wa se bei festleche Geleenheeten, wéi Eischtkommioun, Kiirmes asw. e Concert sollte gin oder op engem Nopeschduerf un enger Festlechkeet deelhuele sollten.




## Duerftheater


Eng interessant Beschäftegung fir de Wanter war deemols d'Theaterspillen. Déi Jugendlech hun ënnerenee konkurréiert, fir dee beschten Akteur ze gin. An d'ganz Duerf stong hannert hirer Theaterequipe an ze soën all Mënsch, dee sech nach réiere konnt, koum kucken, wann dee grousse Spektakel Chrëschtdagowend oder Stiefesdag am Veräinsbau iwwer d'Bühn goung.

Gespillt goufen alt eescht Stécker wéi Séilegëft oder Dat éischt Kräiz om neie Kiirfecht."A méi wéi eng Tréin gouf heemlech verdréckt. Eng aner Kéier goufe lëschteg Eenakter op d'Bühn bruecht, wéi: "De Friidchen als Garçon" oder "De Geescht an der Bakstuff". An dann hun d'Leit Tréine gelaacht an um Enn wéi geckeg applodéiert. D'Akteure waren zefridden an hun sech bestätegt gefillt. Déi laang Wanterowenter gouf nach dacks an de Familje vun deene wonnerbaren Theatervirféierunge geschwat, an all ware se d'accord, en An zouzedrécken iwwer déi onvermeidlech, mä komesch Pannen, déi zesoën all Joër beim Spille virkoumen.

Sou huet folgend Zeen aus dem Duerftheater d'Leit un d'Schmunze bruecht: De Féschter, dee vun engem Braconnier ugegraff gi war, huet dee ganz rabiat mat engem geziilte Schoss ëmgeluegt. Deen onverbesserleche Wëlddéif louch de laange Wee op der Bühn an huet sech nët méi gerouert. Du as him iewer eppes Mënschleches passéiert! All Mënsch am Sall hat et héieren. Dunn huet de Féschter déi penibel Situatioun gerett! Hie sot: "Wat, du heims nach?" an huet séng Flënt fir d'zweet ugeluegt a mat engem weidere Schoss deem zéie Brudder endgülteg de Garaus gemaach.

Eng aner Kéier haten d'Theaterfrënn vum Duerf sech un en däitschsprochegt Stéck gin. Dunn hu si erlieft, dass e Komma, op der falscher Plaz beuecht, eng urkomesch Situatioun kann eropbeschwieren. An der Zeen war grad en Déngschtmeedchen an den Hausdénger un der Rei. D'Déngschtmeedchen, dat den Dénger gäer gesin huet, mä hien duerch séng éiweg Froërei op de Bam gedriwwen huet, hat erëm jhust no him geruff. Den Dénger hat séngem Text no ze froën: "Was willst du schon wieder?" Leider huet hien iewer no deem éischte Wuert vun sénger Fro eng Paus ageluegt an du koum folgend amusant Fro eraus: "Was,.... willst du schon wieder?"

Natiirlech as de ganze Sall mat Laachen erausgeplatzt! Sou Situatioune waren deemols d'Salz a Peffer vum Duerftheater.




# 15. "Kromm" Fräizäitbeschäftegungen

## D'Kugelen am Feier

De Menn a séng Komerode sin es och alt midd gin, ëmmer dat selwecht ze spillen. Da si se op allerhand topech Gedanke komm. De Menn hat op eemol eng wonnerbar Iddi fir hir Fräizäit e bëssche méi attraktiv ze gestalten. Hie wousst, wou den Heentzepapp séng blénkeg Kartusche verstoppt hat. Et war also keng Konscht, en etlech deër koffereger Dénger mat deene laange Spëtzen an d'Täschen ze steechen a se mat bäi d'Komeroden ze huelen, déi ënner dem Nures d'Kéi gehitt hun.

Wéi de Menn bei hinnen ukoum, hate se sech grad e giedlecht Feierche gemaach. De Menn huet hinne gläich séng geféierlech Charge gewisen. All ware se begeeschtert a si woussten och gläich, wat ze maache wir. Déi véier oder fënnef Späitzmännercher sollten an d'Feier geluegt gi, fir ze kucken, wat doraus entstoë géif. Dee Plang gouf och eenzock exekutéiert a gespaant wéi Prabbelien hun d'Bouwe gewaart.



Et huet nët laang gedauert, du geet et: Piff ... paff... an d'Kugele si wéi kleng Rakéiten duerch d'Luucht gedosch. A wéi op Kommando louchen de Menn a séng Kollege flaach um Buedem an hu sech nët méi gerouert.

Si waren eng Zäitche mucksmaischestëll, bis se geduecht hun, d'Gefoër wir eriwwer. Du gesouche se, dass kengem eppes geschitt war. De Schutzengel hat erëm eng Kéier Hand iwwer déi Onverbesserlech gehalen.

Si konnte sech natiirlech nët dreemen, dass si elo jhust eng Zeen erlieft haten, wéi si der spéiderhin am zweete Weltkrich ze bestoë kréichen, an déi nët méi sou gelënd fir si all ausgoë sollt, well ee vun hinnen e Been am II. Weltkrich sollt verléieren.

## D'Stopprevolveren

D'Freed um Knuppen an um Schéisse war de Bouwen trotz allem nët ganz vergaangen. Wéi am Oktober d'Kiirmes zu Oulje gefeiert gouf, hun d'Bouwen hir erspuerte Groschen", déi haptsächlech beim Kelenopriichte verdéngt gi waren, zesummegegrimmelt. No der Vesper si se bei d'Buttécker stoë gaangen déi virum Wäschbur opgeschloë waren. Do hun se déi blénkeg Herrlechkeeten- déi Erwuessen hun se als Krims-Krams bezeechent - mat begiirlechen A bewonnert. Dat meescht, wat do stung oder u laange Fiscellen hung, war fir hiren dënne Portmonni vill ze deier. Duerfir huet dat se nët méi interesséiert.

Mä vun deene selwerege Stopprevolvere konnte se keen A ofschloën, déi haten hinnen et ugedoën. Si hu gerechent, d'Präisser verglach an hirt Geld gezielt. Et goung duer! Jidderee konnt sech esou e Revolver leeschten an nach e puer Päck deër Stëpp, déi ee vir an de Revolverlaf gestach huet, wann déi Waff gespaant war. Am Stopp war eng Poutz Polver. A wann een dann ofgedréckt huet, huet e spatze Bolze sech am Revolver an de Stopp eragebuert, an et gouf en décke Poufert.

Geschitt as zwar nët vill, mä et war méiglech, datt e puer Fatze vum Stopp ewechgefuer sin. An duerfir konnt et geféierlech gi, wann een deem aneren de Revolver ze no virun d'Nues gehalen huet, fir ze schéissen. An dat hun d'Bouwe leider vill ze dacks an hirem Onverstand an hirer Sturacksegkeet gemaach a sech domat nët grad Unerkennung a Luef bei den Erwuessenen agehandelt.

Wann d'Bouwen och nach Kiirmesgeld vun engem Monni oder enger Tata kruten, hu se sech nach deër bronger Knallsteng oder Knallierbesse geleescht. Déi sin esou flott dorëmmer gehoppst, hun dobäi geknuppt a Feier gespaut, wa se op de Buedem gehäit goufen. Domat konnten d'Bouwen d'Medercher esou schéi péngechen a pisacken. Déi Fraleit sin dorëmmer gesprongen, wéi wa së de Veitsdanz hätten an hu Kreesch gedoën, wéi wa se e Messer an der Strass steechen hätten.

Fir Kiirmesméindeg haten d'Bouwe geplangt e klengen Tripp no der Jugendmass iwwer d'Gewan ze maachen. Si wollten hir Stopprevolveren emol richteg testen. Duerfir hate si e puer Patrounenhülse bei séch, déi se am Bësch fond haten. Sou eng Hüls gouf iwwer de Revolverlaf gestrëppt. A wann een da geschoss huet, as d'Hüls duerch d'Force vun der Explosioun e gutt Stéck ewechgefuer.

Well d'Revolverhelden gesouchen, datt si esou nët dierften op e Komerod biichten, ouni him wéi ze din, hu se sech aner Ziler erausgesicht. Op eemol huet de Fons de Revolver op e Spatz geriicht, dee ganz no op engem Bam do soutz. An ...... o Schreck, deen aarme Vull gouf wiirklech vun der Patrounenhüls geroden, an as dout vum Aascht erofgefall. Elo huet dat aarmt Déierchen hinnen esouguer leed gedoën. Si hun et séier mat Blieder zougeschäert, éier se sech schëlles heemgeschlach hun, ouni vun hirer Aventure ze piipsen.

## D'Raiberspill

Mä eng gehéireg Lektioun hun de Menn a séng Frënn dach nach gebraucht, fir vun hire kromme Spiichten ze loossen. Si hate nämlech Alibaba a séng Raiber gespillt an e Stréikaascht no bei der Rieder Strooss ausgehillecht, fir hir Raiberhiel anzeriichten. Vun Zäit zu Zäit si se aus hirer Hiel eraus komm, hu sech schwaarz Fatzen iwwer d'Gesiicht gehaangen a si wéi richteg Raiber dorëmmer gesprongen an hu Kreesch gedoë wéi Mäerder.

Dobäi hate si eng eler Fra, déi grad zu Fouss vun der Gare vu Rued op Oulje wollt goën, deërmoossen erféiert, dass se gelaf as, wéi e jonkt Réi a bal en Häerzschlag vun Angscht an Ustrengung kritt hat. D'Saach krut en Nospill, an zwar a Form vun engem fatzegen Donnerwieder an der Schoul mat Blëtz an Donner, d.h. mat zolitte Streech an enger gehéireger Strof. Elo war d'Raiberband fir zerguttst geheelt!

# 16. De Koséng "Schläifsteen"

## Dem Koséng säin Täschegeld

Enner dem Begrëff Koséng "Schläifsteen" huet de Menn dee Koséng an der Famill gemengt, bei deen en am léifsten an d'Vakanz gefuer as a mat deem en am beschte konnt spillen, wann hien och scho meeschtens de kiirzeren dobäi gezun huet. Dem Koséng séng Elteren haten zu Näerden eng Metzlerei an e Café.

Wann de Fernand emol op Ouljen an d'Vakanz koum, hat en d'Täsche voller Geld; der Däiwel wees, wou en dru komm war. Ma dat war dem Menn sénger Mamm en Dar am A, well se gefaart huet, de Koséng géif de Menn mat séngem ville Geld rabbelkäppesch maachen. Duerfir huet si dem Koséng säi Portmonni ofgeholl a säi Geld versuergt, bis en erëm heemgefuer as. Dat huet selbstverständlech dem Koséng Schläifsteen guer nët gefall.

Wéi hien dunn déi nächste Kéier mam Wëllo an d'Vakanz koum, huet hie, fir der Tata hirer "Konfiskéirung" zevirzekommen, de "gros lot" vu séngem Geld ënnerwee, tëschent Brouch a Recke bei Miersch, an engem Hiwwel laanscht der Strooss vergruewen. Do wollt en et erëm op séngem Heemwee ewechhuelen.



Mä, wéi hie säi "Schatz" nees wollt ausgruewen, huet en näischt méi fond! War e raffinéierte "Schatzgräber" virun him passéiert oder huet de Fernand déi richteg Stopp nët méi erëmfond? Him blouf et ëmmer e Rätsel.

## Dem Koséng séng I. Kommioun

De Menn wir esou gär op dem Koséng séng I. Kommioun matgaangen, well zu Näerden ëmmer esou flott gefeiert gouf. Leider war et iewer esou, dass dem Menn séng II. Kommioun genee op deeselwechten Dag gefall as. A well den Här Schiltz, den Ouljer Paschtouer, och d'Kanner vun der II Kommioun a séng feierlech Zeremonie matabezun huet, war nët drun ze denken, dass de Menn deen Dag sollt feelen.

Hie war iewer de ganzen Dag wéinst deër dommer Kommiounsgeschicht zimlech sauer. Mä wéi séng Kollegen no der Vesper proposéiert hun, fir Raiber a Gendaarm ze spillen, war de Menn direkt averstanen. Ouni heemzegoën, fir aner Gezei unzedin, as d'Juegd op de Raiber gläich lassgaangen. De Menn war dee geféierleche Raiber, dee sech huet misse verstoppen. Mä op eemol haten d'Gendaarmen hien opgedriwwen a sin him duerch déck an dënn nogerannt. De Menn as wéi en ugeschossent Wëld duerch Heck an iwwer Zonk gestiirmt, fir sech ze retten. Mä wat fir e Pech! Op eemol as e mat sénger schéiner Kommiounsbox an engem Gaardendrot hänke bliwwen a ratsch … war e laange Rass am Boxebeen.

Dem "Raiber" huet et d'Sprooch verschloën an hien huet sech gedëllech vun de "Gendaarme" fänke gelooss. Mä wéi déi dem Menn séng fatzeg Box gesouchen, hu se sech gediebelt vu Laachen.

Hien iewer as schëlles heemgeschlach a séng Mamm huet gläich gesi, wat lass wir. "Du Fierkel!" huet se gejaut, "kanns du nët besser op däi Gezei oppassen? Mäi léiwe Männchen, elo geet et eenzock an d'Bett, an den Owend gët et näischt hei z'iessen!"



De Menn huet séng Strof missen “ofsëtzen” oder “ofleie”, wéi een et wëllt huelen. Géint der Owend, héiert en op eemol en déckt Gespréich ënnen an der Stuff. “Wie soll dann elo do sin?” duecht hien an huet séng Ouere gespëtzt. “Aha, dat do schéngt de Monni vun Arel ze sin, wat soll deen dann hei maachen?” huet de Menn sech gefrot. An du héiert en op eemol Getrëppels an der Späichertrap. Well en iewer nach déck “verbruet” war, huet e sech séier ënner d’Bett verkroch a blouf do leien, ouni sech ze réieren.

Séng Kummerdir goung op, an dem Menn séng Mamm an de Monni vun Arel stoungen an der Kummer. “A wou as de Menn dann?” frot de Monni ganz verwonnert. Dem Menn séng Mamm as erféiert an as an all Kummer kucke gaangen. Mä néierens war hire Fissi ze fannen. Keen huet dru geduecht, fir ënnert d’Bett ze kucken.

An hirer Opregung hu se dun all Wénkel ëm d’Haus ofgesicht a sin och bei d’Roudemer Baach kucke gaangen. Mä vum Menn keng Spur! Wéi schon all Mënsch am Haus opgereegt an nervös war, sot de Monni op eemol: “Soll den Hond nët ënnert dem Bett leien, fir äis ze zéien?” A wiirklech, wéi se an der Kummer ënnert d’Bett gekuckt hun, louch de Menn do wéi “e Kéipchen Elend” an huet geschluchzt wéi eng “Muedeléin”. Hien huet sech säi ganze Misär vum Häerz gekrasch.

De Menn gouf nët vernannt; de Monni huet en esouguer bedauert. A well hie säin Nëwi gutt leide konnt, sot en: “Komm mäi Jong, kräisch nët méi! Do dech séier schéin un, an da fuere mër zesumme mat denger Mamm op Näerden om Fernand séng Kommioun. Déi meescht Leit bleiwen nach um Nuechtiessen.” De Menn hätt de Monni vu Freed kënnen ëmäärbelen. Elo krut dee verdrësslechen Dag dach nach e wonnerschéint Enn.

## En zamt Réi

Enges Daags hun déi zwee Koséngen d’Kéi an “d’Fëschbëch” an d’Pierch gedriwwen a si laanscht d’Baach nees zréckkomm. Op eemol stung dunn e Réi virun hinne bei der Baach an huet keng Ustalt gemaach fir fortzelafen. De Menn huet dunn eng Bindeschficelle aus sénger Boxentäsch eraus gekniwwelt a goung op d’Réi duer. Well dat stoë blouf, hun déi zwee Borschten him d’Bindeschficelle

ëm den Hals gestréckt an hun et mat virugezun. An, o Wonner, d'Réi as wéi e gedëlleche Mippche mat hinne virugaangen. Et war e Bild wéi aus "Dausend an enger Nuecht", wéi dat komescht Kléiblat beim Heentzenhaus ukoum. Wann d'Déierefrënn gemengt haten, si géife mat béiden Hänn doheem empfange gin, dann hate se sech fatzeg geschnidden. Den Heentzepapp huet Kreesch gedoën, wéi e Markallef an huet gejaut:



"Hu dir zwéin se nach all? An elo vif mat deem Béischt erëm zréck, wou der hirkommt! Géift der mech gär an de Prisong brénge mat ären Dommheeten, ausgerechent mech de Bannpréiter. An iwwerhapt, wësst dir, op dat zamt Réi nët krank as?"

Wéi zwee gebätschten Honn sin déi zwee Kosénge mat dem Réi an d'Fëschbech zréckgeschlach. Do hun se deem zamen Déier d'Ficelle ewechgeholl an et fortgedriwwen, well se gefaart hun et kënnt hinnen um Enn nach nokommen.

## D'Geschicht mam Schluechtmesser

Dee nächsten Dag sin déi zwee Kosénge mam Weenchen op "Held" gefuer an hun do e puer Maandele voll Äppel gepléckt. Well déi Aarbecht zimlech laang gedauert huet, ware si de ganze Nomëtteg fort, a si waren hongreg wéi Wëllef.

Duerfir sin si, wéi se heemkoumen, direkt an d'Kiche gelaf, fir sech eng Schmier ze maachen. Zoufälleg louch de Broutruecht um Kichendësch an derniewent dat laangt Schluechtmesser. De Menn sot: "Ech schneiden e puer Schmiere vum Broutruecht erof, huel du alt de Botter an den Hunneg!" Hie wousst, dass de Koséng déi séiss Delikatesse fir säi Liewe gär hat.

De Fernand war iewer mam Menn sénger Propositioun nët d'accord a sot: "Neen, ech schneiden d'Schmieren!" An op der Dot gräift hien no deem laange, schaarfe Messer, dat de Menn iwer schon am Grapp hat. De Koséng krut de Graff vum Messer hannen um "Wupp" ze paken an ouni ze zécken zitt e mat aller Force, fir dem Menn d'Messer ofzehuelen. Onbaarmhäerzeg as d'Schäärft vum Messer dem Menn duerch séng riets Hand geglëtscht, an huet déi véier Fangere - vum Zeigefanger bis bei de klenge Fanger opgeschlitzt; jhust den Daum gouf verschount!

De Menn war nach laang deër pipegster keen, mä ....wéi e séng Hand gekuckt huet an déi "Blutfontaine" gesouch, déi bis un de Kicheplafong gesprëtzt as, gouf et him schwaarz virun den An a .. platsch, louch hien de laange Wee um Kichebuedem. Du gouf et deem rabiate Koséng iewer wackeleg an de Knéien an hien huet haart ëm Hëllef geruff.

Ee Gléck, dass dem Menn séng Mamm dem Fernand säi Gejäiz gläich héieren huet. Si koum eenzock an d'Kiche gelaf an hat d'Situatioun gläich erfaasst. Si huet dem Menn säi rietsen Arem jhust iwwer dem Handgelenk mat engem schmuelen Duch fest zougebonnen, fir dass d'Wonne mat Bludden ophale sollten. Duerno hëlt se d'Fläsch mat enger Flëssegkeet, déi extra fir offe Wonne bestëmmt war. Domat huet se e frëscht Nueschnappeg ugefiicht an op déi opgeschnidde Fangere geluegt. Zum Schluss huet se e laange Verband ëm déi véier Fangere gewéckelt an de Menn an d'Bett geschleeft.



Een Undenken un déi bluddeg Messergeschicht huet de Menn iewer behalen. Hie konnt dat iewescht Glidd vun séngem rietsen Zeigefanger nët méi béien, well d'Fies matten am Fanger duerchgeschnidde war. Ee Gléck, deen Handikap huet dem Menn beim Schreiwe nët vill ausgemaach. An esou hat déi verdrësslech Geschicht fir de Menn keng ze schro Konsequenzen.

## De Koséng an d'Medercher

Dem Menn säi Koséng war, wéi scho gesin, e rabiate Kärel a fir säin Alter och vill besser opgeklärt wéi de Menn a séng Schoulkomeroden, déi am Fong nach richteg "Hinterwäldler" waren. Si hun zwar deër Seeche vum "Kabeshed" nët méi richteg getraut, well se jo nët op "de Kapp gefall" waren a sech allerhand Theorien an hirer Fantasi zurechtgeluegt hun. An dem Fernand séng Opklärung huet hiren Deel derzou bäigedroën, dass si hir Menong iwwert Fraleit, wéi se sech dacks geréngschätzeg ausgedréckt hun, lues a lues vollstänneg revidéiert hun. Si hun d'Medercher mat ganz aneren A bekuckt, wa se sech och nach genéiert hun, hir Sympathie no baussen ze weisen.

Ganz anescht iewer war et beim Koséng "Schläifsteen". Wann hie sonndes mam Menn an d'Houmass goung, soutzen déi zwéin natiirlech op der Maanssäit. An déi aner Säit, der Fraleitssäit, soutzen d'Medercher, dorënner, en etlech, déi dem Fernand gutt gefall hun. Duerfir huet hien déi ganzen Zäit op d'Fraleitssäit geluusst an huet versicht, deem engen oder aneren en An zouzedrécken oder em ze laachen.



Dee ganzen Zauber as dem Menn sénger Mamm, déi méi hannen op der Fraësäit soutz, opgefall. No der Mass huet se de Koséng an d'Gebiet geholl a gesot: "Mäi léiwe Jong, du muss dech besser an der Kiirch schécken an nët ëmmer esou no de Medercher kucken." Mä de Fernand huet sech nët aus der Fassung brénge gelooss, a riicht eraus geäntwert:

"Mä Tata, wa s'iewer schéi sin!"

E schéinen Hierschtdag war de Koséng "Schläifsteen" beim Kéihidden an "de Rieder" des Däiwels, fir sénger Auserwielte Komplimente ze maachen. Dobäi war en e bësschen zevill kéng an do huet d'Meedche kee Spaass méi verstanen. Et hat grad e giedleche, véieréckege Bengel an der Hand an huet mat aller Kraaft rondëm sech geschloën. A ratsch ... huet et de Fernand op säi plakéchen Arem geroden, dass et nëmmen esou geknätscht huet.

De Koséng as zesummegefuer, wéi wann e vum Blëtz gerode gi wir. Hien huet säin Arem ugehalen, dee gepëffert huet, wéi wann dausende Seechomëssen e bepisst hätten. Den Ongléckleche war wäiss am Gesiicht, wéi e Geescht, huet op d'Zänn gebass a keng Minn verzun. Dat Eenzegt, wat e gemaach huet, war, dass en de Bengel, dee säi "Schwaarm" ewechgehäit hat, opgeraf huet, fir mat heemzehuelen.

Doheem as dem Menn sénger Mamm déi feiereg Strumm um Koséng séngem Arem gläich opgefall a si hätt natiirlech gär gewosst, wat beim Kéihidde geschitt wir. Wéi de Menn hir alles erzielt hat, huet si de Kapp gerëselt a sot zu hirem Nëwi: "Gesäiss de, wéi et engem ergeet, wann een d'Medercher nët mat Rou ka loossen! Ech kann dech nët bedaueren!" Si huet iewer dem Fernand séng Wonn, déi scho gesächt huet, mat enger gudder Saleft ageriwwen a se fachgerecht verbonnen.

De Koséng war no deem bedauerlechen Tëschefall zimlech niddergeschloën. Hien hat séng éischt grouss Enttäuschung, jhust op deem Gebitt erlieft, op deem hie sech als onwiderstehlech virkomm war. Mä séng blesséiert Gefiller hun hien iewer nët dru gehënnert, weider ze schwäärmen an ze dreeemen. De Bengel, mat deem séng "Veréiert" hie blesséiert hat, louch Dag an Nuecht op séngem Nuetsdësch an de Koséng huet dem Menn verroden, dass hien en arummen an doheem a sénger Kummer ophänke géif als Souvenir u séng éischt grouss Léift.

# 17. De Menn gët Student

## Virberedung op den Opnahmexamen

An der Ouljer Duerfschoul hat de Menn nët déi gënschtegst Viraussetzungen, fir virustudéieren ze goën an trotzdem huet séng Mamm dach ëmmer dru geplangt, fir hire Fissi an de Kolléisch ze schécken. Si wollt nët hun, datt hien um Duerf géng hänke bleiwen, wou hien esou gutt ewéi keng Berufsaussichten hätt. Hie sollt versichen, wa nëmme méiglech, spéiderhin eng Plaz an enger Staatsverwaltung ze kréien. "Dann as däi Brout gebak!" huet se ëmmer erëm betount.

Dat war natiirlech gutt geduecht, mä méi schwéier ze realiséieren. Deemols huet nëmmen all Schaltjoër en Ouljer Jong sech dem Exame fir an de Kolléisch gestallt. D'Medercher gounge souwéisou héchstens an eng Haushaltungsschoul irgendwou am Land bei d'Schwësteren.

Duerfir huet de Schoulmeeschter och guer näischt ënnerholl, fir séng Schüler aus den ieweschte Klassen op esou eng Kraaftprouf ze präparéieren. Hie konnt dat och nët gutt, well en um Duerf natiirlech eng eeklasseg Schoul ze leeden hat mat siwe Klassen a meeschtens mat wäit méi wéi drësseg Kanner, Jongen a Medercher.

Fir dat Abenteuer Opnahmexamen schon nom 6. Schouljoër ze riskéieren, wir fir de Menn de rengste Selbstmord gewiescht. Duerfir gouf am Heentzenhaus beschloss, dass hien dat 7. Schouljoër nach um Duerf maache sollt, fir sech an deem Joër kënne richteg op de Kolléisch virzebereden. Mä, dat 7. Schouljoër gouf an deër Hisicht fir de Menn eng eenzeg Enttäuschung. Well, anstatt an den Haaptfächer Franséisch, Däitsch a Rechnen ze schaffen, gouf d'hallef Zäit gemolt - wat jo och ganz flott war - an déi aner Zäit goung gréisstensdeels drop, dem Schoulmeeschter bei sénger Aarbecht ze hëllefen.

Si selwer koumen nëmmen all Woch eng Kéier un d'Rei, fir vum Schoulmeeschter opgehéiert ze gin. Sou koum nët vill bei deër ganzer Saach eraus an de Menn war och guer nët motivéiert, fir eppes ze léieren. Dat huet och séng

Mamm gemierkt a si huet sech op d'Bee gesat, fir e Mënsch ze fannen, deen hirem zukünftege Student Nohëllef-Stonne kënnt gin. Déi gutt Séil gouf och endlech fond an der Persoun vum Gemengesekretär. Bei deen as de Menn dun all gudden Dag, owes no deem sénger Schicht, mam Wëllo an d'Duerf dorober gefuer an hie krut do déi néideg Instruktiounen, souwuel fir d'Schoul, wéi och fir säi kommend Studenteliewen.

## Den Iechternacher Kolléisch

Am Heentzenhaus gouf decidéiert, dass de Menn op Iechternach an de Kolléisch géing. An dat aus dräi verschiddene Grënn:

Eischtens: De Menn sollt an eng Bullett goën, déi nach méi am ländlechen Emfeld léich, wou en iewer gutt versuergt wir a vill kënnt léieren. Jidderee war iwwerzeegt, dass dat näischt géif gin, fir all Dag mam Zuch an d'Stad an de Kolléisch ze fueren, well am Heentzenhaus keng Plaz fir de Menn war, wou e léiere konnt.

Zweetens: Den Iechternacher Bullettsdirekter - den Här Didier, war vu Roudemer, dem Nopeschduerf. A well hien d'Heentzefamill kannt huet, sollt hien de Menn am A behalen, fir dass eppes aus dem Kärel sollt gin.

Drëttens: Vu Roudemer sollt och engem Véihändler säi Bouf - de Misch - op Iechternach an de Kolléisch goën. Well dem Misch säi Papp déi Zäit schon e Camion hat, fir säi Véi ze transportéieren, hun se an Heentze geduecht, sou e Gefier wir och gutt fir zwee Bullettaner mat hirem ganze Kreemchen op Iechternach ze kréien. Mam Zuch wir dat bal onméiglech gewiescht, well fir an der Bullett iwwer d'Ronnen ze kommen, huet et misse vill sin: eng Matrass fir op d'Eisebett, e puer Bettdecken, Lëlldicher, Kappkëssen, en Diwi, Wichsgeschier fir d'Schong an der Rei ze halen, Toilettesaachen, Iessbestecker, asw. mä och nach e Koup Bicher, Hefter, Schreifartikelen, Turnschlappen an sou fort.

An esou huet de Menn mat gemëschte Gefiller op dee groussen Dag vun der Bewährung gewaart.

Géint den halwe Juli 1933 war et esou wäit. Den Opnahmexamen war ugesot. An aller Herrgottsfréi sin de Menn a séng Mamm mam Zuch op Iechternach gefuer. D'Mamm war nach méi opgereegt wéi de Menn selwer. Am Examen, wou immens

vill Kandidaten an engem grousse Sall vum Kolléisch beienee soutzen, huet de Menn geschweesst wéi en Déier a geschwënn anuecht geholl, dass hien trotz séngen Nohëllefstonnen dach nach nët optimal virbereet wir. Besonnesch an der franséischer Iwwersetzung huet et gehappert.

Ee Gléck, den Här Didier, de Bullettsdirekter, hat "Surveillance". Deen as heiansdo laanscht dem Menn séng Bänk getrëppelt, wann dee wéi verzweiwelt no Loft ze schnaape geschéngt huet. Den Här Didier wollt gesin, wat säin Ouljer Kandidat op d'Blat géing bréngen. Wann en dann dem Menn séng Dommheetsfeler gesouch, huet e vun uewen erof ganz streng iwwert säi staarke Bréll gekuckt.

De Menn wousst, dass op séngem Blat nët alles géing klawéieren. Hien huet säin Text ëmmer an ëmmer erëm iwwerlies, säi Gehier ugestrengt, dass säi Kapp gedämpt huet an och tatsächlech en etlech Feler entdeckt a se verbessert.

Op jidde Fall, de Menn muss séng Saach guer nët esou schlecht gemaach hun. Hien huet den Exame gepackt a mat him op d'mannst nach 60 aner Kadetten aus dem ganze Land. Elo war de Menn e Student vum Iechternacher Kolléisch an hie war nët wéineg stolz doriwwer, a sénger Mamm war en décke Stee vum Häerz gefall.

Am Kolléisch, wou deemols nach "d'office" Latäin um Programm stoung, hun d'Studenten hir Klassen nach ganz geschwollen an der klassescher Sprooch bezeechent, an zwar: Septima, Sexta, Quinta, Quarta, Tertia, Secunda a Prima.

De Menn gouf also ee vun deenen iwwer 60 Septimaner, déi den Opnahmexame fir an de Kolléisch bestanen haten. Et gouf nët dru geduecht, fir deemols zwou Parallelklassen aus deër immenser Septima zu Iechternach ze maachen. Haut ka bal kee méi dat gleewen, well dacks schon an der Primärschoul zwanzeg bis fënnefanzwanzeg Schüler ze vill fir eng Klass sin.

Mä déi grouss Septima vun 1933 huet zu Iechternach trotz allem hire Wee ausgezeechent gemaach, wéi mër nach gesi wärten. Dat goung natiirlech nët ouni eng eisern Disziplin. De Garant vun deër Disziplin war de Kolléischs-Direkter selwer, den Här Götzinger, de Götz, wéi d'Studenten en heemlech genannt hun an e mam Götz vu Berlichingen, de Ritter mat der eiserner Fauscht", verglach hun.

Fir déi bevölkert Septima disziplinméisseg am Grëff ze behalen, huet den Direkter selwer ee Fach an deër aussergewéinlecher Klass iwwerholl an zwar d'Latäin. Wéi dee neie Latäinprofesser déi éischte Kéier an d'Klass erakoum, war et am Sall mucksmaische-stëll, obschon den Direkter Götzinger nëmmen e klenge, ronne Männche war.


Ganz zeremoniell huet e sech op d'Pult gesat, sech virgestallt an dun déi iwwer 120 An, déi wéi gebannt op hie geriicht waren, fixéiert. An a ganz feierlechem Toun huet hien ugefaangen: "Die Schüler werden in zwou Kategorien eingeteilt: "Die Schüler vom Lande.... das sind .... die Dummen!"

Duerop huet den Direkter eng Paus gemaach, fir d'Wiirkung vun sénger Ausso ofzewaarden. Natiirlech hun déi Stater sech bekuckt an sech heemlech an d'Fäischtche gelaacht. Du fiert den Här Götzinger virun: "Die Schüler aus der Stadt .... das sind .... die ganz Dummen!"

Du natiirlech haten d'Borschte vum Duerf hir Revanche an si hun hir Komplexer vis-à-vis vun hire Stater Kollegen ofgesträift. Et koum op Septima, mä och déi Joëren duerno, ni vir, dass déi Stater sech eppes Besseres virkomm wiren a geréngschaatz op hir Komerode vum Duerf erofgekuckt hätten.

Si hun dat och nët brauchen ze maachen, well déi vum Duerf hu ganz séier de Réckstand, dee se wéinst den eeklassege Landschoulen op déi Stater haten, opgeholl a se dacks iwwerdubbert.

An engem faire Wettsträit hun déi Stater an d'Schüler vum Land matenee konkurréiert an d'Resultat war ausgezeechent, well am Passage-Examen, deen déi Zäit no der Quarta gemaach gouf, as keen eenzegen duerchgefall, jhust een Noexame war ze bekloën.



# 18. D'Bullettsliewen

## De Film vum Dag

Jo, an der Bullett huet d'Liewe sech wéi e Film ofgewéckelt, e Film, dee sech Dag fir Dag widerholl huet, egal op dat am Konvikt an der Stad war, zu Dikkrech oder zu Iechternach an der Bullett.

Scho moiës fréi géint e véirel op sechs huet et geschellt. An direkt war alles op den Dortoiren a Bewegung. D'Drückeberger sin nämlech geschwënn erféiert gin, wann den Här Koadjutor, e jonke Geeschtlechen, vun de Studenten iewer einfach "Quatsch" genannt, séng Ronn duerch d'Schlofsäll gedréit huet.

D'Moiëstoilette war séier gemaach, besonnesch fir déi Kleng, déi nach kee Baart haten. Gewäsch gouf sech an emailléierte, wäisse Schosselen an zwar d'Gesiicht an d'Hänn. Duerno goufen och nach d'Zänn geschrubbt a scho war déi ganz Operatioun erledegt. Sech bueden oder dusche war an der Bullett nët méiglech, well déi néideg Infrastruktur deemols nach gefeelt huet. Duerfir huet ee sech missen aschreiwe loossen an da konnt een op engem schoulfräie Nomëtteg an d'Spëdol oder an eng bestëmmte Bäckerei goën, fir do e Bad ze huelen, natiirlech nebst Bezahlen"!

Eng véierel Stonn no der Moiëstoilette soutz d'ganz Belegschaft schon an der Kapell, fir der Mass bäizewunnen. Duerno war nach eng kuurz "Etude", déi gewéinlech "Silenz" (vum Laténgesche silentium) genannt gouf a wou d'Studenten d'Méiglechkeet haten d'Matière vum Dag nach eng Kéier duerchzehuelen an hir Bicher an Hefter ze präparéieren, déi se deen Dag an der Klass bräichten. Héich uewen op engem Pult iwwer de Bullettaner huet de Quatsch getrount an opgepasst, dass et roueg bléif an esou jidderee séng Aarbecht kënnt maachen.

Um halwer aacht war de groussen Opbroch fir an den Iessall, de "Refectoire" ze goën. Et gouf schnell Kaffi gedronk a géint 8 Auer hun d'Studenten hir siwe Saache fir an d'Schoul geholl a sin an hire jeweilege Klassesall gaangen. Dat war guer nët wäit, well de Kolléisch an d'Bullett wäitgehend am selwéchte Gebai ënnerbruecht waren, nämlech am renowéierte Gemaier vun deër aler Iechternacher Abtei, vum Hl. Willibrord.

Mëttes gouf et nom Iessen eng gutt hallef Stonn Paus an dann erëm Silenz, bis kuurz virun zwou, wou erëm jiddereen d'Geleënheet hat, sech op säi Studium ze konzentréieren.

Déi Nomëtteger, wou keng Klass war (dënschtes an donneschtes) gouf och alt emol e gréissere Spadséiergank gemaach, dacks esouguer iwwer d'Sauerbréck an d'Preisescht", sief et der Strooss no, wou déi Zäit praktesch nach kee Verkéier war, bis an d'Géigend vun Irrel oder op den Iernzer Bierg erop bis bei d'Liboriuskapell.

Mä wéi d'Preise bis ugefaangen hun Bunkeren a Befestigungen déi Säit der Sauer ze bauen (an der Mëtt vun den 30er Joëren) war et op eemol eriwwer mat de Promenaden an d'Hitlerland. D'Preisen hun et nët méi geduld.

All Owes gouf nach en zimlech laange Silenz ofgehalen, éier et eppes zu Nuecht z'iesse gouf. No enger kuurzer Owesrekreatioun goung et da mat Zäit an d'Bett.

Sou goung dat Dag fir Dag d'ganz Woch duerch. De Sonndeg huet sech nëmmen doduerch ausgezeechent, dass praktesch ëmmer eng Promenade op d'Waasserbëlleger - Strooss a Richtung Steenëm gemaach gouf. Dat war schon alles! Woch huet sech esou u Woch gereit, ëmmer am selwechte Rhythmus. Heem koumen déi gewéinlech Bullettaner nëmmen zu de Vakanzen. Op d'Kiirmes huet esouguer keen dierfen heemgoën, dat hätt en zevill vun séngem Studium ofgelenkt.

## De Bullettskascht

De Bullettskascht war natiirlech fir Massenfütterung virgesin a gouf a grousse Kessele gekacht. D'Präparatioun war also nët ganz einfach an et war praktesch onméiglech, fir kënnen e gudde Maufel op den Dësch ze bréngen, zemol well och nach beim Akaf vun de benéidegte Liewesmëttel gespuert gouf. Sou koum selen éischtklassegt Fleesch op den Dësch. Et war also virprogramméiert, dass dënschtes, wa gekachte Rëndfleesch um Menu stung, Fleesch zerwéiert gouf, dat zéi wéi Lieder war, a kee Mënsch et gebass krut, zemol well et an der Bullettskichen och nach verkacht gi war.

Deen Dag, hun déi Iechternacher Bäcker gutt Geschäfter gemaach, well ze soën all Intern aus der Bullett hirt Fleesch stoë gelooss hun. Si hate virgesuergt an "d'Externen", déi vun Iechternach selwer waren, oder aus der Emgéigend, hun hire Bullettskomerode Mëtsche mat an de Kolléisch bruecht, wou "d'Interne" se dann heemlech eragemaufelt hun.

Et war nët gutt an der Bullettskiche géint de Kascht ze reklaméieren, well do zwou Schwëstere vum Direkter de Rudder gefouert hun. Huet een z.B. gefrot, fir Salz a säin Zappee ze kréien, well et esou fad wir, huet d'Didiersjoffer engem duergebass: "D'Salz as schon an den Är!"

Déi eler Studenten, déi schon iwwer méi Täschegeld verfügt hun wéi déi Kleng, sin alt heemlech aus dem Bullettshaff ausgebrach an hu sech an Iechternach - meeschtens an der Pâtisserie Zimmer - de Bauch mat deenen delikate Kichelcher gefëllt, fir et dann erëm e puer Deg mam Bullettskascht auszehalen. Dacks hu si sech och eng Zoossiss vum Metzeler matbruecht fir moiës alt emol e Rëndelchen op hirer Schmier ze hun. Dat hun se iewer heemlech misse maachen, well et verbuede war eppes Iessbares niewelaanscht op den Dësch ze bréngen. Um Bullettsmenu stong fir de Kaffi moiës ëmmer dat läfegt Gebeess, dat d'Studente Jizz genannt hun an dat déi meescht Kaschtgänger op d'laang Dauer nët méi verquesst kruten.

E puermol am Joër, war de Kascht eng Onz besser, zemol wann eppes weider an der Bullett lass war, wéi Neklosdag an d'Bullettskiirmes. Eng Kéier war de Bëschof Philippe op Besuch komm. Schliisslech war d'Bullett eng Institutioun, déi vum Bistum ënnerhale gouf an offiziell Pensionnat St. Joseph geheescht huet.

Duerfir war de Kascht deen Dag aussergewéinlech gutt an d'Studenten hu sech verwonnert, datt esou eppes an der Bullett kënnt méiglech sin. Et goufen esouguer gebrode Gromperen an eng Crème-Flûte als Dessert, e Gebäck, dat de Menn besonnesch geschat huet.

Iwwer Dësch hun d'Studenten heiansdo guer nët dierfe schwätzen, well dann ee vun deene Groussen aus engem Buch virgelies huet, an déi aner hu misse nolauschteren, wa si och scho léiwer hirem Noper erzielt hätten, wat deen Dag alles bei hinnen an der Klass lass war. Konnt dann ee wiirklech de Mond nët halen, as e virun d'Dir gehäit gin a krut iwwerhaapt näischt z'iessen. Dat as gewéinlech geschitt, wann de Bullettsdirekter grad zoufälleg deen Dag schlecht opgeluegt war.

Vun deenen zwee Koadjutoren, déi deemols zu Iechternach d'Opsiicht an der Bullett gemaach hun, wir wiirklech keen esou kéng gewiescht, dat ze woën. De Menn war esouguer iwwerzeegt, dass si verschiddener vun deene grousse Studente gefaart hun. Hien hat nämlech gesin, wéi eng Kéier ee vun deenen zwee Quatschen no engem Sekundaner gefacht hat. Deen nët faul, huet den Agressor mam Arem geholl an e mat engem gekonnte Grëff op de Réck gehäit. Um Buedem gouf et du e regelrechte Ringkampf an et weess een nët, wéi de Match ausgaange

wir, wa nët den Här Didier, dee vun de Kreesch vun de Spectateuren", déi sech am Kreess em de Sensatiounsfight gruppéiert haten, erbäikomm wir an de Spektakel mat sénger Donnerstëmm eenzock gestoppt hätt. De kampflustige Student huet séng siwe Saache misse paken an as heemgeschéckt gin. Hien as ni méi zu Iechternach opgedaucht.

De Service beim Iessen hun d'Studente selwer gemaach. All Woch koum eng aner Equipe un d'Rei, fir d'Iessen opzedroën.

Enges Dags huet e Student vun der Tertia gehollef de Service maachen. E war jhust am gaang d'Zoppekëmp ewechzedroën. Well déi aus enger liichter Matière bestungen, huet deen äerdegen Appersmann der an all Hand dräi geholl. Wéi as et gaangen?

Um Buedem louchen op enger Plaz Iessensreschter, déi ee gesabbelt hat. An déi huet deen déngschtäifrege Garçon getrëppelt, well en nët iwwer séng sechs Këmp ewech gesouch. Hie rëtscht aus a pardang louch hien um Réck an déi sechs Zoppekëmp op him.



Dat wir nach nët esou schlëmm gewiescht, wa nët nach zimlech vill Zoppereschter an de Këmp gewiescht wiren, déi sech iwwer den Ongléckvull ergoss hun. A well et grad deen Dag Buchstawenzopp gi war, gesouch eise Garçon aus, wéi en duerchernee gerëselten Dictionnaire.

De ganze Refectoire huet sech gerullt vu Laachen an dee verongléckten Handkessel gouf nach laang duerno den "Zoppekinnek" genannt.

## D'Bulletts-Hierarchie

An der Bullett gouf et eng ausgeklügelt Hierarchie, no deër d'ganz Liewe sech ofgewéckelt huet. Et kënnt ee bal mengen, am "dausendjährege Räich" déi Säit der Sauer, hätte se sech e Modell dru geholl, well och d'Gemeinschaftsliewen an de Lagere gouf do no engem vergläichbare System duerchgezun.

D'Hierarchie-Spëtzt war an der Bullett den Direkter, de "Plat" wéi en dacks genannt gouf, an dat well e wiirklech op groussem Fouss gelieft huet. Him zur Säit stungen zwee Quatschen", déi dem Chef séng Uerderen exekutéiert hun. Duerno goufen déi eler a verstännegst Studenten an d'Administratioun mat ageschallt. An esou huet eng gewësse Selbstverwaltung bestanen, déi nom Führungsprinzip fonktionnéiert huet.

Déi jéngst Bullettaner waren deemno déijéineg, déi eng ganz Häerd Cheffen iwwert sech haten an ëmmer an iwwerall ze follechen haten. Sou hun d'Primaner an och alt d'Sekundaner dacks d'Quatschen ersat, wann déi keng Zäit hate fir d'Surveillance am Silenz ze halen. Bei Dësch haten déi Grouss och de Virsëtz a si "Präfekt" genannt gin (all déi Begrëffer ware vum Latäin geprägt).

D'Präfekte soutzen um Kapp vun den Dëscher a lénks a riets vun hinnen, schéin dem Alter oder de Klasse no, déi aner Bullettaner, déi jéngst ëmmer zur Mëtt zou. Déi hate selbstverständlech déi mannste Rechter, duerfir iewer déi meeschte Flichten. Si konnte frou sin, wann eppes um Plat fir si iwwreg blouf, well et war natiirlech, dass déi eelst sech fir d'éischt zerwéiert hun.

De Menn kann sech nach gutt erënneren, dass hien ee Joër e Präfekt am Refectoire hat - grouss wéi e Ris a staark wéi en Ochs - deen ëmmer de géien Honger hat. Wann de Plat op den Dësch koum, huet hie sech d'Halschent erofgeschärt an da ganz ongenéiert gesot: "Sou, nun deelt iech der Rescht (an dat waren ëmmerhin nach sechs Mann déi a Fro koumen.)

Och bei der Fräizäitgestaltung waren déi Grouss privilegiéiert. Si haten dee groussen Terrain, deen tëschent de Gebailechkeete vun der Abtei an der Eisebunnslinn Waasserbëlleg - Iechternach louch, zu hirer Verfügung, fir do Sport ze dreiwen. Déi Kleng vun den ënneschte Klassen, hu sech en Eck am grousen Abteishaff missen eraussichen, fir do, sou gutt et ebe goung, Fussball ze spillen.

Op den Dortoiren huet d'Hierarchie selbstverständlech och gegollen. D'Krapperte vun der Septima an der Sexta waren an engem gewësse Sënn deene Groussen hire Leibdiener oder hiren Appersmann a waren hinnen a ville Saachen zu Déngschten. Déi Grouss hun hir kleng Vasallen och emol fir hire Mippchen oder hire Kueder gehalen.

De Menn hat d'Eier e Primaner an zugläich e ganz bekannte Fussballspiller kënnen ze betreien. Deen huet an engem Stater Veräin gespillt, deen an der Lëtzebuerger Sportswelt héich kotéiert war.

Duerfir hat de Primaner vum Bullettsdirekter extra Privilegien zougestane kritt. Hien huet dierfe wéinegstens eng Kéier an der Woch an d'Stad op den Training fueren. Dat as him duergaangen, well zu Iechternach och vill Fussball an der Fräizäit gespillt gin as an an den Turnstonnen esou vill "Culture physique" gemaach gouf, wéi soss néierens am Land.

En etlech Mol koum dee gudde Sportler, deen och nach Kapitän vun sénger Equipe war, spéit an zimlech séileg vun engem Fussballturnéier erëm mat engem prächtege Bucki um Arem. De Menn, dee schon am Bett louch, as dunn eenzock opgestanen an eng grouss Schossel Waasser siche gaangen.

Wéi du déi schéi Blummen als ongewinnten Dekor mattsen um Dortoir op dem Primaner séngem Nuetsdësch stoungen, huet de Menn sech nët manner gemengt wéi de Geéierte selwer, grad wéi wann hie gehollef hätt, deen Turnéier an der Stad ze gewannen.

# 19. Um Wee fir Schoulmeeschter

## An der Normalschoul

Nom Passage-Examen zu Iechternach huet de Menn säi Courage an zwou Hänn geholl an och den Opnahmexame fir an d'Normalschoul riskéiert. Hien hat op eemol wéi aus heiterem Himmel d'Iddi kritt, fir an den Enseignement anzetrieden. Obwuel véier bis fënnef mol méi Kandidate sech dem Exame gestallt haten, wéi der ugeholl goufen, war de Menn ënnert deene Glécklechen, déi an d'Quatrième vun der Normalschoul 1937 agereit goufen.

Elo war de Menn um Wee fir Schoulmeeschter ze gin an domat hat hie praktesch eng Garantie an der Hand, fir no e puer Joër eng Plaz ze kréien, wat eng gutt Saach war, well an den 30er Joëren eng weltwäit Krisis existéiert huet. Dem Menn séng Mamm war mat hirem Studiosus zefridden, wann och scho säi Stéifpapp léiwer gesin hätt, hie wir Akzisien gin, well dat him als de nec plus ultra virkomm as. Déi Leit hat hie beim Branntewäibrennen an Aktioun gesin a fond, datt et hinne nët schlecht géing.

D'Normalschoul war eppes ganz aneschters wéi den Iechternacher Kolléisch. Wann de Menn sech zu Iechternach ongezwonge konnt behuelen, an sech zimlech fräi virkoum, sou huet e sech an der Normalschoul vill méi ageenkt a kontrolléiert gefillt. An dat hat séng Grënn: D'ganz Normalschoul, mat hire véier Klassen, war, wat d'Zuel vun de Studenten ugoung, nët vill méi grouss, wéi déi Klass eleng, an deër hie véier Joër laang zu Iechternach soutz; eng Kontroll also vill méi liicht war.

D'Normalschoul war am Géigesaz zu der gewalteger Iechternacher Abtei lächerlech kleng a louch dem "Honn hanne", verstoppt an engem schmuele Säitepassage vun der Jufferngässel niewent der protestantescher Kiirch. Kaum een Duerchschnëtts-Lëtzebuerger wir d'Normalschoul - den Ausbildungshort vun den zukünftige Schoulmeeschteren - an dee gottverloossene Wénkel vun der Stad siche gaangen.

D'Professeren hun hire Studente vill méi op d'Fangere gekuckt wéi zu Iechternach, an obwuel d'Englescht vum Programm verschwonne war - d'Latäin iwwregens och - waren d'Uspréch un d'Studente vill méi grouss a si hu vill méi auswenneg léiere misse wéi am Kolléisch. An d'Physik beim Koppesse Jängi, e Cours deen am Kolléisch bei der Kathedral ofgehale gouf, war déi rengsten Tortur.

## De Regime am "St. Jean"

De System am Institut St. Jean", de Wupp gouf e vun de Studente betitelt - war och ganz anescht wéi an der Iechternacher Bullett. De Wupp war d'Internat fir d'Normalschüler. Dem Menn séng Mamm huet drop gehalen, dass och de Menn do ënnerdach kéim.

Wat de Wupp-Pensionären fatzeg géint de Stréch goung, war z.B. d'Tatsaach, datt se um Wee vum Institut St. Jean op Bel'Air fir an d'Normalschoul an der Jufferngässel ëmmer an ëmmer ganz genee deeselwechten Trajet hu missen anhalen.

Si se eng Kéier, anstatt ënnen ëm d'Kathedral erëmzegoën, uewen erëm gaangen, fir nach séier eng Kommissioun an der Librairie Ernster ze maachen, an den Direkter, den Här Turpel, huet se erwéscht, da war der Däiwel lass. Eemol gesouchen de Menn a säi Frënd Pir - wéi se dee verbuedenen Trajet goungen - op eemol de Wupps-Direkter viru sech. Fir sech ze verzéie war et ze spéit, den Här Turpel hat si schon erbléckt:

"A vu wou kommt dir zwéin dann?" huet dee veriergert gefrot. "Mä vun do, Här Direkter!" äntwerte si ganz näiv an hu mam Domm hannen u sech gewisen. "A wuer gitt der?" frot de Chef weider, hallef spöttesch an hallef gereizt, "Mä dohin, Här Direkter!" soten déi zwéi Flantessen, wéi wa se nët bis dräi kënnten zielen, hu mat hirer Hand a Richtung Bel'Air gewisen an dee verduuzte Kontroller stoë gelooss.


Dat war deërs Gudden zevill fir den ieweschte Chef, a rose wéi eng Spann huet en hinne nogeruff: "Den Owend kritt dir Déckkäpp am St. Jean näischt z'iessen!"

Dem Pir an dem Menn huet dat näischt ausgemaach. D'Haptsaach fir si war, dass si hirem klenglech pedantesche Boss gewisen haten, dass si wéi Erwuessener an nët wéi kleng domm Bouwe wëllte behandelt gin.

An der Oktav huet d'Normalschoul ëmmer un der Schlussprëssioun deelgeholl an et war scho bal eng Traditioun, dass d'Studenten aus dem Wupp duerno nach kënnten eng gutt Stonn iwwert de Mäertchen trëppelen. Mä, dat Joër - de Menn muss op der Deuxième gewiescht sin - huet den Här Turpel hinnen dat verbueden a gesot, si missten no der Prëssioun direkt erëmkommen.

Deen Uerder huet d'Faass zum Iwwerlafe bruecht an et koum zu enger Rewolt. D'Studente vun der Première hun d'Saach an d'Hand geholl. Sou wéi d'Schwäizer Eidgenossen hire Rütlischwur ofgeluegt haten, hu sämtlech St. Jean - Studenten op dem Georges säin Hutt geschwuer, dass si no der Schlussprëssioun nach zwou Stonnen um Mäertche géife bleiwen, éier se an d'Internat zréck kéimen.

An d'Saach huet geklappt. Am St. Jean war de Kaffisdësch gedeckt an den Direkter as ongedëlleg op an ofgetrëppelt; mä kee vun sénge Studenten huet sech gewisen. Déi waren um Mäertchen an hun sech do déi gebrode Fësch, d'Thüringer, d'Gromperekichelcher, d'Eisekuchen asw gutt schmaache gelooss. A fir sech Courage ze maachen, fir herno d'Konfrontatioun mam Direkter gutt ze iwwerstoën, hun déi meescht och nach een oder zwéin Humpe gedronk.



Den Direkter as an der Tëschenzäit ëmmer méi këddeleg gin an huet vu Roserei bal gekacht. Wéi dun endlech d'Studenten träppweis am St. Jean agelaf sin, hätt hie se am léifsten ermëlzt an hien huet gefaucht wéi e Rinozeros. Mä, wat sollt e maachen? Hie konnt se nët all erausgeheien an d'Rädelsführer huet e nët kannt. Duerfir huet en alt gutt Minn zum béise Spill gemaach. Déi nächst Deeg iewer war en esou granzeg wéi all näischt Gutts!

Duergéint hun d'Studenten erëm mat aussergewéinleche Mëttel protestéiert. Sou hun zwee deër Eelster vun der Première, de Georges an den Emil, een Owend gefrot, fir bei de Coiffeur ze goën. Si koumen an de St. Jean zréck, wéi d'ganz Belegschaft an der Etude soutz, wou grad den Här Direkter selwer d'Surveillance gemaach huet. Alles war roueg wéi bei der Wandlung an der Kiirch.

Op eemol geet d'Dir op an era koumen déi zwee Nachzügler, déi bei de Coiffeur waren. Wéi déi aner Studente se gesin hun, ware se den éischte Moment perplex. Mä dunn as de ganze Sall mat Laachen erausgeplatzt, datt et nëmmen esou geschaalt huet: Déi zwéin hate sech d'Hoër bei der Schwaart ewechschneide gelooss, an hir Biren ware glat wéi eng Frell an hu geglënnert wéi zeideg Kalbassen!

Den Här Turpel huet nëmmen eng batterséiss Grimass geschnidden a geblose wéi e Biddi no enger Course. Mä hie gesouch an, dass e besser hätt, nët ze reagéieren an d'Affär als nët esou iwwele Studentestreech ze klasséieren.

Eng Woch méi spéit krut den Här Direkter vum deemolegen Ausseminister Joseph Bech en Telefonsuruff, ee vun sénge Studenten séitz am Park a géif heeschen. Hie géif Gei spillen an niewent sech hätt en den Hutt op der Kopp stoën a vill Leit géifen him beim Laanschtgoën eng Mënz dra geheien.

Eenzock huet den Här Turpel sech an d'Stad dorower gemaach. A wéi e bei de Park koum, begéint en dem Georges mat sénger Geiekëscht. Den huet säin Direkter ganz frëndlech gegréisst a sech entschëllegt, dass en e bësschen "en retard" wir.

Trotz dem Direkter sénger Gewessheet, dee richtege Verbriecher viru sech ze hun, huet en eng Kéier déif geschléckt, iewer näischt gesot. Hien duecht, et wir besser esou, well en hat endlech de Studenten hir Protester kapéiert.

Den Här Direktor huet schliisslech agesin, dass e sénge Schutzbefohlenen d'Léngt e bëssche méi laang misst hänke loossen. Leider hun d'Auswiirkunge vu séngem Gesinnungswiessel nët laang gedauert, well d'Deg am St. Jean ware gezielt, ouni dass weder den Direkter nach d'Studenten eng Ahnung dervun haten.

## Eng modern Infrastruktur

Wann d'Studente mat den Erzéiungsmethode vum Här Direkter nët ëmmer ganz d'accord waren, sou hun se iewer d'Infrastruktur am St. Jean appreciéiert.

De St. Jean war deemols e fonkelneit Gebai, wat fir déi Zäit hypermodern ageriicht war. Dat éischt Joër, wéi de Menn do war, gouf et eréischt ageweit, also 1937, an de Menn ka sech nach gutt erënneren, dass d'Studente selwer bei deër Geleënheet eng sënnvoll Kantat opgeféiert hun, déi vum Lëtzebuerger Schrëftsteller Gregor Stein, alias Pierre Grégoire geschaafe gi war.

De St. Jean gouf also den Ufuerderungen un e modernt Internat voll a ganz gerecht. Sou z.B. um Plang vun der Hygien. All Student hat säin eegene Lavabo mat waarmem a kalem Waasser an eng Dusch, déi och wiirklech all Moiën profitéiert gouf. D'Primaner haten esouguer all en Eenzelzëmmer mat allem Confort.

Um Gebitt vun der Fräizäitbeschäftegung war de St. Jean wiirklech optimal ausstafféiert. Et gouf e Spillsall, wou d'Studenten e Gesellschaftsspill konnte maachen oder Dëschtennis spillen, eng Sportaart, déi deemols gewéinlech Ping-Pong genannt gouf.

Als grouss Attraktioun war am Keller eng formidabel Kelebunn amenagéiert, op deër d'Keleraiber sech produzéiere konnten. Och d'Fussballspiller haten déi bescht Viraussetzungen, fir hire Lieblingssport auszeüben. Well direkt niewen dem St. Jean louch deen ale Velodrom vu Bel'Air an am groussen Oval war e flotte Fussballterrain installéiert, deen de Studenten aus dem Internat zur Verfügung stoung. Sou hate si déi bescht Geleënheet dacks ze trainéieren.

Duerfir war et nët verwonnerlech, dass eng zolitt Fussballsequipe vun der Normalschoul op d'Bee gesat konnt gin. An obwuel d'Normalschoul praktesch nëmmen den 10. Deel vu Studente vun deenen anere grousse Sekundarschoulen aus dem Land opzeweisen hat, huet d'Normalschoulsequipe dach meeschtens géint déi aner gewonnen. Sou huet se als déi bescht Schülerequipe aus dem Land gegollen a konnt esouguer mat deene federéierte Veräinsequipen aus der ieweschter Divisioun konkurréieren.

Leider goung déi idyllesch Zäit fir de Menn an all séng Kollege mat engem Schlag zu Enn! Et war eppes Fuurchtbares geschitt. Den II. Weltkrich huet sech iwwert eist Land ausgebreet.

Zweeten Deel:

# Krichsjoeren

# 1. Den II. Weltkrich

## Den 10. Mee 1940

Den II. Weltkrich, dee vum 1. September 1939 bis den 9. Mee 1945 an Europa gedauert huet, war déi fuurchtbarst Katastrof, déi bis dohin iwwer d'Mënschheet eragebrach war. D'Japaner esouguer hun d'Waffen eréischt gestreckt, wéi am August 1945 d'Stied Hiroshima an Nagasaki de 6. resp. den 9. August mat der Däiwelswaff, der Atombomm, ausradéiert gi waren. Jiddereen, deen deemols de Krich matgemaach huet, kënnt e Buch schreiwen iwwer dat, wat en an deër onséileger Zäit erlieft huet.

De Menn, dee jhust am beschte Jugendalter war, wéi de Misär ugoung, huet zu deër Generatioun gehéiert, déi am uergste getraff gouf. Den 10. Mee, wéi d'Preisen de Westfeldzuch ugefaangen a Lëtzebuerg iwwerfall hun, war de Menn Student vun der „Deuxième" an der Normalschoul an „Interne" am „St. Jean" op Bel'Air. Dee Moië goufen d'Studenten an aller Herrgottsfréi aus dem Schlof gerass vum Gebrumms vu Fligeren, déi vu Westen no Oste ganz niddreg iwwer d'Stad ewechgebraust sin. Jiddereen huet geduecht, dass et franséisch oder englesch Apparate wiren, déi elo endlech deër „drôle de guerre" op dem Drailännereck bei Schengen en Enn géife setzen an de Preisen emol richteg weise géifen, wou de Bock d'Lach hätt.

Mä et sollt beim Wonschdenke bleiwen an d'Ernüchterung koum ganz séier. Méi fréi wéi gewéinlech huet den Direkter, den Här Turpel, d'Studenten an d'Kapell geruff an hinnen déi schrecklech Noriicht matgedeelt, d'Invasioun vu Lëtzebuerg, Holland, der Belsch a Frankräich duerch preisesch Truppen hätt ugefaangen. „Déi éischt preisesch, motoriséiert Verbänn stousse schon op d'Stad Lëtzebuerg zou, a Fallschirmjeër sin op verschiddene Stroossekräizungen an der Minettsgéigend geland," sot den Här Turpel mat ziddreger Stëmm. „Ech kann elo soss näischt fir iech maache wéi bieden! A well keen Zuch méi fiert, musst der elo versichen esou gutt an esou séier et geet, heemzekommen!"

Duerophin gouf et en allgemengen Auszuch aus dem St. Jean. Jidderee war drop aus, fir sou séier wéi méiglech heemzekommen. Well déi wéinegst sech e Wëllo konnte verschafen, hu se sech missen zu Fouss op de Wee maachen.

De Menn huet d'Stad duerch dat laanggezunnent Neiduerf verlooss. Wéi hie bis uewen op de Findel koum, war der Däiwel lass. Ee Gefier um aneren - Camionen, Raupenschlepper, Päerdsgespänner, Panzeren asw. sin an aller Vitesse laanscht dee verduuzte Menn gerannt; alles a Richtung Stad, dem Westen zou.

Op eemol gesouch de Menn zwee preisesch Zaldoten op enger Sidecar um Summerwee halen. Si hu sech grad prett gemaach, fir erëm zréck a Richtung Sénnengerbierg ze fueren. Wéi se fort waren, gesouch de Menn e grousst Faltblat um Buedem leien. Hie béckt sech a reeft et op. Du gesouch hien, dass et eng Buedemkaart war, déi x mol gefaalt war. De Menn huet nët wéineg gestaunt, wéi e festgestallt huet, dass et eng däitsch "Stabskaart" vum Lëtzebuerger Land war. Den Deel vun der Muselgéigend bis hannert d'Stad, war grad op der ieweschter Säit vun der Kaart ze gesin. A mat roudem Stëft waren déi kleng Bëschweër duerch de Kiem, de Gréngewald asw. ervirgestrach.

„Majo!" duecht de Menn, „dat do léisst op eng gutt Viraarbecht vun de Preise schléissen, déi an de leschte Joëren an dëser Géigend gewunnt hun. Si waren et ganz sécher déi alles ausspionnéiert an déi agezeechent Weër entdeckt hun, déi an engem kommende Krich gutt Déngschter leeschte kënnten, fir de Fall wou alliéiert Fliger de preisesche Noschub ugräife sollten. „All Respekt," duecht de Menn, „dee schäinhellege Pak war dach nët esou näiv a fridferteg, wéi e sech ëmmer gin huet.

Séier huet de Menn d'Kaart nach eng Kéier gefaalt a se genëschelt an d'Täsch gestach. Hie wollt nët hun, dass e Preis anuecht héil, wat hien do um Buedem fond hat. Op jidde Fall wollt hien dat verréiderecht an zugläich beweiskräftegt Dokument doheem weisen an et kommentéieren.

No en etlech Stonnen Dauermarsch war de Menn endlech zu Ouljen, wou d'Preisen dat friddlecht Stroossebild och scho vollstänneg ëmgemodelt an déi puer Epiceriën mat hire Marken bal ganz eidel kaaft haten. Nët laang huet et gedauert, bis et op eemol geheescht huet: „Déi éischt Evakuéiert kommen!"

An tatsächlech, eng gutt Parti Heelederween, Teimeren a Kare sin an d'Duerf eragefuer. Dorop soutze Fraën a Kanner, an d'Männer goungen niewent de Gefirer, op deenen allerhand Geschir louch; konterbont duercherneen: Matrassen, Bettdecken, Gromperesäck, Gezei, esouguer Ressorte vu Better waren derbäi. Déi aarme Leit hu verängstegt dragekuckt, well si koume mattsen aus der Front vun Elvéng aus der Mondorfer Géigend. Do hun nämlech d'Fransousen aus der Maginotlinn op déi preisesch Panzere geschoss.

Esou war natiirlech kee Bleiwes méi fir déi aarme Leit. Si hun dem Menn wiirklech leed gedoën. Duerfir huet hie mat sénge Komeroden de Leit gehollef, datt se en Ennerdach am Duerf sollte fannen.

Dobäi hu si improviséiert well et gouf weder e Plang fir Evakuéierter opzehuelen, nach hun déi offiziell Autoritéite sech gewisen, fir hir Uweisungen ze gin. An esou hun d'Duerfjongen déi Evakuéiert no hirem Ermiessen op déi verschidden Haiser dirigéiert. Déi friem Bauerefamiljen, déi alt en etlech Hausdéiere bei sech haten, sin an d'Bauerenhäiser am Duerf geschéckt gin, well do méi Plaz war, wéi bei de klenge Kräizerbaueren an den Aarbechterfamiljen.

Um Enn blouf nach eng sougenannt „famille nombreuse" mat sechs Kanner iwwreg. Dat ware mat Papp a Mamm derbäigerechent, jo nët manner wéi aacht Persounen. Wouhi mat esou enger grousser Famill? Et gouf wiirklech keen Haus am ganzen Duerf dat aacht Leit op ee Sietz hätt kënnen ophuelen.

De Menn huet du gemengt d'Famill misst sech opsplécken an op e puer Haiser verdeelen. Du huet e proposéiert fir zwee deër grousser Medercher mat heemzehuelen. Dat géing sech gutt arrangéieren, well hien doheem zwou Stéifschwësteren hätt, déi am selwechten Alter wiren. Och fir déi aner Familjemëmbere gouf séier en Ennerdaach fond, an all Mënsch war zefridden.



Dem Menn séng Mamm, an och séng Stéifschwëstere ware bass erstaunt, wéi de Menn, zimlech spéit an der Nuecht schon - mat zwee stramme Miseler Medercher an hirem Gesäckels am Heentzenhaus opgedaucht as a gesot huet, déi géifen elo bei hinne logéieren. Déi zwou Stéifschwëstere waren den éischte Moment vum Menn sénger Propositioun iwwerhaapt nët enchantéiert. Mä wat sollte se maachen? De Menn hat si virun e „fait accompli" gestallt, a si hu misse gutt Minn zum béise Spill maachen.

No e puer Deg iewer war d'ganz Heentzefamill vun deenen zwee feine Medercher ageholl an de Menn war frou, dass hie se nët eleng sou sympathesch fond huet. Aus deër Bekanntschaft, déi a schwéierer Zäit entstane war, gouf eng Frëndschaft, déi de Krich iwwerdauert an och nach joërelaang no deër grousser „Tourmente" virugebléit huet.

Nodeem an der Nuecht vum 10. op den 11. Mee all Evakuéiert an hire neie Logementer ënnerbruecht waren, huet all Mënsch gehofft, dass et elo endlech roueg an de Stroosse géif gin, op d'mannst bis et erëm hell wir. Mä, wäit gefeelt! Mat ofgeblennte Luuchten as Gefier u Gefier - am Schlekentempo zwar - viru geschlach, an dat d'ganz Nuecht duerch. Un eng Paus hun d'Preise nët geduecht. Si wollten der Welt weisen, wat si ënnert engem „Blëtzkrich" géinge verstoën. An déi verdaddert Lëtzebuerger konnten nëmmen de Kapp rëselen an duerch d'Zänn knouteren: „Léier déi hou... Preise näischt!"

## E Loftkampf iwwer Ouljen

Dee nächste Moiën haten d'Leit sech schon e bëssche vun hirem gewaltege Schreck vum Dag virdrun erholl.

A well keng franséisch an och keng englesch Fligere sech um Himmel gewisen hun, fir déi militäresch Ziler, déi sech ewéi op engm Zerwéierplateau op de Stroossen ugebueden hun, ze bombardéieren, haten d'Leit op eemol d'Impressioun, wéi wa kee Krich wir, mä nëmmen de Passage vun engem gigantesche Gefierkonvoi.

Duerfir hun déi meescht Duerfleit sech erëm ëm hir deeglech Aarbecht gekëmmert. D'Bauere si mat hirem Päerdsgespann op d'Gewan gefuer. Déi eng fir hir Pierchen ze piffen, déi aner - d'Nachzügler - fir déi lescht Gromperen ze setzen. Och den Heentzepapp huet en Heel geholl a goung an de Gaart hannert d'Haus. Do wollt en d'Grompere kappen, déi schon zënter e puer Deg aus dem Buedem geluust hun.

De Menn huet et riskéiert, fir mam Wëllo an d'Stad ze fueren, an dat trotz deem groussen Trawolt, deen d'Preisen op de Stroossen opgefouert hun. D'Heentzemamm hat hirem Student un d'Häerz geluegt, fir am St. Jean ze passéieren an nach eng Parti Gezei mat heemzebréngen, dat jo nach op séngem Dortoir am Schaf hung. Wéi de Menn bei de St. Jean koum, as en dem Direkter begéint, deen him rekommandéiert huet, säi Schaf ganz eidel ze maachen, well d'Preise schon am gaang wiren e Lazarett am Gebai anzeriichten.

„Aha!“ duecht de Menn, „as et ëm déi Zäit? Mä da ka ganz sécher sou bal keng Schoul méi an der Stad gehale gin! A wéini solle mir dann endlech eis „Deuxième“ fäerdeg maachen?“ Mat deene Gedanken am Kapp koum de Menn am spéide Nomëtteg mat séngem ganze Plënner zu Ouljen un. Mä hie krut séng Suerge guer nët un de Mann, well séng Leit wousst en e sëllechen ze erzielen, an hien huet hinne misse nolauschteren.

Dem Heentzepapp, dee jo am Gaart gekappt hat, war et bal e Strapp ze séier gaangen. Urplötzlech war an der Luucht der Däiwel lass. Et huet gedosch, gepaff a gezischt. Fiirchterlech Geräischer, déi dem Gaardemann duerch Muerch a Schank goungen, louchen an der Loft. Dem Heentzepapp säin éischte Gedanke war, sech aus dem Stëbs ze maachen. Säin Heel huet en op der Plaz fale gelooss an hien as, wat gës de, wat hues de, hannert d'Beienhaischen an Deckung gelaf. Hie war iwwerzeegt dass do uewen zwee Fliger unenee gerode wiren.


A wiirklech, e franséische Juegdfliger hat sech wäit an d'Lëtzebuerger Land eragewot. An elo gouf e vun engem preiseschen Apparat verfollegt. Duerch flénkt Ofdréien, duerch blëtzschnelle Wiessel vun Op- an Offléien, duerch Déiffléie bal iwwer d'Diech vun den Haiser, huet de franséische Pilot versicht de Preis ofzerëselen. Mä dee blouf wéi e Blutsëffer un em hänken an huet nët lacker gelooss.

An esou goung dee verréckten Danz iwwer dem Duerf virun an d'Duerfleit hu sech wéi opgeschäichte Wëld hannerwanns gemaach. Op eemol huet et gehummert a gerabbelt, wéi wann e Risespiecht mat séngem Schniewel e Bam duerchlächere géif. Déi zwee Fliger hu versicht sech géigesäiteg erofzeschéissen an hir Maschinnegewierer hu Feier gespaut a Kugelen erausgekatzt zu Fräcks. Déi sin iwwer d'Gewan an duerch d'Gäärt gestrach, hun op den Diech vun den Haiser gerabbelt a sin op der Strooss gedanzt.

Engem Bauer, dee grad de Roudemerwee erof mat séngem Gespan do koum, sin d'Päerd duerchgebrannt. Am Galopp sin déi verängstegt Déieren d'Duerfstrooss ofgestiirmt an hun hiirt ëmgekippte Gefier nogeschleeft. Ee Gléck, weder de Bauer nach d'Päerd goufe vun enger Kugel getraff.

An den Heentzepapp hannert séngem Beienhaischen hat och Chance, well him näischt geschitt as. A wéi dee ganze Spuck iwwer dem Duerf op eemol wéi duerch Zauberhand verschwonne war, as den Heentzepapp aus sénger Stopp erausgekroch. Ziddreg a verdaddert goung en a säi „Gromperejoun“ zréck an huet säin Heel um Buedem opgeraf. O Donnerwetzki, hie konntséngen A bal nët trauen. Säin Heelestill, d'éinescht nach glat wéi eng Frell, war op enger Plaz gespläitert. Keen Zweiwel ... eng Fligerkugel hat do ageschloën an de Graff vum Heel duerchlächert.

Elo eréischt as et dem Heentzepapp bewosst gin, a wat fir enger grousser Gefor hien elo grad geschwieft hat. A mat gemëschte Gefiller huet en an den Himmel gekuckt, fir festzestellen, ob déi zwee geckeg Pilote mat hirem Däiwelsgeschirr och wiirklech verschwonne wiren.



# 2. D'Normalschoul am Embroch

## Emschoulung am Krich

Vum 10. Mee 1940 un - Dag vun der preisescher Invasioun am Westen - bis zur Kapitulatioun vun der franséischer Arméi, Enn Juni 1940, konnt, wéinst de militäreschen Operatiounen, keng Schoul an der Stad gehale gin. De Menn a séng Kollegen aus der Normalschoul hun déi Zäit esou gutt et ebe goung verbruecht; déi eng doheem, déi aner an der Evakuatioun, sief et hei am Land, sief et a Südfrankräich.

Am Spéitsummer 1940 eréischt konnten d'Normalschoul-Studenten hir jeweileg Klass ofschléissen. De Menn a séng Klassekomerode koumen op d'Première. Mä lues a lues gouf et an dem Schoulbetrib e ganz anere Regime. Nodeem eng Zivilverwaltung de preisesche Militärregime zu Lëtzebuerg ofgeléist hat, hun déi preisesch Behörden hir Nues ëmmer méi déif an den Enseignement eragestreckt. Besonnesch d'Ausbildung vun den zukünftegen Erzéier huet si interesséiert. Dat waren déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Kanner a Jugendlech zu gudde Nationalsozialiste sollten erubilden. Eng Konfrontatioun war also virprogramméiert, well d'Lëtzebuerger Erzéiungs-Aspiranten duerchwees nët bereet waren, mat de Preisen ze kollaboréieren.

Déi éischt Sanktioun, déi d'Besatzer an deem Sënn ënnerholl hun, war d'Ofsetzung, am November 1940, vum Normalschouldirekter Nicolas Simmer, deen hinnen en Dar am A war an nët déi néideg „Gewähr" gebueden huet. Hie gouf verhaft a koum an d'Konzentratiouns-Lager Natzweiler an duerno op Dachau, wou hie leider am Februar 1945 un de Folge vu sénger Haft gestuerwen as. Den Här Simmer gouf am Hierscht 1940 schon duerch den Inspekter Paul Star ersat, dee mat de Preise besser Relatiounen hat, wéi den Eischtgenannten.

Well de Preisen am ganze Räich eng Onmass Schoulmeeschtere gefeelt hun, duechte se, si kënnten der hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rëtsch rekrutéieren. Si gesouchen iewer, dass d'Normalschoulsgebai an der Kongregatiounsgaass nët grouss genuch wir, fir dat Zil z'erreechen. Duerfir huet en anert, gréissert Gebai missen hir. Dat war fir d'Preise kee Problem. Mat engem Fiederstréch gouf

dekretéiert, dass d'Normalschoul géing plënneren an zwar an d'Pensionnat Ste. Sophie.

D'Schwësteren an d'Studentinnen hun direkt misse Plaz maachen, fir déi zukünfteg Schoulmeeschteren ënner Daach ze kréien. An esou huet d'Normalschoul vum Januar 1941 un am Gebai vun der Ste. Sophie, niewent der Kathedral, funktionnéiert. Fir d'Studente besser an de Grëff ze kréien, hun d'Preisen derfir gesuergt, dass e puer Professeren vun déi Säit der Musel an der Normalschoul dozéiere sollten.

## D'Gëlle Fra gët ofgerappt

Wéi de Menn a séng Kollegen ee gudden Dag, wéi d'Normalschoul nach an der Kongregatiounsgaass louch, aus der Schoul koumen, hu si An an Oueren opgerass, wéi se gemierkt hun, dass op der Konstitutionsplaz, do wou d'Gëlle Fra stoung, e fatzegen Trawolt am gaang war.

D'Konstitutiounsplaz mat deem sympatheschen Denkmal, „der Gëlle Fra", déi héich op engem elegante Sockel stoung, de Lorbeerkranz an der Hand, fir engem dapere Fraïheetskämpfer op d'Stir ze setzen, war eng vun de schéinste Plazen aus der Stad. Vun do aus hat een e wonnerbare Bléck an d'Péitrus dorower. D'Fielsen an déi héich Maueren hun engem d'Impressioun vu Stäerkt a Verdedigungswëlle gin, déi d'Lëtzebuerger nach ëmmer am Laf vun hirer Geschicht animéiert hun.

Sou och am I. Weltkrich, wou Honnerte vu Lëtzebuerger sech fräiwëlleg an d'franséisch Arméi gemellt haten, fir sech géint den Agressor vun déi Säit der Musel ze schloën. D'Denkmal vun der Konstitutiounsplaz war zu Eire vun dësen Idealisten nom I. Weltkrich opgeriicht gin, fir hiren Asaz an hiirt Affer fir déi gutt Saach am allgemengen a fir d'Lëtzebuerger Onofhängegkeet am besonneschen, ze würdegen. Dat huet natiirlech op d'Preise wéi e rout Duch gewiirkt an duerfir huet de "Schandfleck", deen en an hiren A war, misse verschwannen. An elo war et esou wäit.

Mattsen an der Strooss stoung eng schwéier Dampwalz. Dorunner war en déckt, gewalteg laangt Seel festgebonnen. Et huet am Bou an d'Luucht bis uewen an d'Spëtzt vum Denkmal gereecht. Uniforméiert Preise sin dorëmmer gebëselt, wéi wa se wëlles hätten, d'Welt aus den Aangelen ze hiewen. Dat d'Ganzt huet sech tragikomesch ugesin.

Op den Trottoire rondëm d'Plaz stounge schon Honnerte vu Lëtzebuerger. Si hun diskutéiert, gestikuléiert, protestéiert, Kreesch gedoën an d'Preise Schëmmel a Bless vernannt. Emmer méi Leit si stoë bliwwern. An elo hun och nach ganz Träpp Studenten a Studentinne sech de Leit ugeschloss a gehollef hirem Ierger Loft ze maachen. D'Saach huet sech ëmmer méi zu enger Massendemonstratioun entwéckelt. Deene puer Preisen, déi hir Missioun hei ze erfëllen haten, as op eemol de Wappes gaangen a si hu Verstäerkung ugefuerdert.

Et huet guer nët laang gedauert, du koum vum „Pôle Nord" erfort eng ganz Kolonn Militärcamionen. Déi si rücksichtslos schif op den Trottoir eropgerannt, mattsen an d'Leit eran. Wien nët op d'Säit gesprongen as, gouf einfach ëmgerannt.


Aus de Camione sin du an aller Vitesse eng ganz Häerd Gestapoleit erausgesprongen an hu versicht esou vill wéi méiglech Leit festzehalen, déi am éischte Schreck tëschent de Camionen an der Gaardemauer vun dem franséischen Ambassadsgebai blockéiert gi waren. Dann hu se déi mat aller Brutalitéit an hir Gefierer eragedréckt. Géint déi Methoden haten d'Lëtzebuerger wiirklech nëmmen ee Mëttel bei Hand: Fortlafen esou séier et goung.

Och de Menn a séng Schoulkomeroden waren duerch d'Bascht, éier ee sech ëmsin hat. Mä ee Komerod haten d'Preisen dach ze pake kritt: De Jhoss! Mä dat war e robuste Kärel a mat engem „Coup sec" huet hie sech lassgerappt an as fortgerannt wéi der Däiwel. De Preis, deen duerch deen onerwaarte Widderstand gereizt war, wollt de Jhoss elo mat aller Force an de Camion kréien an as him nogelaf. Mä wat deen aarme Gestapomann nët wousst, war, dass de Jhoss Lëtzebuerger Juniore-Rekordmann op de Mëtteldistanze war. An duerfir huet et nët laang gedauert, dunn hat „de gudde Preis" Schong a Schlappe verluer an huet d'Saach missen opgin.

Wéi de Gestapomann bei „d'Gëlle Fra" zréckkoum, war d'Plaz scho geraumt an hie krut keen eenzege Lëtzebuerger festzehuelen. Séng Kollegen hate jhust eng gutt Dose Leit ze pake kritt, mat deene se elo an d'Villa Pauly gefuer sin. Do haten déi natiirlech nët ze laachen, well d'Preise si guer nët zëmperlech mat deene Leit ëmgaangen, déi hirer Menung no géint hir nei Weltuerdnung agestallt waren. Op jidde Fall wousten d'Preisen elo, dass d'Lëtzebuerger sech nët alles vun hinne géife gefale loossen.

Mä trotzdem hu si sech nët dru stéire gelooss „d'Gëlle Fra" mat hirer Dampwalz ëmzezéien, soubal si d'Plaz vun deene „Sau-Luxemburger" geraumt haten. Den ënneschten Deel vum Monument, deen nët ëmgefall as, hu se als Ruin op der Konstitutiounsplaz stoë gelooss, fir de Lëtzebuerger domat ze weisen, datt si op hir national a patriotesch Gefiller keng Rücksicht géingen huelen.

„D'Gëlle Fra" iewer blouf an den Häerzer vun de Lëtzebuerger de ganze Krich duerch en hellege Symbol vun hirer Fräiheet, op déi se op kee Fall vezichte wollten.



## D'Normalschoul zu Ettelbréck

Eppes muss de Preisen, wat d'Normalschoul ugoung, dach nët richteg an de Krom gepasst hun, well schon am Abrëll 1941 gouf nach eng Kéier geplënnert. An dat an d'Medercherspensionnat Ste. Anne op Ettelbréck. Natiirlech hun och do d'Studentinnen an déi meescht Nonnen d'Blat misse botzen. Jhust déi Schwësteren hun dierfe bleiwen, déi de Kichen- an de Botzdéngscht versin hun; déi also bei de Preisen d'Mod gespillt hun.

Schoul an Internat hun eng Eenheet gebild an ënner dem Numm L.B.A. (Lehrerbildungsanstalt) funktionéiert. D'Bezeechnung „Anstalt" huet bedeit, dass do nët nëmme Schoulfächer dozéiert sollte gin, mä datt besonnesche Wert op d'Erzéiung am nationalsozialistesche Geescht geluegt gouf. Duerfir hun d'Studenten, déi vun do un „Lehramtskandidaten" geheescht hun, nët all Dag dierfen heemfueren. Si hun all Interne misse sin, well d'Preise se 24 Stonnen op 24 ënner Hänn wollten hun, fir se no hirer Fassong kënnen ze forméieren a se sou zu méi gefügegen Exekutanten vun hiren Iddien ze maachen. Ob hir Methoden och ëmmer déi allerbescht waren, muss bezweiwelt gin. Déi puer Schwësteren, déi d'Preisen am Gebai vun der L.B.A. geduld hun an déi gewinnt waren an „hirem Haus" d'Aarbecht an d'Gebiet ze praktizéieren, hu sech dacks misse schudderen, wa se de Preisen hirem Gebietersatz - si hate jo fir alles en Ersatz - virum Iessen hu misse nolauschteren. Sou huet ee Sproch, deen alt gebraucht gouf, besonnesch blöd a sarkastesch geklongen. „Das Herz einer Frau, der Magen einer Sau, das Innere einer Wurscht bleiben ewig unerforscht. Ran!" Dat sollt also souvill heeschen, wéi: Gudden Appetit! Mä anstatt de Studenten hiren Appetit unzeregen, huet et se éischter ugeekelt.

D'Preisen hate ganz sécher d'Rechnung ouni de Wiirt gemaach. D'Emschoulung vun de „Lehramtskandidaten" goung guer nët esou einfach, wéi si sech dat virgestallt haten. Fir d'éischt hun d'Preise mat gudde Wierder versicht hiirt Zil ze erreechen. Mä, wa si gesouchen, datt se domat näischt bewiirkt hun, konnte se hir Methoden eenzock ganz radikal änneren.

# 3. Krich an Alldag

## Eng denkwürdeg Grosskundgebung

D'Normalschoul gouf zu Ettelbréck ganz séier an de nationalsozialistesche System vun der Nord-Stad integréiert an d'Lehramtskandidate ware gehalen, alle Manifestatioune bäizewunnen, déi vun der Ortsgrupp Ettelbréck an der Kreisleitung Dikkeréch organiséiert goufen.

Bei Geleënheet vun enger „Grosskundgebung", déi zu Ettelbréck ofgehale gouf an op deër de Kreisleiter vun Dikkeréch séng N.S.-Paroule vum Stapel gelooss huet, war och d'Première vun der L.B.A. in corpore ugetrueden. Mä wat de Riedner de Lëtzebuerger un d'Häerz wollt leën, huet de Menn a séng Klassekomerode kee Fatz intresséiert. Wat de Preis sech méi an den Äifer era geried a séng Nazipropaganda zum beschte gin huet, wat eis Lehramtskandidaten, déi all op engem Koup beienee soutzen, méi gespréicheg goufen an d'Naziparoulen op hir Manéier kommentéiert hun.

Ee vun hinnen - de Georges - hat e Gesiicht, dat ausgesouch, wéi wann hien ëmmer géif grinsen. An dat as op eemol dem preisesche „Vollekstribun" op d'Nerve gaangen an hien as explodéiert. Hien huet Kreesch gedoë wéi säin Här a Meeschter vu Berchtesgaden e gefuerdert, dass dee ganze „Sauhaufen" wéinst séngem antidäitsche Behuelen ze bestrofe wir.

Mä wéi déi apperdéngeg „Saaldiener" an Aktioun wollten trieden, fir déi onverschimmt „Sau-Luxemburger" ofzeféieren, huet de Komerod Jhämp agegraff a sech a séng Frënn, inklusiv de Georges, deen nach ëmmer dragekuckt huet, wéi wann e géing grinsen, aus deër quokeleger Situatioun gerett.

De Jhämp, deen zwar nët grad zu de „bons élèves" vun der Klass gehéiert huet, war iewer deen, deen déi preisesch Mentalitéit am beschte kapéiert hat. Hie wousst, wéi een deene preisesche Pohunnen do am beschte kënnt imponéieren. Hie spréngt op a mat engem formidable Culot féiert hie sech als de responsable Porte-Parole vun deem ondisziplinéierte „Sauhaufen" op. A ganz zackeg, wéi d'Kugel aus der Flënt, koum dem Jhämp séng feierlech Deklaratioun:

„Herr Kreisleiter! Meine Herren! Ich bin verantwortlich für diese Gruppe und ich kann Ihnen versichern, dass alle hier mit einer exemplarischen Disziplinarstrafe zu rechnen haben. Ich bitte Sie, das verantwortungslose Benehmen meiner Anvertrauten zu entschuldigen!"

An, o Wonner, dem Jhämp séng entschlossen Interventioun huet Wiirkung gewisen an d'Nazischergen hu vun hiren Affer ofgelooss. D'Situatioun war gerett. Well d'Primaner ongeschuer dervu komm waren, hu si de Jhämp no der Kundgebung wéi en Held gefeiert an nach heemlech e puer Fläsche Béier um Dortoir op hirem Kolleg séng gelonge Köpenikiad gedronk.

## Den 22. Juni 1941

Deen Dag, deen am II. Weltkrich eng entschedent Roll gespillt huet, iewer och fir de Menn an dräi vu sénge Klassekomeroden e schicksalhaften Dag war, hat d'preisesch Wehrmacht de Courage, dat gewalteg grousst russescht Räich unzegräifen.

Et war e Sonndeg, an der Däiwel weess, wat fir eng Flou den Direkter Star gepickt hat, fir deenen elere „Lehramtskandidaten" ze erlaben, am Nomëtteg eng Promenade op eege Fauscht ze maachen. Dat war bis elo, nach ni de Fall gewiescht. Well en etlech Stonnen Ausgank bewëllegt gi waren, sin eng Parti Primaner zu Fouss op Dikkeréch gaangen, fir sech do e bësschen an der Schwemm, déi deemols nach an der Sauer amenagéiert war, ofzekillen. Et war nämlech en herrleche Summerdag.

A wéi den Zoufall esou spillt, waren do e puer vun deene Medercher, déi ëmmer op Ouljen an d'Vakanz komm sin. Duerfir huet de Menn se gutt kannt. Et huet nët laang gedauert, du war dat jonkt Vollek per Du mateneen. D'Medercher haten esouguer de Courage fir dem Menn a sénge Frënn ze proposéieren, owes nach eng Kéier op Dikkeréch zréckzekommen, fir an engem bekannten Danzlokal, wou e Bal ugesot war, eng Grimmel mateneen ze danzen.

D'Studenten hun zwar e bëssche gezéckt, well et jo nëmme méi e puer Woche bis zum Ofschlossexame waren a well et nët einfach sollt sin, fir heemlech aus der L.B.A. erauszekommen. A vum Direkter kréiche si ganz sécher keng Erlabnis méi, fir och nach owes eng Sortie ze maachen. Well am Fong waren déi grouss Flantëssen, déi bal all hir 21 Joër erreecht haten, gewinnt, vun der Direktioun wéi Kanner behandelt ze gin.

Um Enn iewer waren de Menn an dräi vu sénge Kollegen d'accord de Medercher hir Propositioun unzehuelen, well se iwwerzeegt waren, dass dësen 22. Juni 1941 de leschten Dag an deem onséilege Krich wir, wou d'Danzen nach offiziell erlabt sollt sin. D'Aussicht op e schéinen Danzowend mat e puer flotten Dikkerécher Medercher huet si natiirlech och gereizt. An du gouf ganz séier e Plang ausgeheckt, wéi déi Aventure sech géif duerchféiere loossen. Eng Fënster am Pensionnats-Gebai, déi op d'Haaptstrooss gewisen huet, sollt nëmme bäigestouss gin. Do wollten déi véier Ausräisser erëm eraklammen, wa se nuets vun hirer Dikkerécher Eskapade zréckkéimen.

De Plang war nët schlecht, wann den Hausmeeschter vun der L.B.A. nët e Stréch duerch déi gutt iwwerluegte Rechnung gemaach hätt.



Hien hat anuecht geholl, dass eng Fënster nët ganz zou war, wat him direkt verdächteg virkoum. Hien huet dem Direkter säi Verdacht matgedeelt an déi zwéin hu sech op d'Lauer geluegt, fir gewuer ze gin, wien déi Frechheet hätt, d'Lehrerbildungsanstalt ouni hir Erlabnis ze verloossen.

A wiirklech, deenen zwéin hire Plang goung op, deene véier Ausflügler hiren natiirlech nët. Wéi si wollten zu spéider Stonn zu hirem „Schlupfloch" eraklammen, hu se mat Schrecke festgestallt, dass alles fest zou wir. Fir elo dem Direkter op de Virzock ze kommen, sin déi véier, déi sech op eemol bal als Schwéierverbriecher virkoumen, flénk iwwer déi héich Paart, no bei der Ettelbrécker Kiirch, geklommen. Sou koume se an den Haff a vun do mat Hëllef vun enger Schwëster, déi hinnen aus Gottes Barmhäerzegkeet d'Dir opgespaart huet, onbehellegt op hiren Dortoir. An éier den Direkter, deen de Manöwer vun den Ausbriecher vun enger Fënster aus anuecht geholl hat, d'Kéier krouch, en Tour duerch d'Dortoiren ze maachen, louchen déi véier längst an hire Better - mam Gezei un natiirlech - an hun „de Schlof vun de Gerechte" virdemonstréiert.

Den Här Star, dee vu Beruff aus, jo eng Ahnung vu Psychologie hat, hat direkt de Jhämp am Verdacht, dee jo ëmmer derbäi war, wann eng Kaz geschleeft gouf. Deen anere Moiën huet e sech de Jhämp, dee jo wiirklech nët op d'Nues gefall war, virgeknäppt. An ausgemaachter Saach wousst en alles, wat e wësse wollt.

D'Nuetsexpeditioun op Dikkeréch hat als fatal Konsequenz, dass déi véier bei de Preise ganz duerch de Kuerf gefall an am héije Bou aus der Schoul erausgeflu sin. Si goufen derzou verdonnert, d'Première nach eng Kéier ze maachen. Dat war natiirlech eng haart Strof, déi sech iewer zu gudder Lescht als Glécksfall entpuppe sollt.

Well déi véier „Sträflingen" um Wehrbezirkskommando gemellt waren, dass se d'Première nach eng Kéier misste maachen, goufe se vill méi spéit an den R.A.D. (Reichsarbeitsdienst) an an d'Wehrmacht agezun, wéi de „gros lot" vun hire Klassekomeroden.

Dass si hiren Ofschlossexame schon am Oktober 1941 nomaache konnten an doduerch kee Joër op hir Klassekollege verluer hun, muss de Preise ganz duerch d'Latte gaange sin. Dat war fir déi véier „Danzspezialisten" natiirlech en ongeheire Glécksfall! Oder war et Schicksal?

# 4. De Krich geet weider

## Schoulmeeschter zu Déiljen

Soubal de Menn a séng dräi „Leidensgenossen“ am Oktober 1941, e puer Méint no hirer Eskapad op der Esplanad zu Dikkeréch den Ofschlossexamen an der L.B.A. zu Ettelbréck bewältegt haten, sin si direkt an eng Schoul ofkommandéiert gin: De Camille, de Jhämp an de Marcel déisäit d'Musel an den Honsréck, an d'Äifel, jo esouguer ee bis op Neuwied um Rhäin dorower, iwwerdeems de Menn als eenzegen hei am Land konnt bleiwen, nämlech zu Déiljen, an der Gemeng Befort.

Wat sech fir d'éischt als eng grouss Chance fir de Menn ugesin huet, huet sech iewer am Laf vun den nächste Méint éischter als en hannerhältege Bockfouss entpuppt. Ganz séier huet et sech erausgestallt, dass d'Kollegen am „Alträich“ eng zimlech roueg Kugel konnte „schiben“. Si ware meeschtens de „Kock" um Duerf, well jo déi einheimesch Jugendlech a jonk Männer am Hitler sénger Krichsmaschinerie agespaant waren an nët dacks heemkoumen. Duerfir gouwen d'Lëtzebuerger nët schlecht vun der weiblecher Bevölkerung verwinnt, a kengem Mënsch wir et agefall politischen Drock op si auszeüben, wa si nët ëmmer deër selwechter Menung waren, wéi si. Aneschters de Menn, dee sech mat Pflichtversammlungen a munnech „Contrainten“ vun der Ortsgrupp, der Kreisleitung, de Schoulbehörden asw. erëmzeschloën hat.

De Combel iewer war, dass op eemol och nach bal all aacht Deg e preiseschen „Einsatzlehrer“ an der Déiljer Schoul opgedaucht as. Deem séng Haaptinteresse waren, de Schoulmeeschter no alle Regele vun der Nazidoktrin ze „striizen“ an d'Kanner zou getreien a gefügege Führerunhänger erunzebilden. Eng weider Missioun huet en doranner gesin, de Kanner den daïtsche Grouss bäizebréngen. Si hun de rietsen Arem, nët wéi „lahm Inten“, mä wéi zackeg „Hitlerkanner“ an d'Luucht missen hiewen an haart an däitlech „Heil Hitler“ jäizen. Hien huet och verlaangt, dass d'Kanner de Führer wéinegstens esou gutt misste kenne- léiere wéi hire Papp doheem. An den Horst Wessel, dee scho virum Krich vun de Kommunisten ermuerd gi war, sollt hinnen als brillant Virbild vun engem

gudde Gefollegsmann schmackhaft gemaach gin. Mä dem „Einsatzlehrer“ séng politisch Erfollecher zu Déilje ware beim Schoulmeeschter och bei de Kanner éischter bescheiden, sou dass d'Relatiounen tëschent deenen zwou Parteien zimlech gespaant blouwen.

## Den 19. August 1942

Deen Dag huet am II. Weltkrich eng gewësse Bedeitung gehat, ouni iewer de Verlaf vun de Krichsoperatiounen entschedent ze beaflossen. Un der franséischer Kanalküst bei Dieppe hun deemols englesch "Marines“ eng Landung probéiert. Déi Entreprise iewer huet fir „d'Tommien“ en onrühmlecht a battert Enn fond. Vill vun hinnen hun hiirt jonkt Liewe bei deër Aventure gelooss.

Déi ongléckIech englesch "Expeditioun" hat fir d'Lëtzebuerger a fir déi ganz „fräi Welt“ eng Schockwiirkung an huet ville Leit eng onheemlech Flemm agedriwwen. Bal jiddereen hat den Engländer zougetraut, dass si, wa se géifen ugräifen, kuurze Prozess mat de Preise géinge maachen, an dass dann de Krich séier eriwwer wir. Mä elo! Wat sollt dat do nach gin?

D'Lëtzebuerger hu sech an der Analyse vun dësem Invasiounsfiasko an zwee Lagere gespléckt. Déi eng soten: „Vun deem Coup do erhuelen d'Engländer sech ni méi. Si wärten esou bal de Courage nët méi hun, eng zweet Landung ze probéieren. Dat do as Waasser op dem Hitler séng Millen!“ Deen huet natiirlech och gläich vun der Geleënheet profitéiert, fir déi ongeheierlechst Propagandaparoulen an d'Welt erauszeposaunen, ongeféier esou: „Unsere Feinde können gegen die Küsten des Europäischen Festlandes anrennen, aber sie werden sich nur blutige Köpfe holen. Keiner wird lebend die geheiligte Erde unseres kontinentalen Lebensraumes betreten!“

Déi zweet Kategorie Lëtzebuerger hat do eng ganz aner Menung. Si soten: „D'Engländer hu geblufft fir den Hitler a séngem Größenwahnsinn ze bestäerken. Si hu bei deër Entreprise vun Dieppe hir Erfarunge gesammelt a wa se elo nach eng Kéier lasschloën - an zwar mat Hëllef vun den Amerikaner - da geet et dem Hitler e Strapp ze séier!“

Och de Menn wousst nët, wat e vun den Engländer hirer verfeelter Entreprise hale sollt. Wéi hien esou a Gedanke verluer, gemittlech mam Wëllo iwwer Land a Richtung Déilje gefuer as, gesouch en op eemol hannert der Weilerbaach eng Fra, d'Mamm vun engem vu sénge Schoulkanner, hire Wëllo un der Hand virundrécken, well deen e „Plattfouss“ hat.

De Menn, dee gutt Zäit hat an och e bësschen de „Gentleman“ wollt erauskéieren, huet ouni ze zécken, stallgehalen, fir der Fra ze hëllefen, hiirt Gefier erëm an d'Rei ze setzen. Wéi en déck am gaang war, de Wëllo ze flécken, héiert en op eemol zwee Wëlloën no laanscht jhauwen. Hien huet bal gemengt, säi Numm wir geruff gin.

Hie kuckt vu sénger Aarbecht op a gesäit zwee jonk Medercher, déi hir Wëlloën ofgebrëmst an d'Kéier op der Strooss gemaach hun, fir him Bonjour ze soën. Dun erkennt hien déi eng Joffer, deër hir Leit e bekannte Café zu Ettelbréck gefouert hun. Dohin war de Menn mat séngen dräi Kollegen, déi d'Première sollte nomaachen, en etlech Mol e Pättchen huele gaangen. Dobäi hate si natiirlech d'Meedche vum Haus kenne geléiert a sech mat him ugefrënnt.

Déi Joffer huet dem Menn d'Hand gin an dunn hir Frëndin virgestallt, mat deër si zesummen en Tour op d'Musel dorower gemaach hat. Dem Menn war d'Frëndin direkt sympathesch. Duerfir huet hien deenen zwou Joffere proposéiert, si sollten e puer Minutte waarden, bis hie säi „Samariterdéngscht“ fäerdeg hätt. Da géif hie si gär begleden.

Si hate sech bei der Frëndin hirer Tata an hirem Monni zu Befort ugemellt, fir do kënnen déi nächst Nuecht ze logéieren. Well de Monni dem Menn säin elere Berufskolleg war, huet de Menn de Jofferen erzielt, hie misst souwéisou och nach mam Monni schwätzen. Duerfir géing hie mat hinnen bis op Befort eropfueren, wa si näischt dergéint hätten.

Déi zwou Jofferen haten näischt dergéint an zesumme si se dunn a flottem Tempo bis op de Grondhaff geflitzt. Mä du goung et biergop an den Tempo huet gewalteg nogelooss. Besonnesch déi nei Bekanntschft huet den Uschäi gin, wéi wa si dee géie Bierg op Befort erop nët géing packen. A well de Menn, wéi scho vermierkt, dat Meedche ganz sympathesch fond huet, huet hie säi Courage an zwou Hänn geholl an hien as niewenun et gefuer. An ouni em Erlabnis ze froën, huet hie säi rietsen Arem op dem Meedche séng Schëller geluegt an huet gehollef de biergop drécken.

De Menn huet ganz däitlech gemierkt, dass d'Meedchen zesummegezuckt as, wahrscheinlech, well et sech geduecht huet: „Firwat wëllt e jhust mir hëllefen? Hie kennt méng Frëndin dach besser wéi mech?“


Mä well et nët géint dem Menn séng Hëllef protestéiert huet, jo éischter d'Impressioun gouf, wéi wann et déi ganz Situatioun géing appreciéieren, as de Menn ëmmer méi kéng gin a séng Hëllefstellung huet sech no an no éischter zu engem Zärtlechkeetsbewäis entwéckelt.

Wéi déi dräi Cyclisten zu Befort ukoumen, stung d'Tata grad op der Dir an huet iwwer d'ganz Gesiicht geschmunzt an hir Nies gepéngegt: „Majo Kand, du has gesot, du kéims mat dénger Frëndin eleng, an elo hues de de Freier dach matbruecht!"

D'Nies huet géint der Tata hir Undeitung zwar protestéiert, mä d'Tata sollt recht behalen.

No engem flotten an uregenden Owend zu Befort, waren de Menn a séng nei Bekanntschaft sech scho vill méi no komm. Wéi wechgeblose war dem Menn séng depressiv Stëmmung, déi den Englänner hir verfeelten Entreprise zu Dieppe, bei him ausgeléist hat. Beim Awarsoën - spéit an der Nuecht - as dat sympathescht Meedchen mat op d'viischt Dir gaangen. De Menn hätt et am léifsten emäärbelt a gekësst. Mä d'Tata, déi nët genuch Fangerspëtzegefill hat, fir sech ze verzéien, stoung hannendrun wéi en ofschreckende Moralapostel an huet deenen zwee Verléiften hire ganze Spaass verduerwen. Mä si hu sech versprach, sech geschwënn erëm ze gesin.

An enger euphorescher Stëmmung as de Menn dunn an der Däischtert op Déiljen dorower gejhauwt an déi würzeg Bëschloft huet säi Gesiicht, dat gegloust huet wéi am Féiwer, agreabel ofgekillt. De Menn huet gespuert, dass hie säin zukünftege Partner fir d'Liewe kenne geléiert hätt.



# 5. D'Preise schloën zou !

## D'Wehrpflicht gët agefouert

Wat d'Lëtzebuerger Patrioten ëmmer gefaart hun, as den 30. August 1942 agetrat. Fir deen Dag nämlech hat deen éiergäizege Gauleiter Gustav Simon, dee séngem „Führer" Lëtzebuerg als Cadeau zu Féiss leë wollt, eng grouss politesch Manifestatioun an der Lampertsbierger Ausstellungshal aberuff.

No enger Rei vun „Lobhudeleien" un d'Adress vun deene Lëtzebuerger, déi d'Neiuerdnung an Europa ënner der Naziherrschaft ënnerstëtze géifen, huet en um Enn d'Kaz aus dem Sak gelooss an ënner dem Jubel vun Dausende räichsdäitsche Parteikumpanen a Lëtzebuerger „Gielemännercher" d'Wehrpflicht fir d'Joërgäng 1920-1924 vun de Lëtzebuerger Jongen ausgeruff an dobäi vum „Eirekleed" gefaselt, dat si elo dierften droën a sech domat d'Staatsbiergerschaft vum groussen, däitsche Räich ënnert hirem onvergläichleche Führer Adolf Hitler verdénge géifen.

De Menn, deen zu deem éischte vun de betraffene Joërgäng gezielt huet, war och vun der Beforter Ortsgrupp opgefuerdert gin, un der Groussmanifestatioun um Lampertsbierg deelzezuelen. Hie war och op de Lampertsbierg gefuer. An d'Ausstellungshal war hien iewer nët gaangen, mä bei séng Frëndin, déi um Lampertsbierg bei hirer Groussmamm gewunnt huet.

D'Verhältnis tëschent dem Menn a sénger Frëndin war zënter deene puer Méint, wou se sech kannt hun, wéi e Barometer op an of gaangen. Deen éischte Rendez-vous nämlech, bei deem eng Stroossenauer als „point de repère" eng verflixte Roll gespillt hat, war felgeschloën, wouduerch déi jonk Léift bal an d'Bréch gaange war. Déi ganz Saach hat sech iewer erëm beschtens agerenkt no engem Treffen op der Schueberfouer, wou déi zwee sech grëndlech ausgeschwat haten a sech beschtens verstanen hun. De Menn war och deen Dag mat bei d'Groussmamm gaangen, wou e ganz häerzlech empfaange gi war an och beschtens opgedëscht kritt hat.

Dee verflixten 30. August 1942 nun huet erëm derfir gesuergt, dass Opregung, Leed a Verzweiflung sech wéi en donkle Schied iwwer dat jonkt Gléck geluegt

huet. „Haut-parleuren“, déi dem Gauleiter séng agressiv Ried iwwer de ganze Lampertsbierg gejot hun, hun dem Menn a sénger Frëndin souzesoën aus éischter Hand déi fuurchtbar Noriicht vun der Proklamatioun vun der Zwangsrekrutéirung an d'Haus geliwwert.

Fir déi zwee war et e schreckleche Schock, iwwer dee se bal nët ewechkoumen. D'Frëndin huet sech nach fir d'éischt gefaasst a mat verkraschenen A versprach, dem Menn an deër batterer Zäit bäizestoën an trei zu him ze halen, wat och ëmmer komme géif. Ee Liichtbléck huet si dora gesin, dass de Menn am Géigesaz vun de meeschte vu sénge Klassekollegen, nach ëmmer nët an den R.A.D. agezu gi war. „Wanns de deen emol gemaach hues,“ huet si de Menn getréischt, „dann as de Krich scho vläicht eriwwer a mir brauchen nët méi ze zidderen!“



Mat deem klengen Hoffnungsschimmer am Häerz as de Menn méindes den 31. August 1942 op Déilje gefuer. Am Zuch hu vill Lëtzebuerger hirer ohnmächteger Wut iwwer dem Gauleiter säi „Sau-Dekret“, wéi se sech ausgedréckt hun, fräie Laf gelooss. Och dem Menn séng Wut huet sech lues a lues zu enger onbändeger Roserei entwéckelt. Hien hätt am léifsten deem éischt beschten uniforméierte Preis eng fatzeg an d'Maul geschloën.

Wéi hien zu Déiljen ukoum, war hien esou géint dee ganze preisesche Regime, deen deemols am Land geherrscht huet, opbruecht, datt e sech nët méi beherrsche konnt an zu séngem Kaschthär sot, hien hätt d'Nues elo endgülteg voll vun deem preisesche Buttek an hie géif haut a mar keng Schoul halen, hie misst sech emol e puer Deg erblosen, well d'Gal him fir zerguttst iwwergelaf wir.

De Kaschthär deen e Bauerebetrib mat enger floréierender Branntewäinsbrennerei bedriwwen huet, war zugläich Zellenleiter an der Beforter Ortsgrupp, wou säi Brudder Ortsgruppenleiter war. Mä déi zwéin hu vill Verständnes fir d'Opbegiere vun de Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten opbruecht, well et soss dem Menn e Strapp ze séier gaange wir.

## Ohnmächtege Protest géint d'Zwangsrekrutéirung

De Menn as also, wéi gesot, a sénger immenser Roserei a sénger depressiver Gemittsverfaassung, mam Zuch vun Déilje fortgefuer, fir heemzekommen. Hien huet gehofft, sech elo erëm opzefänken an dem onerbittleche Schicksal, deem e sech anscheinend nët entzéie konnt, d'Stir ze bidden.

Awer elo koum nees dee blöde Krich an dem Gauleiter séng hannerhälteg Veruerdnung. Neen, de Menn krouch et bal nët verquësst, datt hie sollt an déi däitsch Wehrmacht misse goën, wou dach säi Papp - an domat hie selwer - déi belsch Nationalitéit haten. Jhust dräi Joër virdrun, hat hie sech beméit, de Lëtzebuerger „Heimatschäin“ ze kréien, well e sech entschloss hat an d'Normalschoul anzetrieden. A fir de Schoulmeeschteschberuff ze ergräifen, huet hien onbedéngt Lëtzebuerger misse sin. An dat Zil huet hien erreecht, well e noweise konnt, dass séng Mamm aus enger Famill gestaamt huet, déi zënter dräi bis véier Generatioune lëtzebuergesch war.

An elo huet déi ganz Operatioun sech géint hien ausgewierkt, well als belsche Staatsbierger hätten d'Preisen hien nët kënnen anzéien. Desweidere war hie jhust

e puer Wochen ze jonk. Wir hien dach annerthalwe Mount méi al gewiescht, dann hätt dem Gauleiter säi nidderträchtegen Dekret hien nët beréiert. Mä esou! Wéi sollt et virugoën? Op jidde Fall, de Menn war nët gewëllt, sech wéi e gedëllegt Schof op d'Schluechtbänk - d.h. op de Preisen hir zukünfteg Schluechtfelder - féieren ze loossen.

Mat dëse resolute Gedankegäng as hien zu Rued/Syr aus dem Zuch geklommen. Du begéint en e gudde Kolleg aus dem Menster Fussballveräin an deem hien zënter zwee Joër aktiv gespillt huet. Déi zwéin - si waren alle béid an deër selwechter Gemittsverfaassung - hu beschloss an de Café, bal vis-à-vis vun der Gare een huelen ze goën. Do begéine si nach e puer gutt Kollegen an zesummen hu se hire Frust am Béier erstéckt.

Et huet nët laang gedauert, du hu sech hir schwéier Zonge geléist a si hun déi Lëtzebuerger patriotesch Lidder, déi fir d'Preisen wéi e rout Duch waren, gesongen, dass et duerch d'ganz Géigend geschaalt huet. En etlech „vernünfteg Leit" hun du op eemol versicht, déi begeeschtert Sänger op d'Geféierlechkeet vun hirem improviséierte Concert opmierksam ze maachen. An no laangem, gudden Zourieden hate si Erfolleg a si hun et fäerdeg bruecht, datt déi verbattert „Naziaffer" spéit an der Nuecht heemgeschlach sin.

## Lëtzebuerg schreift Weltgeschicht

Deen aneren Dag huet de Menn versicht, d'Konsequenze vu séngem „Coup de Tête" vum Dag virdrun ze meeschteren. Hien huet an den Dag erageschlof, bis séng Mamm a grousser Opregung bei säi Bett koum an him mat ziddreger Stëmm déi katastrophal Neiegketen aus dem ganze Land matgedeelt huet.

Op déi provokativ Ried vum Gauleiter, mat deër en d'Zwangsrekrutéierung vun der Lëtzebuerger Jugend decidéiert hat, hun d'Lëtzebuerger ënnert dem Impuls vun de Resistenzorganisatioune mat Entschlossenheet geäntwert an d'Preisen dermat verblüfft, datt si e Generolstreik ausgeruff hun. Op ville Plazen am Land goufe patriotesch Protestmärsch géint d'Preisen organiséiert. Vill Geschäftsleit hun hir Rolllueden erofgelooss an hir Geschäfter gespaart. Dausende vun Aarbechter, Beamten, Schoulmeeschteren a Professere sin nët op hir Aarbecht gaangen. Jo, déi Kielener Baueren hun esouguer hir Mëllech, anstatt de Preisen ofzeliwweren, an de Stroosserevers geschott.

Dat haten d'Preise sech nët erwaart. Si hu sech blaméiert gefillt, wéi de Lëtzebuerger hir couragéiert Haltung an der Press vun der ganzer fräier Welt mat Bewonnerung ervirgestrach gouf. Dat konnten d'Häremënsche vun déisäit der Musel sech natiirlech nët gefale loossen. Hir Reaktioun konnt méi brutal nët sin. Nach deeselwechten 31. August hu si mat grimmegem Eescht proklaméiert, datt jiddereen, deen nët géif schaffen, vun engem Standgeriicht zum Doud verurteelt an direkt standrechtlech erschoss géif gin.

Dem Menn si bei sénger Mamm hirem Rapport op eemol d'Schuddréngen de Réck erofgelaf a ganz séier war hien op de Been. Elo huet et gegollen ze handelen. Mat ziddregen Hänn huet de Menn sech ugedoën an as dun an d'Duerf an eng Wiirtschaft gaangen, fir vun do aus séngem Kaschthär op Déiljen ze telephonéieren. Hien huet deem matgedeelt, dass e mar de moiën den 1. September erëm Schoul géing halen. Den Här S. war e ganz gemällege Mann, deen iwwerhaapt keng Hektik kannt huet. Hien huet dem Menn séng Meldung mat der gréisster Rou entgéintgeholl a ganz einfach gesot: „Ma dann as jo alles an der Rei!"

Deen anere Moië gouf et fir de Menn „Fréibiren". Hie wollt mam „Bommler" an d'Stad fueren, fir nëmmen nët ze spéit op Déiljen ze kommen. Wéi hie géint 5 Auer zu Rued op d'Gare koum, hungen do blutrout Affichen an en etlech Aarbechter, déi schon op den Zuch gewaart hun, hun d'Käpp beienee gestréckt a lues matenee gepëspert. Wéi de Menn méi genee higekuckt huet, blouf säin Häerz ee Moment vu Schreck stoën an d'Blut as him an den Odere blockéiert.

Op den Affichen hun d'Preisen - an dat mat engem kalen Zynismus - der opbruechter Lëtzebuerger Bevölkerung déi zwee éischt standrechtlech exekutéiert Patrioten virun A gehalen. De Menn huet sech nees gläich zesummegerappt, well e nët deër Handvoll Aarbechter séng opgewullte Séil bloussleë wollt. No baussen d'Rou selwer, mä bannewenneg wéi e gliddege Vulkan, huet e sech am Zuch an en Eck gesat a stur viru sech gekuckt.

Zu Déiljen goung alles wéi geschmiert. D'Kaschtleit hu gemaach, wéi wa näischt geschitt wir, an d'Schoulkanner hu ganz näiv gefrot, op hire Schoulmeeschter nees ganz gesond wir. Dem Menn koum erëm onversinns e gelefege Sproch an d'Gediechtnes, e Sproch, dee fir hie schon e puermol gegollen huet: „Et hat nammel eng gutt Nonn fir mech gebied!"

# 6. Liewe mat de Besatzer

## Preiseschen Terror

No de Lëtzebuerger hirem Generalstreik vum 31. August 1942 hu sech d'Bezéiunge mat de Preisen immens verschlechtert. Dat konnt och nët anescht sin, well d'Besatzer hu sech beholl, wéi dee bekannten Elefant am Parzeläinsbuttek an d'Schierbele sin nëmmen esou dorëmmer geflun. Eng ganz Mass Resistenzler goufe verhaft, gepéngegt, gefoltert, erschoss.

Den 18. Oktober 1942 scho sin déi éischt Lëtzebuerger Jongen zwangsrekrutéiert gin. Vun der Hollerecher Gare aus hu se de Wee an déi preisesch Kasären ugetratt, wou se zu „Kanounefudder" fir d'Preisen ausgebild goufen.

Massiv hun Honnerte vu Jongen den däitsche Stellungsbefehl ignoréiert a sin am Ennergrond verschwonnen; déi eng a präparéiert Stoppen hei am Land, anerer sin iwwert d'Grenzen an déi belsch „Armée blanche" oder an de franséische „Maquis" entwach, nach anerer hu versicht sech zu den alliéierten Arméien an England duerchzeschloën. Och vill vun de Refraktären hire Familje goufen ëmgesiedelt, hun Hab a Gutt an hirer Hemecht am Stach misse loossen, fir an Ostdäitschland en trauregt Liewen ze fristen.

Dat Schlëmmst bei der Saach war, dass d'Refraktären, déi de Culot haten, den Häremënschen d'Stir ze bidden, zum Fräiwëld deklaréiert goufen. Dem Gauleiter Gustav Simon séngen Aussoe no, haten déi Staatsfeinden alleguerten hiirt Liewe verwierkt. Kee vun hinnen dierft d'Enn vum Krich erliewen, duerfir géing hie scho suergen.

## Eng preisesch Lektioun

De preiseschen Terror huet et fäerdeg bruecht, dass vill Lëtzebuerger decouragéiert de Kapp hänke gelooss hun a bal nët méi sou kéng ware sech ze mucksen. D'Preisen hun triumphéiert a geduecht, elo hätte se déi Lëtzebuerger Klatzkäpp am Sak. Quetschen och!

D'Lëtzebuerger Patrioten hu sech géigesäiteg gestäipt an een huet deem anere gehollef, wou en nëmme konnt. De Widderstand huet sech vun elo u méi an der Stëllt ofgespillt fir deenen onerbittlechen Ennerdrécker Paroli ze bidden.

De Menn, deen déi Zäit praktesch all Weekend zu Oulje verbruecht huet, krouch och eng Kéier engem preisesche Wachtmeeschter vun der Rieder Gendarmerie séng Arroganz ze spiren. Den Heentzepapp hat de Menn ugestallt déi zwou Kéi an "d'Weid" an d'Pierch ze dreiwen. Well dat iewer zimlech wäit vum Heentzenhaus ewech louch, huet de Menn säi Wëllo geholl fir hannert de Kéi op d'Betzder Strooss dorober ze fueren.


Mattsen am Duerf koum op eemol e preisesche Gendaarm op séngem Wëllo him entgéint. Deen déngschtäifrege „Gesetzeswächter" huet sech de Szenario vum Menn séngem Kéiausdriff ee Moment ganz amuséiert ugekuckt. Mä du as séng preisesch Grëndlechkeet mat him duerchgaangen an hie wollt deem „jonke Spunt" emol eng richteg Lektioun erdelen.

An engem zackege Befehlstoun huet en de Menn opgefuerdert eenzock vun séngem Gefier erofzeklammen, well et verbuede wir, fir Véi op enger öffentlecher Strooss op déi Aart a Weis virunzedreiwen. De Menn huet ganz verwonnert gedoën a sech guer nët geflass, fir deem preiseschen Uerder nozekommen, well dem Gendaarm säin Toun him guer nët gefall huet a well en duecht, et géif deen opgeblosene Pohunn an der gringer Uniform näischt ugoën, wéi hien déi zwou Kéi an "d'Weid" kréich. Mä, wéi en anuecht geholl huet, dass et dem Preis battereescht wir, as e ganz gemälleg vu séngem Vehikel erofgeklommen an huet e mat der rietser Hand niewent sech virugedréckt. De „Gréngemännche" war zefridden, huet sech op säin Drotiesel geschwongen an as a Richtung Roudemer Wee fortgefuer.

Wéi de Menn dat gesouch, duecht en: „Leck du mech dach wous de wëlls!" an as erëm op säi Wëllo geklommen, fir säin Opdrag zu engem gudden Enn ze bréngen. Hien hat iewer nët dermat gerechent, dass dee mësstrauesche Preis sech no him géif ëmdréien, fir ze kucken, ob hien och schéi propper géing follechen. Wéi du dee Gefoppten de Menn erëm op séngem Wëllo sëtze gesouch, wéi wann näischt gewiescht wir, huet dee „klengen Diktator" rout gesin an hie krouch e regelrechten Tobsuchtsanfall. Wéi de Blétz, huet hien d'Kéier gemaach an as séngem Opfer nogerannt. En huet mat deem lénken Arem gefuchtelt wéi e Wëllen an dobäi op sénger Déngschtpäif gepaff, wéi wann et drëm géing e Schnellzuch a voller Fahrt ze stoppen.

Dem Menn goung e Stach duerch d'Häerz a schëlles as e vun séngem Wëllo erofgeklommen. A scho stoung deen opbruechte Gendaarm niewent him an huet en ugeranzt, wéi wann hien e Schwéierverbriecher wir. Ganz rabiat huet en dem Menn séng Personalie gefrot an opgeschriwwen. Zum Schluss freet en, op de Menn och schon e Beruff hätt. Wéi deen du ganz näiv geäntwert huet: „Ich bin Lehrer in Dillingen an der Sauer!“ blouf dem preiseschen „Inquisitor“ vu „Verblüffung“ de Mond opstoën. An engem ganz aneren Toun, virwurfsvoll a beléirend zugläich herrscht en de Menn un: „Und Sie wollen Kinder erziehen und haben selbst nicht gelernt zu gehorchen!“ An du kuckt en a säin Déngschtblock, wuer en alles notéiert hat, an duerno dem Menn stramm an d'An a sot ganz gnädeg: „So, lassen wir das! Aber ich möchte Ihnen anraten, in Zukunft den Vorschriften der deutschen Behörden besser nachzukommen und Ihren Schützlingen ein nachahmenswertes Vorbild zu sein!“

De Menn huet sech de Kapp zerbrach, wat dee preisesche Gendaarm derzou bruecht hat séng ugedreete Strofmeldung ze ënnerloossen. Huet e geduecht, séng Uklo, dass hien e „volksdeutschen Erzieher“ erwëscht hätt, wéi dee mam Wëllo hannert zwou Kéi hirgefuer wir, fir se op d'Weed ze dreiwen, géif sech dach e bësche komesch unhéieren. Oder huet hien eng Grimmel Matleed oder Sympathie fir en „armen Dorfschulmeisterlein“ empfond? De Menn as ni derhannert komm.



# Konfrontatioun mat preiseschen „Ordnungshüter“

D'Ouljer Kiirmes gët säit Mënschegedenken den drëtte Sonndeg am Oktober gefeiert. Sou och am Hierscht 1942. De Menn hat säi Kolleg Jhämp op d'Kiirmes geruff a well iwwer béiden d'Zwangsrekrutéirung wéi en Damoklesschwert an der Loft hong, hun déi zwéin sech a Gesellschaft vun e puer anere Leidensgenossen hire Misär vun der Séil erofgespullt. D'Danze war laut däitscher Veruerdnung verbueden, sou dass hinne soss näischt iwwreg blouf, wéi „Indianer“ ze spillen, d.h. vun enger Wiirtschaft an déi aner reesen. An dat war och séier geschitt, well nëmmen zwéi funktiounsfäheg Bistroën am Duerf waren.

Zu gudder Lescht souz déi ganz frustréiert an „ugesäuselt“ Equipe an „Huemes“ zesummen an huet iwwer déi sëlleche Kollege geschwat, déi virun e puer Deg an d'Wehrmacht hu misse goën an ënnerwee den halwen Zuch demoléiert haten. Dat huet d'Preisen iewer nët dru gehënnert se wäit an hiirt „dausendjähregt Räich“ eranzeféieren, fir si an hir glorräich Arméien ze integréieren.

Jo, ee gudden Dag kéimen och si un d'Réi. Déi zukünfteg „preisesch Zaldoten“ hu sech deërmoossen an Zukunftsvisiounen eragesteigert, dass se sech um Enn selwer bedauert an als Plooschter fir hiirt lädéiert Gemitt alt erëm eng „Tournée“ bestallt hun.


Nach laang no Feierowend souze se do ze tuten, ze räsonnéieren an ze téinen. Keen Däiwel hätt se vun hire Plazen erofkritt, et war, wéi wa si mam Aasch ugepächt wiren. Dat d'Ganzt hat sech zu enger zolitter „Kludder“ entwéckelt. D'Wiirtsleit haten d'Bistrosdir gespaart, fir ze verhënneren, dass nach méi ongebiede Gäscht erakéimen.

Op eemol rubbelt et un der viischter Dir a gläichzäiteg huet een eng zackeg Stëmm héieren: „Aufmachen, Polizei!“ „O, Freck!“ goung et an der Rond, „d'Gendaarme sin do!“ Op ee Schlag ware se all eniichter an op de Been. Du as de Jhämp, deen esou Situatioune gewues war, an Aktioun getrueden. „Alles zur hënneschter Dir eraus!“ huet e séng Direktive gin. An hie selwer goung op d'viischt Dir lass, huet se hallef opgemaach a gefrot: „A wat as hei lass?“

Virun him stoungen zwee Gendaarmen hannereneen an der Trap. De Jhämp faselt eppes vu „geschlossene Gesellschaft“ a fuchtelt matséngen Äärm duerch d'Luucht. An éier e sech ëmsin hat, geréit en deen éischte Gendaarm. Dee verléiert d'Gläichgewiicht, ergräift sech u séngem Kolleg, an allen zwéi sin se hannerzéch d'Trap erofgetiirkelt. De Jhämp toozt nach eppes wéi: „Pardong dir Hären, et as

nët gär geschitt“, a schléit d’Dir deene verduuzten „Ordnungshüter“ virun der Nues zou an huet se séier gespaart. Als leschten as hien dun zur hënneschter Dir erausgeschlach an d’stachdäischter Nuecht.

An éier d’Gendaarme sech nees zesummegerappelt haten an de Wiirt hinnen d’Dir erëm opgespaart hat, ware sämtlech „Kleeten“ „in alle Winde verweht“. Dobäi haten déi preisesch Verdunklungsvirschrëfte wonnerbar „Schützenhëllef“ geleescht a keen eenzege „Gesetzesbriecher“ konnt vun de Preise gestallt gin!




## Stukaën iwwer Näerden

En donstegen an niewelegen Hierschtdag 1942 gouf op eemol ganz däitlech Fligergeräisch iwwer Näerden gehéiert. Am Ufank huet kee Mënsch Notiz vun deem Kamméidi geholl. Wéi dat iewer ugehalen huet an d’Gedonners iwwer dem Duerf ëmmer méi staark gouf, hun d’Leit hir Nues an d’Luucht gestreckt, fir festzestellen, wat do uewe lass wir.

Du hu se e puer Fliger am niewelegen Himmel ausgemaach. Déi sin an engem Stéck, wéi an engem Karussell, iwwer d’Uertschaft gekreest. Op eemol sin déi

Däiwelsmaschinnen, héich uewen an der Luucht, an der „Mëllechzopp“ verschwonnen, fir e puer Sekunde méi spéit nees mat engem duerchdréngende Päiftoun no ënnen ze stoussen, an zwar no iwwer d’Näerdener Gare ewech. „Dat do schénge Stukaën ze sin“, hun d’Leit sech mat besuergter Minn zougeruff, „wat der Däiwel soll dat do heeschen?“

No zéng Minutte waren d’Fliger op eemol verschwonnen, bis op een. Deen as iewer ëmmer méi zoudrénglech gin an nach ëmmer méi no iwwer d’Gare ewechgebraust. No weideren 10 Minuten huet de Stuka séng Kreesser iwwer dem Duerf opgin an as a Richtung Schweecherdall gezun. Gläich drop koum en erëm op Näerden zou an zwar ganz niddreg iwwert d’Gewan. „Soll deen éiere versichen hei ze landen?“ hun déi verwonnert Leit geduecht.

An tatsächlech, dem Stuka säi Motor gouf gedrosselt a bedächteg huet d’Maschin sech iwwert enger Wiss, no beim „Schënnbierg“ néiergelooss. Trotz deem knubbelegen Terrain as d’Landung réusséiert, ouni dass de Stuka de Kopplabunz geschloën huet. Zwéi preisesch Zaldoten, de Pilot a säi Co-Pilot , sin aus hirem Apparat erausgeklommen an hu sech d’Saach emol ugekuckt.

An der Tëschenzäit war och schon eng ganz Band Virwëtzeger ukomm, ënnert hinnen och de Menn, dee grad deen Dag zu Näerden op Besuch war. Jidderee wollt natiirlech wëssen, firwat d’Stukasbesatzung hei zu Näerden an dëser Wiss geland wir. Du hun déi zwee Zaldoten erzielt, dass si op engem „Militärflugplatz“ no bei Metz an Ausbildung wiren. Haut de moiën wire si an enger Staffel fir en „Übungsflug“ gestart. Ennerwee koume se dun an décke Niewel, si hätten d’Orientéirung verluer an nët méi gewousst, wou se „an der Weltgeschicht“ dru wiren. Iwwer d’Näerdener Gare wire si sou niddreg geflun, well se mat Force de Numm op der Gare liese wollten; si hätte geduecht an der Géigend vu Metz ze sin.

Déi zwee Onglécksvullen aus deem veriirte Stuka sin op der Näerdener Millen aquartéiert gin. Do hu se gewaart, bis se vu Metz aus depannéiert géife gin, well si waren nët esou kéng, de Fliger vun der Wiss aus ze starten. Deen aneren Dag koume vun deem franséische Stützpunkt aus zwee ganz erfuere Pilote fir hire jonke Kollegen aus der Klemm ze hëllefen.

An tatsächlech hun déi d’Konschtstéck fäerdeg bruecht - no den adäquate Präparativen - déi blockéiert Maschin erëm an d’Luucht ze kréien. Déi jonk, onerfuere Pilote goufe mat engem däitsche Militärauto zréck op hire Stützpunkt an d’Frankräich bruecht. Zu Näerde gouf et erëm eng gutt Zäit laang roueg!

# 7. De Menn gouf nët vergiess

## E verpasstent „Steherrennen“

De Menn hat trotz ville Schléi, déi en a séngem Liewe schon agestach hat, dach eng gewësse Portioun Gléck an deem onséilegen II Weltkrich. Säi Stellungsbefehl fir an de „Reichsarbeitsdienst“ (R.A.D.) huet op sech waarde gelooss, deëbaans de „gros lot“ vu sénge Klassekollege sech schon an der Wehrmacht erëmgeschloën hun an um Spronk ware fir a Russland oder esouguer an Nordafrika am Rommel séngem „Afrikacorps“ agesat ze gin.

De Menn konnt wéi gesot, no der Proklamatioun vun der Wehrpflicht Enn August 1942 bis an de Juni 1943 eran zu Déilje Schoul halen an huet vum Krich nët zevill gespuert.


Hie war an engem Bauerenhaff am Kascht an huet duerfir keen Honger brauchen ze leiden. Hie konnt esouguer séngem Koséng vu Bouneweg a sénger Famill all 14 Deg e Pond Botter mat an d'Stad huelen an eng Kéier hat hien et esouguer fäerdeg bruecht séngem Kaschthär eng Ham fir en anstännege Präis „ofzegotzelen“ a sénger Famill mat an d'Stad ze huelen.

Samschdes huet de Menn séng Freiesch um Lampertsbierg besicht an déi zwee hun zesumme geplangt a gedreemt vun enger glécklecher Zäit no deem verréckte Krich, an deër si a Rou a Fridden zesumme liewe kënnten, ouni dass een ëm d'Liewe vun deem anere baange misst. An dobäi huet eng onheemlech Angscht si bedréckt a si frote sech dacks mat gemëschte Gefiller: „Soll déi grouss Chance, d'Weekende matenee verbréngen ze kënnen, alt nach laang unhalen?“

A wiirklech, d'Preisen haten de Menn nët vergiess. An och séng Stonn huet op eemol geschloën.

Fir den drëtte Weekend am Juni 1943 haten d'Preisen e grousst Steherrennen (Wëlloscourse hannert Motoren) op dem Bel'Airer Wëllodrom annoncéiert. Dat wollten déi zwee sech ukucke goën an dem Menn séng Freiesch huet d'Biljeë besuergt. Op déi Sensatiounsveranstaltung huet de Menn sech onbändeg gefreet. An dat besonnesch, well hie jo deen „ale Wëllodrom“ gutt kannt huet, well en an deër Zäit, wou en am „St. Jean“ war, do mat sénge Kollege Fussball gespillt huet.

D'Preisen haten de Wëllodrom, dee scho virum Krich an engem desolaten Zoustand war, renovéiert an hun do interessant Wëlloscoursen organiséiert. Beim Steherrennen vum nächste Weekend sollten déi zwee Lëtzebuerger Coureuren Mett Clemens a Josy Kraus géint dee bekannten däitschen Ass Walter Lohmann fueren, wat eng spannend Ausenanersetzung versprach huet. Et sollt iewer dem Menn nët gegonnt sin dat eemolegt Evenement matzeerliewen. Hie krouch en decke Stréch duerch séng Rechnung gemaach.



## Déiljen un der Sauer as nët Dillingen an der Saar

Wéi de Menn nämlech dee Samschdeg op Oulje bei séng Mamm koum, sot dé ganz opgereegt, déi Rieder Gendaarme wiren am Virmëtteg do gewiescht an hätte no him gefrot. Wann hien heemkéim, misst e sech direkt op der Gendarmerie zu Rue virstelle kommen.

De Menn as erféiert an huet eenzock dru geduecht, dass hien zu Déilje nac Faltblieder a Fotoë vun der Resistenzorganisatioun L.V.L., an deër hie Mêmber wa a sénger Schlofkummer verstoppt hätt. Duerfir huet e sénger Mamm un d'Häe geluegt, wann hien an enger gudder Stonn nët vun der Gendarmerie erëm wir, mis een op Déilje fueren, fir dat „verbuedent Material" ewechzehuelen. Duerno as Menn mat gemëschte Gefiller mam Wëllo op Rued gefuer, fir gewuer ze gin, wat h verbrach sollt hun. Komescherweis huet hie glat nët un déi richteg Ursaach vu séng „Convocatioun" op der Rieder Gendarmerie geduecht.

Wéi e sech dem Gendaarm, dee grad Déngscht hat, präsentéiert huet, as dee nët laang em de Bräi erëmgefuer an huet dem Menn säi Stellungsbefehl fir an den Arbeitsdienst ënner d'Nues geriwwen: „Däin Aberufungsschreiwen", sot en, „goung irtümlecherweis op Dillingen un der Saar, anstatt op Déiljen un der Sauer. An zu gudder Lescht koum en hir op Rued!"

De Menn war paff, war iewer gläichzäiteg eng Grimmel erliichtert, dass en nët direkt eppes mat der Gestapo ze di kréich. Well et scho samschdes owes war, huet e versicht, dat Bescht aus der Situatioun erauszeschloën an hie sot, dass et him nët méiglech wir, bis de Méindeg de Moiën, wou de Convoi an der Stad op Brahnau bei Bromberg am fréiere Pole sollt fortfueren, déi néideg Präparative fir séng grouss Rees ze erledegen. Mä de Gendaarm blouf haart a sot: „Et handelt sech hei em e Fall vun héierer Gewalt oder besser gesot vun engem administrative Feler vun der Reichspost. Mä duerfir kënnt de „Wehrbezirkskommando" nët, an do géif drop gehale gin, dass de Méindeg jiddereen um Dill wir, well déi Konvokéiert sou wéi sou schon elauter "Nachzügler" wiren. Wat as dem Menn iwwreg bliwwen, hien huet an de saueren Apel misse bäissen a séng Rees an den R.A.D. Hals iwwer Kapp virbereden.

## De Menn set Äddi

Deen aneren Dag, et war e wonnerschéine Sonndegmoiën tëschent Fréijoër a Summer, as de Menn an aller Herrgottsfréi an d'Stad gefuer, fir sénger Freiesch perséinlech déi traureg Noriicht vu séngem onerwaarten Depart an den R.A.D. no Pole matzedeelen.

Déi as am Fong nët ze vill erféiert, well, wéi si sech ausgedréckt huet, hire klenge Fanger hir dat schon ugedeit hat. Si huet de Menn esouguer getréischt a gesot: „Huel déi Saach mam R.A.D. nët zevill tragesch, well éier déi puer Méint eriwwer sin, as de Krich scho vläicht gedoën. Wann nët, da kucke mer alleguer, dass de eng gutt Stopp fëns, well ech hätt nët gär, wanns du fir d'Preisen de Kapp géings duerhalen!"

Nodeem si sech géigesäiteg versprach haten, all Dag uneneen ze denken a sech esou dacks wéi méiglech ze schreiwen, hu si sech schwéieren Häerzens emäärbelt a sech wéi laang nët lassgelooss, well se woussten, datt se sech elo laang nët geséichen.

No deem ongewéinlechen Abschied goung de Menn op d'Gare, fir mam Zuch op d'Déiljen ze fueren, wou en nach allerhand ze erledegen hat.

Wéi en am Zuch souz, gesouch en eng ganz opgemontert Gesellschaft, déi hirer Ausrüstung no ze uurtelen, wëlles hat an der „Lëtzebuerger Schwäiz" Biergsteigen ze üben. Et war och eng jonk Koppel derbäi. A well de Kompartiment iwwerfëllt war, hat d'Jëfferchen op hirem Frënd séngem Schouss Plaz geholl an déi zwee hu matenee geschmuust no alle Regele vun der Konscht.

Dat huet dem Menn ganz batter Gedanken an de Kapp gedriwwen: „Wuerfir kënnen déi beienee sin an du muss dech vun allem trenne wat der léif as? An dat nëmme well déi friem „Eroberer" Kanounefudder brauchen, fir hir verdammte Kricher ze féieren!" Duerno huet de Menn e puer Tréinen a séngen Awénkel zerquëtscht a sech stompsënneg an engem Eck verdréckt.

Zu Déilje goung hir gläich a säi Kaschthaus fir séng „siwe Saachen" opzeraumen an déi fatal Ziedele vun der Resistenz verschwannen ze din. De Kaschthär, dee sech, wéi schon ernimmt, bei de Preisen engagéiert hat, huet dem Menn als Äddi ganz häerzlech d'Hand gedréckt a mat ziddreger Stëmm - wéi et dem Menn virkoum - all Guddes an der Friemd gewënscht. Et war bal, wéi wa séng A géife soën: „O Gott, a wat si mir erageroden? A wéi soll dat do nach endegen?"

Duerno goung de Menn an d'Schoul, fir och do alles „à jour" ze setzen an domat séngem onbekannte Nofolger oder sénger Nofolgerin d'Iwwerhuele vun der Déiljer Duerfschoul méi liicht ze maachen. An deër Zäit hun d'Klacke fir d'zweet gelaut an d'Leit an d'Houmass geruff. De Menn huet nach e leschte Bléck iwwer de Sall gehäit, deen him no bal zwee Joër Aktivitéit sou vertraut gi war an an deem hien, trotz den onsënnege, preisesche Virschrëfte säi Meescht a säi Bescht gemaach hat, fir e puer Dose Lëtzebuerger Kanner dat elementarst Wësse bäizebréngen an hinnen déi onentbierlech patriotesch Gefiller anzeimpfen.

Du goung en dee vertraute Wee an d'Duerfkiirch, wou grad d'Klacken zu Haf gelaut hun. Wéi e Laffeier, war an der Tëschenzäit d'Nouvelle duerch d'Duerf gaangen, dass hire Schoulmeeschter si nach haut géing verloossen, well en an den R.A.D. agezu wir. No der Mass stounge ville Schoulkanner hir Eltere virun der Kiirch an hun him matfillend Äddi gesot.

Nodeem de Menn, sénger Aschätzung no, all Mënsch, deem e verflicht war, Äddi gesot hat, huet e séng vollgestoppte Waliss geholl an as op d'Déiljer Gare geträppelt, fir mam Zuch zréck op Ouljen ze fueren. Hie war am Fong frou, dass déi Äddi-Soërei sou gelënd erofgaange war. Mä hien hat sech verrechent, säi „Calvaire" war nach nët eriwwer.

Op dem Quai virun deem klenge Statiounsgebai, stoung en Trapp vu sénge Schoulkanner an hun hie mat groussen, eeschten A bekuckt. An alleguer hate si eng Klengegkeet am Grapp, déi se hirem Schoulmeeschter nach schenke wollten. Hir Mammen haten hinnen dat nach séier agepaakt an en un d'Häerz geluegt, wat se hirem Schoulmeeschter nach soë sollten. Mä onbehollef wéi Stëmmercher stounge se do an hu kee Wuert erauskritt.

Och dem Menn huet et déck gedoën. Dee ganze Szenario vun de Kanner huet him d'Stëmm verschloën. Hie war erléist, wéi endlech den Zuch an d'Gare eragelaf as. Séier as en an eng „Voiture" erageklommen an huet eng Fënster erofgelooss. A wéi den Zuch op eemol ugezun huet, as Liewen an déi kleng, verstengert Kierper komm a si hu mat zwou Hänn gewénkt a geruff: „Äddi, Här Lehrer, a vill Gléck!"

De Menn huet zréck gewénkt an e puer Tréine sin him lues iwwer d'Baken erofgelaf.



# 8. „Kennst du Brahnau, das verlassene Nest ?"

## D'Rees an den R.A.D.

Den drëtte Méindeg am Juni 1943 hun e puer honnert Lëtzebuerger Jonge sech ganz fréi op der Gare an der Stad afond, fir mat engem preisesche Convoi an den „Arbeitsdienst" ze fueren. Och de Menn war do, wann hien och nët vill weider wéi 24 Stonnen hat, fir séng Präparativen ze treffen. Mat him war nach e ganze Koup Schoulmeeschteren vun de Joërgäng 1920-1924 ënner den Ongléckvullen; ënner aneren dem Menn säi Kolleg Pir.

Deem hat de Menn séng „Raucherkaart" virun e puer Deg geschenkt, fir en ze tréischten, well hie säi Stellungsbefehl fir den R.A.D. kritt hat an de Menn nët. Si haten dee Moment allen zwéi geduecht, de Menn hätt et erëm eng Kéier gepackt, fir nach kënne weider an der Hemecht ze bleiwen.

Mä elo, wou alles aneschters gelaf war, wéi virgesin, huet de Pir séngem Kolleg déi betreffend Raucherkaart aus fräie Stécker nees erëmgin. De Menn huet op eemol an deem groussen Trawolt säi Koséng vu Bouneweg entdeckt. Si sollten also zesummen déi onerfreelech Rees untrieden an esou as et hinnen alt nët esou schwéier gefall. Een huet sech un deem anere getréischt.

Op eemol huet et gepaff an et huet geheescht am Zuch, Plaz huelen. En etlech preisesch Arbeitsdienst-Gradéiert an Uniform waren extra aus dem Lager Brahnau komm, fir de Convoi ze iwwerwaachen. A schon huet den Zuch sech a Richtung Waasserbëlleg a Bewegung gesat. Déi ugeënd „Arbeitsdienstmänner" hungen an de Fenstere wéi Drauwekludderen, hu Kreesch gedoën, Lëtzebuerger Lidder gesongen an de Leit zougewénkt, déi zu Honnerte laanscht d'ganz Streck stungen, fir hire Jongen e leschte Grouss mat an d'Friemd ze gin.

Wéi den Zuch a grousser Vitesse laanscht Oulje gejhauwt as, stounge bei der Barrière bei Terrens och en etlech Leit an hu gewénkt. Ennert hinnen huet de Menn séng Mamm gesin, déi wéi verzweiwelt mat den Äärm gefuchtelt huet, wéi wa se domat hire Fissi kënnt zréckhalen. De Menn, dee mat séngem Nuesschnappéch gewénkt huet, huet dat fléie gelooss a gehofft, séng Mamm géif et als Souvenir un hien ophiewen a mat heemhuelen. Fir séng lescht Tréinen ofzewëschen, huet de Menn en anert aus der Täsch gezun.

No enger ustrengender Dauerfahrt vun engem Dag an enger Nuecht queesch duerch Däitschland, koumen eis iwwermitt Lëtzebuerger endlech zu Bromberg (Bydgoszez op polnësch) un. Do hu se hiirt Gepäck missen huelen an an engem laangen Dauermarsch bis an d'Lager op Brahnau schleefen (sou em déi 6 km), wou se hallef dout ukoumen. Déi éischt grouss Kujenat fir déi „Sau-Luxemburger" huet de Preise gutt gedoë bis an déi déck Zéif. Si woussten, dass d'Lëtzebuerger allerhand gutt Saachen an hire Walisse verstaut haten, wouvun si nëmmen dreeme konnten. Tubak, Zigaretten, Kichelcher, Zoossissen, Kaffi asw. Eng ganz besuergt Mamm hat hirem Spross esouguer eng ganz Ham an d'Waliss gestoppt, fir dass hire Jéngelchen nët bei deene béise Preisen erhéngere sollt.

Wéi deen „diensttuende" Vormann deen éischten Appell gemaach huet a Kaffi, Schockela an dat zolitt Schwéngsbee fond huet, as e vu Gloscht bal an d'Gette gaangen a konnt nach jhust flüsteren: „Ich werd zur Sau!"

## Alldag am Lager

D'Brahnauer Arbeitsdienstlager louch ganz isoléiert mattsen an der polnescher Häd a war vu mächtege Bëscher ëmgin. Ennert dem Lager, déif am Buedem, war e gewaltegt Dynamitwierk amenagéiert, dat selbstverständlech mat Volldamp fir déi preisesch Krichsmaschinerie geschafft huet. Honnerte vu Krichsgefaangener - besonnesch vill Fransousen - waren an deem krichswichtege Betrib am Asaz. Och déi iwwer 400 Arbeitsdienstmänner - virun allem Lëtzebuerger - goufe vun de preisesche Krichsdreiwer ausgebeut, fir hir Krichsproduktioun eropzesetzen.

Fir de Menn a séng Landsleit konnt also den „Danz um Polverfaass" lass-goën. Déi éischt Woche gouf et militärischen Drill vu moiës bis owes: „Laufen, marschieren, hinlegen, kriechen, aufspringen, singen, Spatengriffe üben asw."

Ganz schro war den Drill, wann den Ausbilder Gephard, dee grad wéi säi „Namensvetter" aus dem Déiereräich - de Gepard - fir Hetzjuegte prädestinéiert ze si geschéngt huet. De Gephard hat bal ëmmer Marschéieren, Lafen a Sangen mat der Gasmask op séngem Programm. Wann déi gestriizten Aarbechtsdéngscht-Männer da vun Ustrengung bal ëmgefall sin a wéinst deër verdammter Gasmask keng Loft méi kruten, an hir Longe bal geplatzt sin, huet dee sadistesche Vormann de verréckte Befehl gin: „Singen... O, du schöner Westerwald..."

Dat Stéchwuert „Wind“ huet dann déi meescht vun de Gepéngegten an eng Psychos eragedriwwen, dass et hinne schwaarz virun den A gouf a si bal de Verstand verluer hun. Wann dann deen een oder aneren nët méi aus an a wousst a séng Gasmask vum Gesiicht gerass huet, fir nët ze erstécken, huet deen onverschimmte Mënscheschënner déi hallef Erstéckten gedoën d'Gasmask erëm opsetzen, dann den Hiwwel erofrétschen an duerch Bulli a Stëbs robben, bis se sech nët méi réiere konnten. Dobäi huet dee „Satan“ Kreesch gedoë wéi e Geckegen. Zum Schluss huet en dann erëm alles untriede gelooss - natiirlech nach ëmmer mat der Gasmask - an huet dee „Sau-Haufen“ a Course-Formatioun opgestallt fir e Schnellegkeetsrennen vun e puer honnert Meter duerchzezéien. Dat Nidderträchtegst derbäi war, dass et eng „Course par élimination“ war.

Déi Leefer, déi bei der Arrivée bei der éischter Halschecht waren, hun d'Gasmask dierfen ausstrëppen a sech „futti“, wéi se all waren, an de Sand geheien. Déi aner Halschecht vun de Leefer hu misse virumaachen, bis se nët méi konnten



an d'Tréinen hinnen d'Baken erofgelaf sin. Da louche se virun hirem „Henker" op de Knéie, wéi wa se ëm Erbaarme géife bieden.

No sou enger Tortur war et eng agreabel Ofwiesselung, wa se hun „dierfe" Grompere schielen, wann och schon déi meescht dervun - well se a fiichte Betongsraim louchen - faul waren a wéi d'Pescht gestonk hun. Déi „delikat" Aarbecht war nach nëmme fir déi „Männer" bestëmmt, mat deenen de Gephard enegermoossen zefridde war. Déi aner goufen ofkommandéiert fir Botzaarbechten ze erledegen. Si hun esouguer d'Latrine missen ausdroën, iwwer déi dee berühmten „Donnerbalke" louch.

Et kann ee sech virstellen, dass déi verdaddert Lëtzebuerger frou waren, wéi no en etlech Wochen d'Spuedegrëff an der grousser Formatioun wéi un der Schnéierche geklappt hun a vun do un déi meeschten Zäit fir „Déngscht-leeschtungen" am Lager selwer oder baussent dem Camp verwandt gouf. Déi bëlleg Lëtzebuerger Aarbechtskräfte goufen an e puer Equipen agedeelt.

Déi eng hu mat hire Spuede Grief erausgeworf, wueran déi déck Kabele sollte kommen, déi bestëmmt waren, dat ënnerierdescht Dynamitwierk nach weider auszebauen. Anerer hun déi schwéier Elektrokabele vun opgebockte Bobinnen op d'Schëllere geholl a fest dru gezun, fir se ofzewéckelen a se dann an deene präparéierte Grief ze versenken. Eng drëtt Grupp huet Beem ëmgehaen an eng Schneis an déi ausgedehnte Bëscher ëm Brahnau erëm gehaën. Eng véiert Equipe huet déi ausgehaë Schneisen amenagéiert a Gleise geluegt. Iwwer déi as en Zichelche mat e puer Waggoë verkéiert, deen déi ëmgehaë Beem aus de Bëscher sollt erausschlefe bis op déi nächst Eisebunnsstatioun.

De Menn hat a kuurzer Zäit déi dräi éischt Aarbechtsgruppen duerchlaf a blouf schliisslech an deër véierter, deër vun de „Posären", hänken. Et war am Fong déi bescht Aarbechtskolonn, sou dass de Menn op déi Manéier Chance hat. Beim Schaffen an der Summerhëtzt hun d'Aarbechtsmänner dacks geschweesst wéi Déieren. Well se hiirt Gezei nët changéiere konnten, hu sech der vill owes an der Lagerbarack erkaalt a waren duerfir och ufälleg fir allerhand usteechend Krankheeten. Sou goufen no an no eng Parti däitsch Aarbechtsdéngscht-Männer krank an duerch d'Bank krute se d'Diphterie. Déi preisesch Jonge waren eben nët esou widderstandsfäheg wéi hir Lëtzebuerger Kollegen, déi nach vill besser geniert waren. Desweideren hun d'Lëtzebuerger vun hirem Schnorri, dee se matbruecht haten, räichlech Gebrauch gemaach fir hir Strassen ze desinfizéieren.

## Zu Bromberg am Spëdol

Leider huet och de Menn ee gudden Augustmoiën 1943 gespuert, dass en den Hals wéi hätt. Well hie bei offener Fënster geschlof hat, huet e geduecht, e wir an der Nuecht e bëssche kal gin a wir duerfir raschteg an der Strass. Hien huet eng Drëpp geholl a gehofft, dass owes séng Schléck nees an der Rei wir.

Ma, jemen a gewëss, et war nach méi schlëmm an deen anere Moië krut hie scho keng Kuuscht méi ofgeschléckt. Hien as erféiert an duecht: „Du wärs dach d'Diphterie nët och nach kréien!“ Hie wollt iewer nët op „d'Heilstube“ goën, fir sech ënnersichen ze loossen, well hien deene preiseschen Heilkünstler nët iwwer de Bierg getraut huet. Amplaz sech behandelen ze loossn, huet de Menn zwou Drëppen den Hals erofgeschott a mat deër drëtter esouguer geguergelt. Ei, dat huet hannen an der Strass gebrannt, mä et war deem Kranke scho vill besser. An esou goung hie mat séngen Aarbechtskollegen an de Bësch schaffen.

Et war en donstegen Nosummerdag, an dem Menn goung et bei sénger Aarbecht guer nët vun Hand. Schweesspäerele stoungen him op der Stir an d'Schudderénge sin him de Réck erofgelaf. Hie krut op eemol eng fatzeg Flemm an de Leif a well an der Tëschenzäit d'Sonn scho giedlech gewiermst huet, as de Menn hannert e Stapel Holz gaangen, deen do opgetässelt war, huet sech duer op d'Ouer geluegt an huet séng Frënn eleng schaffe gelooss. Jiddereen huet de Menn mat Rou gelooss, well se all gespiirt hun, dass hire Komerod sech nët gutt a sénger Haut géing fillen.

Op eemol daucht ausgerechent dee berüchtegte Gephard op an eenzock hat hien de Menn hannert dem Holzstapel entdeckt. Wéi vun enger Tarantel gepickt, as en dorëmmer gesprongen an huet gejaut wéi e Wahnsinnegen. De Menn as opgestane sou séier et goung, huet sech stramm virun dee brëllegen Idiot gestallt, iewer näischt gesot. Dat huet deen opgedréite Blärhanes nach méi rose gemaach. Am léifsten hätt en de Menn erwiirgt. Wéi e sech nët gin huet, seet op eemol de Kolleg „Lori“ ganz haart zum Menn: „So, e soll dech am „Aarsch“ lecken!“

Du blouf dem Gephard fir ee Moment - wéi ee seet - „d'Spucke weg“. Esou eppes war him a sénger räichsdäitscher, uniforméierter Carrière nach nët geschitt. A wëll wéi e richtege Gepard huet en de Menn ugefaucht: „Was hat der gesagt?“ De Menn hat trotz deër quokeleger Situatioun, an deër hie war, e „kale Kapp“ behalen a séileroueg äntwert en: „Er hat gesagt, ich soll arbeiten!“

Dee „veraarschte“ Vormann dréit sech op séngen Talongen erëm a brëllt déi aner Arbeitsdienstmänner un: „Was hat er gesagt?“ Mä alleguerten hu se dem Menn séng Ausso bestätegt. Esouguer déi däitsch Leidensgenossen hu mam Kap gewénkt fir hire Lëtzebuerger Kollegen de Réck ze stäipen.

Dee gefoppte Vormann, dee wéi gesin, vu Psychologie keng blass Ahnung hat, - soss hätt e séng Fro anescht formuléiert - huet sech vu Wut an d'Lëpps gebass, näischt méi gesot an deenen erliichterten „Eisebunner“ säin „Hënneschte“ gewisen. Vun deër ganzer Affär huet kee méi je eppes héieren. Déi „gestriizte 4. Grupp“ hat deem verhaasste Mënscheschënner eng giedlech Lektioun erdeelt, déi him gutt gedoën huet.

Dem Menn goung et iewer trotz deem psychologesche Sieg iwwer en „doofe“ preisesche Vormann, gesondheetlech nët besser. Owes, no deem denkwürdigen Dag am Bësch, hat hie séng Schléck esou wéi, dass e bal kee Waasser méi ofkrut. Hien huet och gespuert, dass e Féiwer hätt.

En huet sech duerfir op der „Heilstube“ präsentéiert an do krut e gesot, dass hien e gehéirege Mandelabszess hätt an dass se hien deen aneren Dag an d'Lazarett misste féieren.

An tatsächlech, deen anere Moiën houl mat Zäit eng Ambulanz virun der Barack. De Menn gouf opgelueden a fort goung et op Bromberg. De Menn wousst natiirlech nët, wou se hie géifen ofliwweren. Déi zwéin „Heinien“ aus der Ambulanz, déi wahrscheinlech nët gutt nogelauschtert haten, hun de Menn, anstatt an d'Wehrmachtslazarett an d'städtescht Krankenhaus op Bromberg bruecht. Well de Menn iewer d'Uniform vun engem „däitschen Arbeitsdienstmann“ unhat, huet dat polnescht Personal hien nët behandelt, mä si hu gläich en däitsche „Stabsarzt“ geruff.

Deen huet sech d'Saach ugekuckt a gesot: „Da müssen wir was tun!“ Hien huet de Menn gedoë verkéiert op de Stull sëtzen. Du huet en eng „spatz Schéier“ an de Grapp geholl an de Menn opgefuerdert, de Mond grouss opzemaachen. Deen huet gemaach, wat e gesot krouch. Du probéiert dee rabiate Medeziner him mat der Schéier hannen an d'Strass ze fueren. Mä de Menn deen esou eppes nach ni erlieft hat, huet gezéckt a säi Kapp hannerzég gezun. Du as deen uniforméierten Dokter an d'Héiluucht gaangen an huet gejaut: „Mensch, ich hau Sie in die Fresse!“

Déi „Drohung“ hat fir de Menn déiselwecht Wiirkung, wéi eng „adäquat Piqûre“. Hien huet säi Kapp nët méi zréckgezun an deen eegewëllege Medikus konnt ongestéiert séng Operatioun duerchzéien. Jhust e Glas Waasser mat engem Desinfektiounsmëttel krouch de Menn duerno zougestanen a konnt säi Mond grëndlech ausspullen.

De Stabsarzt huet dem Menn nach e puer Deg Bettrou am Spëdol verschriwwen, wou hie sech mat e puer polnesche Patienten ugefrënd huet. No enger Woch - de Menn wir nach gär méi laang bei deene frëndleche Pollake bliwwen - as hien entlooss gin an hien huet misse no Brahnau an d'Lager zréck.

Kuurz Zäit duerno gouf am Lager agepaakt an d'Arbeitsdienstmänner goufen an hir Hemecht entlooss. Si goungen enger ongewësser Zoukonft entgéint.

# 9. Schwéier Decisiounen

## „Blinddarm-Epidemie"

No séngem Retour aus dem R.A.D. huet de Menn säi Verhalen ausgetüftelt, fir de Fall, wou e säi Stellungsbefehl fir d'Wehrmacht kréich. Hie war nämlech onwidderrufflech decidéiert, op kee Fall an d'Wehrmacht ze goën. Dat hat hie mat sénger Frëndin esou ofgemaach a séng Mamm avertéiert, déi mat sénger Decisioun voll a ganz averstane war.

Fir d'éischt wollt de Menn déi grouss Entschedung emol nach eng gewëssen Zäit ausschiben. Duerfir wollt e sech krank maachen. Ee vun sénge Leidensgenossen hat him verroden, wéi een d'Gielzecht kënnt kréien. Mä de Menn konnt maache, wat e wollt, d'Gielzecht krouch hie fir d'Baschte nët. Du huet en esouguer säi Courage an zwou Hänn geholl an e Lëtzebuerger Dokter opgesicht, fir dass deen him sollt e staarkt Mëttel verschreiwen, fir d'Gielzecht dach nach ze kréien. Mä well deen hie nët kannt huet, war en nët esou kéng, dem Menn séngem Begier nozekommen an deen ugeënde „Wehrmachtsverweigerer" war vir bäi an hanne widder.

Du huet de Menn decidéiert, sech mam Blinddarm operéieren ze loossen. Hien hat geschwënn en Dokter am Viséier, deen héchstwahrscheinlech d'accord wir, déi geplangten Operatioun ze riskéieren. Mam Beforter Bréifdréier, dem Ern, huet en ofgemaach, dass deen him op Déiljen telefonéiere sollt, wa säi „Stellungsbefehl" an der Post ukéim. Hie sollt soën: „Haut de moiën huet de Kolleg Pir no dir gefrot!"

A wiirklech, ee schéinen Oktoberdag 1943 huet de Menn dee veraccordéierten Telefonsuruff kritt. Eenzock huet hie séng Waliss gepaakt, sot sénge Kaschtleit Äddi a goung op d'Gare, fir heem op Ouljen ze fueren. Well de Menn jo nët zu Déiljen unzetreffe war, huet dee clevere Bréifdréier d'Abrufungsschreiwes als onzoustellbar un de „Wehrbezirkskommando" an d'Stad zréckgeschéckt. An domat gouf dem Menn eng Gaalgefrist vun zwee bis dräi Deg zougestanen.

Hien huet dun zu Oulje séng Waliss fäerdeg gemaach fir an d'Klinik. Mat vill Courage huet e sech op de Wee gemaach. Den Dokter huet dem Menn säi Begier, mam Blinddarm operéiert ze gin, fir d'éischt mat grousser Skepsis opgeholl. Wéi en du dem Menn säin Alter gewuer gouf, huet e sech vill méi gnädeg gewisen, säi gelungene Patient ënnersicht a gesot, hie géif e mar de moiën operéieren, well et wir nët gutt, wann dee „Kärel" sech géif entzünden. An dobäi huet en heemlech geschmunzt.

Et gouf kaum e Mënsch, dee léiwer engem Chirurg ënnert d'Messer goung, wéi deemols de Menn ausgangs Oktober 1943. Déi ganz Saach mam Blinddarm as ganz normal verlaf, jhust dass den deemolege preisesche „Schulrat" bei de Menn an d'Spëdol koum an den Dokter gefrot huet, fir deen operéierte Blinddarm ze gesin. Wéi et schéngt, war de Blinddarm, deen dee virwëtzege Schoulmann zu Gesiicht krouch, voll Punkten an domat war d'Geschicht erlédegt, ouni dass déi preisesch Behörden nach vill Schwieregkete gemaach hätten.

Mä schon ugangs Dezember 1943 hun de Preisen hir Millen erëm ugefaangen ze muelen. De Menn koum och erëm an hiirt Riederwierk an hie gouf zur „Nomusterung" geruff. Mä o Freck, méi wéi eng Dose Gemusterter waren all mam Blinddarm operéiert gin a goufe selbstverständlech in corpore vum preisesche „Stabsarzt" k.v. geschriwwen, dat heescht esou vill wéi „kriegs-verwendungsfähig"! An dobäi huet dee schuedefroue Mediziner ganz sarkastesch gesot: „Hier in Luxemburg, im Gau Moselland, scheint eine Blinddarm-Epidemie ausgebrochen zu sein!

## Verschleierungstaktik

Well deen nächste Stellungsbefehl an den éischten Deg z'erwaarde war, an de Menn an der Déiljer Schoul scho vun enger Joffer ersat gouf, as hien op Näerde gefuer, fir am „Schmattenhaus" bei séngem Monni a sénger Tata op dat Onvermeidlecht ze laueren.

Déi Näerdener haten him versprach, hie kënnt sech an hirem Haus verstoppen. Si waren deër Saach scho gewinnt, well hiren eegene Fiston, dem Menn säi Koséng Fernand - scho méintelaang bei hinnen ënnergedaucht war. Well d'Preise scho vun Ufank vum Krich un, „en Hühnche mat him ze rupfen" haten, huet hie scho joërelaang am Ennergrond gelieft an zwar zu Bréissel, a Südfrankräich an op verschiddene Plazen hei am Land.

Hien hat esouguer eng Kéier probéiert, fir sech mat e puer Kollege bei d'Engländer op Gibraltar duerchzeschloën. Duerch Spunië wollte se hiirt Zil erreechen. Mä, Quetschen och! Eis Globetrotter hate sech e franséische Guide „gechartert", dee si sécher iwwer d'Pyrenäe sollt bréngen. Si haten hire Rescht Geld zesummegeluegt, well se dee raffinéierte „Bergführer" am viraus hu misse bezuelen. Nodeem dee „Filou" séng „Clienten" e ganzen Dag laang an de Bierger ausgiebeg ausgetrappt hat, huet e se nuets an enger Fielsgrott, wou se geschlof hu wéi Murmeldéieren, am Stach gelooss a sech aus dem „Stëbs" gemaach.

De Koséng a séng Frënn hu nees missen an d'Frankräich zréck. Vun do aus huet de Fernand sech dunn eleng op de Wee gemaach, fir erëm a séng schéin Hemecht ze kommen, no deër e sou staark verlaangert huet. An hien huet et geschafft, obschon en ënnerwee aus engem „Schnellzuch" gespronge war, fir enger Passkontroll vun der Gestapo ze entgoën. Glécklecherweis as den Zuch dee Moment grad e géie Bierg opgefuer an hat keng ze grouss Vitesse drop, well soss wir de Koséng gewëss nët lieweg zu Näerden ukomm. Elo waren déi zwee Koséngen, déi als Bouwe schon dacks matenee gespillt hun, zesummen am Schmattenhaus an hu versicht, dat Bescht aus hirer quokeleger Situatioun ze maachen.

De Menn huet dat latzegt Waarden op säi Stellungsbefehl alt derzou genotzt, fir e laange Bréif opzesetzen, deen e wëlles hat un d'Wehrmachtskommandatur ze schécken, soubal den Dag vum Départ an d'Wehrmacht festléich. An deem Bréif huet de Menn séng belsch Ofstammung ervirgestrach a behaapt hie géif séngem „Blutt" follechen. Duerfir bréich hien et nët fäerdeg déi däitsch Uniform unzedoën, well e soss eventuell an de Fall kéim géint séng „Bluttsverwandten" ze kämpfen.

Desweideren huet en am Bréif drop higewisen, dass hien e Stéifpapp an zwou Stéifschwësteren hätt, déi guer näischt vu sénger Decisioun am „Ausland" ze verschwannen wéissten an och guer näischt duerfir kénnten. Och séng eege Mamm wir nët am Bild vu sénge wiirkleche Plangen.

## Eng Stopp gët präparéiert

E puer Deg méi spéit krut de Menn en Tëlëfonsuruff vu sénger Mamm. Si sot him mat ziddreger Stëmm, säin Aberufungsschreiwes wir ukomm an dora stéing, dass hien sech an e peur Deg, an zwar de 17. Dezember 1943 um aacht Auer moiës an der „Wehrmachtsverpflegungsstelle im Bahnhof Luxemburg" mat deem néidege Gepäck, dat op enger Lëscht genee detailléiert wir, misst afannen. Duerno huet si hirem Fissi matgedeelt, si kéim deër Deg ee bei hien, fir him nach Wantergezei ze bréngen.

De Menn a säi Koséng hun déi folgend Deg profitéiert fir zesummen eng Parti Präparativen ze treffen hiirt Zesummeliewen ze gestalten an zugläich déi elementarst Sécherheetsmesüren ze ergräifen. Am Holzschapp hu si ugefaangen, sech eng sécher Stopp, an hiren Aen, ze amenagéiere fir de Fall, wou et de Preisen afale sollt „Hausdurchsuchung“ am „Schmattenhaus“ ze halen. Op dem Schapp louchen ongeféier sechs Kouerten gerassent Holz. An der Mëtt vun deem gewaltege Koup, hun déi zwéin Stécker Holz lénks a riets geworf, bis e se eng grouss fräi Plaz degagéiert haten. Um blousse Buedem deen aus stabile Brieder bestung, hu se sech mat enger See tëschent zwou Dunnen e véiereckegt Lach erausgeschnidden, dat grouss genuch war, dass e Mënsch konnt bequem derduerch krauchen. Un engem Enn vun deër Holzdir hu se Jharnéieren ugemaach. Elo konnte se déi Dir vun ënne no uewen opdrécken, si haten eng Falldir, déi am Géigesaz zu enger normaler nët no ënnen, mä no uewen hi fonktionnéiert huet.

Déi zwéi provisoresch Handwierksmeeschtere ware mat hirer Aarbecht zefridden. Deen aneren Dag hu se uewen um Schapp mat zolitten Holzstäipen a Madrillen en Haische gebaut, wouran zwee Mann gutt Plaz haten.

„D’Entreesdir“ war an der Mëtt vun hirem „Gebai“ a konnt natiirlech nët no ënnen opgoën, wa si drasoutzen. Um Enn hu se hir Stopp mat den Holzstécker, déi se lénks a riets stockéiert haten zougedeckt. Um Schapp gesouch een elo soss näischt, wéi en décke Koup Holz, deen elo duerch d’Zoubaue vun hirem Haischen nach vill méi gewalteg Ausmoossen ugeholl hat. Mä dat wousst jo schliisslech keen.

Vun ënnen am Schapp aus konnt een och guer näischt anuecht huelen, dass do um Holzplaffong eng Falldir amenagéiert kënnt sin, déi an eng Stopp fir Refraktäre géif féieren. Fir am Noutfall onopfälleg an hir Stopp ze kommen, hun déi zwéin mat Hëllef vum Monni e sophistikéierten an direkte Wee ugeluegt. Well si sech jo am Dag praktesch ëmmer um Späicher, wou d’Schlofkummere waren, opgehalen hun, huet och do hire „Fluchtwee“ missen ugoën. Am Eeschtfall hätte si nämlech keng Méiglechkeet méi gehat, fir onbemierkt, d’Späichertrap erofzerennen an duerch déi hënnescht Dir den Holzschapp ze erreechen. Well am Schmattenhaus, an deem e Metzleschbuttek an eng Wiirtsstuff ageriicht waren, stoung d’viischt Dir bal ëmmer weidenhaffen op, an d’Gestapo wir bei enger Razzia am Amen a Jo um Späicher gewiescht.

Hire Fluchtwee huet also um Späicher missen ufänken an zwar am Kamäin. Do hu se Eisestaangen an d’Mauer gefacht, op deene se bei Gefor séier no ënne kënnte klammen. Et war och nët ze schwéier, fir an de Kamäin eranzeschlëppen,

well do e Reezhaischen un de Kamäin ugebaut war. Fir ënnen aus dem Kamäin erauszekommen, war och ganz einfach, well och do en zimmlech grousst Reezhaische war, fir Zoossissen an Hamen ze reezen. Vun dem Reezhaischen huet ee misse jhust eng eisen Dir opdrécken an da stoung een ënnen am Holzschapp.

Fir an d'Stopp ze kommen, war fir jonk Kärelen och keng halsbreechend Aarbecht. Genee ënnert der Falldir stung den Autosunhänger a well deen no hanne gekippt war, as een iwwer den Unhänger gutt un d'Falldir erukomm. Déi gouf no uewen opgedréckt a mat enger klenger athletescher Einlag huet ee sech an d'Stopp eropgezun. A wa d'Dir zou war, an déi Verstoppte sech roueg verhalen hun, konnt kee Mënsch feststellen, dass do zwéin „Naziverächter" séitzen.

Fir am Eeschtfall d'Course géint Zäit an d'Gestaposhäscher ze gewannen, hun déi zwee Refraktären de Wee trainéiert an de Monni huet op d'Auer gekuckt, fir d'Sekonnen ze zielen. Am Ufank hu se 25 Sekonne gebraucht. Dat goung dem strenge Manager vill ze lues. An duerfir gouf virun trainéiert, esouguer wann et stachdäischter war. All Grëff huet misse sëtzen an et huet och praktesch keen eppes dierfen héieren. Wien am éischte bei der Falldir war, gouf vu séngem Koséng an d'Stopp erop gedréckt. Deen éischten huet dann deem zweeten d'Hand gereecht an en eropgezun. An esou goung et ëmmer méi séier fir dee komplizéierten Trajet zréckzeleën. Um Enn hu se d'Konschtstéck fäerdeg bruecht hir Stopp a 15 Sekunden ze erreechen. Du endlech war de Monni mat hirer Leeschtung zefridden.

Fir déi ganz Saach iewer nach méi sécher ze maachen, huet de Monni drop gehalen, dass séng zwéi „Schützlingen" Peffer an hirer Stopp prett leien hätten, fir de Fall, wou d'Gestapo mat Spierhënn géif opdauchen. Och e geluedene Revolver, deen dem Menn säi Koséng scho laang hat, gouf ënnert de sechs Kouerten Holz, deponéiert; et konnt ee jo ni wëssen! Deenen zwéin hiirt d'Gezei, wat se nët um Leif haten, gouf och an hirem Haische verstaut, fir dass si nët duerch esou eng Topegkeet kënnte verrode gin.

# 10. Lieweg begruewen

## De Menn verschwënnt vun der Bildfläch

De 16. Dezember 1943! Et war dee leschten Dag, wou de Menn nach e fräie Bierger war, wann een dat Liewen deemols nach konnt mat Fräiheet bezeechnen. Vill ze vill huet de preiseschen Drock engem den Hals zougedréckt. Vill ze vill Virschrëften, Contrainten, Gesetzer, Verpflichtungen, Kontrollen asw. sin iwwert een eragebrach. Mat Dout a mat Däiwel gouf gedrät, dass vill Leit bal duerchgedréit sin an nët méi esou kéng waren, den Ennerdrécker d'Stir ze bidden.

Och de Menn huet den Drock gespuurt, an elo sollt en haut definitiv all Brécke mat de Besatzer ofbriechen, op ee Coup als deklaréierte „Feind" an de Naziën hire Fahndungslëschte stoën, mat all deenen, déi sech géint den „Häremënschen" hir nei Weltuerdnung stelle géifen. E Vull fir d'Kaz! Nach jhust e Schotz Polver wäert!?

An dach, de Menn wollt nët méi zréck, géif och komme wat géing wëllen. Den Dag vu séngem Verschwannen aus der Gesellschaft war elo komm, endgültig! Et huet nach jhust missen e bëschen Theater gespillt gin fir de Leit d'An ze fëllen. Duerfir huet de Menn all sénge Bekannten a Verwandten, mat flemmzeger Fisemin Äddi gesot, well e jo deen anere Moiën an d'Wehrmacht sollt goën. Säi Koséng vun der Millen, dee selwer nach e puer Joër ze jonk war, fir agezun ze gin, huet der Saach mam Menn séngen Äddiën nët getraut, e schif bekuckt a riicht eraus gefrot: „So, gees de wiirklech an d'Wehrmacht?" De Menn huet ganz entrüst geäntwert: „Ma sécher, wat mengs du?" Weider Explikatioune wollt de Menn nët méi gin an huet sech ewechgemaach, well et esou lues Zäit gouf, fir op d'Gare ze goën. Hien huet behaapt, hie misst nach doheem zu Oulje passéieren éier et an d'Wehrmacht géing.

Am Schmattenhaus huet hien deene puer Clienten, déi an der Wiirtsstuff beim Patt soutze, feierlech Äddi gesot. A fir d'Saach nach méi spannend ze maachen, as séng Tata mat him op d'Gare gaangen, wou de Menn e Biljee bis op Rued/Syr geléist huet. Wéi den Zuch an d'Gare eragelaf as, huet de Menn der Tata ganz opfälleg Äddi gesot - wéinst de Leit - an as séier an den Zuch geklommen an zwar an déi allerlescht Voiture.

Séng Rechnung goung op, well do soutz wiirklech keng lieweg Séil. An esou war de Wee fräi, fir säi Plang ongestéiert kënnen duerchzezéien. Hie wollt nämlech nëmme bis op déi nächst Statioun - d'Räicheler Halte - matfueren. A richteg, déi lescht Voiture as nët bis virun d'Statiounsgebäi komm, mä stung praktesch nach am Bësch. De Menn as séier aus dem Zuch geklommen, iewer nët zur Säit vum Quai, mä déi verkéiert Säit, an as eenzock am Besch verschwonnen, wou e sech hannert en déckt Gesträich verfuusst huet.

Soubal den Zuch fort war, an op der Räicheler Halte sech näischt méi geréiert huet, as de Menn aus sénger Stopp erausgekroch an huet sech op de Wee gemaach, fir der Eisebunn no zréck op Näerden ze goën. Ennerwee gouf et dem Nuetswanderer kloër, dass hien elo am Fong nët méi géing existéieren! D'Preise géifen hien aus all Kartei sträichen, keng Liewesmëttelkaart, keng Kleederkaart, keng Tubakskaart méi ausstellen an och keng Pai méi ausbezuelen. Hie stéing nach jhust op de Fahndungslëschte vun der Gestapo. Hie wir vun elo un op aner Leit hir Hëllef ugewisen an hie kënnt näischt an d'Plaz gin. Déi Friem misste suergen, dass hien eppes z'iessen hätt, en Daach iwwer dem Kapp an en Eck fir ze schlofen.

Wéi verwallt huet dee Verfollegten all Geräisch aus dem Bësch gelauschtert a séng An hu versicht d'Däischtert ze duerchdréngen, fir anuecht ze huelen, op nët irgendwou eng Gefor op hie géing laueren. Endlech koum de Flüchtegen, an enger miserabler Verfaassung, beim Schmattenhaus un an huet sech heemlech hannert d'Haus geschlach, wou de Monni schon op e gewaart an en an d'Haus eragelooss huet. Elo war hien onwidderruflech e Fahneflüchtigen, wéi d'Preisen déi „Feiglinge" genannt hun, déi nët wollten hëllefe fir Europa vum Kommunismus a vun anere „groussen Iwwelen" ze befreien. Vun hinnen, den „Häremënsche" vun déisäit der Musel, haten déi Lëtzebuerger „Oftrünneg" näischt Guddes ze erwaarden.

## Dem Menn séng Mamm bréngt Panik an d'Schmattenhaus

Fir de Menn war den éischten Dag am Ennergrond fiirchterlech. An der Nuecht, wéi d'Tata an de Monni geschlof hun, hun déi zwéi Nuetsschwärmer, de Menn a säi Koséng, sech an der Kichen eppes gekacht. De Koséng war dobäi d'Rou selwer; hien hat sech scho laang un déi Atmosphär vun Onsécherheet a Gefor gewinnt. Mä beim Menn war dat anëscht. Wann hien dobaussen op der Strooss Schrëtt héieren huet - dacks si preisesch „Zöllner" an der Emgéigend


patrulléiert, fir Hamsterer ze erwëschen - hätt de Menn sech am léifsten an e Mauslach verkroch. An ëmmer war hien um Spronk, fir an d'Stopp am Schapp ze verschwannen.

Wann emol eng Kéier en Auto schaarf virun der Dir gebremst huet, as de Menn, a voller Panik bal eng Mauer eropgelaf. Séng Gedanken hun ëmmer am selwechte Krees gedréit. Preisesch Zöllner, lëtzebuerger Preisen, Ortsgruppenleiter, Gestapo, Verrot, Prisong, K.Z., Terror, Dout duerch Erschéissen!

Deen zweeten Owend am Ennergrond - honnerte vu Kollege waren deen Dag, ouni en Trapp Fahneflüchteger, no Däitschland an d'Wehrmacht geschleeft gin - huet dem Menn séng Mamm derfir gesuergt, dass d'Panikstëmmung am Schmattenhaus sech bal bis an d'Onerdréiglecht gesteigert huet. Si wollt, wéi schon ernimmt, hirem Fissi nach Wantergezei an d'Stopp bréngen. Deër Missioun iewer waren hir Nerven nët gewuess. Schon doheem huet si hir Waliss missen heemlech paken; si war jo déi eenzeg am Heentzenhaus, déi wousst, wat mam Menn lass wir. Fir hir delikat Rees op Näerden unzetrieden, wollt si waarden, bis et däischter wir. Et sollt méiglechst kee Mënsch se gesin, fir dass keen e Verdacht kënnt hun a sech géif froën, wuer d'Heentzemamm mat deem Gesäckels hi wëllt.

Hire Plang goung och deelweis op. Mä, dee 17. Dezember 1943 war et owes esou däischter, dass ee séng eegen Hand bal nët méi virun den A gesouch. An ennerwee, tëschent Ouljen a Rued as d'Heentzemamm - si huet iwwerall d'Konture vu Gestaposleit mat Maschinepistoulen erbléckst - vun der Strooss ofkoum an as en Hiwwel erof an eng Heck gerëtscht. Déi gejoten a verwallte Fra hat d'Orientéierung verluer an huet wéi laang geschafft a gewuddert éier se erëm um gudde Wee war. Mat leschtem Energieasaz huet s'et schliisslech fäerdeg bruecht, d'Gare vu Rued z'erreechen. An hirem Kapp iewer huet et gedréit, wéi op engem Päerdercherspill!

A wéi dunn an der Gare och nach en etlech Aarbechter do beienee stoungen ze waarden, fir op d'Nuetsschicht ze fueren an déi verspellecht Fra mat groussen An ugestuerkt hun, war d'Heentzemamm ganz duercherneen. An amplaz beim Guichet e Billjee an d'Stad ze froën, wou se eréischt en zweete bis op Näerde sollt huelen, wéi si sech dat virgeholl hat, huet se oniwwerluegt a mat onsécherer Stëmm ee bis op d'Endstatioun vun hirer geféierlecher Rees bestallt.



D'Aarbechter, déi hir Commande matkritt haten, hu si dun nach méi interesséiert bemustert an hir verwuerelt Hoer an hiirt zerknautert Gezei bemierkt. Ee vun hinne sot ganz verwonnert: „O Madame, fuert Dir den Owend nach bis op Näerden?" Dun eréischt koum déi onglécklech Nuetseil zou sech a gesouch an, dass se eng onverzeilech Gaffe begaangen hätt. Am léifsten hätt si sech a Loft opgeléist. „Mä geschitt as geschitt!" goung et hir duerch de Kapp a wéi e Kéipchen Elend huet si sech am Zuch an en Eck verdréckt a keng Oder am Leif méi gerouert. Emmer an ëmmer huet se gefaart, op eemol kéim e preiseschen Uniforméierten op si duer, géif hir d'Hand op d'Schëller leën a se opfuerderen, hir Waliss opzemaachen. Wat sollt se maachen, fir nët de Verstand ze verléieren? Op eemol koum si op d'Iddi „Deen do uewen" ëm Hëllef unzeruffen. An ee Gesetz vum Rousekranz nom aneren as lues iwwert hir Lëpse gedrëpst.

Eng Grimmel berouegt koum si dunn eppes virun Hallefnuecht mam leschten „Aarbechterzuch" zu Näerden un, wou de Monni se op der Gare ofgeholl huet.

Wéi d'Heentzemamm endlech hire Fissi erëmgesouch a sech an der gemittlecher Kichen am Schmattenhaus a relativer Sécherheet gespuert huet, sin hir strapazéiert Gefiller mat hir duerchgaangen an deen ugestauten Drock, dee se um Häerz hat, as aus hir erausgebrach a si huet hiren Tréine fräie Laf gelooss. Alleguer hu se versicht, si ze tréischten. Mä wéi si ënner Schlucksen hiirt schlecht Gewësse wollt berouegen an erzielt huet, wat alles op hirer Rees geschitt war, besonnesch d'Affär mam Billjee, hun hir Enthüllunge wéi eng Bomm am Familjekrees ageschloën. All ware se wéi erschloën; zemol de Monni as dorëmmer getrëppelt an huet geflucht a gejamert, wéi wann en niewent de Kapp komm wir.

No deër peinlecher Zeen hu se sech all ëm de Kichendësch gesat an de Kapp an d'Hänn gestäipt. Jidderee goung sénge Gedanken no an huet iwwerluegt, wat an deër quokeleger Situatioun ze maache wir. A keen huet méi ee Pippcheswuert erauskritt. Et gouf d'er op eemol esou onheemlech roueg; d'huet een d'Auer an der däischterer Wiirtsstuff héieren ticken, an dobaussen op der Strooss goung et : Tapp - tapp - tapp ... d'Schrëtt vun engem Zöllner, prett fir engem „Sau-Luxemburger" de Garaus ze maachen. E wousst nëmmen nët, wéi e sech sollt uleën.

Wéi no enger gudder halwer Stonn nach ëmmer näischt Opfälleges sech am Schmattenhaus gedoën hat, hun déi iwwerhëtzte Gemidder sech lues a lues nees ofgekillt. Op eemol huet den Iwwerliewenswëlle sech erëm duerchgesat an nei Verhalensinitiativen entwéckelt. De Monni war deen éischten, deen d'Sprooch erëmfond huet a folgend Direktiven erausgouf: „Déi zwéin „Stoppmatëssen" gin hënnt selbstverständlech nët an d'Bett. All är Kleeder a perséinlech Saachen, déi der nët um Leif hut, gin elo gläich an d'Stopp gedroën an zwar an der Däischtert an ouni Kaméidi wann ech glift. E bësche näipe kann ee vun iech an der Fotell; deen anere muss Wuecht halen. Sollt een un d'Dir rabbele kommen, da muss der esou séier wéi de Blëtz an der Stopp verschwannen a grad esou stëll. Mir aner gin elo schlofen, well mar as och nach en Dag. Eigentlech as et scho laang mar.

A geschwënn war et roueg am Schmattenhaus. Mä kaum ee vun séngen opgedréite Bewunner huet en An zougemaach. Vill ze vill war jidderee mat séngen Tiirmereie beschäftegt.

# 11. D'Liewen am Ennergrond

## D'Verlobungsfeier

Geschwënn huet och de Menn sech, sou wéi säi Koséng zënter laang schon, un d'Liewen am Ennergrond gewinnt. Déi zwéi Kosséngen hu sech en total anere Liewesrhythmus missen ugewinnen, wéi déi aner Leit. Well si sech am Dag nët ënnen am Haus hun dierfen ophalen, wéinst der Wiirtsstuff an dem Metzleschbutték, hu si den Dag zur Nuecht an d'Nuecht zum Dag gemaach. Am Dag ware si meeschtens am Bett, oder si soutze roueg an engem Eck ze liesen oder ze schreiwen, well ënnenan huet keen eppes dierfen héieren. Nuets hu si sech dann an der Kichen opgehalen, hu gekacht a gebracht an och alt d'Zeitung gelies, fir sech um lafenden ze halen iwwer alles, wat esou an der Welt lass wir a wéi et mam Krich virugéing.

Fir en eenegermoosse richtegt Bild vun de Krichsoperatiounen ze kréien, hu se natiirlech missen tëschent den Zeile liesen. Well, wann een dat alles esou gegleewt hätt, wat an der Zeitung stoung, hätt ee missen unhuelen, dass d'Preisen de Krich trotz alle Réckschléi nach ëmmer géife gewannen. Mä déi zwéi Koséngen waren der Meenung, dass d'Amerikaner de Naziën an der éischter Zäit géife weisen wou de Bock d'Lach hätt. Deenen zwéin „Ongedëllegen" iewer gouf d'Zäit nach verdaamt laang, éier et esou wäit war. An de nächste Méint hate si nach munnech gelungen a geféierlech Situatioun ze meeschteren.

Et goung u mat der Verlobungsfeier vum Menn sénger Kusinn. Trotz dem véierte Krichsjoër hun d'Elteren op zwou Säiten drop gehalen, dat Eregnes mat allem „Drum und Dran" ze begoën. Gläichzäiteg haten d'Tata an de Monni „Culot" genuch, fir duerch déi groussopgemaachte Verlobungsfeier de Leit ze beweisen, datt si sech fräi géinge spieren an näischt virun de Preisen ze vertuschelen hätten. Sou gouf der Kusinn hir Verlobung zu engem groussaartege Familjefest opgespillt an all Verwandten a Frënn goufen op d'Festiessen invitéiert.

De Monni hat virgesuergt a genuch Gedrénks verstoppt, alles Virkrichswuer. A fir genuch Fleesch niewelaanscht "z'organiséieren", trotz de Fleeschtickeën, war fir de Metzeler och keng Konscht. Deen eenzegen décke Problem waren déi zwéin "Zaungäscht" am Haus. Déi Problematik gouf am Familjerot besprach an et gouf decidéiert, dass déi zwéin d'Haus nët wéinst deem feierlechen Ulass sollte

verloossen. Si sollten uewenop bleiwen a sech ëmmer no beim Fleeschhaischen ophalen, wou jo den Ufank vum Fluchtwee fir an hir Stopp war. Sou kënnte si indirekt un der Feier deelhuelen, ouni dass et engem Invité géif opfalen. D'Tata huet esouguer versprach, si géif et fäerdeg bréngen deenen zwéin z'iessen an ze drénken erop ze bréngen, ouni dass een eppes géing mierken.

An alles goung no Plang. Déi zwéi Koséngen hu sech,den Dag vun der Verlobungsfeier, déi gutt Mäifel vum Festmenü prima schmaache gelooss an och dem Schampes an dem Wäin hun déi zwéi „Feinschmecker" um Späicher „gefrönt" bis et hinnen am Kapp gedréit huet. Sou hu si déi elementarst Virsiichtsmoossnahmen ënnerlooss an hu sech bis an d'Späichertrap virgewot, fir ze héieren, wat d'Inviteën ënnen an der Wiirtsstuff alles erziele géifen.

Mä, op eemol as d'Wiirtsstuffdir opgefuer an eng vun den Inviteën as ganz forsch op d'Späichertrap lasskomm. Et war eng gutt Bekannten vun der Schmattefamill, eng Joffer an engem gewëssenen Alter. Wéi opgeschäichten Hénger hun déi zwou Virwëtztute sech verzun. De Koséng as an eng Schlofkummer gerannt an de Menn an d'Buedzëmmer gestiermt, wou e sech hannert e Schaf verdréckt huet.

A scho koum déi prësséiert Damm wéi gejot d'Trap erop a riicht an d'Buedzëmmer eran. Well ënnenan d'Toilette besat a si am Schmattenhaus kënneg wéi an hirer Täsch war, huet si gläich un d'Toilette vum Buedzëmmer geduecht. An op déi goung elo déi verspellecht Damm lass an huet déi néideg Präparative getraff, fir sech erliichtert op dee niddregen „Troun" ze huppen. A jhust wéi se sech an déi richteg Positioun bruecht hat an de Kapp an d'Luucht gehuewen huet, du.... blouf hir bal de Verstand stoën an en ënnerdréckte Kreesch an der Strass stiechen. Do hannert dem Schaf, dee vis-à-vis vun der Toilette stoung, erbléckst si e Maanskärel a voller Längt, oder hat si den „Delirium tremens"?

Krampfhaft huet se du versicht, hir Ennerwäsch, sou séier wéi méiglech, erëm an hir Ausgangspositioun ze bréngen. Iwwerdeems koum de Koséng an d'Buedzëmmer an huet versicht séng Bekannten ze kalméieren, sou gutt e konnt. De Menn huet sech och esou haalwer entschëllegt, dass hien op enger schlechter Plaz stoung, wéi si engem wichtege Geschäft wollt nogoën. Um Enn hun déi zwéi „Randgäscht" déi frustréiert Joffer beschwuer, kengem Mënsch e Pippcheswuert vun hirer „Aventure" am Buedzëmmer z'erzielen, well jo schliisslech hire Kapp um Spill stéing.

Nodeem déi opgereegte Joffer sech berouegt hat an deenen zwéin „Schwerverbrecher“ héich an helleg versprach hat, dass ni e Wuert vun deër ganzer Affär iwwer hir Lëpse kéim sou laang d'Preisen am Land wiren, hun déi zwéin d'Buedzëmmer diskret verlooss, fir dass hiirt „Opfer“ hir ënnerbrachen „Entreprise“ op e gutt Enn kënnt féieren.

D'Koséngen hate Chance, well déi iwwerrompelt Joffer huet Wuert gehalen an ni as een eppes vun hirem opregende „Geheimnis“ gewuer gin, bis d'Amerikaner am Land waren.

Och dem Menn séng Freiesch gouf deen Dag e Geheimnis gewuer. Si war op d'Verlobungsfeier invitéiert gin a bei deër Geleënheet huet de Monni hir verroden, dass de Menn mam Fernand an hirem Haus verstoppt wir. Well all, de Menn esou gutt wéi d'Schmattefamill, waren iwwerzeegt, dass et elo un der Zäit wir, si mat der Wiirklechkeet ze konfrontéieren an hir den onerdréiglechen Drock vun der Öngewëssheet vun der Séil ewechzehuelen.

Déi Woche virdrun, hat kee si wëllen mat an d'Vertrauen zéien, fir dass si onbelaascht der Gestapo kënnt d'Stir bidden, wann déi se sénger Liewe géif verhéieren, fir erauszefannen, wou de Menn dru wir. Well si iewer bis elo vun de Preisen a Rou gelooss gi war, huet jiddereen ugeholl, déi hätten dem Menn séng Spur verluer, oder si hätten dat geschléckt, wat hien a séngem „Rechtfertigungs-schreiwes“ un d'Wehrmachtskommandatur behapt hat, nämlech, dass hie sech an d'Belsch géif ofsetzen.

Zwar hat d'Gestapo de Stéifpapp, gläich nom Menn séngem Verschwannen, an d'Gebiet geholl an deen hat deene virwëtzegen „Enquêteuren“ verroden, dass hire „Wehrmachtsverweigerer“ eng Freiesch an der Stad hätt. Och hire Numm hat hien ugin. Mä, well d'Freiësch, wat weder den Heentzepapp nach d'Gestaposleit woussten, nët an der Stad ugemellt, a well d'Wunnéng do op de Numm vun hirem Grousspapp - hirer Mamm hirem Papp - ugemellt war, hun d'Häscher keng Spur vun hir fond a si duechten den Heentzepapp hätt gesponnen oder hie wir guer nët am Bild, sou wéi de Menn et an séngem Bréif un d'preisesch Kommandatur behaapt hat.

An esou konnten endlech de Menn a séng Freiesch sech erëmgesin a sech géigesäiteg Courage maachen, fir déi kommend Wochen a Méint besser ze iwwerstoën.

## Typesch Ennergrond-Zeenen

No der vill kommentéierter Verlobungsfeier vum Menn sénger Kusinn huet d'Liewen am Schmattenhaus sech lues a lues erëm normaliséiert, wann och schon d'Leit dobausse sech erzielt hun, déi preisesch Zöllner hätten den Opdrag gehat, d'Schmattenhaus gutt z'iwwerwaachen, fir festzestellen, ob de Koséng Fernand nët op sénger Schwëster hir Verlobung kéim. Dass hie schon am Haus kënnt gewiescht sin, éier d'Feier ugoung, as hinne guer nët agefall. An esou waren déi zwéi „Flüchteg" erëm eng Kéier mat engem bloën An dervukomm.

Mëtt Januar 1944 iewer guf et erëm eng Kéier owes géint Hallefnuecht vill Opregung am Schmattenhaus. De Menn a säi Koséng ware grad an der Kichen am gaang sech eppes z'iessen ze maachen, wéi se op eemol eppes un der viischter Dir héieren hu klappen a rosen. Si hu séier d'Käerz, déi um Dësch gebrannt huet, ausgeblosen a sin an der Däischtert op den Zéiwespëtzen duerch d'Wiirtsstuff geschlach an hu gelauschtert, fir erauszefannen, wien un der Dir kënnt rabbelen. Dobäi as hinnen de Wappes gaangen, well se geduecht hun, d'Gestapo kënnt hinnen op der Spuer sin. Wat sollte se maachen? Nach e bëschen ofwaarden a roueg sin, oder sech direkt op de Wee maachen, fir an d'Stopp ze kommen? Mä dat hätten déi ongenéiert Nuetsrandaléirer virun der viischter Dir kënnen héieren. Duerfir bloufe se wéi ugeneelt op der Plaz stoën. Dem Menn huet d'Häerz bis an den Hals erop geschloën an et gouf him esou droleg am Kapp.

Mä, o Wonner, op eemol héiere se dobaussen eng Stëmm, déi an engem militäreschen Toun geduddert huet: „Verdunkeln, aber schnell, oder ich werde Ihnen Beine machen!" Déi zwéi Kosénge waren erléist. De Preis dobaussen hat et also nët op si ofgesin. Op eemol héiere se, wéi de Monni uewenop d'Kummerfënster opgemaach huet a mat verschlofener Stëmm sot: „A wat as do ënne lass?"

De Preis - et war natiirlech en Zöllner, dee grad am Garevéirel séng Ronne wollt dréien - huet du Kreesch gedoë wéi e Wëllen: „Mensch verdunkeln Sie sofort, oder wollen Sie, daß die 'Amis' Ihnen ein Ei ins warme Nest legen?" De Monni huet du séng Luucht direkt ausgeknippst a sech beim Zöllner entschëllegt an erklärt, hien hätt am Bett gelies a wir dobäi entschlof ouni d'Luucht auszemaachen. Du war deen opbruechten Zöllner endlech beschwichtegt an déi verdrësslech Saach war erëm an der Rei.

Et huet du bis wäit an de Januar era gedauert, bis et déi nächst Opregung bei den zwéi Koséngе gouf. Ee kale Wantermoiën, et war nach stachdäischter dobaussen, soutzen déi zwee „Unterweltler“ an der Kichen an hu Kaffi gedronk. Si wollte fäerdeg sin, éier de Betrib am Haus lass géing.

Op eemol huet de Menn ganz verwonnert mat der Hand un de Plafong gewisen, wou eng kleng hell Flämmche laanscht e Gipsvirsprong, wéi eng kleng Schlaang gezüngelt huet. De Koséng as opgesprongen a gouf bleech am Gesiicht wéi en Duch. "O Donnerwieder!“ sot en, "an der Haascht as Feier!“

Wéi de Blëtz sin déi zwéin op de Späicher gerannt an hun d’Dir vun dem Fleeschhaischen opgerass. Mäi wärreg, do huet et schrecklech gedämpt an um Buedem gesouch een eng roudelzech Glous sickeren. Wat war geschitt? Well déi zwéin Nuetsschwärmer sech am Dag um Späicher hu missen ophalen, war en Allesbrenner um Enn vum Gank opgeriicht gin, fir de ganze Späicher ze hëtzen. Aus Bequemlechkeetsgrënn goufe moiës d’Äschen einfach op de Buedem vum Fleeschhaischen ausgetippt. Well iewer ënner den Äschen alt ëmmer en etlech rout Kuele geschlummert hun, as op d’laang Weil duerch déi grouss Hëtzt, déi sech um blechbeschloëne Buedem entwéckelt huet, e Sickerbrand am Plaffong entstanen, well jhust ënnen drënner eng déck hëlzen Dunn erduerch goung.

Och de Monni koum erbäigelaf an huet d’Hänn um Kapp zesummegeschloën, wéi en déi béis Bescherung gesouch. „Laaft séier e puer Emere sichen an da bréngt der Waasser vum Buedzëmmer erbäi. A maacht séier, well wa mer de Brand nët meeschter gin, da musse mer d’Pompjeë ruffen. Mä dir zwéin musst virdrun d’Blat botzen. Déi zwéi verdaddert „Ersatzpompjeën“ hu gemaach, wat se ugestallt waren an de Monni huet Chef-Pompjee gespillt. An zum Gléck, no enger halwer Stonn hate se d’Saach am Grëff! D’Schmattefamill huet opgeotemt, well se all woussten dass se no un enger Katastrof erlaanscht geschliddert waren.

Am Februar 1944 huet eng Hiobsbotschaft fir e weidere grousse Schock am Schmattenhaus gesuergt. Ee fréie Moiën - et muss de 24. Februar gewiescht sin - stung op eemol d’Tata niewent dem Bett vun hire Schützlingen an huet se mat trauregen, mä duerchdréngenden Aen bekuckt, iewer kee Wuert gesot. Op eemol as et deenen zwéin am Bett onheemlech gin a si froten: „A wat as dann elo schon erëm geschitt?“ Du äntwert d’Tata mat verkraschener Stëmm: „Déi „Knaschtsäck“ hun de Sandt erschoss!“ De Sandt war nämlech e Wäinhändler vun der Musel an huet zënter laange Joëren de Wäin an d’Schmattenhaus geliwwert. Hie war e gudde Frënd vun der ganzer Famill an esou eng grujheleg Noriicht war einfach nët ze

verkraften, zemol well mat dem Sandt nach zweeanzwanzeg gutt Patrioten higeriicht gi waren.

Dee Schock soutz déif, an owes, nodeem d'viischt Dir zougespaart war, gouf an der Kichen iwwer de Krich an de Preisen hir Onmënschlechkeete geschwat. De Monni war erëm eng Kéier deen dichtegsten an der Diskussioun. Hien huet behaapt, dass de Krich an e puer Deeg eriwwer wir, wann hien och nëmmen e puer Stonne Roosevelt kënnt spillen. Déi Iwwerleeungen hun déi aner Gespréichspartner nëmmen nach méi verdrësslech gemaach, well se woussten, dass esou e Problem nët kënnt am Amen a Jo geléist gin, wéi de Monni dat gemengt huet.

A wéi och nach vun der Strooss hir engem preiseschen Zöllner säin Tapp-tapp-tapp- an d'Schmattenhaus era gedrongen as, louch op eemol eng betäubend Spannung iwwer deër nervlech iwwerstrapazéierter Gesellschaft. De Menn, deen esou beim Kichendësch soutz, dass en de Réck zur Fënster gedréit hat, war drop an drun fir duerchzedréien. Emmer an ëmmer huet e sech déi heikel Fro gestallt: „Soll ech dee verdammte Krich och wiirklech iwwerliewen?"

A jhust an deem Moment geet et „Ping" an de Menn spirt e „Coup sec" an der Akaul, deen en zu Doud erféiere gedo huet. „Elo as et eriwwer!" as et deem Ongléckvull duerch de Kapp gejot. „Elo huet dach esou e knaschtege Preis dech vun hannen duerch d'Fënster erschoss!"

Hie soutz do, sou steif an esou wäiss am Gesiicht wéi eng gipse Statu an huet keng Oder am Leif méi gerouert. Wéi déi aner hien erschreckt bekuckt hun an e froten: „Wat as dir da geschitt?" Gesäiss du d'Männercher?" as de Menn erëm zou sech komm, gräift mat sénger rietser Hand an d'Akaul an hat e Lastik vun engem Gebeesglas am Grapp.

Wéi déi aner dat gesouchen, sin se erausgeplatzt mat Laachen an hun d'Relatioun tëschent dem Lastik an dem Menn sénger Doudangscht eenzock verstanen. D'Tata hat aalt Quetschekraut am Nomëtteg opgekacht, a Glieser geschott, déi se géint der Owend mat Pabeier ofgedeckt a se dunn op d'Fënsterbriet gestallt hat. Em all Glas hat se e Lastik geschlëppt, fir domat de Pabeier festzehalen. An elo war ee vun deene Lastiken duerchgefuer an d'Spannkraaft hat en dem Menn an d'Akaul geschleidert. Eng kleng Ursaach, mä eng grouss Wiirkung.

De Menn war frou, dass e nach um Liewe war an déi aner waren duerch déi komesch.Zeen e bëschen opgemontert gin an hu fir Momenter dee ganze Misär vum Krich vergiess.

# 12. De Menn muss plënneren

## Eng eescht Warnung

Dem Menn säi Monni hat e Brudder zu Näerden, deen och eng Wirtschaft gefouert huet. Dee koum am Mäerz 1944 - et muss géint den halwe Mount gewiescht sin, owes spéit, wéi et scho laang däischter war, un d'Dir vum Schmattenhaus rabbelen, fir eragelooss ze gin.

De Monni goung d'viischt Dir opmaachen, därbaants déi zwéi Koséngе sech vif d'Späichertrap opgemaach hun, fir eventuell eenzock an hirer Stopp ze verschwannen. Si bloufen iewer nach ee Moment uewen um Paljee vun der Trap stoë, fir ze lauschteren, wien nach esou spéit erakéim. Et war dem Koséng Fernand säin Dafpätter, de Monni Néckel. Deen as gläich mat der Dir an d'Haus eragefall an huet eenzock lasgeknäppt: "So Lipp, wanns de wees wou äre Fernand as, da maach ëm Himmelswëllen, dass en esou séier wéi méiglech an eng aner Stopp kënnt. Stell der emol vir, haut de mëtteg war den Ortsgruppenleiter mat et puer "Gielemännercher" bei mir an der Wiirtsstuff. Du hun ech verlauschtert, wéi se iwwer d'Eirekleed vun den Zwangsrekrutéierten diskutéiert a sech besonnesch iwwer déi Feiglinge vu Refraktären an Deserteuren ausgelooss hun. Denk der emol un, dee knaschtegen Ortsgruppenleiter hat de Culot, fir mir riicht an d'Gesiicht ze soën, d'Gestapo wir iwwert äre Fernand forméiert a wéisst wou en dru wir. Et géif nët méi laang daueren, dann hätte s'en mam "Schlawittchen".

"Et get och Zäit", huet e nach bäigefügt, "en huet äis elo laang genuch un der Nues erëmgefouert!"

Dem Koséng säi Pätter war elo bal ausser Otem vu sénger laanger Ried an de Monni Lipp huet geziddert wéi Espelaf. Hie wollt hun, dass säi Brudder Néckel sech sollt setzen, en hätt jo sécher nach e bësschen Zäit, fir e Pättche matzedrénken. Mä de Néckel huet ofgewénkt a sot: "Neen, ech maache mech direkt erëm ewech, well et wir guer nët gutt, wann een anuecht géing huelen, dass ech esou laang hei war. A schon huet de Buet vun deem wichtege Message sech ëmgedréit an as op

d'Dir lassgaangen. Mä de Lipp huet him d'Hand geholl a se festgedréckt. "Ech soën der villmols merci fir déng Warnung", sot en, "dat wärt ech der ni vergiessen!"

Wéi dem Koséng säi Pätter fort war, sin déi zwéin heemlech Nolauschterer wéi gezappten Hénger d'Trap erof komm a wousste nët, wat se soë sollten. Si hate Wuert fir Wuert vun deër miserabler Hiobsbotschaft matkritt an et gesouch een hinnen of, dass se dem Pätter Néckel séng Matdeelung nët op d'liicht Schëller géifen huelen.

Deen Owend soutz de Familjerot am Schmattenhaus nach laang beieneen, fir erauszefannen, wat an hirem delikate Fall ze maache wir. Spéit an der Nuecht ware se sech eens. De Monni sollt deen aneren Dag op Rippwëller a Kinne froë goën, fir de Menn do ënner Daach ze kréien. Duerno sollt en op der Räicheler Halte passéieren a versichen de Fernand duer ze placéieren.

## Geféierlech Reesen

De Menn sollt als éischten aus dem Haus, well se zu Rippwëller averstane waren, hien opzehuelen. Blouf nach de Problem vum Deplacement ze léisen. Et gouf décidéiert e Convoi vun dräi Wëlloën ze organiséieren. De Chef vun der Näerdener Resistenzorganisatioun hat dem Monni séng Hëllef zougesot.

Hie sollt an der nächster Nuecht un der Spëtzt vum Convoi fueren. Säi Wëllo sollt beliicht sin an huet missen esou an der Rei sin, dass en enger preisescher Kontroll géif standhalen d.h. séng viischt Luucht huet missen de Verdunklungsvirschrëften entspriechen. Als leschten an der Rei sollt de Monni matséngem Wëllo kommen a genee esou gutt ausgerüst sin, wéi deen éischten. An der Mëtt mat je engem Ofstand vun ongeféier 100 m op deen éischten an 100 m op deen drëtten - sollt de Menn fueren op engem onbeliichtene Rad.

De Convoi gouf am Giewel vum Schmattenhaus forméiert an déi dräi Akteuren hun ugestrengt gelauschtert, ob se néierens eppes géingen héieren. Am Duerf war et onheemlech roueg wéi op engem Kiirfecht an esou däischter wéi an engem Sak. Et konnt also lassgoën. De Menn sollt, soubal eppes Verdächteges géing opdauchen, oder wann en op eemol deem éischte Wëllofuerer séng hënnescht Luucht nët méi geséich, op der Dot am Stroossegruef verschwannen.



Gott sei Dank sin si kenger lieweger Séil begéint an d'Rees konnt ouni Tëschefall op e gutt Enn gefouert gin. Zu Rippwëller hu se schon op hire neie "Locataire" gewaart. Ongeféier zéng Deg laang huet dem Menn säin Openthalt am Kinnenhaus sech ouni "Accroc" ofgewéckelt. Hie soutz ëmmer op enger waarmer Kummer an huet ee Buch nom anere verschlongen. De Kinne Misch huet him d'Iessen eropbruecht an nuets louch de Menn an engem waarme Bett. Fir de Noutfall war och virgesuergt. Niewent der Kummer konnt een duerch e Lach an der Mauer op dee gewaltegen Heeknapp an der Scheier kommen an an engem Heetunnel verschwannen. De Menn war also prima opgehuewen an hien hätt näischt dergéint gehat, wann en do d'Enn vum Krich hätt kënnen ofwaarden.

Ma et sollt nët sin! Eng schrecklech Nouvelle huet d'Leit aus dem Kinnenhaus an Trauer a Panik versat. Hire Jong a Brudder Piirchen war a Südfrankräich mat enger Parti aner Lëtzebuerger Refraktären a Resistenzler vun der Gestapo verhaft gin a leider goufen déi meescht vun hinnen, ënner anerem och de Piirchen, kuurz vrum Krichsenn vun de Preisen erschoss.

No deër katastrophaler Noriicht konnt de Menn natiirlech nët méi zu Rippwëller am Kinnenhaus bleiwen, dat wir zevill geféierlech gewiescht, well et war unzehuelen, dass d'Gestapo d'Leit vum Piirchen nach ferm an d'Gebiet géif huelen. Sou huet de Monni vun Näerden erëm an Aktioun missen trieden. Deeselwechten Owend nach gouf de Convoi mat deenen dräi Wëlloën nees

organiséiert an an ëmgekéierter Richtung gouf de Menn erëm op Näerden zréckbruecht. An o Wonner, de Monni hat ërem gutt geschafft, well de Convoi huet schon an der Dikkrecher Strooss bei der Bäckerei stallgehalen. De Menn gouf an dat klengt Haus niewendrun eragefouert. Et war d'Wunnéng, déi de Grousselteren vum Menn sénger Freiesch gehéiert huet. Meeschtens stung d'Haus eidel, well de Grousspapp praktesch ëmmer am Bäckeschhaus logéiert war, an d'Groussmamm um Lampertsbierg mat dem Menn sénger Freiesch an deër hirem Brudder gewunnt huet. Dem Menn séng Bezéiung zu sénger Freiesch hat bewiirkt, dass de Monni, wéi e fir säi Schützléng en Ennerdaach gefrot huet, gläich eng Zouso kritt hat. Souvill Chance hun d'Refraktären nët alleguer!" duecht de Menn an huet eng Tréin an engem Awénkel verdréckt.

## D'Gestapo as do

Wéi de Menn och de Monni Lipp no séngem Koséng Fernand gefrot huet, gouf e vum Monni gewuer, dass deen erëm eng Kéier fatzeg Chance gehat hätt. E puer Deg nodeem de Menn aus dem Schmattenhaus fort war, sollt de Fernand een Owend der Bunn no op d'Räicheler Halte goën, wou en en Ennerdaach zougesot kritt hat. Mä well deërmosse schlecht Wieder deen Owend war, as säin Départ aus séngem Hemechtshaus verluegt gin. An dat war séng Chance.

Well deen anere Moiën an aller Herrgottsfréi war d'Gestapo un der Dir vum Räicheler Statiounsgebai an e puer Mann mat Maschinnepistoule stounge ronderëm d'Haus. Wat kee wousst, war, dass zwéin englesch Fligerpiloten op der Halte verstoppt waren.

Virun enger gewëssen Zäit ware se an der Géigend mam Fallschiirm aus hirem ugeschossenen Apparat erausgesprongen a schliisslech op der Räicheler Halte ënnerdaach komm.

Déi zwéin hate sech eng Stopp ënnert engem Kanéngerchersstall amenagéiert, déi se duerch eng Falldir um Buedem vum Ställchen erreeche konnten. Dee gutt am Statiounsgebai astudéierte Plang fir de Noutfall huet wonnerbar funktionéiert. Déi zwéin Englänner sin, soubal et un der viischter Dir gerubbelt huet, aus hirem Bett gesprongen, hun hir siwe Saachen, déi se owes ëmmer schéin zesummegebëndelt hun, matgeholl a séier an hirer Stopp verschwonnen.

Eent vun den zwee Medercher vun der Famill as du gläich aus hirem gemeinsame Bett an de Piloten hiirt gesprongen, well dat waarmt Bett d'Gestapo

op eng Spuer hätt kënne féieren. An deër Zäït as de Familjechef ganz ëmständlech d'Trap ofgelaatscht, huet och nach nom Hausschlëssel gesicht, wobäi e fiirchterlech geflucht huet an huet um Enn deene presséierte Gestaposhenker d'Dir opgespaart. Déi si wéi de Blëtz an d'Haus eragestiirmt, direkt op d'Schlofkummere lass. Mä et war ze spéit fir si. Der Famill hire Plang war opgaangen. D'Preisen hun zwar d'ganz Haus op d'Kopp gehäit, konnten iewer näischt Verdächteges fannen. An esou hu se erëm mat eidelen Hänn missen ofzéien.

Dem Koséng séng Chance war et, dass hien owes virdrun nët, wéi geplangt, op d'Räicheler Halte gaange war, well déi Stopp ënnert dem Kannéngerchersstall hat nëmme jhust Plaz fir zwou Persounen an eng Stopp fir en drëtten "Ennergrondler" war nach nët ageriicht. De Koséng an och d'Famill vun deër klenger Gare ware jhust laanscht eng Katastrof geschliddert.

No dësem eendaitege Warnschoss vun de Preisen, war de Fernand nët méi sou kéng op Räichel ze goën, mä deen aneren Owend koum e bei de Menn an d'Stopp. Déi zwéi Koséngen hate sech erëm fond, fir och de Rescht vum Krich mateneen ze verbréngen.

## Am Geeschterhaus

Déi zwéin "Onzertrennlech" hu sech natiirlech erëm eng Kéier e ganz neie Liewesstil missen ugewinnen, well si jo an engem Haus hu misse liewen, dat am Prinzip nët bewunnt war. Et huet also vu bausse keen dierfen anuecht huelen, dass am Haus Leit géingen hausen.

De Problem vum Hëtzen huet eigentlech nët bestanen, well et jo Fréijoër an am Haus waarm genuch war, besonnesch well den hënneschten Deel vum Bakuewen un d'Kiche vun de Koséngen hirem "Refuge" gestouss huet. D'Deg sin och méi laang gin an esou war et hell genuch am Haus wann och schon d'Rollueden erof waren, besonnesch an der Schlofkummer uewenop. D'Luede waren iewer nëmmen esou wäit erof, dass tëschent de Luedesprëss all Kéier eng Spléck war, duerch déi genuch Liicht era koum. Et huet natiirlech keng Luucht an der Wunneng dierfen ugefaange gin, fir dass kee Liicht no bausse kënnt falen. Ee weidere Virdeel hun déi Splécken an de Rollueden nach gebueden. Et konnt een ausluussen, ouni dass e Mënsch ee vun dobausse konnt gesin.

De Problem vum Kachen a vum Spulle war och ze léisen. Et huet kee Fleesch an der Pan dierfe gebrode gin, well dat d'Gaass voll geroch hätt. Et gouf am Schäffchen vum Gasuewe gekacht. Well der Freiesch hir Mamm deenen zwéi

"Kichekuederen" all puer Deeg e gudde Krou voll Mëllech an d'Bäckerei bruecht huet an de Bopa Misch ën da bäi déi zwéin eragesat huet, huet de Menn ganz dacks Mëllechzopp oder séisse Räis gekacht.

E weidere Problem war d'Waasserleitung. Am Dag huet kee Krun dierfen opgedréit gin, well een dat niewendrun an der Bakstuff héieren hätt. An do war friem Personal beschäftegt, dat näischt vun deene "geheime Noperen" huet dierfe wëssen. Fir iewer ëmmer Waasser am Laf vum Dag ze hun, stoung dagaus, dagan e Krou ënnert dem Krun, deen eng Grimmel opgedréit gouf, dass ën andauernd gedrëpst huet. Mä dat huet een nët an der Waasserleitung héieren dauschen.

Beim Dëschdecken a beim Spullen hun déi zwéin "Hausmänner" apaart gutt missen oppassen. Ee Geschirrstéck nom aneren huet misse geholl gin, well d'Nopeschhaus louch ganz no bäi an dacks soutz deen een oder anere vun der Nopeschfamill op der Haustrap an huet an d'Luucht gekuckt an d'Oure gespëtzt.

Trotz denen haarden Zoustänn, déi bei den zwéi Kosénge geherrscht hun, gouf d'Zäit hinnen nët laang. D'Bäckeschfamill huet ganz Kierf voll Liewensmëtteltickeën aus der Bäckerei an der Epicerie eriwwerbruecht an de Menn soutz dacks stonnelaang do all déi Tickeën op Blieder opzepächen. All Mount goufen déi um Liewensmëttelamt ofgeliwwert, well si als Basis fir d'Berechnung vun de Quantitéite fir déi nächst Liewesmëttelliwwerunge gegollen hun. Wann de Menn domat fäerdeg war, huet en sech un d'Schreiwe gin, well hie wollt séng Krichserliefnësser a séng Bezéiungen zu sénger Frëndin beschreiwen. Domat huet e sech „de Frust" vun der Séil geschriwwen a krouch esou déi vun de Preisen erzwongen Trennung besser verquëesst.

De Koséng soutz meeschtens an engem Eck an huet Spuenesch a Portugiesesch geléiert, well en dervu gedreemt huet nom Krich a Südamerika auszewanderen. Hien huet sech spéiderhin säin Dram erfëllt an as am Ekuador geland, wou hien zu Guajaquil usässeg gouf.

Hei ans do gouf et eng agreabel Ofwiesselung an deenen zwéin "Isoléierten" hirem monotonen Alldag. De Bopa Misch koum hinne vun Zäit zu Zäit bonjour soën an huet hinnen alt eppes Besseres aus der Epicerie matbruecht. Besonnesch gefreet huet de Menn séch, wéi och eng Kéier séng Freiesch si besiche koum. Mä ganz vernünfteg hu se sech veraccordéiert, hiirt Zesummesin bis nom Krich zréckzestellen, well dat anert dach zevill riskéiert war. Jiddereen dobaussen war jo nëmmen drop aus, eppes iwwert d'Refraktäre gewuer ze gin. An dat konnt fir déi "Konzernéiert" déidlech sin.

Enges Daags koum och d'Schmattemamm an den zwéi Koséngen hiirt "Verlies". Si huet gemengt wat se géing maachen, wa se hire Foxterrier géing matbréngen. Si wollt hirem Fissi eng Freed maachen a gesin, wéi den "Tipsy", sou huet de Mupp geheescht, sech géing stellen, wann e säi fréiere Meeschter erëmgeséich. An tatsächlech et war wiirklech schlëmm an de Mupp wollt guer nët méi mat heemgoën. D'Tata huet e mat Force op den Arem missen huelen a mat em fortgoën.

Gläichzäiteg gesouch se och an, dass si ni méi mam Tipsy dierft eropkommen. Dat huet si och nët bräichten! Well deen aneren Dag scho soutz den Tipsy matten an der Strooss virum "Geeschterhaus", huet de Männche gemaach, gesouert an an engem Stéck op d'Fënsteren eropgekuckt. Et huet wéi laang gedauert, bis se am Bäckeschhaus anuecht geholl hun, wat op der Strooss lass wir. Si hun de Foxterrier gefaangen an en an d'Schmattenhaus gedroën. Do huet e missen agespaart gin a bis um Enn vum Krich huet deen aarmen Däiwel nët méi virun d'Dir dierfe goën. E phantastescht Gléck iewer war et fir déi zwéin "Agespaarten", dass keng ongeseenten Aen dem Tipsy séng Virstellung richteg interprétéiert haten.



# 13. Waarden op d'Amerikaner

## Deels gutt, deels schlecht Evenementer

Sou wéi zwou aarmer Séilen op den Himmel, sou hun déi zwéi Koséngen op d'Amerikaner gegammst. A mat hinnen dausende Lëtzebuerger, vun deenen iewer eng ganz Rei den Dag vun der Befreiung nët méi sollten erliewen. Well, wat d'Preisen der méi bei d'Läppe kruten, wat se méi arrogant, onverschimmt, agressiv an onmënschlech goufen.

Dovu konnten déi zwéi "Locatairen" am Geeschterhaus zu Näerde sech selwer iwwerzegen, wéi se ee Moië scho ganz fréi ongewinnte Geräischer an der Schweecherdaller-Strooss héieren hun. Déi zwou "Virwëtztuten" hu sech séier op hire "Beobachtungsposten" op der Schlofkummer gemaach an hun duerch d'Splécken an der Rollued geluusst. A wat der Däiwel war virum Schiltzenhaus lass? Do houlen en etlech preisesch Autoën an e puer Preisen an Uniform sin dorëmmer gebëselt an zackeg Kommandotéin hun duerch d'Gaass geschaalt.

Mat enger onbegräiflecher Wut am Leif hun déi zwéi "Fënsterluusserten" déi deprimant Zeen verfollegt. Si waren Zeien, vun enger fir d'Preise scho routineméisseger Emsidlungsaktioun. Ouni Erbaarmen hu se déi aarm Schiltzefamill aus hirem Haus gedriwwen, hu se opgelueden a si mat deenen "tocksege" Lëtzebuerger verschwonnen.

Am léifste wir de Fernand mat séngem "Klabes" dorower gelaf, fir déi knaschteg Naziën ëmzeleeën. De Menn huet säi Meescht a säi Bescht gedoën, fir säin opbruechte "Leidensgenossen" ze berouegen. "Déi loosse sech duerch näischt ophalen," sot en, "fir d'Grenzregioune vun hirem "groussen 1000jährege Räich" vun onzouverlässege "Volksgenossen" ze säuberen. A wat kanns du dann duergéint maachen? Du méchs nëmmen dech an d'ganz Famill onglécklech an d'Häremënsche maachen dach, wat se wëllen! "Den decidéierte "Verdedeger vun onschëllegen Affer huet sech schliisslech zësse gelooss a mat Widdermut resignéiert.

Mä et sollt nach schlëmmer kommen. An dat op Päischtsonndeg 1944. Deen Dag nämlech koum schon zäitlech dem Menn séng "Schwéiermamm in spe" hell

ewech mam Wëllo an d'Bäckerei an hat e Krou Mëllech gelueden. De Krou Mëllech sollt nëmmen en Alibi sin, fir wa sénger Liewen e Preis se ënnerwee ugehalen a gefrot hätt, bei wie si géing jabelen. Si huet hir Mëllech an der Bäckerei ofgeliwwert an ausser Otem erzielt, dass d'Gestapo am gaang wir "Haussuchung" am Schmattenhaus duerchzezéien. Si stéinge mat Maschinepistoulen ëmt Haus; et wir schrécklech unzekucken.

De Bopa Misch koum dun eenzock eriwwer bei séng "Schützlingen" an huet hinnen opgereegt erzielt, wat ënnen am Duerf lass wir. Soubal de Fernand, deen ongemälleche Revolverheld déi fatal Nouvelle héieren huet, as en wéi vun enger Tarantel gestach an d'Luucht gesprongen, huet säi "Schéissapparat" gepaakt a wollt op der Dot bei säin Hemechtshaus dorower, fir de Gestaposmänner de Garaus ze maachen. De Menn huet bal misse mat Gewalt géint säin Matbewunner virgoën, fir en drun ze hënneren quasi Selbstmord ze begoën. Mat Hëllef vum Bopa Misch as dat him och gelongen. Deen huet him iewer misse verspriechen, fir ze kucken, op déi verdammte Gestapo sech nach nët zréckgezun hätt.

An enger gudder Stonn koum de Bopa Misch erëm. Fir nët opzefalen, war e mat sénger klenger Enkelin duerch d'Duerf geträppelt an elo wousst en alles. Hien huet iwwer d'ganz Gesiicht gestraalt, wéi e sot: "Et as alles an der Rei! Si hu guer näischt Verdächteges am Haus fond an och är Stopp, déi nach ëmmer do as, hu se nët entdéckt. Dat Schlëmmst bei der Saach war nëmmen, dass d'Tata an de Monni vu Bouneweg, déi grad op Besuch waren, am Bett vun de Preisen iwwerrascht gi waren an an hirer Opregung, wéi gelämt, nët ëmstand waren hiirt Gezei unzesträppen.

Déi zwéi "Nolauschterer" hun erliichtert opgeotemt, "Uff" gesot a sech dru gin an hirer "Noutwunnéng" nom rechten ze kucken. Näischt vun hire perséinleche Saachen huet dierfen am Haus dorëmmer leie gelooss gin. Alles gouf an hir Stopp geschleeft, besonnesch d'Gezei, dat se nët um Leif gedroën hun. Hir Stopp war am Fong en däischtere Verbindunsgank tëschent der Bakstuff an der Kichen vun hirer Wunneng an zu zwou Säiten zougebaut, also en Huelraum tëschent zwee. An d'Stopp koumen déi zwéin "Unterweltler" duerch e Lach an der Kichemauer. Dat Lach war ënnert der Kichentrap, dat ee mat engem Briet verdecke konnt, dat u Jharnéiere festgemaach war an zougeklappt konnt gin. Bannen an der Stopp konnt een d'Briet mat engem zolitte Redel zouspären. Fir dass et nët sollt opfalen, war d'Briet ënnert enger Etagère, op deër elauter Kichegeschirr stoung, prima getarnt.

D'Stopp hat am Fong e puer Funktiounen ze erfëllen. Et war niewent dem Raum als Stopp och eng Plaz, déi, well se niewent dem Bakuewe louch, eng regelrecht Sauna war, déi vun den "aktuelle Bewunner" opgesicht gouf, wa se sech erkaalt haten. Doniewent war et och e richtege Bunker, fir de Fall, wou déi zwéin vun der Gestapo iwwerrascht gi wiren. Well am Bunker louchen nach e puer preisesch Karabineren an e puer Wehrmachtsuniformen. Déi Saachen hat de Bäcker an d'Stopp bruecht. Si hun Eislécker Jonge gehéiert, déi desertéiert waren an am Bäckeschhaus hir preisesch Klamotte géint Zivilkleeder getosch haten an du vum Bäcker an séngem Bäckeschgefier verstoppt an d'Eisléck dorober matgeholl gi waren, fir do an enger Stopp ënnerzedauchen.

An den zwee Koséngen hirer Stopp gouf et esouguer eng elektresch Bir, déi ëmmer ënner Stroum war. Wann een aus der Stopp erausgoung, huet een d'Bir e puer Tir no lénks gedréit a scho war et däischter. Gott sei Dank waren all déi "Vorsichtsmaßnahmen" iwwerflësseg, well d'Gestapo dem Fernand an dem Menn nët op de Virzock koumen. Och déi zwee englesch Pilote bloufen op der Räicheler Halte onbehellegt.

Mä de Krich huet sech nach ëmmer an d'Längt gezun, obschon déi alliéiert Arméien de 6. Juni 1944 an deër gréisster Landungsoperatioun vun allen Zäiten an der Normandie d'Preisen iwwerrascht haten.

## E schrecklecht Donnerwieder


Zënter dass d 'Amerikaner bäi Avranches de Preisen hir Verdediegungslinnen iwwerrannt haten, hun zu Lëtzebuerg d'Ereegnësser sech iwwerschloën. Ugangs August huet de Bopa Misch séngen zwéin Uvertrauten aus dem Geeschterhaus erzielt, den ieweschte Chef vun den alliéierten Truppen Den Eisenhower hätt en Opruff un d'Lëtzebuerger Bevölkerung gemaach, elo wir de Moment komm, wou déi alliéiert Fliger iwwer dem Grand-Duché aktiv misste gin. Am meeschte wiren déi Leit a Gefor, déi no laanscht d'Eisebunn, bei Garen, Brécken asw. géife wunnen, well de Preisen hire Noschub misst getraff gin.

Et war e waarme Summerdag, ee vun den typischen Hondsdeg. Déi zwéi Stubenhocker sin an hirem Haische vun Hëtzt bal vergaangen, zemol och nach de Baackuewe fir zousätzlech Hëtzt gesuergt huet. Géint der Owend gouf et esou dompeg, dass et fir déi zwéi Gottverloossener onerdréiglech gouf. Duerfir hu si, éier se an d'Bett goungen, Duerchzoch am Haus gemaach. An der viischter Dir gouf déi vergittert Dirfënster opgezun, fir dass e bësse fresch Loft erakomme

sollt. Och d'Späicherdir uewen am Trapenhaus an d'Späicherfënster goufe grouss opstoë gelooss. An esou as e Loftzoch duerch d'ganz Trapenhaus erop gezun an um Späicher erëm zur Fënster eraus, wat eng agreabel Brise am ganzen Haus bewiirkt huet; och an der Kummer niewent dem Trapenhaus, wou déi zwou "Schlofkape" geronkt hun.

Mattsen an der Nuecht, sin déi zwéin, déi grad vu Bommen- a Granaten-aschléi gedreemt hun, op eemol duerch en onheemlecht Geräisch erwächt. E fatzegt Donnerwieder hat sech um Nuetshimmel zesummegebraut. Et huet geblëtzt, datt et hell wéi am Dag an der Kummer gouf an dat grellt Liicht gespenstech Figuren un d'Mauere gemolt huet. A gläich drop huet et gedonnert a gekraacht, dass ee bal daf gouf; en Zeechen dass d'Wieder ganz no war. Deenen zwéi gouf et onheemlech an trotz der Dompegkeet, wollte se elo d'Fënsteren zoumaache goën.

Grad hate se sech gehuewen, fir aus dem Bett opzestoën, wéi urplötzlech e Liichtmier iwwert se eragebrach as an eng laang dausendfaarweg Feierschlaang d'Trapenhaus ënnen erop gezüngelt koum a wéi e rotéierende Kometeschwäif sech virun den A vun den entgeeschterten Zaungäscht d'Trap op geschwänzelt as, an am Nu um ieweschte Späicher duerch déi oppe Fënster erausprojezéiert gouf. Déi fantastesch Naturerscheinung hat déi zwéi Stëmmercher op hirer Kummer esou faszinéiert, dass se deen immensen Donnerschlag, dee gläichzäiteg mam Opdauche vum Blëtz, zougeschloën hat, bal nët enregistréiert haten.



Sekonnelaang soutzen déi zwéin um Bett wéi Geeschter, woussten nët, ob se nach géinge liewen oder ob se scho mat den Engelcher Kele géife spillen, well dobaussen huet et nach ëmmer geknuppt a gerost, wéi wann dausende Kele matenee géifen dorëmmer fléien. An e staarke Wandstouss huet op eemol d'Ridoën an d'Lambrequinën un der Fënster héich an d'Luucht gerass an de Reen huet, wéi mat Emere geschott, mat voller Wucht géint d'Rolluede geklatscht.

Op eemol koumen déi zwéi verdaddert "Duerchzuchsspezialisten" erëm zou sech, wéi et ënnert dem Bett gerabbelt huet, an déi zwéi Muppe Bello an Tutu zum Virschäi koumen. Déi zwéin "zu Doud Erféiert" hate nët méi un déi verwallte Véierbeener, déi Donner a Blëtz wéi Fixfeier gefaart hun, geduecht, déi de Bopa Misch owes bei si bruecht hat, fir dass si hinnen e bësse Gesellschaft géife leeschten. Déi zwéin Honn hate sech beim éischten Donnere schon ënnert d'Bett verkroch.

Elo endlech hun déi zwéin Hallefdoudeger sech gehuewe, fir d'Fënsteren am Haus zouzemaachen a fir nozekucken, ob et och wiirklech néierens géing brennen. Well dass de Blëtz bal duerch d'ganz Haus spadséiert war, ouni Schued unzeriichten, goung hinnen iwwert den Horizont. Déi zwéi Reskapéiert konnte nëmme staunen. Mä d'Schuddrénge sin hinnen dach de Réck erofgelaf, wa se dru geduecht hun, wat geschitt wir, wa si grad am Trapenhaus gewiescht wiren, wéi déi Feierschlaang um Wee no uewe war.

## D'Amerikaner kommen

Lues a lues huet den Alldag sech erëm breet gemaach am Geeschterhaus, dat séngem Numm zënter deem fiirchterlechen Donnerwieder all Eier gemaach huet. Mä dem Eisenhower séng Warnung un d'Lëtzebuerger huet sech bestätegt. Iwwerall am Land hun amerikanesch Jaboën d'Zich attackéiert an dat besonnesch an de Garen. Virun allem sin d'Lokomotiven vun de Fligeren hire Maschinegewierer duerchlächert gin. Schrecklech Saache sin an deër Zäit geschitt, déi nët derzou bäigedroën hun d'Moral ze hiewen. Sou gouf zu Kolmer-Bierg e Persounenzuch mat Phosphorbommen ugegraff, woubäi eng Schoulkollegin vum Menn sénger Freiesch lieweges Leif verbrannt as.

Den 9. August gouf och d'Rangéiergare vu Lëtzebuerg vun den Amerikaner bombardéiert. Bei deem Bombardement hu leider eng ganz Rei Eisebunner an Zivilisten hiirt Liewe misse loossen. Dem Menn séng Freiesch, déi zu Hollerech, ganz no beim Eisebunnsgelänn an engem Büro geschafft huet, war bei deem

Bombardement nach jhust mam Schreck dervu komm an dat ausgerechent op hirem Gebuurtsdag. D'Belegschaft vum Betrib war beim Fligeralarm an den Heentzepark gelaf. Du sin en etlech Bomme guer nët wäit ewech vun deem an Hecken a Gesträich verkrochent Personal gefall. Wéi no der Entwarnung d'Aarbechter an d'Beamten an hire Betrib zréckkoumen, hu se misse feststellen, dass et och si erwëscht hat. E puer Brandbommen haten den Daach vum Gebai duerchschloën, eng dervun hat sech genee um Büro vum Menn sénger Freiesch entzünd. Mä well d'Personal op esou en Eeschtfall trainéiert war, hate se d'Situatioun erëm geschwënn am Grëff an de Schued konnt a Grenze gehale gin.

Genee ee Mount no deem denkwürdege Bombardement, sin d'Amerikaner zu Näerden agezun an zwar den 9. September 1944, direkt nom Mëttegiessen. D'Liberatioun vu Lëtzebuerg situéiert sech zwar offiziell eréischt op den 10. September mä de Menn a säi Koséng, a mat hinnen nach eng ganz Schwadrull Refraktären an Deserteuren goufen zu Näerde schon en Dag éischter fräi; de Menn am Haus vu séngen zukünftege Schwéierleit an de Koséng an séngem Hemechts-haus, an dat trotz deër rezenter Haussuchung. Déi zwéin "Onzertrennlech" haten e puer Deg virdrun hiirt Geeschterhaus verlooss, well déi alliéiert Fliger andauernd d'Lokomotiven an der Näerdener Gare ugegraff an dobäi den Daach vum Bäckesch-haus bal mat ewechgerappt hun. A well dat klengt Niewenhaus vun der Bäckerei keen Ausgank no hannen hat, koumen déi zwéin Agespaarten sech vir wéi an enger Mausfall an duerfir hu si et virgezun, sech aus hirer Stopp, wou se bal sechs Méint zesumme verbruecht haten, zréckzezéien.

Soubal et den 9. September geheescht huet, d'Amerikaner kommen de "Béckerwee" erof, sin de Menn a séng Freiesch an der éischter Euphorie bis an d'Schmattenhaus gelaf, fir do déi éischt Amerikaner ze begréissen. An tatsächlech gläich drop sin dräi deër amerikanescher Panzerkolossen ugedonnert komm. Et war eng Virausabteilung vun der 5. U.S. Panzerdivisioun, déi an engem onvergläichleche Rush, nodeem se bei Sedan duerchgebrach waren, duerch den "Habecherwald" - wéi d'Leit e genannt hun - laanscht Etalle, Arel, Uewerpallen, Béckerech an Hitten erfort komm, fir en etlech Stolrise vun der Panzer-Lehr-Divisioun ze iwwerrompelen. Mä déi ware nach méi séier an hate sech iwwer Bierg an Dall duerch d'Bascht gemaach, fir sech am Raum Dikkeréch, Ettelbréck erëm opzefänken.



D'Amerikaner soutze wéi Statuën op hire schwéire Gefirer, hu geknätscht, iwwer d'ganz Gesiicht geschmunzt an hir wäiss Zänn gewisen. D'Leit, déi erbäigelaf koumen, hun an d'Hänn geklatscht an déi amerikanesch Boys bestaunt, wéi wann et Götter aus enger anerer Welt wiren. E puer Medercher sin hannert de Panzeren hirgelaf an hun de Befreier zougejubelt. An o Wonner, ee vun de Stolrisen huet stallgehalen an d'Zaldoten hun de Medercher Schockela a Knätschgummi vun hire stolze Festungen op Rieder erofgereecht. Dobäi hu se iwwer d'ganz Gesiicht gelaacht a sech gefreet ewéi Kanner, dass déi Lëtzebuerger Medercher esou begeeschtert waren.


Duerops sin déi dräi Panzer op Rippwëller dorober gerattert an hu sech do hannert der Kiirfechsmauer verschanzt. Ganz sécher ware se vum "Storch", deen ëmmer iwwer hinnen an der Loft hung, forméiert gin, dass zu Réiden nach honnerte vu Preise stationéiert wiren.

An der Tëschenzäit hat en amerikanescht Rout-Kraïz-Auto virum Schmattenhaus stallgehalen an dräi stramm Sanitäter sin de Leit, déi hinne gefléift hun, an d'Wiirtsstuff nogaangen. Elo hun d'Lëtzebuerger sech eréischt richteg befreit gefillt. Vun alle Säite si se erbäikomm fir mat hire "Liberators" ze feieren. Am léifsten hätte se hir amerikanesch Frënn am Béier an am „Schnorri" erdränkt.

Déi dräi Amerikaner hu sech als regelrecht Witzbolden entpuppt, hun d'Hitlerbild, dat nach un der Mauer hung, öffentlech demontéiert an e Spottlidd gesongen:"When the Führer says: Heil, heil, heil!" D'Leit hu vu Begeeschterung Kreesch gedoën a si vu Freed mat den Amerikaner duerch d'Wiirtsstuff gesprongen. Den Trawolt gouf ëmmer schlëmmer an déi friem Boys ware richteg an hirem Element.

Op eemol kënnt de Jules, de Chef vun der Näerdener Miliz eran an huet de Leit geroden, sou séier wéi méiglech heemzegoën an och d'Letzëbuerger Fändelen erëm ewechzehuelen. "Well", sot en, "zu Réide sin nach méi wéi 1000 Preisen, a wa vun deenen en Trupp eriwwer kënnt, da kënnen eis dräi amerikanesch Frënn och nët hëllefen an et gët e fiirchterleche Massacker hei zu Näerden. Dir gesitt jo, datt nach ëmmer keng weider amerikanesch Panzere nokommen! Mir musse verstänneg sin an ofwaarde fir ze feieren, bis d'Preisen all aus der Géigend fortsin!"

En etlech Droppgänger, déi schon e puer Pätt zevill geschluppt haten, wollten nach de Staarke markéieren, mä um Enn huet de gesonde Mënscheverstand sech duerchgesat an déi éischt euphoresch Feierstonn mat deene laang erbäigewënschte Befreier goung ouni Tëschefall zu Enn.



# 14. Zréck an de Beruff

## Liewe mat den Amerikaner

Fir déi laang aus der Gesellschaft verbannte Refraktären an Deserteuren huet et nom Amarsch vun den Amerikaner geheescht, sech erëm sou lues an dat normaalt Liewen ze intégréieren. An den nächsten Deeg hun ëmmer méi Amerikaner sech am Land aquartéiert, hir militäresch Positioune gefestégt an och d'Verwaltung an d'Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Autoritéiten an d'Hand geholl.

De Koséng Fernand, de Menn an och séng Freiesch hu sech an de nächsten Deg alt e puermol am Schmattenhaus nëtzlech gemaach, wann eng Rei Amerikaner sech ugemellt haten, fir do ze feieren an zesummen z'iessen. Een Dag waren och dem Menn séng Kusinn an hire Mann, de René, op Besuch komm. Si zwee waren an der Tëschenzäit an aller Stëllt bestued gin, nodeem se ëm Krëschtdag 1943 feierlech verlobt gi waren, op enger Feier, bei deër déi zwéin "Zaungäscht" um Späicher am Schmattenhaus jo allerhand erlieft haten.

E sëlleche Leit waren elo parat, fir d'Amerikaner ze bedéngen a se gutt ze ënnerhalen. Nom Iessen huet de René Piano gespillt an en etlech Zaldoten hu mat deene jonken Damme gedanzt. Déi aner hu mat de Familjemêmbere fraterniséiert a sech mat hinnen ënnerhalen esougutt et ebe wéinst de Sprochebarrière goung. Et huet sech erausgestallt, dass ënnert den Amerikaner en etlech héich Offizéier waren, déi sech iewer echt bescheide gin hun. Besonnesch een Zaldot, dee keen esou en héige militäresche Rang opzeweisen hat, stoung am Mëttelpunkt vum Interesse. Et war nämlech e weltbekannte Filmschauspiller, kleng vu Statur, mä grouss an der Gonscht vum Publikum, an zwar de Mickey Rooney. Hie war esouguer zu Näerde keen Onbekannten, well bal jiddereen aus der Gesellschaft schon e Film vun him gesin hat an elo houfrég war, mat esou engem berühmten a sympathesche Künstler zesummen ze sin. Virun allem huet dee renomméierten Akteur sech fir de René intresséiert, well en direkt gesouch, dass deen e professionelle Museker misst sin. Duerfir huet ën sech iwwert d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg am allgemengen informéire gelooss an iwwert d'musikalesch Aktivitiéiten am besonneschen.

## Mam Wëllo op Ouljen

D'Gespréich huet sech duerno, op dem Menn séng Initiativ hin, op eemol ëm déi administrativ Problemer am Land gedréit, fir déi d'amerikanesch Militärverwaltung de Moment zoustänneg war. De Menn wollt nämlech an nächster Zäit mam Wëllo op Oulje fueren an hie wousst, dass e fir esou eng Fahrt onbedéngt e "Laissez-passer" vun den amerikaneschen Autoritéite bräicht. Oulje long nach zimmlech no un der Front, well d'Amerikaner hir Offensiv op Musel a Sauer gestoppt haten, well dee néidege Noschub nët zur Zäit nokoum. D'Preise waren also nët wäit ewech an et huet misse mat der Méiglechkeet gerechent gin, dass e preisesche Stousstrupp oder Opklärungstrupp nuets bis wäit an dat amerikanescht besaten Hannerland kënnt virstoussen.

Déi amerikanesch Offizéier hun dem Menn geroden, hie sollt sech fir d'éischt e Personalauswäis vun de Lëtzebuerger Resistenzorganisatiounen an e Brassard mat der Opschrëft "Union" beschafen. Dat war fir de Menn keng ze schwéier Saach, well hie selwer Mêmber vun der L.V.L. an e puer Kollege vun him am Zentralcomité vun der Union waren.

An e puer Deg hat de Menn déi gewënschten Dokumenter vun der Union. Duerop krut hien zu Réiden e Laissez-passer vun den Amerikaner an ausgangs September konnt en séng beschwéierlech Rees untrieden. Op Urode vun den Amerikaner as hien den Haaptstroosse Näerde-Sténgefort, dann der Streck Arel-Lëtzebuerg a schliisslech der Landstrooss Lëtzebuerg-Gréiwemaacher bis op Rued/Syr a vun do aus eriwwer op Oulje gefuer.

Déi Streck, déi hie virum Krich gewéinlech gefuer as iwwer Sëll-Miersch-Luerenzweiler-Buerglënster-Jonglënster-Roudemer-Oulje, krut e vun den Zaldoten ofgeroden, well op deem Trajet vill Bëscher léichen an doranner nach versprengte preisesch Wehrmachtskontigenten dorëmmer geeschtere géifen. An an de leschten Deeg ware wiirklech schon en etlech lëtzebuerger Patrioten a Resistenzler, mam Brassard vun der Union um Arem, op offener Strooss vun dorëmmer striewende Preisen erschoss gin.

De Menn as also, sou wéi en et ugerode kritt hat, iwwer d'Haptstrooss gefuer, wou en op munnech Plazen nach Spure vum Réckzuch vun der Wehrmacht gesouch: ausgebrannte Camioën, futtis Raupeschlepper an zerschosse Panzeren. Wéi en duerch Stroosse gefuer as, as op eemol d'amerikanesch Flak an Aktioun getrueden, well en eenzelne preisesche Fliger um Himmel opgedaucht war, dee sécher wollt auskundschaften, wat d'Amerikaner esou am Land dorëmmer géife schaffen.

An op eemol gouf et e fatzege Klakert, duerno esou en drolegt Gesouers a schliisslech en dompe Knuppert. Hannert den Haiser fir op de Bridel dohinner war dee kénge preisesche Pilot mat séngem Fliger op der Gewan opgeschloën. Séng Rees war um Enn; déi amerikanesch Flak hat him de Garaus gemaach. De Menn as du mam Wëllo séier a Richtung Bridel gerannt, fir deen ofgeschossene Fliger ze gesin. Nach eng ganz Rei Stroossener Leit sin zu Fouss dorober gelaf, well se virwëtzeg waren. Et war schon eng Sensatioun fir si, dass e preisesche Fliger sou no hannert hiren Haiser erofgeschoss gi war.



Wéi de Menn op d'Ongléckplaz koum, huet et nach op verschiddene Plaze gedämpt an de Fliger louch an etlech Stécker zerluegt iwwer d'Gewan verspreet. Mä matten an engem Rommelstéck huet en op eemol déi blogro Uniform vun engem Pilot gesin. An do louch och wiirklech deen ongléckleche Pilot, roueg, wéi wann e géing schlofen an huet keng Oder am Leif méi gerouert. Wéi verwonnert hu séng An an den Himmel gestuurkt, wéi wann e wëllt soën:" A wéi as dat do da gaangen?"

Dem Menn goung et duerch de Kapp, an deen doudege Preis huet him bal leed gedoën. "Deen do huet op jidde Fall séng verdammte Flicht vis-à-vis vu séngem verréckten a gréissewahnsennege Führer erfëllt! A wat huet en elo dervun?" hun d'Leit, déi op eemol rondëm stoungen, sech gefrot a waren dach heemlech frou, dass deen aarmen Däiwel nët mat sénger Mordmaschin an hir Haiser eragejot

war. Du hun déi virwëtzeg Zaungäscht sech verzun, fir engem amerikanesche Sanitäts-Won Plaz ze maachen, deen an der Tëschenzäit an d'Rommelstéck gerannt koum, fir dee feindleche Pilot opzelueden, dee säi jonkt Liewe fir "Führer, Volk a Vaterland" onsënneger Weis geaffert hat.

No dësem dramateschen Tëschefall huet de Menn séng Rees nees fortgesat, koum um Sennéngerbierg glécklech duerch eng amerikanesch Kontroll, a war eng hallef Stonn drop zu Ouljen, wou en onbeschreifleche Duerchernee war.

## Ouljen, an der éischter Verdedigungslinn

Et waren niewent dem amerikanesche Militär an hirem "Fuhrpark" och Honnerte vu Lëtzebuerger an deem sympatesche Syrduerf aquartéiert, ma och honnerte vu Béischte waren a Ställ, Schäpp, Remisen a Scheieren agespaart oder sin an de Pierchen dorëmmer getrëppelt an hu versicht sech ze ernieren.

Wéi de Menn bei d'Heentzenhaus koum, wou e scho bal e ganzt Joër nët méi gewunnt hat, gesouch en, dass och do décke Betrib war. D'Famill vu Lelleg, déi do e Bauerebetrib hat, hat misse vun hirem Haff fortplënneren an duerfir hate se alt eng Parti vun hirem Véi zu Ouljen ënnerbruecht. Oulje war nämlech dat éischt Duerf aus dem Syrdall vun der Musel ënnen erop, dat nët huet missen evakuéiert gin an deem dat Schicksal och bis un dat definitivt Enn vum Krich erspuert blouf.

Dem Menn séng Leit, a besonnesch séng Mamm, ware frou, dass hien endlech erëm doheem konnt sin. Mä d'Freed huet sech a Grenze gehalen, well all Mënsch um eegene Leif gespuert huet, dass de Krich nach laang nët eriwwer wir. Jiddereen huet gewousst, wéi zéi d'Preise wiren an huet gefaart, dass se nach eng Kéier geféierlech kënnte gin, well se jo nëmmen en etlech Kilometer Loftlinn ewech gelauert hun. Vun Zäit zu Zäit hun esouguer déi amerikanesch Besatzer selwer Panik am Duerf verbreet, wa se moiës fréi vun enger Nuecht-Opklärungs-expeditioun vun der Musel erëmkoumen a Blesséierter an och alt en Doudegen mat erëmbruecht hun. Dat huet den Ouljer Leit da bal esou leed gedoën, wéi wann et sech ëm Duerfjonge gehandelt hätt. Si haten nämlech hir Befreier, déi elo schon eng Zäitche bei hinnen an den Haiser gewunnt hun, déif an hir Häerzer geschloss.

Fir d'Amerikaner hätten d'Leit alles gemaach, et ware jo op eng Manéier hir Beschützer an op déi aner Manéier hir Schützlingen, op déi se gutt opgepasst hun. Sou huet d'Hëllefsbereetschaft op zwou Säite bestanen an och gutt funktionnéiert. D'Amerikaner hu gär aus hirer Feldkiche matgin an hun och alt Zigaretten a

Schockela ausgedeelt. Duergéint hun d'Duerfleit hire "Schütz-lingen" Uebst a Geméis aus eegener Recolte, och alt emol e Stéck frëscht Fleesch, wa se grad geschluecht haten, zoukomme gelooss an hun och nët geknausert fir hinnen eng Drëpp ze offréieren, wa se derno geglëscht hun.

Déi grouss Duerfjongen, besonnesch déi vun der Miliz, sin den Amerikaner an Hand gaangen, wa se Schwieregketen haten, fir sech mat de Lëtzebuerger Verhältnissen zurecht ze fannen. An d'Besatzer hun nët gezéckt, fir d'Milizmänner ze ënnerstëtzen, wann et geheescht huet Lëtzebuerger "Verréider" aus dem Verkéier ze zéien, well si hun d'Miliz als eng Organisatioun unerkannt, déi fir d'öffentlech Uerdnung zoustänneg sollt sin. De Menn, deen ugangs Krich den Ustouss fir d'Grënnung vun enger Resistenzorganisatioun zu Oulje gin hat, huet de Milizmänner eng Zäitlang bei hirer delikater Aarbecht gehollef, besonnesch wann et sech drëm gedréit huet Lëtzebuerger Kollaborateuren onschiedlech ze maachen.

Am Land huet dunn och op eemol e grousse Manktëm u Schoulmeeschtere bestanen, well a villen Uertschaften as déi eng oder aner Léierpersoun der Kollaboratioun mat de Preisen ugeklot a verhaft gin, op zu Recht oder Onrecht, sief dohigestallt. Vu Klengbetten aus as dunn och de Menn kontaktéiert gin, sech dohin als Schoulmeeschter ze mellen, well ee Posten nët besat wir. De Menn huet séng Kandidatur dueropshin och gestallt, well en der Meenong war, hie kënnt elo als Schoulmeeschter méi fir d'Land leeschten, wéi zu Ouljen mat der Miliz ze operéieren. Hien huet natiirlech missen eng Bescheinegung virleën, dass hie sech am Krich als integere Lëtzebuerger beholl hätt, well zu Klengbetten bestung eng ganz aktiv Sektioun vun der Resistenz, déi hir Saach ganz eescht geholl huet.

Dem Menn séng Kandidatur a säi patriotesche Leumund si genee ënnert d'Lupp geholl gin. Hie gouf schliisslech als würdeg befond, de Klengbettener Kanner nët nëmme Wësse bäizebréngen, besonnesch dat laang verpönte Franséisch, mä se virun allem, dank sénger patriotescher Haltung, zu gudde Lëtzebuerger erunzezéien, wat deemols ganz héich agestuuft gouf. Vertrieder vun der Bettener Resistenzorganisatioun hu sech et nët huele gelooss fir e markante Lëtzebuerger Fändel op d'Schoultafel ze molen an drënner ze schreiwen: Wëllkomm zu Klengbetten!

Domat hat de Menn gréng Luucht, fir séng Erzéiungsaarbecht an enger wichteger Eisebunneruertschaft unzefänken. An esou war hien erëm mattsen a säi Beruff erageroden, deen hien am Juni 1943 hat missen un dee berühmte Nol hänken.

# 15. Krichsfinale 1944/45

## Eng Mixtur vu Fridden a Krich

Wéi de Menn séng Aarbecht als Schoulmeeschter vu Klengbetten ugefaangen huet, huet hien dat als Opdrag betruecht, de Jonktëm an eng nei, eng bësser Zäit eranzeféieren. Hie wollt de Kanner dat Gefill vun Onsécherheet, Sträit a Krich an d'Mentalitéit vu sech goëloossen an der Respektlosegkeet géintiwwer der Autoritéit, dat hinnen zesoën ageimpft gi war, ewechhuelen an et duerch Striewe no Fridden, Uerdnung a Solidaritéit ze ersetzen. Mä ëmmer erëm huet d'Realitéit hien ageholl an him kloër gewisen, datt d'Zäit vun engem friddlechen Zesummeliewen an Europa nach nët komm wir.

Op Schrëtt an Trëtt gouf de Menn drun erënnert, dass nach ëmmer Krich wir, wann och scho säin Hemechtsland e gewëssene Fridden an eng trügeresch Fräiheet genoss huet. An dacks hat en e ganz gelungent Gefill, wann en un déi Dausenden onglécklech Lëtzebuerger geduecht huet, déi nach an de Klaue vun engem brutale Feind géife "schmachten", sief et als Kanounefudder an der Wehrmacht a Russland an an Däitschland selwer oder a Gefaangenen- oder Flüchtlingslageren wéi zu Tambow, an der Schwäiz, an Nordafrika, an England, Kanada oder den U.S.A. a schliisslech déi aller ongléckleсhst Landsleit an de Prisongen an de K.Z.

An d'Preise soutzen nach ëmmer op de Grenze laanscht Our, Sauer a Musel, sou dass et bal nët méiglech war, dass ee vun den ongléckleche Landsleit duerch dat dicht Ofspärnetz vun hire laangjäregen Henker kënnt schlëppen, fir heemzekommen.

De Menn selwer konnt zwar elo erëm als fräie Mënsch säi Beruff ausüben, wou en dach, wann et de Preise nogéing, a Russland misst sin; fir dem Führer Adolf Hitler ze déngen.

Et war evident, dass d'Nazien hire Kampf nach esou bal nët wëllten opgin, well déi meescht vun hinnen nach fest un den "Endsieg" gegleeft hun. Dat huet hir Führung hinnen agetriichtert a sech drop verstäipt et géif u Geheimwaffe geschafft gin, déi esou schrecklech wiren, dass, wa se eng Kéier zum Asaz kéimen, de Krich an e puer Wochen zu hire Gonschten entscheed wir. An datt hir Behaaptungen hu missen eescht geholl gin, hu si dun och an de nächste Wochen a Méint bewisen.

Bal all Dag hu preisesch Opklärungsfliger sech iwwer dem Land gewisen a sin déif an d'Belsch an a Frankräich erageflun, fir alles auszespionéieren. D'Stad Lëtzebuerg gouf mat enger waïtreechender Kanoun terroriséiert; si war déi Säit der Musel installéiert a prima getarnt. Nët dass hir Geschosser esou grousse Schued ugeriicht hätten, mä si hun d'Leit veronséchert an depriméiert. An et gouf nach ëmmer schlëmmer an déi éischt Geheimwaffen, déi sougenannte Vergeltungswaffen - V1 a V2 - sin um Himmel opgedaucht.

## Eng V1 iwwer Betten

Déi genannte Vergeltungswaffen ware Rakéiten, déi hir Sprengsätz wäit a feindlecht Gebitt sollten droën. D'V1, di keng esou grouss Reechwäit hat, war bestëmmt fir d'Bevölkerung an der Belsch an a Frankräich ze demoraliséieren, iwwerdeems d'V2 haaptsächlech d'Englänner sollt beglécken. Well d'V1 dacks vun hirer Flugbunn ofgewach as, as eng ganz Parti vun hinne schon irgendwou hei am Land néiergaangen.

De Menn war zu Bette vis-à-vis vun der Post an der Schoul am Restaurant Colles a Kascht a Logis. A mat him och e Postbeamten, de Pol, dee mëttes do gies huet, grad ewéi d'Léierin, d'Joffer Vincent. Dacks soutzen déi dräi nom Eessen nach laang beieneen iwwer d'Problemer vun der Zäit ze diskutéieren. Heiandsdo huet och d'Patronne vum Haus sech zu hinne gesellt, wa si hir Aarbecht an der Kichen esou wäit faërdeg hat.

Nun, dee bestëmmten Oktober- oder Novemberdag 1944 huet d'Gespréich sech ëm d'Problematik vun de jonk bestuete Leit gedréit, woubäi d'Patronne vun hiren dräi Gespréichspartner an d'Engt gedriwwen a gelästert gouf, wat bei deër ugereegter Gesellschaft spontan Laachknäll provozéiert huet bis.. jo bis op eemol d'Haus an sénge Grondfesten erziddert as, wéi wann "urplötzlech" en Äardbiewen iwwer Betten eragebrach wir. D'Fënsteren hu gerabbelt, wéi wa se all Moment géingen zersprangen an dobausse war e Gekraachs wéi wann honnert Klibberen a Jarre matenee géife funktionnéieren. An déi lëschteg Gesellschaft, déi elo grad nach laudenhaart gelaacht hat, huet sech instinktiv ënnert den Dësch geduckt. An du gouf et en dompe Knuppert dobaussen an dee ganze Spuk war eriwwer.

Dunn as natiirlech all Mënsch op d'Dir gelaf, fir gewuer ze gin, wat geschitt wir. Do stounge schon en etlech Leit beieneen a woussten e sëllechen z'erzielen: "Et war eng V1! Si as nach jhust laanscht de Kiirchtur komm, iwwer d'Schoul geknattert an as ganz sécher déi Säit der Eisebunn beim Grasser Bësch ageschloën!"



Wéi de Menn dunn iwwer an d'Schoul goung, war kee Kand bäi nach no. All ware se kucken, wou d'V1 niddergaange wir. No enger gudder halwer Stonn koumen déi éischt eragetruddelt an hu begeeschtert erzielt, dass d'V1 tatsächlech no bei der Eisebunnsstreck vun Hoën op Këntzeg en déift Lach an de Buedem gewullt hätt. An houfreg hu se hirem Schoulmeeschter en etlech Splitter gereecht, déi se op der Plaz fond haten. Dovu goufen der e puer an de Schaf mat de Kuriositéite geluegt, fir se als Souvenir un den II. Weltkrich ze versuergen.

De Rescht vum Nomëtteg gouf du natiirlech profitéiert fir iwwer de Krich ze schwätzen an de Schoulmeeschter huet sech gewonnert, wat séng Schüler alles op deem Gebitt géinge wëssen. Doheem hate se verlauschtert, dass d'Preisen nach un enger ganz geféierlecher Bomm géife schaffen an datt et nët ausgeschloss wir, dass d'preisesch Wehrmacht nach eng Kéier erëm kéim, wann d'Amerikaner sech nët geschwë géife begannen d'Naziën aus der "Siegfriedslinn" erauszegeheien a se bis déi Säit de Rhäin ze dreiwen.

Dem Menn as et bei deenen Iwwerleeunge bal elle gin an hien huet léiwer nët iwwer d'Konsequenze nogeduecht, déi en zweete preiseschen Amarsch fir hie kënnten hun.

## E Jonggesellenabschied - a wat duerno koum

Obwuel de Menn néierens hikoum an nët vill Ofwiesselung hat, gouf d'Zäit him dach nët laang, well e bal all Owend an d'Schoul sëtze goung, fir do ze léieren. Hie wousst, dass en den Exame fir de Schoulmeeschterbrevet, deen hien 1941 bei de Preisen ofgeluegt hat, bei de Lëtzebuerger misst nomaachen. Heiandsdo as hien och owes mam Pol, wann d'Wieder et erlaabt huet, laanscht d'Faarwefabrék Gerard a Richtung Grass getrëppelt, fir e bësche frësch Loft ze schnaapen.

Een Owend, géint Neklosdag, huet de Pol säi Compagnon invitéiert, um Jonggesellenabschied vu séngem Frënd Leo, en Eisebunnsbeamten, deelzehuelen. Hie misst, sou wéi dat zu Betten Usus war, de Rabbiner spillen. An hie wir frou wann de Menn him géing hëllefen, an d'Roll vum Massendénger géif iwwerhuelen. Déi interessant Feier war op Freidesowes de 15. Dezember um aacht Auer am Café Godart festgeluegt. Deen Allotria ëm déi folkloristesch Zeremonie vum Ausscheeden aus dem Jonggeselleliewen as och dee bestëmmten Owend reibungslos iwwer d'Bühn gaangen an huet bis déif an d'Nuecht eragedauert.

Wéi endlech déi lëschteg Gesellschaft ausernee goung an aus op d'Strooss an déi stachdäischter Nuecht koum, as et op eemol opgefall, datt um Himmel, an zwar an nördlecher Richtung, laang, hell Liichtsträifen dorëmmer gewandert sin, wéi wa se do no eppes siche géifen. Déi verwonnert Nuetseilen hu gerätselt, wat dat ze bedeiten hätt. A well keen eng akzeptabel Erklärung parat hat, hu se sech um Enn heemgeschlach, fir iewer nach e bësche Schlof ze kréien, éier et erëm an d'Rad géing. Et war Samschdes de 16. Dezember 1944!

Wéi de Menn e puer Stonne méi spéit nach ganz verschlofen d'Trapen erofkoum, huet d'Patronne vum Kaschthaus hie mat der Nouvelle iwwerrascht, d'Preisen hätten am Eislek eng grouss Offensiv gestart an d'Amerikaner op verschiddene Plazen iwwerrompelt an zréckgeschloën. Déi Noriicht huet de Menn bal ëmgerass an e fir zerguttst waakreg gemaach. Da war elo dach agetratt, wat d'Schoulkanner him scho prophezeit haten. Elo waren och déi gespensterhaft Stralen vun der leschter Nuecht um Eislécker Himmel ze verstoën. Domat as de rabiat ugräifende preiseschen Truppen de Wee duerch d'Ardenner Bëscher beliicht gin.

De Menn konnt natiirlech nët bei deër Katastrofemeldung stoë bleiwen. Gläich as en an Aktioun getrueden a goung an d'Schoul, fir mat der Joffer ze bespriechen, wat an deër neier Situatioun ze maache wir. Hie goung och an d'Post, fir ze kucke wéi et dem Pol no deër "laanger Nuecht" goung a fir gewuer ze gin, op et am Eislek näischt Neies géif gin. Déi zwéin hu sech un d'Telefonéiere gin, fir mam Menn sénger Freiesch ze schwätzen. Du goufe se gewuer, dass zu Näerde schon en décken Trawolt op der Strooss wir, well Honnerte vu Gefierer: Heelederween, Teimeren, Karen al Autoën a Camioën, déi mat Holzkuele gedriwwe goufen, aus dem Norde vum Land kéimen. Dausende vu Familjen, mat Fra a Kanner, waren ënnerwee fir virun deene gefaarte SS Henker fortzelafen a sech, wéi se gehofft hun, am Süde vum Land a Sécherheet ze bréngen.

Op déi Nouvelle hin, hun d'Joffer Vincent an de Menn décidéiert, keng Schoul ze halen an d'Schoulsäll ze präparéire fir Evakuéierter ënner Daach ze huelen. Si hu fond, dass dat méi wichteg wir, wéi an enger Katastrofenatmosphäre mordikus Schoul wëllen ze halen. Och déi Bettener Miliz war schon an Aktioun getrueden an hat en Opruff un all hir Mêmbere gemaach sech ze mellen a matzehëllefen. Virun der Barriär gouf e Kontrollpunkt ageriicht, fir dass keng onerwënscht Individuë sech mam "Flüchtléngsstroum", deen esou lues agesat huet, no Süde kënnte verfuussen. All jonk Männer, am wehrpflichtigen Alter, goufen ugehalen an opgefuerdert sech de Milizen an der Emgéigend zur Verfügung ze stellen a mat op Patrull ze goën an dat besonnesch an de kommende Nuechten.

Och de Menn huet sech gemellt a goung déi nächst Nuecht mat e puer Milizmänner op Sträif, jidderee mat engem Karabiner vun engem desertéierte Wehrmachtszaldot um Réck. Wéi se op engem Niewewee un Hoën erukoumen, hu se op eemol verdächteg Geräischer héieren a si hu sech eenzock hannerwands a Schossposition bruecht. Et huet geschéngt, wéi wann op der Géigesäit dat selwecht ënnerholl gi wir. An deër gespannter Situatioun, huet ee vun der Bettener Patrull sech en Häerz geholl a ganz zackeg gefrot; "Wien as do? Hei as déi Bettener Miliz, mellt Iech!" Du héiere si en ënnerdréckt Kicheren, op deër anerer Säit an eng spöttesch Äntwert: "Da sidd alt frou, dass mir keng Preise sin, soss wir et iech e Strapp ze séier gaangen! Hei as déi Hoëner 'Arméi'!" Du gouf natiirlech op zwou Säite gutt gelaacht, mä jiddereen duecht, dass ee nächstens nach besser misst oppassen a sech mat den Nopëschmilize sollt ofschwätzen.

Deen aneren Dag war zu Betten der Däiwel lass! Ee Gefier nom aneren huet sech a Richtung Minettsgéigend virugequält an Honnerte vu Leit hate scho, mat Hëllef vun der Miliz, bei Bettener Familjen ën Ennerdach fond. An op eemol

koumen och déi Näerdener, dem Menn séng Schwéierleit in spe, séng Freiesch an deër hire Brudder ugetöfft mat hirem Virkrichs-Ford, dee schon e puer Joër am Hee verstoppt an elo nees séier fit gemaach gi war. E puer Kanistere Benzin hat der Freiesch hire Papp och nach an engem Eck vu séngem Atelier verstoppt fir deen alen "Tacko" erëm op Touren ze kréiën. Och d'Bäckeschfamill, mat dem Bopa Misch an der Oma hu sech zu Betten afond. D'Joffer Vincent an de Menn hun du d'Saach an d'Hand geholl an an Amen a Jo war "d'Aquartéirungsfro" geléist: D' Bäckeschfamill koum an d'Schoulwunnéng, d'Freiesch bei eng Frëndin am Kolerwee an de Rescht vun der Famill an d'Haus Colles.

D'Verpflegung fir déi zwou Familjen huet d'Oma vu Näerden an d'Hand geholl. D'Bäckeschfamill hat nach eng gutt Reserv aus der Epicerie vu Näerde matbruecht, déi elo grouss Déngschter geleescht huet, grad ewéi d'Hamen an d'Fleesch aus der Haascht vun der Freiesch hire Leit. An zu Betten op der Gewan stoungen an engem grousse Stéck nach Honnerte vu Kabesheeder, déi kee Mënsch beusprocht huet an déi och nach nët ze vill vun der Keelt gelidden haten. Sou huet d'Oma bal all Dag Kabes gekacht. A fir e bëschen Ofwiesselung an de Menü eranzebréngen, huet si d'Zouberedung vum Kabes alt variéiert an all Mënsch war zefridden. Iwwregens war an deenen haarden Zäite keen esou glott, fir grouss gastronomesch Usprëch ze stellen.

## De Krich schléit eréischt richteg zou

Well déi Näerdener hiirt Véi am Stach gelooss haten; e puer Kéi, Hénger a Schwäin, huet dem Menn säi Schwéierpapp in spe drop gedriwwen, fir no zwéin Deeg erëm iwwert d'Kräizerbuch dorower ze fueren, fir nom rechten ze kucken. De Menn huet hie begleet. Op der Kräizerbuch goufe se vun enger Patrull M.P. (Military Police) ugehalen. Déi huet hire "Laissez-passer" kontrolléiert a se du fuere gelooss. Mä si hun déi zwéin "Touriste" gewarnt, dass si op eege Verantwortung an d'Niemandsland géife fueren an dass et nët ausgeschloss wir, dass e preisesche Stousstrupp bis op Näerde kënnt duerchbreechen.

Déi zwéi "Lëtzebuerger Opklärer" hun zwar nët ze vill vu Strategie a militäresche Moossnahme kannt, hun iewer trotzdem aus dem Behuele vun den Amerikaner geschlussfolgert, dass déi décidéiert waren, de Preisen op der Kräizerbuch eng lescht Bastioun entgéintzesetzen, well iwwerall ware se am gaang

Schützegrief erauszegeheien, Stuurmgeschützer a Kanounen opzestellen. Mat gemëschte Gefiller sin déi zwéin mat der aler Ford duerch eng onheemlech wiirkend Landschaft gezuckelt a koume glécklech zu Näerden un. Mä wéi war d'Duerf changéiert! Iwwerall houlen amerikanesch Militärgefierer a bei de meeschten Haiser goungen Zaldoten aus an an. Vun Ziviliste wäit a breet keng Spur.

Dee meeschte Betrib iewer war bei der Schmëtt. D'Ateliersdir stoung weidenhaffen op an d'Amerikaner sin hin- an hirgejot wéi an engem Beienhaischen. Si hun natiirlech mam Schmatt séngem Geschir a sénge Maschinnen hantéiert, fir un hire Camioën, Jeepen, Panzer asw. ze schaffen a se ze flécken. Wéi de Propriétair vun der Schmëtt wollt a säin Haus eragoën, hun zwéin Zaldote sech him an de Wee gestallt an hun en nët a säin eegent Haus eragelooss. De Menn huet säi Meescht a säi Bescht gemaach, fir hinne klor ze machen, dass dat hei dem Schmatt säin Haus wir an dass hien nëmme kéim, fir d'Véi ze fidderen. Hie géif hinnen och am Atelier hëllefen hir Gefierer erëm betribsfäheg ze maachen. Hie géif eppes dervu kennen, well hie vu Beruff Schmatt a Schlässer wir. Dat huet schliisslech den amerikaneschen Offizéier ageliicht, well si all hir Gefierer néideg gebraucht hun, fir sech am Eislek an der Entscheedungsschluecht géint déi dropgängeresch Preisen ze schloën.

Den Haushär krut also um Enn d'Erlaabnes säi Véi ze fidderen an a séngem Atelier nom rechten ze kucken. An deër Zäit goung de Menn an d'Schmattenhaus, fir ze kucke wéi et do ausgeséich. Hien huet säi Courage an zwou Hänn geholl an huet einfach zur Wiirtschaftsdir erageluusst. Do hat hien e komescht Bild viru sech. Well et jo e puer Deg viru Krëschtdag war, huet de Krëschtbeemchen an alle Faarwe geliicht. D'Schmattefamill hat jhust virun hirem Fortlafen, de plakege Beemchen dohigestallt an duerno hun d'Amerikaner - well se hire "Christmas" Beemchen dohigestallt an duerno hun d'Amerikaner - well se hire "Christmas" trotz allem würdeg feire wollten - den Dennebeemche selwer gerëscht. An duerfir hu si dru gehaange wat se am Schmattenhaus alles opdreiwe konnten: Käerze vun alle Faarwen, versëlwert Nëss, Äppel a Biren, e puer Kristallglieser a Karaffe, sëlwer Dëschbestecker an um Enn als Clou - dem Haushär säin Zylinder an dem Edem séng Gei.

Déi puer "Amis", déi an der Wiirtsstuff eng Aart Schreifstuff ageriicht haten, an och déck beschäftegt waren, hun de Menn antriede gelooss, well e säi Brassard um Arem hat an hien esou als Hëllefsmêmber vun der Lëtzebuerger Polizei akzeptéiert gouf. Si hun en esouguer invitéiert en Digestif mat hinnen ze drénken.


Et war eng Lëtzebuerger Mirabell vu virum Krich. An dunn huet et dem Menn gedämmert, firwat déi amerikanesch Frënn esou mëtschgieweg mat hirem Schnorri wiren. Si haten dem Monni séng Stopp fond an déi hien e puer Fässercher Branntewäin leien hat an zwar: Quetschen- Mirabellen- a Birebranntewäin. Dat Geseffs war fir déi amerikanesch Zaldoten, éier se no Norden an d'Gemetzels gefuer sin e groussen Trouscht an dat richtegt Opputschmëttel. De Monni konnt hinne spéiderhin nët emol richteg béis sin.

Em den Owend, nach éier et däischter gouf, hun déi zwéin "Explorateuren" Näerden erëm verlooss a sin op Klengbetten zréckgefuer. Deen Dag drop wollt de Schmatt fir zerguttst op Näerde fuere fir dozebleiwen, bis de Preisen hir gewalteg Ardennenoffensiv zréckgeschloë wir. De Menn as nët méi mat dorower gefuer, well en de Preisen nët iwwer de Bierg getraut huet, dass si nët "à l'improviste" zu Näerde kënnten opdauchen. Hien huet och geduecht, dass e méi néideg zu Bette wir, wou en nach e puer Patrulle mat der Miliz matgemaach huet.

## En Tëschefall mat däitsche Fligeren

Dee nächsten Dag as Klengbetten an Emgéigend ganz onerwaart an eng grouss Opregung geroden. Op eemol sin dräi preisesch Fliger, wahrscheinlech Opklärungsapparaten, an enger gewëssen Héicht iwwer dem Duerf opgedaucht an hun ugefaange Kreesser iwwer den Uertschaften Hoë, Sténgefort, Klengbetten ze dréiën. Dat war ganz ongewinnt, well schon e puer Deg keen däitsche Fliger méi sech am Loftraum iwwer deenen dräi Dierfer veriirt hat.

Dat huet d'Leit mä virun allem d'Amis, déi fir d'Sécherheet vun der Bettener Gare mat de Rangéiergleisen virun der Bettener Millen verantwortlech waren, nervös an onsécher gemaach. Sollten éieren d'Preisen de Culot hun d'Eisebunnslinn Arel-Lëtzebuerg unzegräifen? An aller Vitesse hu se e puer Maschinnegewierer am Schoulhaff, wou se eng Grimmel vun de Beem geschützt waren, montéiert an hun ugefaangen op déi „hartnäckeg Beobachter" do uewen an der Luucht ze bölleren, dass et nëmmen esou gekraacht huet. Op der Schoultrap huet och een zu Betten evakuéierte Refraktär e Maschinnegewier, dat hie sech irgendwou bei de Preisen „organiséiert" hat, géint Himmel geriicht. De Menn as him zur Hand gaangen an huet em gehollef séng Mordwaff an der Riicht ze halen.



An du huet och deenen zwee Lëtzebuerger Spezialisten hir Waff geknattert, dass et e Genoss war. Well all zéngte Kugel eng „Leuchtspurkugel“ war, konnt een däitlech gesin, dass se riicht op ee vun deenen dräi preiseschen Apparaten zougesteiert sin.

Vun deem Geknupps a Geknatters erschreckt, sin d'Leit, déi an dem Schoulgebai evakuéiert waren, sou séier se konnten, an de Keller gerannt. Déi preisesch Piloten, déi vun deem staarken Ofwierfeier vun ënnen erop iwwerrascht waren, hun op eemol ofgedréit an hu sech aus dem Stëbs gemaach, ouni dass se eng Bomm gehäit oder mat Maschinnegewierfeier geäntwert hätten.

An domat wir déi delikat Saach erëm zu engem gudden Enn komm, wann nët der Oma hir zwéin Hënn Bello an Tutu an deër grousser Opregung fortgelaf wiren an d'ganz Bäckeschfamill stonnelaang no hiren „aarme Muppen“ hätt misse sichen, bis e se se erëmfond hat.

## Am Viséier vun enger amerikanescher Maschinnepistoul

Den 20. Dezember 1944 huet sech an der Krichsstrategie vun den Amerikaner e grousse Revirement vollzun, ouni dass d'Lëtzebuerger direkt eppes dervu gemierkt haten. Si hun nämlech op e Wonner gewaart, fir dass déi preisesch Ardennenoffensiv gestopt géif. Deen Owend - de Menn huet nët mat op Patrull bräichten ze goën - as hien an d'Kolerstrooss dorobber gaangen, fir an der Famill, an deër séng Freiesch evakuéiert war, e bëschen ze uuchten. Well owes an der Däischtert en „Ausgehverbot" bestung, huet de Menn säi Brassard vun der Union ugedoën an och säi „Laissez-passer" vun den Amerikaner, an d'Täsch gestach. Et konnt ee jo nët wëssen!

Dem Menn séng Uucht huet méi laang gedauert, wéi hie geplangt hat an et war zimlech spéit an der Nuecht, wéi hie sech op de Wee gemaach huet fir säi „Pied-à-terre" am Restaurant Colles ze erreechen. Op der Strooss war et däischter wéi an engem Stollen-Kierfecht. Dem Menn war et nët geheier, wéi e séng eege Schrëtt an der Gaass héieren huet schalen a soss glat kee Geräisch sech bemierkbar gemaach huet. An der Zäit, déi de Menn an der Kolerstrooss verbruecht hat, war allerhand am Duerf geschitt, wat iewer keen an deër waarmer Stuff anuecht geholl hat.

Eng amerikanech Vorhut vum Generol Patton sénger drëtter Arméi, déi esou séier wéi méiglech aus dem Saargebitt an d'Géigend vu Baschtenéch verluegt sollt gin, war an den Owesstonnen zu Klengbetten vun der Barriär un laanscht d'Eisebunn installéiert. Wéi de Menn op séngem Heemwee esou 20-30 m vun der Barriär ewech war, héiert en op eemol en drolegt Klicken, wéi wann een e Gewier géing entsécheren a bal gläichzäiteg koum dee stramme Kommando: „Hands up!"

Dem Menn blouf vu Schreck bal d'Häerz stoën an trotzdem huet en automatesch d'Äärm an d'Luucht gestreckt a ganz spontan, wéi d'Kugel aus der Flënt, koum séng Riposte: „Luxembourg Police!" Dunn dem „Ami" séng Äntwert ganz barsch: „Come on!"

Deen Ugerieten, d'Äärm iwwerem Kapp, koum bedächteg, ouni eng onbeduechte Bewegung ze maachen, riicht op de Laf vum Ami sénger Mischinnepistoul duer.

„Where do you go?" huet den Zaldot - an du gesouch de Menn, dass et e Schwaarze wir - nogehakt. De Menn huet festgestallt, dass deem schwaarze Kriger och de Wappes géing a bei deër éischter oniwwerluechter Bewegung vu séngem Vis-à-vis séng Maschinnepistoul géif duerchdrécken.



Mä de Menn hat elo d'Situatioun erëm sécher am Grëff a ganz „calme" huet hien dem Amerikaner a séngem beschten Englesch erklärt, hie kéim grad vun enger Patrull erëm a géing jhust bis an de Bistro déi Säit der Barriär, wou hie géing wunnen.

An endlech koum dat erléisend "Okay" an erliichtert huet de Menn sech a säi Kaschthaus verzun. „Dat do war knapp!" huet e geduecht, „dat wëllt ech nët all Dag matmaachen!"

Glécklecherweis war dat fir de Menn déi lescht quokleg Situatioun an deem fiirchterlechen II. Weltkrich, deen esou vill Misär ervirbruecht hat. Wéi de Krich endlech den 8. Mee 1945 zu Enn goung, hun déi meescht Lëtzebuerger bal keng Notiz méi dervu geholl. Jhust déi Onglécklech, déi nach a frieme Länner zréckgehale goufen, hu sech bal zu Dout verlaangert no hirer Hemecht, déi nach aus dausende Wonne geblutt huet.

An all déi Landsleit, déi di grouss Chance haten, d'Krichsenn mat gesonde Glidder an hirem Hemechtsland z'erliewen, hun d'Hiemsäärm eropgekrempelt a mat ugepaakt fir erëm opzebauen, wat „Grössenwahn" an Onverstand zerstéiert haten.

# 16. E neit Liewe geet un: Houchzäitsvirberedungen

## D'Nokrichszäit

Trotz deene ville béisen Iwwerraschungen a quokelege Situatiounen, déi de Menn am II. Weltkrich erlieft hat, konnt hie sech um Enn dach nët bekloën, wann e säi Lous mat deem vu ville Komerode, Bekannten a Gläichalterege verglach huet. Him waren déi schro Kujenade vum Krichsdéngscht - wann ee vum Arbeitsdienst ofgesäit - erspuert bliwwen. Hien hat d'Häll vun der russescher Front, wéi z.B. Stalingrad, nët erlieft, och d'Schmot an den Affront vun der Krichsgefaangenschaft huet hie nët kannt; a wat ganz wichteg war, keng vun deene Plazen, déi him en Ennerdaach gebueden hun, waren duerch Krichsawierkung zerstéiert gin: weder zu Ouljen, nach zu Näerden an och nët zu Klengbetten. Hien hat am Krich vill gutt Leit ugetraff, déi him gehollef haten, z'iwwerliewen. Zousätzlech hat hien nach déi grouss Chance d'Bekanntschaft vun engem Meedchen ze maachen, dat him virun allem eng éischtklasseg moralesch Stäip an den Entschedungsphase vum Krich bedeit huet.

No all deër Angscht, deër Onsécherheet, deër Onrou, déi di vergaange Joëren dem Menn an och sénger Freiesch bruecht haten, hun déi zwee derno verlaangert e neit Liewen an engem neie Milieu unzefänken. Duerfir hu si beschloss, sech ze bestueden, wann och scho glat keng vun deene materielle Viraussetzunge bestanen huet, déi normalerweis erfëllt musse sin, wann een e Stot wëllt ufänken. Mä hir Léift, déi sech duerch déi gemeinsam erliefte Geforen an Entbierunge vum Krich, gewalteg gesteigert hat an hiirt géigesäitegt Vertrauen, dat sech an deene battere Joëre bewährt hat, hun all déi materiell a finanziell Suergen an den Hannergrond gedréckt. Si zwee hun nët gezéckt, fir all déi Nodeeler mat an de Kaf ze huelen, fir endlech dat laangt erdreemten Zesummesin ze realiséieren, wann s'och woussten, dass nach vill Schwiregketen op se duerkéimen.

## Neie Miwwel

Do war fir d'alleréischt déi kleng Pai, déi de Menn als Schoulmeeschter krut. Doomat konnt e sech wiirklech nët vill leeschten, well bal näischt méi iwwreg blouf, wann e säi Kascht bezuelt hat. Déi Bettener Studenten, déi owes eng gutt

Stonn bei den Amerikaner gespullt hun, konnten um Enn vum Mount duebel esou vill asäckelen, wéi de Schoulmeeschter als Pai zougestane krut.

De Staat hat nun emol nët Geld genuch fir d'Rekonstruktioun an de sinistréierte Géigende vum Land ze finanzéieren a fir d'Aarbechter an d'Handwierker ze bezuelen déi am Opbau vun den zerstéierte Géigende vum Land geschafft hun. Duerfir konnten d'Staatsdénger nët déck bezuelt gin. Si sin op besser Zäiten an op eng schéi Pensioun am Alter vertréischt gin. Deen éischte Bezugsschäin, deen hien no e puer vergieflechen Demanden um zouständegen Amt zu Sténgefort genehmegt krut, fir sech e neie Kostüm unzeschafen, huet séng Mamm misse bezuelen, soss hätt hie nach weider missen drop verzichten. An e neie Kostüm war wiirklech nët vu Muttwëll, well de "gros lot" vun de Schoulkanner vill besser a vill méi schick gekleed ware wéi hire Schoulmeeschter, deen de ganze Krich nët een neit Kleedungsstéck kritt hat. Mä trotz sénger Genügsamkeet huet de Menn deen Zoustand als diskriminéirend empfond, an hien huet sech vis-à-vis vu sénge Schüler nët wuel a sénger Haut gefillt.

De Menn war also schlecht gestiwwelt, fir sech déi noutwendeg Ariichtung an dat elementarst Haushaltsgeschir unzeschafen, fir e Stot auszestafféieren. Ee Gléck, der Freiesch hir Groussmamm huet vill Versteesdemech fir déi jonk Koppel opbruecht, an huet gehollef, wou et goung.

De Miwwel, eng Kichen an eng Kummerarrichtung, e Büro an e Bürostull goufen an enger bekannter Schräinerei bestallt, mat deër der Freiesch hir Leit scho virum Krich joërelaang geschäftlech Relatiounen haten.

Déi Commande war scho virum offiziellen Enn vum Krich, also virum Mee 1945 gemaach gin. Well de Schräiner nach Holz vu virum Krich op Lager leien hat, war et méiglech e Präis fir dat d'Ganzt auszehandelen. Deen éischte groussen Hoke bei der Saach huet sech iewer du gewisen, wéi de Miwwel fäerdeg war, mä néierens Raum genuch bestoung, fir en ënner Daach ze huelen. Deen zoukënftege "Chef de famille" hat jo nach keng fest Plaz fir dat nächst Schouljoër 1945/46 a mithin och keng Wunnéng.

Hie wier jo wuel zu Klengbette bliwwen, an d'Gemengepäpp wiren och domat d'accord gewiescht, mä well dat Joër d'Ernennungen aus politesche Grënn vum Unterrichtsminister virgeholl goufen, haten d'Gemenge keen Afloss op d'Wiel vun hirem Léierpersonal. Si kruten dat vun der Regierung dohigesat. De Menn hat Pech, well e Kolleg, dee scho bestuet war, hat sech och op Bette gemellt, well do eng geraimeg Wunneng zur Verfügung stoung. Dee Kolleg gouf dem Menn virgezun, wéinst sénge patrioteschen Verdéngschter am Krich. Duerfir woussten

de Menn a séng Freiesch nët, wouhi mat dem Miwwel, an de Miwwelhändler huet déi ganz Ariichtung nach bei sech misse versuergen, wann en och schon déi beluegte Plazen néideg gebraucht hätt, fir neie Miwwel do ofzestellen.

D'Konsequenz vun deem Opschuppe war, dass de Miwwelhändler bei der Liwwerung e puermol méi gerechent huet, wéi dat wat mat him ofgemaach gi war, well dee Moment d'Präisser am Land op alle Gebitter gewalteg geklomme waren an domat d'Virkrichspräisser wäit hannen un sech gelooss hun. Well iewer kee schrëftlechen Arrangement fir dee bestallte Miwwel virlouch, konnt nët vill ënnerholl gin. Déi jonk Koppel hätt natiirlech direkt op de Miwwel misse verzichten, well si déi gesalzte Rechnung "nie an nimmer" hätt kënne bezuelen. D'Schoulmeeschteschpai vun deene nächste fënnef bis sechs Joër wir dropgaangen, esouguer wann déi jonk Leit an deër Zäit praktesch vun der Loft gelieft hätten. Mä d'Eltere sin dës Kéier agesprongen an no laangwierege Verhandlunge gouf e Kompromëss mam Schräiner fond, an de Miwwel gouf geliwwert, soubal de Menn eng Plaz hat, an dee jonke Stot eng Wunnéng ze loune krut, an dat iewer eréischt e puer Méint no hirer Hochzäit.

An der Euphorie iwwer déi frësch geschenkte Fräiheet, huet jiddereen an der Famill drop gehalen, dat Fest vun der Hochzäit am grousse Kader ze feieren. All Verwandte, Bekannten a Frënn goufen invitéiert, fir un deem éischte, grousse Familjentreffen nom Krich deelzehuelen, dat op den 21. August 1945 fixéiert gouf. Dat war och alles schéin a gutt, mä keen huet esou richteg iwwerluegt, datt d'Präparative fir esou eng Feier nach bal onmënschlech Ustrengunge géife verlaangen. Mä d'Leit waren deemols gewinnt, sech ze ploën a keen huet sech beschwéiert eng Hand mat unzepaken, esouguer déi friem Leit nët.

## D'Brautréng

Eng ganz wichteg Saach, déi nach ze regele blouf, war fir déi jonk Koppel, sech déi äusserlech Zeechen vun hirem zoukünftege Bond fir d'Liewen ze verschafen, nämlech d'Réng. Duerfir haten déi jonk Leit sech schon an der Stad, esouwuel no Verlobungs- wéi och no Brautréng ëmsin. Mä iwwerall sin se op e Stack gerannt; si hätten emol keng fir Wucherpräisser ze kafe kritt. Si hu missen dem Bijoutier d'Matière première zur Verfügung stellen, d.h. Gold oder Platin; de Bijoutier hätt dann nach jhust de Maacherloun gefrot. Well déi presséiert "Réngamateuren" ënner Zäitdrock stoungen, si se eng Expeditioun op Arel ugaangen, well se gehofft hun, do besser ewechzekommen. Ufanks der grousser

Vakanz 1945 hu se déi Entreprise gestart a Begledung vun der Freiesch hirer Mamm. An déi Zäit war d'Rees op Arel nach bal eppes wéi en Abenteuer. Moiës mat Zäit hu se den Zuch geholl a si bis op Äische gefuer, wou se hir Rees hu missen zu Fouss fortsetzen. De Menn hat du nach keng blass Anong, dass hie geschwënn an dat grousst Duerf als Schoulmeeschter ernannt géif gin.

Hire Fousstur huet si iwwer d'Äischbréck, e géie Bierg aus, no laanscht d'Duerfkiirch, duerch e Bësch op en Héichplateau erop gefouert, wou eng frënd-lech Kappell stoung, déi sougenannte Renterter Kapell déi schon déi Säit der Grenz op belschem Gebitt stung, iewer der Äischener Par gehéiert huet, déi also zesoën eng kleng exterritorial Lëtzebuerger Proprietéit am Nopëschland gebild huet.

Et war eng Géigend, déi der Freiesch hir Mamm nach gutt aus dem éischte Weltkrich kannt huet, well se deemols als jonkt Meedchen en etlech Mol mat anere Jugendleche mat de Wëlloën vu Näerden aus iwwer Rentert bis op Waltzing gefuer war, fir do en "ergiebegen Tauschhandel" ze bedreiwen. Déi dräi Wandervigel hun e kuurze Besuch an der Kapell gemaach, hun e bësche gerascht a sin dunn an engem neien Ulaf laanscht Waltzing d'Areler Knippchen dorobber geträppelt.



Zu Arel hu se an der Groussgaass eng bekannte Bijouterie opgesicht an hun hiirt Uleies virbruecht. Mä och do krute se déi selwecht Konditioune gestallt wéi zu Lëtzebuerg, de Maacherloun iewer huet geschéngt e bësche méi bëlleg ze sin. Duerfir hu si sech décidéiert hir Commande zu Arel opzegin an zwar: e Verlobungsrank fir d'Braut aus Platin an eng Chevalière fir de Bräitchemann aus Gold an dann nach déi zwéi Brautréng.

De Bijoutier huet hinnen déi schéinst Stécker präsentéiert, déi en op Stock hat, sou dass déi ugeënd Brautleit sech geschwënn décidéiert haten. Duerophin huet de Geschäftsmann déi véier Réng, déi erausgesicht gi waren, ofgewien, woubäi d'Gewiicht vum Platinsrank huet missen duebel a Gold verrechent gin. Du konnt e sénge Cliente soën, wéivill Gramm Gold se déi nächste Kéier misste matbréngen, fir hir Réng ze kréien. Hien huet versprach, dass en d'Réng an enger Woch fäerdeg hätt, hien huet se jo nach missen de Moosse vu sénge Clienten hire Fanger upassen an déi bestallten Initialen an d'Chevalière agrawéieren.

Doheem huet du jidderee fläisseg no ale Goldréng vun de Virfuere gesicht an eng Parti Goldstécker aus uraler Zäit goufen entdeckt a genee ofgewien, fir dass et beim nächste Besuch zu Arel keng Iwwerraschunge géif gin. Déi Woch drop gouf dun déi zweet Expeditioun bei de Bijoutier ënnerholl. Dee gouf eenzock mat sénger Lëtzebuerger Clientèle eens, well dat matbruechte Gold nët ze knapps ofgewië war, an déi véier Réng hun de Propriétiare gewiesselt an hun zwee jonker Leit, déi sech bestuede wollte, frou gemaach.

## Gezei fir d'Houchzäit

Et blouf fir déi ugeënd Brautleit iewer nach déi grouss Fro ze beäntwerten: "Wou huele mer dat passend Gezei hir, dat jo op enger feierlecher Hochzäit onbedéngt muss sin?" D'Braut war bei deër Fro am Virdeel, well hir Tata jhust virum Krich - am Joër 1939 - bestuet gi war. Deër hiirt Brautkleed, mat allem "Drum und Dran", houng nach am Bäckeschhaus, a war no alle Regele vun der Konscht, am Kleederschaf verpakt an huet nach ëmmer ausgesin, wéi nei aus dem Buttéck. A well d'Tata ongeféier déi selwecht Statur hat, huet um Kleed nët emol ee Stach brauche geännert ze gin. Et soutz wéi ugegoss. Natiirlech war d'Tata och eenzock d'accord, fir et ewechzeléinen an esou war dem Menn séng Freiesch prima fir dee groussen Dag ausstafféiert.

Ma de Bräitchemann! Wat sollt dee bei deër feierlecher Geleënheet undoën? Et war nët drun ze denken, e Bezugsschäin fir e Brautkostüm ze ergatteren; dat wir jo iwwerdriwwene Luxus a Verschwendung gewiescht. Ee Gléck, dem Menn séng Mamm wousst Rot. Si huet bei engem kënnege Schneidermeeschter nogefrot, op hien nët zoufälleg nach gutt erhalen Okkasiounskostümer an der Reserv hätt, fir engem geplote Bräitchemann aus der Patsch ze hëllefen. An o Wonner, hien hat eppes Brauchbares bei Hand. Hien hat nach en tipp-toppen "Gehst du hinter mich" vun engem besseren Här, deen am Krich gestuerwe war. Esou guer eng stramm Dunn huet zur Montur gehéiert. An déi ganz Wot huet dem Menn, bis op e puer kleng Retusche, gepasst, wéi d'Fauscht op d'An. Zum Schluss gouf dat Ganzt nach am FF gebotzt a prima gestreckt a scho war de Bräitchemann erausgefiizt wéi aus enger Liedchen.

Fir deen zweeten Houchzäitsdag huet den "Heiratskandidat" iewer nach en anere Kostüm misse kréien; hie konnt jo nët déi ganzen Zäit a sénger houbeschter Wot dorëmmer lafen. Iewer fir déi Noss ze knacke war nët liicht. De Schneidermeeschter iewer wousst och e hei e gudde Rot. Hien hat op sénge Stellajhen nach e Rullo brong karéierte Stoff vu virum Krich leien. Hie war es d'accord mat deem wertvolle Stoff dem Menn e Kostüm ze bauen, wann... jo, wann en averstane wir, dee gefrote Präis ze bezuelen. Obwuel de Schneider e Wucherpräis verlaangt huet, blouf dem Menn soss näischt iwwreg, wéi déi batter Pëll ze schlécken. An domat gouf in extremis dem Bräitchemann säi Kleederproblem geléist. Mä ee Problem blouf nach, an zwar d'Affär vum Bezuelen. Déi zwéi Kostümer nämlech hun esouvill kascht, wéi de Menn an engem halwe Joër verdéngt huet. Him goungen d'Dronkenelle bal aus. Nëmmen hien duecht: "Wien A seet, muss och B soën!" Hien hat Gott sei Dank e Spuerbuch, op dat e schon als Bouf all Frang gesat hat, déi en esou hot an har kritt hat. Desweideren hun och séng zoukënfteg Schwéierleit a séng Mamm him an der Nout gehollef, an esou huet e säi Spuerbuch nët bräichte ganz auszeraiberen.

## Den Hochzäitsmenu

An trotz allem blouf iewer nach déi berechtegt Suerg, fir de geluedene Gäscht en akzeptable Festmenü kënnen z'offréiere mat deem néidege Gedrénks derbäi. Fir d'Beschafe vun de Liewensmëttel bestounge keng gréisser Diffikultéite, well der Freiesch hir Elteren ze soën "Selbstversorger" waren an all Joër e puer Schwäi geschluecht hun. An hannert dem Haus as e ganzen Trapp vun Hénger, Hunnen, Inten a Schnuddelhénger gelaf, déi scheinbar nëmmen drop gewaart hun, fir bei feierlechen Uläss am Dëppen ze verschwannen. Doniewent waren an der Famill och nach e Metzler, e Charcutier, e Bäcker an Epicier, sou dass ëmmer eng Combine d.h. en Tauschhandel méiglech war. Mä d'Besuerge vum Wäin blouf schliisslech déi gréisste Suerg. Ee Gléck, de Menn hat déi eemoleg Chance e gudde Frënd op der Musel ze kennen. Deen hat him zwou Këschten éischtklassege Wéngche garantéiert. D'Gedrénks huet iewer missen zu Schwéizbéng ewechgeholl gin, well den Transportproblem déi Zäit nach bal onléisbar war.

Den Zoufall huet et erëm eng Kéier gutt mat den "Heiratskandidate" geméngt, well jhust an deenen Deg e bekannten Holzhändler aus der Géigend mat séngem Camion an d'Schmëtt koum, fir eppes um Gefier schweessen ze loossen. De Patron huet erzielt, dass en deen aneren Dag op d'Musel misst fueren, fir do Beem aus engem Besch ze schlefen an an engems eng Fouer Bamstämm mat a séng Seëri ze bréngen. Op déi Geleënheet as de Menn gesprongen, wéi der Däiwel op eng aarme Séil.

A well den Holzhändler gutt geschäftlech Relatioune mam "Näerdener Schmatt" hat, war e gläich averstanen, säin zoukënftgen Edem mat op d'Musel ze huelen, fir vu Schwéizbéng déi Këschte Wäi matzebréngen. Fir d'éischt huet de Menn iewer misse mat dem Holzhändler séngen Aarbechter an de Besch goën, wou en e gudden halwen Dag gehollef huet schaffen. Em den Owend sin se du bei deem verständnisvolle Wënzer passéiert, fir dat begierte Gedrénks opzelueden. An tatsächlech déi ëmständlech Operatioun huet geklappt an dee geplotene Bräitchemann war stolz wéi Oskar, wéi en owes - spéit zwar - mä ëmmerhin zu Näerde mat deem rare Gedrénks "geland" as.

Et huet em och guer näischt ausgemaach, datt d'Nopere sech d'A bal aus dem Kapp gekuckt hun, wéi dat freeschlech , laangt Gefier mat deene risige Stämm virun der Schmëtt hale blouf an d'Aarbechter jhust zwou aarmeséileg Këschten an d'Haus eragedroën hun.

# 18. E Bestiednës no alem Brauch

## Brautexamen an "Aufgebot"

Den Dag vun der Houchzäit koum ganz séier méi no. Et huet missen dru geduecht gin, déi erfuerdert Pabeieren ze beschafen an déi virgeschriwwe Formalitéiten z'erfëllen. Duerfir as de Menn op Esch gefuer, fir e Gebuurtsschäin ze kréien a beim Paschtouer vun der Par St. Joseph en Dafschäin. De Gebuurtsschäin huet en dunn op Biekerech op d'Gemeng gedroën, wou sénger Freiesch hir Pabeiere schon deponéiert gi waren.

An du konnt d'Opgebott (Aufgebot) gemaach gin, d.h. déi zwee "Heiratskandidate" goufen am Reider zu Näerden bei der Kiirch opgehaangen, wéi d'Leit sech ironesch ausgedréckt hun. Et war also déi offiziell Ukënnegung vun der ziviler Houchzäit.

Den Dafschäin gouf vum Bräitchemann bei de Paschtouer op Nidderpalle bruecht. Bei deër Geleënheet hun déi zwéin den Datum fir de Brautexame festgesat. Well eréischt no deër "Epreuve", dee Sonndeg drop, déi éischt Munnéng an der Kiirch zu Nidderpalle konnt goën. Normalerweis sin d'Munnéngen dräi Sonndeger noënee gaangen, nëmme wann et "presséiert" huet, sin se allen dräi matenee verkënnegt gin. D'Munnénge war also d'Matdeelung vun der geplangter kiirchlecher Houchzäitszeremonie. De Paschtouer huet déi Matdeelung vum Priedegtstull erof un séng Parkanner geriicht, fir dass jiddereen, deen e valable Grond hätt, Zäit genug kréich, fir Asproch géint dat annoncéiert Bestiednës ze erhiewen.

Dee festgeluegten Dag fir de Brautexame sin de Menn a séng Freiesch géint der Owend Arem an Arem vun Näerden op Nidderpalle geträppelt, well do den Haaptsëtz vun der Par war. De Paschtouer, den Här Uselding, huet déi zwee Examenskandidate ganz frëndlech empfaangen a si gebiede Plaz ze huelen. De Wäi stoung scho parat, an nodeem déi dräi zesumme geprosst haten, huet den Här gemittlech mat séngen Examenskandidaten iwwer allerhand Problemer aus dem Liewe gepotert.

D'Gespréich gouf ëmmer méi lieweg, mä d'Froën aus dem Katjëssem, déi di zwee geléiert an och erwaart haten, koumen nach ëmmer nët op d'Tapéit. Op eemol sot den Här esou niewebäi an huet sech un d'Braut geriicht: "Ech weess, dass du ëmmer e verstännegt Meedche wars; duerfir sin ech iwwerzeegt, dass du

eng dichteg Hausfra an déngem Mann eng gutt Fra wärs sin! Dir wësst jo allen zwee, dass iech no der Houchzäit erlaabt as, wat virdru verbuede war!"

An domat war de Brautexamen endgülteg eriwwer. Den Här Uselding huet hinnen d'Hand gedréckt an all Guddes fir d'Zoukonft gewënscht a schons ware si dobaussen.

Déi zwee opgereegten "Examenskanner" hu sech verduuzt bekuckt an hu misse schmunzen, well si esou gelënd ewechkomm waren. A gudder Stëmmung sin dunn déi zwee op Näerden zougaangen. Mä do war der Däiwel lass. Et huet geknuppt a gekraacht an allen Ecken an Ennen. Déi Duerfjugendlech waren an Aktioun. Si wollte mat hirer Schoulfrëndin, wéi dat esou Usus war, nach eng Kéier ausgeloosse feieren.

Wéi se genuch Kaméidi a Spektakel virum Haus gemaach haten, goufe se invitéiert, fir an d'Haus eranzekommen, wou se nach e puer gemittlech Stonnen, mat Gesank a Musek a Gesellschaft vun deem jonke Brautpuer verbruecht hu bei engem kille Pättchen a bei Ham a Kuch. Eier se heemgoungen, hu se de Brautleit nach déi bescht Gléckwënsch mat op de Wee gin a mat engem Säitebléck op de Bräitchemann sote se: "Elo hate mer iewer nët geduecht, dass e Friemen äis op de Virzock kéim!"

## Den Houchzäitsdag

An elo huet d'ganz Famill deem schéinen Dag entgéint geféiwert, well et sollt jo dat éischt grousst Familjentreffen no deene battere Krichsjoère sin. An tatsächlech, et gouf eng aussergewéinlech Feier, déi sech nach no de Kritären aus aler Zäit ofgewéckelt huet.

Moiës goung et scho mat Zäit lass. Virum Brauthaus goufen d'Inviteë koppelweis opgeruff, d'Virbraut an de Virbräitchemann un der Spëtzt. Et waren dem Menn séng jéngst Stéifschwëster a sénger Freiesch hire Brudder. Hannendrun huet e laange Cortège sech gebild. Als zweetlescht Koppel koumen de Menn a séng Mamm an als Kréinung vum Cortège d'Braut um Arem vun hirem Papp. Ganz zeremoniell huet de Festzuch sech duerch d'Stroosse vum Duerf bewegt bis an d'Näerdener Kiirch. Während der Mass, dee Moment wou d'Braut an de Bräitchemann sech d'Jowuert gin hun, huet d'Duerfjugend "Hoken" an der Gewan niewent der Kiirch ofgeschoss, datt een hätt kënne mengen, d'Ardennenoffensiv géif erëm ugoën.

Wéi no der Mass de Cortège - dës Kéier déi frësch bestuete Koppel un der Spëtzt - d'Kiirchentrap erofkoum, stoungen déi "äerdeg Kaméidisrnécher" um ënneschten Tratt, wou se e rout-wäiss-bloe Bändche gespaant haten. Si hun deër jonker Koppel vill Gléck gewënscht an hu mat zimlech verklausuléierte Riedwendungen dem Bräitchemann ze verstoë gin, dass hien hinnen dat schéinste Meedchen ewechgeholl hätt an datt dat hien elo deier ze stoë kéim. Du hu se him e groussen Hutt virun d'Nues gehalen an hu gutt opgepasst, wat e géing drageheien. Well ... déi Zäit war et nach Usus, dass e knauserege Bräitchemann de Scharribarri geschloë krut; an dat war fir dee Viséierten nët grad e Kompliment.

Mä de Menn war no der Estimatioun vun de "Feierwierksleit" mëtschgieweg genuch. Duerfir hu si hiirt Bändchen ewechgeholl an déi jonk Koppel konnt ënnert dem Bravoklatsche vun der Duerfjugend passéieren. Och déi folgend Koppelen hu misse blechen an esou huet de Gratulanten hiren Hutt sech bal bis uewenaus gefëllt. Elo hate si hir "Mouk" erëm gutt opgestockt.

Duerno goung den Houchzäitscortège op heemzou an d'Paller Strooss. Do gouf et erëm eng Iwwerraschung! D'viischt Dir war gespaart an eng Vertriederin vum Kichepersonal, dat de Festmenü präparéiert an den Dëschservice iwwerholl hat, huet en Hutt zur Fënster erausgereecht an ëm e klengt Drénkgeld fir sech an hir Mataarbechterinne gebiedelt, well et an der Kichen esou schrecklech waarm wir. Wat sollt de Bräitchemann maachen? Hien huet nammel misse laanscht d'Boxebee gräifen, fir och d'Kichepersonal zefriddenzestellen an domat d'Réussite vum Festiessen ze garantéieren.

Du gouf d'Dir opgespaart an de Gäscht den Apéritif offréiert. Op eemol huet et geheescht, déi ganz Gesellschaft sollt sech virum Atelier opstellen, well de Fotograf déi obligat Houchzäitsfoto wëllt maachen, déi no der Feier all Bedeelegten huet missen heemgeschéckt kréien. Duerno gouf d'Gesellschaft un den Desch komplimentéiert, wou et richteg zur Saach goung. A jiddereen huet et als selbstverständlech ugesin, dass esou eng hallef Dosen deër Plaën der Rei no opgedëscht goufen. Nom Dessert huet d'Brautpuer den Houchzäitskuch, op deem uewen en Houchzäitspäärchen "en miniature" getrount huet, opgeschnidden a jidderee gouf forcéiert nach e Stéck ze huelen, wann en och bal näischt méi ofkrut.

An deem Ablack koum e frieme Mann an d'Stuff eran an hat en iwwerdimensionale Pak an den Äärm, dee, wéi e sot mat der Post komm wir an un déi jonk bestuete Leit adresséiert wir. De Pak war esou gewalteg grouss, dass dee

geplote Messager en nët mat séngen zwéin Äärm ëmgräife konnt. Duerfir war e frou, wéi de Virbräitchemann him en endlech ofgeholl huet an hie sech erëm zrëckzéie konnt.

Du huet natiirlech jiddereen drop gedriwwen, dass de Pak gläich misst opgemaach gin. Dat huet dun och de Virbräitchemann gemaach an d'Virbraut huet him dobäi gehollef. Dee grousse Pak gouf lassgerass an du koum e bëssche méi e klenge Pak zum Virschäin. An esou goung et viru bis d'Stuff voll Pakpabeier louch an nach ëmmer soss näischt an de Päck fond gi war wéi erëm e Pak, deen eng Grëtz méi kleng war, wéi dee virigen. An esou goung dat ongeféier zwanzeg Mol bis um Enn e butzege Päckelchen um Dësch louch. A wéi deen opgemaach gouf, louch doran e winzeg klenge Poppebaby. D'ganz Houchzäitsgesellschaft huet applodéiert an huet deene jonke Leit dee Poppebaby offréiert an hinne gewënscht, dass si an engem Joër e richtege Baby an hirer Wéi doheem leien hätten.

No deem Duerchernee mat deene ville Päck a Päckelcher an deene Kéip Pakpabeier, waren d'Houchzäitsgäscht wiirklech frou, wéi de schwaarze Kaffi servéiert gouf an och en Digestif; eng Quetschen- oder Mirabellendrëpp aus Eegeproduktioun offréiert gouf. A geschwënn war jiddereen an der richteger Stëmmung, fir nach e Krack opzedréien.

De Koséng René huet du vun der Ambiance profitéiert, fir séng Houchzäitszeitung virzeliesen. Den "Zeitungsreporter" hat am viraus gutt recherchéiert an esou wousst e vun all Houchzäitsgaascht eng flott Anekdot, eng verwuerelt Geschicht oder eng gelungen Zeen aus séngem Liewen ze erzielen. An dobäi sin déck Knäll gefall, wann de Klatschreporter deen een oder deen aneren esou richteg op d'Schëpp geholl huet.

A kaum war de René mat sénger lëschteger Zeitung fäerdeg, du huet op eemol d'Braut Kreesch gedoën an de Bräitchemann huet verwonnert gekuckt, well e nët wousst, wat geschitt sollt sin. Do stoung urplötzlech de Virbräitchemann op séngem Stull an huet wéi en Triumphator séng Trophäe an d'Luucht gehalen. Hie war bei deem allgemengen Trawolt vu virdrun heemlech ënnert den Desch geklommen an hat an enger Iwwerraschungs-aktioun der Braut e Schong ausgestrëppt.

Elo gouf deen nom Prinzip vun enger “amerikanescher Stee” feelgebueden. Ee vun den Houchzäitsgäscht as mat engem Hutt dorëmmer gaangen a jiddereen, deen eng gewëssen Zomm op de Schong gebueden huet, huet déi och missen an den Hutt leën. De Bräitchemann huet missen um “Qui-vive” sin, dass keen him dat wertvollt Stéck virun der Nues géif ewechsteën. Duerfir huet hien ëmmer misse steën, wann den “Ausriffer” wollt zouschloën, well hie konnt sech jo nët als Knéckjang ofstempele loossen. Sou gouf dem Menn säi Portmonni ëmmer méi dënn.

Mä deen houfrege Bräitchemann sot sech: “Dat mécht näischt! Wann der Däiwel d'Kou huet, kann en d'Kallef och huelen!”

De Virbräitchemann huet sech mat sénger Stee nët zefridde gin, bis en ugeholl huet, dass e genuch “Mommes” hätt, fir all déi Tourneë kënnen ze bezuelen, déi d'Houchzäitsgesellschaft ëm den Owend op hirem Tur duerch d'Duerfwirtschafte bräicht. A jhust éier d'Houchzäitsgesellschaft sollt opbriechen, fir hire Flichttuer duerch d'Duerfbistroën ze maachen, koum d'Kächen mat engem verbonnenen Arem an d'Stuff eran an huet geklot, si hätt sech gutt verbrannt a misst onbedéngt “eng finanziell Plooschter” op den Arem kréien, soss kënnt si fir den Owend näischt kachen.

Dee “ruinéierte” Bräitchemann an déi gebeidelt Houchzäitsgäscht hun zwar nët ganz freedeg dragekuckt, wéinst deër éiweger Heescherei. Mä well s'et nët mam “Kichechef” verdierwe wollten a well se woussten, datt se de ganzen Owend de Portmonni nët méi bräichten opzemaachen - de Virbräitchemann hat jo genuch Mënz an der Täsch, fir de Verzier vum ganzen Owend ze bezuelen - hu se gedëlleg wéi Schof hir lescht Spéin zesummegegrimmelt an dem Virbräitchemann an den Hutt geluegt. Deen huet dun deër héich zefriddener Kächen de ganze Schrom iwwerreecht an duerop d'Gesellschaft gebieden, sech, sou wéi de Programm et virgeséich, erëm dobaussen opzestellen, fir den Tur duerch d'Wirtschaften unzetrieden.

An dat ware fënnef Stéck, vun deene keng huet dierfen ausgelooss gin; a 4 hu misse virum Nuechtiessen erduerch sin. Obschon bal kee Mënsch méi hongreg war - vum Duuscht scho guer nët ze schwätzen - war d'Nuechtiessen dach fir jiddereen “de rigueur”. Et gouf gefléift an et gouf gesot, jidderee sollt alt nach e bëssche verdrécken, fir der Käche keng Schan ze maachen a fir deen Honger, deen nach kéim.

Nom Eessen, - et war schon zimlech spéit, as d'ganz Gesellschaft an déi fënneft Wiirtschaft dirigéiert gin, nämlech an d'Schmattenhaus, wou de Bräitchemann a säi Koséng jo nach viru siwen, aacht Méint verstoppt waren. Mä elo huet kee méi un déi verdrësslech Zäit geduecht an d'Stëmmung as op hiren Héichpunkt geklommen. Am Eck vun der Wiirtsstuff soutz den Demy vu Sténgefort an huet Danzmusek op sénger Bretellsharmonika gespillt, dass et eng Gellecht war. An op eemol hu s'all gedanzt - och déi eeler Semesteren - dass d'Schinne gepaff hun. A well den Demy déi bekannt al Lidder aus der Virkrichszäit zum Beschte gouf, wéi: Du treuer Husar; O Donna Clara ... iewer och e puer aus dem Krich, wéi; d'Lily Marlen; It's a long way to Tipperary ... hun déi ugeheitert Leit matgesongen, dass et duerch d'ganz Duerf geschaalt huet.

Déi frësch bestuete Koppel huet nach en etlech Stonne matgemëscht, well d'Gäscht dat esou gewënscht hun. Si hun, nodeem se den éischten Tur matenee gedanzt haten, och mat deenen aneren Houchzäitsgäscht rondëm gedréit, well dat esou Brauch war. Fir iewer deenen opgezwongene Verpflichtungen lass ze gin, hun déi zwee sech op eemol heemlech verzun a sech an hire geheime Nuetsquartéier, deen nëmmen dem Menn sénge Schwéierleit bekannt war, zréckgezun. Nëmmen esou ware se sécher, nët vun deene muttwëllegen an ugeschossenen Houchzäitsgäscht iwwerrascht ze gin, déi jo nëmmen drop aus waren, déi jonk Koppel ze lästeren an ze pisacken.

Déi zwee jonker Leit woussten, dass se nët laang kënnten eleng sin, well och deen aneren Dag eng traditiounsgebonne Verpflichtung hir Präsenz verlaangt huet. An der Kiirch gouf nämlech eng Mass fir déi Verstuerwe vun deenen zwou Familje gehalen. Wann déi jonk Koppel moiës och nach guer nët a Form war a se allen zwee gegaapst hun, wéi klor rosen, gounge se dach mam gudde Beispill vir a ware mat deenen éischten an der Kiirch. Och déi meescht Houchzäitsgäscht waren opkomm an hun der Mass bäigewunnt. No der Mass an nom Besuch um Kierfecht, wou d'Brautleit d'Griewer vun hire jeweilege Grousselteren an och nach dat vum Menn séngem Papp opgesicht haten, hu se sech mat deenen aneren Houchzäitsgäscht erëm am Houchzäitshaus afond, fir bei engem Apéritif op d'Mëttegiessen ze waarden.

Du huet et sech erausgestallt, dass déi jonk bestuete Koppel dach nët esou gelënd ewech kéim, wéi se sech dat virgestallt hat. Der Oma aus dem Bäckesch-

haus hire Brudder hat sech nämlech och um Apéritif afond an dat hat séng gutt Grënn. An deem séngem Haus haten déi jonk Leit hir Houchzäitsnuecht verbruecht. De Groussmonni war e regelrechte Flautert, deen a séngem Liewe schon d'hallef Welt ëm d'Oure geschloën an e gudden Deel vun sénger Existenz an Amerika verbruecht hat.

Hien hat derfir gesuergt, dass séng Fra d'Bett fir déi frësch bestuete Koppel mat ganz alen, dënnen an zerschlassene Bettdicher géif opzéien. An du koum natiirlech, wat hie gär gehat hätt. Moiës, wéi déi jonk Leit aus dem Bett geklomme sin, waren d'Bettdicher zerfatzt a fauschtdéck Lächer dra gestruewelt.

Dat huet de Groussmonni elo genësslech erzielt an allerlee Fantasibiller ëm dat zerrassent Bettgezei gesponnen. An du gouf déi jonk Koppel dach nach gehéireg vun den Houchzäitsgäscht gezun a gehänselt. D'Ausgeloossenheet an de Furi hu sech iewer erëm geluegt, soubal se erëm all beim gudde Maufel um Desch soutzen.

## Houchzäitsrees an Opbroch an eng nei Zoukonft

Am Nomëtteg hun déi jonk Leit hir Waliss gepaakt, hun deenen etlechen Houchzäitsgäscht, déi nach um Nuechtiesse bleiwe wollten, Äddi gesot a sin du mam Monni vun Arel op "d'Knippchen" dorobber gefuer, wou se déi nächst Nuecht verbruecht hun. Den zweeten Dag no der Houchzäit si se dunn op Bréissel gefuer, wou eng Tata hinnen en Openthalt fir eng Woch ugebueden hat. Dem Menn a sénger Fra hir Houchzäitsrees huet also an d'belsch Haaptstad gefouert. Dat war zwar nët aus der Welt eraus, mä et gouf trotzdem "eng laang Rees". Den Zuch huet deemols "sage und schreibe" sechs Stonne vun Arel aus gebraucht.

D'Infrastruktur op deër am Krich méi wéi eemol bombardéierter Streck war an engem desolaten Zoustand an déi meescht Brécke waren zerstéiert an eréischt provisoresch zesummegefléckt gin. Den Zuch huet also lues misse fueren an esouguer dacks stallhalen, fir de Géigeverkéier laanscht ze loossen, well verschidde Streckenofschnëtter nach nëmmen eegleiseg ze befuere waren.

Ma ëmmerhin konnten déi jonk Leit eng Woch laang bei hirer Famill ausspanen an d'Strapaze vun dër leschter Zäit vergiessen. Zugläich iewer konnte se déi verstoppte Kuriositéite vu Bréissel opsichen, wat ganz interessant a léierräich war.

Geschwënn iewer huet d'Realitéit si erëm ageholl, well ee gudde Moiën en Telegramm ukoum, wouran et geheescht huet, de Menn wir als Schoulmeeschter op Äischen ernannt gin.

A well et nëmme méi e puer Deg bis zum Ufank vun deem neie Schouljoër waren, hun déi zwee Vakanzler Hals iwwer Kapp missen apaken an heemfueren. Schliisslech huet nach vill Organisatiounsaarbecht op si gewaart, ënner anerem: sech op deër neier Plaz virstellen, no enger Wunneng sichen, fir dann endlech, no deene schreckleche Joëren vu Leed, Verfolgung an Terror en neit Liewen a Fridden a mat neie Perspektiven unzefänken.

